

	<b>48<sup>e</sup> séance</b>	<b>Présidence</b>
	Mercredi 5 juin 2002	<b>M. Jean Spautz</b> , Président <b>M. Niki Bettendorf</b> , Vice-Président <b>M. Willy Bourg</b> , Vice-Président

**Ordre du jour**

Projet de loi 4887

1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension;
2. portant création d'un forfait d'éducation;
3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

Proposition de loi 4879 de M. Lucien Lux portant introduction d'un forfait d'éducation et modifiant la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales

Interpellation de M. Gast Gibéryen au sujet des systèmes de pension

*(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Amendements - Votes - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

*(Début de la séance publique à 14.30 heures)*

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Mat-deelungen ze maachen?

*(Négation)*

Dat ass net de Fall.

Haut de Mëtteg hu mer op eiseem Ordre du jour de Projet de loi 4887 iwwert d'Upassung vun de Renten zesumme mat der Proposition de loi 4879 vum Här Lucien Lux iwwert d'Aféierung vun engem Erzéiungsforfait an der Interpellatioun vum Här Gast Gibéryen iwwert d'Pensiounssystemer. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluegt.

Den Ordre du jour gëtt en tout cas - egal wéi spéit, dass et gëtt - an der Sitzung vun haut ofgeschloss. D'Riednerlésch gëtt elo gläich verdeelt an da géing ech dem Rapporteur vum Projet de loi, dem honorablen Här Niki Bettendorf, d'Wuert ginn. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

**Projet de loi 4887**

- 1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension;**
- 2. portant création d'un forfait d'éducation;**
- 3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti**

**Proposition de loi 4879 de M. Lucien Lux portant introduction d'un forfait d'éducation et modifiant la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant**

**les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales**

**Interpellation de M. Gast Gibéryen au sujet des systèmes de pension**

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

**M. Niki Bettendorf (DP), co-rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer zu dësem Rapport zwou, dräi Bemierkungen ze maachen.

Fir d'éischt ass et fir mech eng grouss Éier, dëse Rapport däerfe virstellen. Ech war och ee vun deenen, déi mat um Rentendësch souzen, an et wor guer net esou einfach, zu dem heutege Resultat ze kommen. Et kribbelt mer zwar fir zu ville Punkte Bemierkungen ze maachen, mä ech wäert versichen, hei strikt d'Aarbechten aus der Kommissioun erëmzeginn.

Wat d'Presentatioun vum Rapport ubelaangt, hu mer ons d'Aarbecht opgedeelt. Ech maachen den Deel "Renten" an de Jean-Marie Halsdorf dann de Volet "Forfait d'éducation" an den "RMG". Ech muss soen, dass an der Kommissioun an enger exzellenter Atmosphär d'Diskussioun sachlech gefouert goufen. Och d'Berufschamberen an de Conseil d'Etat hunn an ugemessener Zäit hir Avisen eraginn, esou dass an dëser Chamberwoch, wahrscheinlech haut, dëse Projet kann, am Intérêt vun de Pensionéierten, évacuéiert ginn. Ech muss awer besonnesch engem Fonctionnaire aus der Chamber, dem Martin Bisenius, e grouss Merci soe fir seng exzellent Prestatioun. Hei am Plenum ginn ëmmer d'Rapporteurs ernimmt, mä hire Mérite ass awer och dee vun hire Mataarbechter.

Här President, de Rapport ass agedeelt a fënnf Kapiteln. Am éischte Kapitel behandle mer d'Antécédenten an déi parlamentaresch Aarbechten. Mir weisen op d'Evolution vum der Pensiounsgesetzgebung hin a sträifen d'Regierungserklärung vum 12. August 1999. Mir ginn an op d'Etüd vum BIT, dem Bureau international du travail, an natierlech och op de Rentendesch.

Am zweete Kapitel ginn d'Objektiver an den Inhalt vum Projet de loi belicht. Am drëtte Kapitel kucke mer wat an den Avisen vum de Berufschambere steet a méi speziell kucke mer d'Avisen vum Conseil d'Etat. Am véierte Kapitel maache mer d'Analys an d'Commentaire vum Projet. Schlussendlech, am Kapitel fënnf, gëtt den Text vum Projet de loi presentéiert esou wéi en an der zoustänneger Chamberkommissioun zréckbehalen gouf.

Här President, zum éischte Kapitel: d'Antécédenten an de parlamentareschen Aarbechten, muss een d'Regierungserklärung vum 12. August 1999 ernimmen. Op dës Erklärung hin huet nämlech d'Regierung dem BIT den Opdrag ginn eng Analys ze maachen, wat déi actuariell a finanziell Evolution vum eise jëtzege Pensiounsregime ubelaangt. Dës wor den Ufank zu den Aarbechten, mä och schonns an de Jore virdru sinn Etüde gemaach ginn.

Am Mee 1990 huet d'Regierung d'Analyse du niveau des pensions du régime contributif d'assurance pension publizéiert. De 27. Oktober 1995 huet d'Inspection générale vum der Sécurité sociale eng Etude actuarielle vum der Pensiounsregime erausginn an d'Regierung huet d'Sozialpartner op eng Table ronde den 31. Januar 1996 invitéiert, fir iwwert dës Etüd ze diskutéieren.

Elo zréck zur BIT-Etüd. An eiser Chamberkommissioun si mer regelméisseg vum Minister Carlo Wagner a vun den Expäerten vum BIT au courant gehale ginn, wéi hir Aarbechte virukomm sinn: Eng éischte Kéier, de 26. Juni 2000, eng zweete Kéier, de 26. Oktober 2000, wou mer en Zwëscherapparat presentéiert kruten. De Schlussrapport gouf eis de 15. Februar 2001 presentéiert.

Zur gläicher Zäit gouf eis den 21. Februar 2001 d'Etüd vum Price Waterhouse Coopers virgestallt mat Resultater wat de Placement vum der Reserve vum der Pensiounskeessen ubelaangt. Ech brauch net extra hei ze betounen, dass mer all frou waren ze gesinn, dass iwwert de Wee vu besserer Placementer zousätzlech Suen an d'Fongen dobäi kënne kommen, an dat ouni Risiko anzegoen.

Den 10. Mee 2001, a senger Deklaratioun iwwert den Etat de la Nation, huet eise Premier op de Rentendesch invitéiert. Dës Rentendesch gouf vum Sozialminister Carlo Wagner presidéiert. E wor zesummegezat mat de Verrieder aus de Fraktiounen vum Parlament, de Syndikater an der Patronatsorganisatioun der UEL. No néng Réuniounen huet de Rentendesch de 16. Juli 2001 säi Schlussrapport gemaach an de Minister huet den 13. Dezember 2001 de Projet de loi 4887 an der Chamber deponéiert.

Iwwert dës Gesetzesprojet ginn elo déi Konklusiounen gesetzlech verankert, déi de Rentendesch a senger Schlussdeklaratioun, de 16. Juli 2001, zréckbehalen hat. Zousätzlech zum Gesetzesprojet huet den honorablen Deputéierte Lucien Lux de 4. Dezember 2001 seng Proposition de loi 4879 déposéiert, an dat als Konterpropositioun zum Regierungstext a puncto Forfait d'éducation.

Fënnf Berufskummeren hunn hiren Avis ofginn, mat zousätzlech enger Stellungnahme vum Comité du travail féminin. Ech kommen nach op dës Avisen zréck, ech wëll just festhalen, dass och heibäi d'Proposition de loi belicht ginn ass. De Conseil d'Etat huet säin Avis zum Projet an der Proposition de 16. Abrëll ofginn an zousätzlech huet de Conseil d'Etat dës 14. Mee en Avis complémentaire zu de parlamentareschen Amendementer gemaach.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun ass nach ze soen, datt de Minister Carlo Wagner eis de Volet "Adaptatioun vum der Pensiounen" virgestallt huet, während d'Familljeministerin d'Mme Marie-Josée Jacobs den Deel "Forfait d'éducation" an d'Ännerungen vum der RMG-Gesetzgebung behandelt huet. Dat mannst wat ee ka soen ass, datt mer en déif gehenden Débat gefouert hunn, wat dësen Deel vum Projet de loi ubelaangt.

En interessante Beitrag am schrëftleche Rapport beschreift d'Entwécklung vum der Assurance-pension an de leschte véierzeg Joer. Mat dem heitege Projet hunn ech zwanzeg Gesetzer gezielt, ouni op déi parallel Ännerungen an anere Gesetzer anzegoen. Als Rapporteur hunn ech heizou keng Kommentaren ze ginn. Dir erlaabt mer awer feststellen, dass, wat d'Renten an d'Pensiounen ubelaangt, bis haut d'Chamber ëmmer gutt mat Aarbecht agedeckt wor. An hirer Erklärung vum 12. August 1999 hat d'Regierung zréckbehalen, datt hir Prinzipiepropositioun, de Finanzement vum System ze garantéieren, Adaptatiounen net géif ausschléissen, virun allem wat déi sou genannten Hongerrenten ubelaangt. Dat sollt net iwwert de Wee vum der Assurance-pension geschéien, mä iwwert d'national Solidaritéit, also de Statsbudget.

Am Kader vum Finanzéquilibr vum Pensiounssystem op laang Siicht, hat d'Regierung eng Etüd virgesi vun in- an auslänneschen Expäerten. D'Konklusiounen sollt virun Enn 2001 gezu ginn. De Bureau international du travail gouf mat der Expertise chargéiert, a schonns de 15. Februar 2001 krut d'Chamberkommissioun déi fäerdeg Etüd vum Minister vum der Sécurité sociale, dem Här Carlo Wagner, virgestallt. Dës Etüd ass ganz sécher e wichtigen Outil de travail, deen eise Rentensystem richteg belicht huet. Et ass och e voluminéis Dokument a seng Virstellung am Kader vum dësem Rapport ass net méiglech. Ech erlaabe mer awer e puer wichtigen Iwwerleeungen aus der Etüd ze zitéieren.

1998 hate mer 1.687 Milliounen Euro Recetten an 1.444 Milliounen Euro Dépenses. Enn 1998 hate mer 3.400

Milliounen Euro Reserven an Enn 2000 4.151 Milliounen Euro Reserven, Tendenz steigend. An der Etüd steet: "Le système accumule actuellement une réserve grandissante et présente aussi un niveau relatif de la réserve en augmentation. Il peut ainsi être dit que le système est actuellement financièrement solide et bien géré."

Mir ginn awer och drop higewisen, datt déi relativ héich Zuel vun Assurés inactifs an d'Zuel vun den assurée Frontalieren, ech zitieren: "... pourraient éventuellement amener des problèmes financiers". Aus dësem Kontext eraus stellt de BIT fest, datt d'Vulnérabilitéit vum Regime vun der Ofhängegkeet vun de Frontalieren hierkënnt.

Dann huet de BIT op laang Zäit actuariel Evaluatiounen gemaach, ausgoend vun zwee Szenarien: Den optimisteschen, deen op en ekonomesche Wuesstum vu 4% baséiert, esou wéi mer en zënter Jorzéngte kennen, vun 1953 u sinn et 4,25%; de pessimistesche Szenario ass deen, deen op eng jährléich Croissance vun ongeféier 2,1% vum PIB tabléiert.

Och de BIT weess net wat fir eng Hypothees déi richteg ass. D'Wouerecht, seet en, kënnt och an der Métt leien. De BIT erënnert ons dru wéi déi eenzel Parametere zesummespillen. Parametere wéi wirtschaftleche Wuesstum, Produktivitéit, Paien an de Präisindex, d'Immigratioun, d'Zuel vun de Frontalieren, déi national Main-d'oeuvre an awer och d'Aarbechtszäit. Wéi déi zukünftég Realitéit wäert ausgesinn, weess de BIT net. Si soe selwer si wiere keng Wahrsager. An hirem Ofschlosskapitel steet folgend Konklusioun, an ech zitieren: "Les calculs sous le statu quo montrent que la situation financière du régime général d'assurance-pension du Luxembourg est saine", awer sinn d'Auteuren der Meenung "... qu'il y a nécessité d'une consolidation structurelle à long terme". Schlussendlech recommandéiert de BIT der Regierung, fir déi ablécklech Excédents an déi grouss Reserven net fir Pensiounsverbesserungen ze gebrauchen, well souguer am optimisteschen Szenario no 2020 d'Ausgaben net méi kënnten iwwert de Wee vun de Cotisatiounen bezuelt ginn.

Här President, ech muss och kuerz op de Rentendesch agoen. Als Folleg zu der Regierungserklärung a méi speziellesch zu der Ausso vum Premier am Kader vu senger Ried zur Lag vun der Natioun, den 10. Mee 2000, koum et zum Rentendesch. Néng Mol gouf sech do getraff, ënnert dem Virsätz vum Minister vun der Sécurité sociale. Et hunn och drun deelgeholl, de Finanzminister, e puer Mol, d'Mme Ministerin vun der Famille ...

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.** - De Budgetsminister.

**M. Niki Bettendorf (DP), co-rapporteur.** - De Budgetsminister, richteg. Merci, fir d'Rectificatioun. Finanzen a Budget sinn zwou verschidde Saachen. Här Lux, ech soen lech merci fir déi kleng Rectificatioun.

Ech mierken, dass effektiv opgepasst gëtt an dat ass scho ganz wichteg, dass hei an der Chamber opgepasst gëtt op dat wat ee seet.

**Une voix.** - Dir hutt dat express gesot, fir dat ze kontrolléieren.

**M. Niki Bettendorf (DP), co-rapporteur.** - Neen, esou affrontéiert sinn ech net.

**M. Marcel Glesener (CSV).** - Wann esou eng Perséinlechkeet wéi Dir hei schwätzt!

**M. Niki Bettendorf (DP), co-rapporteur.** - Dat kënnt Der net vu mir denken.

An der Ofschlossdeklaratioun vum 16. Juli 2001 gouf e Pak Mesuren zréckbehale mat engem jährléche Käschtpunkt vu fënnef Milliarden al Lëtzebuerger Frang pro Joer. Dem Rentendesch seng Aarbechten hu baséiert op der BIT-Etüd an awer och op der Etüd - an dat wëll ech ervirsträichen - vu Pricewaterhouse Coopers, wat d'Politik vun de Placenter a vun de Geldreserven ubelaangt.

De Rentendesch ass op d'Recommandatioun vum BIT agaangen, deen op d'Interdependenz vu wirtschaftlechem Wuesstum, der demographescher Entwécklung an der Garantie vum Finanzéquilibr vum Rentensystem higewisen huet. D'Vertreieder um Rentendesch hu kloer zum Ausdrock bruecht, dass verschidde Moosnamen missten zréckgeschrauft ginn, sollt et sech erweisen, datt déi jährléich gebrauchte Gelder als Folleg hätten, dass d'Reserven ënnert 1,5 Mol déi néideg Ausgabe géife falen an domat e Finanzement op Dauer net méi garantéiert wär.

Genau esou kloer ass gesot ginn, datt dat Zréckschrauwen net gëllt fir déi Moosnamen, déi geholl gi sinn en faveur vun de klengen Renten. Eng weider Moosnam, déi d'Regierung geholl huet als Folleg vun der Ofschlossdeklaratioun vum Rentendesch, wor d'Asetze vun dräi Aarbechtsgruppe fir Analysen an dräi verschiddenen Domänen ze maachen.

Dat eent ass d'Individualisatioun vun de Pensiounsrechter. Zweetens, alternativ a komplementär Finanzéierungsméiglechkeeten an drëttens, d'Determinatioun vun de Pensiounen am Kader vun de sou genannte Carrières dynamiques. Dës Gruppe sollen d'selwecht besat gi wéi de Rentendesch, just am éischte Grupp kommen d'Vertreiederinne vum Conseil national des femmes dobäi.

Ech kommen elo zum zweete Kapitel: d'Objektiver an de Contenu sommaire vum Projet de loi.

Här President, ech gi kuerz op dëst Kapitel an, an zwar zënter Jorzéngte gëtt zu Lëtzebuerg debattéiert iwwert d'Differenzen, déi et gëtt, tëscht Privatsecteur an dem

Secteur public. D'Konvergenz vun de Regimer wor eng Konstant vun den Diskussiounen zum Projet. Och no der Aféierung vun de Régimes transitoires am Secteur public iwwert d'Gesetz vum 3. August 1998 gëtt et nach während laange Joren Ënnerscheeder an d'Syndikater aus dem private Secteur verlaange weider strukturell Verbesserungen.

Eise Premier seet: "Mir hunn elo zwou Méiglechkeeten: Déi eng, weiderzefuere wéi bis elo an ze mengen d'Essenz vun all Politik wieren d'Renten an d'Pensiounen oder all zesumme féiere mer den Débat op eng objektiv Aart a Weis, ouni d'Zukunft ze hypothekéieren, an da mussen déi Adaptatiounen geholl ginn, déi mëttel- a laangfristeg ze finanzéiere sinn."

Um Rentendesch gouf vill iwwert d'Ënnerscheeder diskutéiert, déi bei deenen Assuréeen, déi en héije Revenu hunn, besonnesch héich sinn. Awer hei muss och den Zousazpensiounen Rechnung gedroe ginn, déi et um Niveau vum Privatsektor bei villen Entreprisë gëtt an dat besonnesch am Bankesektor.

De Rentendesch war der Meenung, datt déi ekonomesch Situatioun vum Land gutt ass an datt Verbesserungen méiglech sinn ouni d'Gläichgewiicht vun de Keessen a Gefor ze bréngen.

Dofir huet de Rentendesch proposéiert, eng méi grouss Konvergenz tëschent de Regimer a méi eng generéis Distributioun bei de klengen Pensionen. Hei wëll ech drun erënneren, datt dës lescht Moosnam, dat heescht, méi eng generéis Distributioun bei de klengen Pensiounen, schonn an der Regierungserklärung vun 1999 stong.

Am Résumé goufe folgend Mesurë geholl:

Et gouf Adaptatiounen am Régime général an an de Spezialpensiounsregimer, an zwar kouw et zur Erhéijung vun de Majorations forfaitaires vun 11,6%. Et kouw zu der Erhéijung vun de Majorations proportionnelles vun 3,9%. A wann ech soen "koum", dann ass dat net richtig, well et "kënnt" eréischt dozou, wa mer dëst Gesetz gestëmmt hunn.

Et kënnt zu der Aféierung vun enger Allocation de fin d'année.

Et gouf eng Valorisation vun der Kannererzéiung iwwert de Wee vun der Aféierung vun engem Forfait d'éducation an der Revisioun vun den Dispositiounen fir d'Babyjore virgeschloen.

Et kënnt och zu enger substantzieller Verbesserung vun de klengen Pensiounen, an zwar iwwert de Wee vun der Erhéijung vun de Mindestrenten, zur Verbesserung vun den Iwwerliewensrenten an zu Verbesserungen am RMG-Gesetz.

Ech kommen elo zu den Avise vun de Chambres professionnelles.

Dat ass dat drëtt Kapitel vum schrëftleche Rapport. Ech wëll déi hei nach kuerz résuméieren.

D'Chambre d'Agriculture begréisst d'Verbesserungen am Régime général a besonnesch d'Verbesserungen wat déi kleng Pensiounen ubelaangt, besonnesch well, wéi si seet, praktesch all hir Memberen nëmme Mindestpensiounen hätten.

D'Chambre vun de Fonctionnaires an den öffentleche Beamten ass zefridden, datt et zu engem Accord um Rentendesch kouw, seet awer, datt de Projet sech net ëm d'Rechter vun hire Membere bekëmmert, déi am sou genannte Régime transitoire sinn.

D'Chambre de Travail huet hiren Accord den 8. Februar ginn an huet hir Satisfaktioun ausgedréckt iwwert d'Asetze vun den Aarbechtsgruppen. Méi speziell huet se sech mat der favorabler Hypothese, déi vun engem järeleche Wuesstum vum 4% vum PIB ausgeet, ausernaner gesat. Si weist drop hin, datt dës Wuesstum fir Lëtzebuerg näischt Aussergewöhnlech wier. Vun 1953 bis 2001 ass dës Wuesstum 4,25%.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers ginn déi negativ Haltung erëm, déi vun der Patronatsorganisatioun um Rentendesch ageholl gi wor. Si regretéieren, datt de Recommandatioun vum BIT net Rechnung gedroe ginn ass. Si sinn der Meenung, datt déi beschlossene Mesuren um Rentendesch eng iwwerdriwwene Charge fir de Rentensystem duerstellen a kënnen dofir hiren Accord zum Projet net ginn.

D'Berufschamber vun de Privatbeamten huet en ausféierlechen Avis ausgeschafft. Si gëtt hiren Accord zum Projet de loi, kritiséiert awer, datt de Carrières dynamiques net Rechnung gedroe ginn ass. Dozou - an dat muss besonnesch ernimmt ginn, well si huet eng Fläissaarbecht gemaach - huet se an engem zweeten Deel vun hirem Rapport Propositionen gemaach iwwer eng strukturell Reform, kombinéiert mat enger Promotioun vum "vieillessement actif".

A sengem Avis vum 16. Abrëll 2002 gëtt och de Conseil d'Etat säin Accord zum Projet de loi. Et gëtt awer bedauert, datt de Recommandatioun vu Virsicht vum BIT net méi Rechnung gedroe ginn ass. Genau wéi de BIT weist en op d'Sensibilitéit vum System hin, wann et zu Changementer am ekonomeschen Ëmfeld kënnt, a weider weist de Conseil d'Etat och op d'Vulnerabilitéit vun eiser nationaler Economie vis-à-vis vun de Frontalieren hin. Déi Héich Kierperschaft erkennt och un, datt déi Mesuren, déi geholl ginn, elo zu enger méi grousser Konvergenz tëschent de Regimer féieren. Et bleift fir de Conseil d'Etat ze hoffen, datt keng Regierung an der Zukunft obligéiert gëtt hei zrëckzeschrauwen. An dësem Kontext duerfen d'Recetten net negligéiert an d'Fongemusse beschteens placéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Kapitel 4 vum schrëftleche Rapport betrëfft d'Analys an de Commentaire vum Projet. Wat sinn déi finanziell Folge fir de System, an zwar déi direkt Käschten an och déi fir spéider?



D'Majorations proportionnelles a proportionnelles spéciales vun 3,9% kaschten an engem volle Joer 48,9 Milliounen Euro.

Déi speziell Mesure wat d'Incitatioun ubleangt nach no 55 Joer schaffen ze goen, obschonn een 38 Joer kotiséiert huet, kascht 2,6 Milliounen Euro.

De Relèvement vun de Majorations forfaitaires an de Majorations forfaitaires spéciales vun 11,6% kascht an engem volle Joer 33,4 Milliounen Euro.

D'zousätzlech Augmentatioun vun de Mindestrente kascht 5,1 Milliounen Euro.

D'Allocation de fin d'année kascht 33,4 Milliounen Euro, an den Allègement vun den Antikumulbestëmmungen 10,3 Milliounen Euro.

Dat mécht zesummen en Total fir e ganz Joer vun 133,7 Milliounen Euro, Index 603,15.

Här President, am selwechte Kapitel 4 maache mer de Commentaire vun den Artikelen. Ech ginn nëmme ganz kuerz op déi eenzel Punkten an aus zwou Ursachen. Dat hei ass eng ganz technesch Matière, déi nëmme vun e puer Spezialiste beherrscht gëtt, an et bréngt ons hei an der Chamber bei eisen Diskussiounen keng zousätzlech Explikatiounen.

Als Intitulé hat de Conseil d'Etat en aneren Text proposéiert, mä eis Kommissioun ass beim Regierungstext bliwwen, deem eis méi explizit schéngt.

Op de Punkt 1 am Artikel 1 ginn ech net an, dat ass fir de Jean-Marie Halsdorf.

Am Punkt 2 gëtt déi Dispositioun ofgeschaaft, déi et engem erlaabt huet, d'Alterspensioun net mat 65 Joer, mä eréischt mat 68 Joer ze huelen, an dat aus zwou Ursachen:

- a) Et gouf vun dëser Moosnam, bis 68 Joer schaffen ze goen ouni Pensioun, kaum Gebrauch gemaach.
- b) Zwee verschidden Taux de majoration géifen zu technesche Schwierigkeete féieren.

Ënner Punkt 3 stinn déi wichtegst Ännerungen. Et sinn och déi, déi dem Pensionéierten eppes bréngen.

Ech hu scho gesot, datt d'Majorations proportionnelles 3,9% an d'Luucht ginn. Dat mécht 1,85% vum Total vun de Verdéngschter oder Revenus cotisables. Dësen Taux ass bis elo 1,78% gewiescht. Fir d'Berechnung vun de Majorations proportionnelles zielen d'Periode vun der obligatorescher Assurance, d'Periode vun Assurance continue an Assurance facultative an awer och de Rachat rétroactif.

Am selwechten Artikel 214 vum CAS gëtt dann déi Mesure agefouert, déi den Assuré soll encouragéiere méi laang schaffen ze goen. Zum Beispill 38 Joer geschafft, 55 Joer al, dat gëtt déi magesch Zuel 93.

Wann een dann nach weider schaffe geet, kann ee seng Pensioun substanzuell verbessern. De Conseil d'Etat hat do eng méi restriktiv Approche virgesinn. D'Chamberkommissioun ass awer beim Regierungstext bliwwen.

De Punkt 7 gesäit d'Aféierung vun der Allocation de fin d'année vir. 511 LUF pro geschafften Joer, bei 40 Joer mécht dat 20.430 LUF oder haut 506,45 Euro aus, an dat indexgebonden. D'Allocatioun kritt och de Conjoint survivant, genau wéi den Haaptbénéficiaire.

Och bei der sou genannten "Tochterrente" gëtt dës Mesure proportionell ugewannt. Schwierigkeet gouf et mat der steierlecher Erfassung vun dëser neier Prestatioun. Obschonn datt see eemoleg Enn dës Joers ausbezuel gëtt, fällt d'Allocatioun net ënnert de Barème vun de Prestations non périodiques, mä gëtt Mount fir Mount theoretesch ofgerechent no dem normale Steuerbarème.

Am Paragraph 2 ginn déi forfaitaire Majoratiounen gehéicht, an zwar ëm 11,6%. Dat hei ass déi Mesure, déi de gréissten Impakt huet op déi kleng Pensiounen, déi op kleng Revenuë baséieren.

Iwwert den Artikel 2 ginn d'spezial Pensiounsregimer aus der Fonction publique ugepasst, fir de Parallelismus mat dem Régime général hierzustellen.

Ënner Punkt 9 gëtt d'Mindestpensioun op 1.185,57 Euro gehuewen amplaz vun 1.108,10 Euro bis elo. Dat ass eng Augmentatioun vu 77,47 Euro.

De Punkt 10 ass wichteg fir de Conjoint survivant. Hei gëtt an Zukunft déi integral Mindestpensioun ausbezuel. Haut ginn dat 1.185,57 Euro, wat eng Augmentatioun vun 286,78 Euro duerstellt, also eng substanzuell Hausse vun 32%.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domadder kommen ech zum Schluss vu mengem Rapport. Ech hunn 30 Minutten. Ech mengen, ech hunn déi esouwäit ausgenotzt. Ech hu fir eng Kéier vill franséisch Ausdréck gebraucht, esou wéi se an onser Sécurité sociale Usus sinn. Ech entschëllege mech, well ech net ëmmer déi entsprecheend Lëtzebuurger Ausdréck fonnt hunn, mä eis Gesetzter sinn halt op Franséisch geschriwwen.

Ofschléissend, a fir datt et kee Mëssverständnis gëtt, déi nei Pensiounen gi réckwierkend op den 1. Mäerz 2002 ausbezuel. Mir mussen natierlech de Keessen eng Chance gi fir déi nei Pensiounen ze rechnen. Mir sinn haut de 5. Juni a wa mer de Juli déi nei Pensiounen kënnte kréien, dann hunn d'Fonctionnaires do eng ganz gutt Aarbecht geleescht.

Dir Dammen an Dir Hären, als selwer Privatbeamten en retraite wëll ech allen e grouse Merci soen, déi zum Geléng vun dësem Projet de loi bäigedroen hunn an ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass deen zweete Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf, agedroen. D'Wuert huet den Här Halsdorf.

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), co-rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, "En hausfrae-frëndleche Virstouss"; "Hausfraen a Renten"; "Emanzipatioun vun der Fra gëtt et nëmmen, wann d'Fraen, déi doheem hir Kanner erzéie wëllen, mat anere Beruffer gläichgestallt ginn."; "3.000 Frang - brutto oder netto?"; "Erzéiungszoulag ass eng Familljenzoulag"; "D'Babyjoren ass eng rentepolitesch Moosnam, hei muss e kloeren Trennungsstréch gezu ginn."; "D'Erzéiungsaarbecht vun alle Frae muss honoréiert ginn."; "Wat e bürokrateschen Opwand!"; "Et ass eng Fro vun elementarer Gerechtegkeet géintiwwer vun Dausende vu Fraen, déi sech exklusiv der Erzéiung vun hire Kanner gewidmet hunn."; "Mir däerfe keng Mamme mat engem Renteproch ausschléissen, dëst wär géint de Prinzip vun der Egalité devant la loi." - Dëst sinn alles Iddien a Feststellungen, déi an dem leschte Joer an der Press ze liese waren.

Et ass ongeféier e Joer, dass déi Problematik diskutéiert gëtt. Do si besser a manner gutt Iddien dobäi, mä se weisen d'Komplexitéit vun deem ganze Beräich. Mä och d'Tatsaach, dass mer mat dëser neier Leeschtung, dem Forfait d'éducation, iwwert deen ech hei schwätze wëll, op Neiland treffen, huet och déi ganz Diskussioun net méi llicht gemaach. D'Problematik vun de Babyjoren aus dem Joer 1988 huet iwwer méi wéi e Joerzéngt évoluéiert a gëtt och mat dësem Gesetz ugepasst. Souguer d'Fleegeversécherung läit och op dem Leescht, an déi nei Erfahrung wäerten och an engem neie Projet de loi, deen déposéiert wäert ginn, afléissen. Schliesslech huet och am leschte Joerzéngt d'Steierpolitik am Familljekontext évaluéiert. Sait 1992 gouf de Kannerabattement erofgesat an d'Répercussiounen op eis global sozial Familljepolitik sinn och sécherlech do.

Mir bewegen eis also hei an engem komplexe Beräich, wou et schwéier ass, eng Unanimitéit ze kréien, well kee Mënsch d'selwecht an all Familljen anescht ass.

Um Rentendësch, deen d'lescht Joer tëschent Mäerz a Juli stattfonnt huet, sinn also eng Rei vu Moosnamen decidéiert ginn, mat dem Objektiv, eng gréisser Konvergenz vun de Pensiounsregimer an eng méi grousszügig Ëmverdeelung zugonschte vun de klengen Pensiounen ze verwierklechen. Dës Moosnamen sinn am Kader vum virleiende Projet de loi ëmgesat ginn. Verschidde Mesurë si vu mengem Virriedner, dem Här Rapporteur Niki Bettendorf, ausféierlech virgedroe ginn, soudatt ech also net dorop agoe brauch. Ech wäert mech also, wéi gesot, mam Forfait d'éducation a mat sengen Implicatiounen beschäftegen, am Wëssen, dass d'Revisioun vun der Dispositioun iwwert d'Babyjoren lech och scho vum Här Bettendorf virgedroe ginn ass.

D'Aféierung vun engem Forfait d'éducation stellt déi konkret Ëmsetzung vum politesche Wëllen duer, d'Erzéiungsaarbecht vun den Elteren an haaptsächlech vun de Fraen, déi sech keng Renteversecherungscarrière opbaue konnten, oder déi hir Erzéiungsaarbecht net am Kader vun hirer Pensioun unerkannt kruten, materiell ze valoriséieren. Et ass eng Fro vu Gerechtegkeet. Déi Fraen - vu dass et meeschtens Frae waren, an och nach sinn - déi sech der Famillje gewidmet an d'Kanner groussgezunn hunn, hunn der Gesellschaft e groussen Dëngscht geleescht, ouni dass se bis elo eng Kompensatioun fir hir Aarbecht an Effort kruten. D'Fraen ouni eege Renteversecherungscarrière sollen duerch d'Aféierung vun dëser neier sozialer Prestatioun, déi mat kenger anerer vergläichbar ass, an dofir och als Prestation *sui generis* definéiert ka ginn, hir Aarbecht am Interesse vun der Gesellschaft unerkannt kréien. D'Feele vun enger Renteversecherungscarrière, déi Usproch op eege Rechter gëtt, erlaabt et dës Fraen nämlech net, hir Erzéiungsaarbecht iwwert de Wee vun anere besteende Moosnamen, wéi zum Beispill d'Urechnung vu Babyjoren, valoriséiert ze kréien. Et ass wichteg ervirzehiewen, dass de Forfait d'éducation, wann de virleiende Projet gestëmmt gëtt, d'Erzéiungsaarbecht vun den Eltere per se valoriséiere wäert, an dëst onofhängeg vun der Existenz vun enger Renteversecherungscarrière, déi ee berechtigt vun anere Moosnamen ze profitéieren, déi d'Erzéiung vun de Kanner am Kader vun esou enger Carrière unerkennen.

Wie kënnt fir esou e Forfait a Fro? D'Referenzbeispill ass dat vun enger Fra, déi ni geschafft huet, dat heescht, déi ni Cotisatiounen bezuelt huet, oder op d'mannst net laang genuch fir zu enger Minimalcarrière ze kommen, an dann och aus dëse besteende Pensiounserhéijungsmesurë Profit zéien ze kënnen. Et sinn also virun allem dës Fraen, fir déi de Forfait geduecht ass. De Forfait versteet sech virrangeg an éischter Linn als Moosnam, déi sech op d'Vergaangenheet bezitt. D'Hauptbénéficiaire vun dëser Moosnam wäerten déi Frae sinn, déi sech keng Versecherungscarrière opbaue kënnen, konnten oder och wollten, mä deemools, wou se jonk waren, war et net üblech, datt bestuete Frae schaffe gaange sinn. Des Weidere goufen et keng parascolaire Strukture wéi et se haut gëtt. Schoulschluss oder Feierowend si grad och wéi haut nach net zesummegefall, mä et gouf och keng flexibel Aarbechtszäiten, et gouf keng Schoulkantinne fir Kanner, et gouf keng Nomëttegbetreier, et gouf keng Hausaufgabenhëllef, et gouf keng Steiererliichterunge fir Hauspersonal. Ënnert dësen Ëmstänn riicht sech de Forfait am Besonneschen u Frae vun der Generatioun vun eise Mammen.

D'Zäiten hu sech geännert, d'Aarbechtswelt huet sech fundamental geännert. Bestietnes a Kannerkréie schléissen haut eng Carrière am Berufsliewen net méi aus. Ëmmer méi Frae ginn a bezuelt Aarbechtsverhältnissen eran, emol gewollt, emol och ganz einfach, fir déi finanziell Enner zesummenzekréien. Doraus ergi sech

Carrièren, déi laang genuch sinn, fir e Recht op eng eege Pensioun ze erschaffen. Sou wäert de Forfait d'éducation an Zukunft lues a lues duerch d'Babyjoren, déi eng Unerkennungsmoossnam fir d'Erzéungsaarbecht vun de Fraen am Kader vun hirer Versécherungs-carrière duerstellen, ersat ginn.

Wéi ass de Forfait d'éducation entstanen? D'Iddi vun esou enger Leeschtung ass fir d'éischt um CSV-Kongress vum Fréijoer d'lescht Joer dem grand public presentéiert ginn. De Statsminister Jean-Claude Juncker huet deemools gemengt: "Frae wéi meng Mamm, déi ni geschafft hunn, musse fir hir Aarbecht am Dénsgscht vun der Familljen eppes kréien." Sou sollt all net beruffstäteg Fra pro Mount pro Kand 3.000 Frang - am Gesetz sinn dat elo 75,82 Euro (alen Index) - kréien.

Dono waren d'Diskussiounen vum Rentendéisch. Hei goufe generell Renteverbesserungen ugestriift, a besonnesch d'Bezéier vu ganz klengen Renten an d'Fraen am Allgemenge sollte prioritär Opbesserungen kréien. Speziell fir Fraen huet de Rentendéisch beschloss, d'Babyjoren iwwert den 1. Januar 1988 auszedeeenen an eng Erzéungspauschal anzeféieren, à condition, dass déi finanziell Mëtelen aus dem Statsbudget kommen. Am Juli 2001 huet d'Regierung déi renten- a familljepolitesch Verbesserungen am Ministerrot behandelt.

De Montant vu 75,82 Euro ass och net zoufälleg entstanen. Dës Zomm ass equivalent zu der Héicht vun de monatleche Bezich iwwert d'Babyjoren, déi vun elo un op engem Verdéngscht vun 1,5x dem Mindestloun berechent ginn. Dës Rapport ass wichteg, well jo eng Verbindung gewénst ass tëschent de Leit, déi vun de Babyjore profitéieren, an deenen, déi dat net kënnen. Et gëtt jo Fäll vu Leit, déi en Aarbechtskontrakt haten, awer déi ni vu Babyjore profitéiert hunn. Dës Leit kënnen natierlech och d'Erzéungspauschal kréien. Mir hunn also doduerch op deenen zwou Schinnen eng kloer Gläichbehandlung. Dës Berechnungs- a Gläichheitsiwwerleeungen ware vum Rentendéisch zréckbehale ginn, an d'Ëmsetzung vu senger Beschlëss passéiert elo duerch de Vote vun deem Projet, dee vun der Regierung nom Ofschloss vum Rentendéisch ausgeschafft gouf.

D'Fro vun der juristescher Natur vun dëser Leeschtung huet d'Kommissioun kräfteg beschäftegt. Handelt et sech ëm eng familljepolitesch Moossnam, oder ass de Forfait e rentepolitesch Instrument? Wéi ech dat schonn ugedeit hunn, an ech wëll et nach eng Kéier ervirhiewen, ass de Forfait op elementar Gläichheitsiwwerleeungen zréckzeféieren a fënnt seng Existenzberechtigung doranner, datt et net fair a korrekt wier, déi Elteren, déi hir Erzéungsaarbecht net am Kader vun hirer Versécherungs-carrière iwwert d'Babyjoren ugerechent kréien, eidel ausgoen ze loossen. Andeem, wéi de Projet et virgesäit, d'Babyjore parallel zur Aféierung zum Forfait och am selwechte Prorata opgehoff ginn, dat heescht also 1,5x de salaire social minimum, schaffe mir ee kohärenten an equitablen

Unerkennungssystem vun der wäertvoller Erzéungsaarbecht, déi d'Eltere geleescht hunn. Sou gekuckt sinn d'Aféierung vun enger Erzéungspauschal an d'Opwäertung vun de Babyjoren zwee weider Beispiller vun enger Politik, déi säit Jore gefouert gëtt mam Zil, engem Maximum vu Leit individuell an autonom Pensiounsrechter unzekerennen. Esou gesinn wäert d'Aféierung vun engem Forfait op kee Fall enger progressiver Individualiséierung vun de Rechter am Wee stoen, wéi et oft, an och an der Press, behaupt gëtt.

D'Stellung vun dëser neier Leeschtung am Kader vum internationale Recht ass schwéier ze definéieren. No internationalem Recht ass ënner Prestation familliale all Prestatioun ze verstoen, déi als Objet eng Kompensatioun vun de Familljelaaschten huet. D'Erzéungspauschal gëtt jo u Leit ausbezueelt, déi am Pensiounsalter sinn an am Prinzip keng Familljelaaschte méi ze droen hunn. Si haten der awer ze droen, an d'Wiese vun enger Kompensatioun ass, dass se dacks laang nom Evénement bezu gëtt, op déi se sech bezitt. Dat ass allerdéngs alles, wéi sou dacks am Droit, Interpretatiounssaach.

### **(Interruption)**

De Forfait ass am Fong geholl net méi an net manner wéi e spezifesch Akommes, dat un deen ausbezueelt gëtt, deen een oder méi Kanner erzunn huet, ouni vun de Babyjore profitéiert ze hunn, an dat no engem Haaptprinzip vu sozialer Gerechtegkeet. De Forfait ass net - an ech ënnersträichen dat - mat enger Form vun Assistance publique gläichzesetzen. Dës Prestatioun gëtt ausbezueelt egal wéi déi finanziell Situatioun vum Bénéficiaire ausgesäit. De Forfait ass e selbststänneg Recht, en ass spezifesch fir Lëtzebuerg, e kann net duerch Totaliséierung vu Rechter vu verschiddenen internationale Pensiounsregimer zustane kommen. Dëscht Recht entsteet nëmmen, wann d'Kand zu Lëtzebuerg opgezu ginn ass, wat mat sech bréngt, datt d'Recht op dem Forfait nëmmen am Ausland exploitéiert ka ginn, wann de Bénéficiaire e Kand zu Lëtzebuerg groussgezunn huet.

Wat heescht awer elo "groussgezunn"? Sinn dat e puer Méint, ee Joer, oder bis d'Groussjähregkeet? Dësen Aspekt gouf diskutéiert, awer net ofschléissend geléist. Am Endeffekt muss all Grenzfall individuell évaluéiert ginn.

De Projet de loi gesäit vir, datt d'Recht op de Forfait entsteet vun deem Moment un, wou säi Bénéficiaire eng Pensioun bezitt, oder 60 Joer al ginn ass. D'Alterslimite ass op 60 Joer festgeluegt ginn, fir der Realitéit vum Rentenastiegsalter Rechnung ze droen, an op deem Niveau nei Ongerechtegkeeten ze vermeiden. Et ass eng Tatsaach, datt, wann de legale Pensiounsalter bei 65 Joer läit, déi meeschte Leit vill méi fréi a Pensioun ginn. D'Moyenne läit bei ongeféier 57 Joer, prezis sinn et 57,3 Joer bei Männer, a 56,8 Joer bei Fraen am Joer 1999. Leit, déi duerschnëttlech mat 57 Joer a Pensioun géife goen, kéinte vum Effet pécuniaire, dat heescht der

Geldleeschtung vum Forfait profitéieren, déi aner, déi keng eege Pensiounsrechter hunn, hätten der éischter Textvirlag no ongeféier aacht Joer misse waarden, fir déiselwecht Geldleeschtung ze kréien. Dësen Ënnerscheed gouf vun der Kommissioun als ze vill grouss emfonnt, an dofir si 60 Joer zrëckbehale ginn. D'Leit, déi also net op dem Wee vun de Pensiounen vun dëser Leeschtung profitéiere kënnen, kréien elo d'Méiglechkeet, de Forfait ab 60 Joer unzufroen.

De Forfait d'éducation soll, wat seng Natur a seng Finalitéit ugeet, am globale Kontext vun der sozialer Protectioun beurteelt ginn. D'Fro, ob de Forfait eng familjen- oder rentepolitesch Dimensioun huet, ass fir säin Effekt niewesächlech. Wat awer wichteg ass, dat ass, datt de Forfait sech wéi all nei Moosnamen an eng bestëmmte Systemlogik vu sozialer Prestatioun integréiert. Am Laf vun de Joren a Joerzénge sinn eng Rei vu Moosnamen geholl ginn, fir d'Rechter vun de Versécherteren ze verbesseren, an d'Carrièren, déi ënnerbrach goufen, ze komplettéieren. Ouni Erzéijungsjoren zum Beispill hätte vill Leit, virun allem Fraen, et net op eng Mindestrent gepackt. D'Generaliséierung vun de Babyjoren, sou wéi de Projet se virgesäit, ass eng Moosnam, déi versicht, e soziaalt Ofsécherungssystem ze perfektionéieren. Dës Generaliséierung ass eigentlech systemrelevant betruecht d'Kärmoosnam fir eng allgemeng Unerkennung vun der Erzéijungsaarbecht vun den Elteren. Et geet jo virun allem drëm, der gréisstméiglecher Zuel vu Fraen hir Erzéijungsaarbecht am Kader vun hirer Versécherungscarrière um Niveau vun de Pensiounen unzekerennen. Geet dës Mechanismus net, da kréie si hir Erzéijungsaarbecht op dem Wee vum Forfait d'éducation materiell valoriséiert. De Forfait huet e subsidiaresche Charakter par rapport zu de Babyjoren. Wien dat eent kritt, kritt net och nach dat anert. Entweder dat eent oder dat anert.

Ofschléissend wëll ech an der genereller Diskussioun nach eng Kéier drun erënneren, datt et net déi éischte Kéier ass, dass d'Fro vun der juristescher Natur vun enger neier Prestatioun gestallt gëtt. Ähnlech Diskussiounen goufe gefouert am Kader vun der Aféierung vun de Babyjoren an nach virdu bei der Allocation de maternité, dem Gesetz vum 30. Abrëll 1980.

Elo kommen ech zum Kommentar vun den Artikelen ënnert III, deen de Forfait d'éducation vun eiser Gesetzgebung aféiert.

Fir unzefänken wëllt ech d'Proposition de loi vum Här Lux an der Diskussioun positionéieren, well grad si sech exklusiv op de Forfait d'éducation bezitt.

Zwee Texter goufen der Kommissioun ënnerebreet. De Projet de loi vun der Regierung an d'Proposition vum Här Lux, déi als Objet d'Aféierung vun enger Erzéijungspauschal huet. Déi zwee Texter ënnerscheede sech haaptsächlech doranner, dass d'Proposition virgesäit de Benefiss vum Forfait ze generaliséieren. D'Proposition

de loi mécht keen Ënnerscheed tëscht Elteren, déi hir Erzéijungsaarbecht schonn iwwert de Wee vun de Babyjoren unerkannt kréien, an deenen, déi bis elo heifir nach keng Kompensatioun kritt hunn. Jidderee soll vum Forfait Profit zéien.

Nom Auteur géif d'Proposition fir eng gerecht Behandlung vun den Eltere stoen. Tatsaach ass awer, an esou huet och d'Kommissioun dat an hirer Majoritéit emfonnt, dass si am Endeffekt den aktuellen Déséquilibre nach géif verstärken. Well d'Situatioun vun den Elteren net differenzéiert gëtt, kéim et bei deenen engen zu enger duebler Unerkennung vun der Erzéijungsaarbecht a bei deenen anere just zu enger einfacher iwwert de Wee vum Forfait. Dës ass ondifferenzéiert, net systemlogesch a virun allem ongerecht. Et ass jo net novollzéibar, datt déi eng Kanner finanziell gesinn duebel esou vill wäert solle sinn, wéi déi aner.

Am Kader vun der Proposition de loi soll d'Caisse nationale des prestations familiales an net de Fonds national de solidarité d'Gestioun maachen. D'Regierung huet sech schliesslech géint eng eventuell Berücksichtigung vun der Proposition de loi ausgeschwat. Duerch hir Philosophie wär si net limitéiert an der Zäit a si géif éischter der sou genannter Allocation d'éducation gläichen. Effektiv ziilt de Projet mat senger komplementärer a subsidiarescher Approche géigeniwwer vun de rentesteigende Moosnamen virun allem op Situatiounen of, an deene Frae sech an der Vergaangenheet befonnt hunn: Nämlech der Onméiglechkeet - aus wat fir engem Grond och ëmmer - sech eege Pensiounsversécherungscarrièren ze schafen. An Zukunft wäert et där Fraen ëmmer manner ginn.

Beim Här Lux ass et esou, dass de Forfait bei bestëmmte Fraen, nämlech deene mat enger Versécherungscarrière, eigentlech eng ganz simpel Verduebelung vun de Prestatiounen duerch d'Babyjoren ass, déi sech esou laang, wéi et eise Pensiounsversécherungssystem gëtt, nach géif duerch eng Duebelbelaaschtung vun de Keessen an dem Budget auszechnen. Am Här Lux senger Proposition ass kee spezifesch Merci méi ze erkennen un déi Fraen, déi ebe grad net berufstäteg ware während si hir Kanner erzunn hunn.

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.-** Et wär besser Dir géift mech meng Proposition selwer erkläre loossen.

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), co-rapporteur.-** De Statsrot zitt de Projet de loi vir, eleng schonn, awer net nëmmen, aus finanziellen Iwwerleeungen. Esou huet och d'Kommissioun majoritär decidéiert, just de Projet de loi ze examinéieren, wat ech elo hei wëll maachen.

Den Artikel 1 schaaft d'Erzéijungspauschal an definéiert hiren Uwendungsberäich. De Bénéficiaire muss eng Residenzklausel erfëlle fir kënnen an de Genoss vun der Prestatioun ze kommen. E muss am Moment vun der Gebuert oder der Adoptioun vum Kand effektiv zu Lëtzebuerg wunnen. Dës Residenzkonditioun bezitt



sech op de Bénéficiaire an net op d'Kand, wat hie mat sech bréngt, sou datt d'Kand och am Ausland op d'Welt ka kommen. Dës Residenzklausel ass richteg a wichteg, well se administrativ nopréifbar ass, op Grond heivunner eng Présemtioun entsteet, datt d'Kand och am Land erzu gétt. D'Kommissioun huet iwwert d'Amendementen och fir d'Berücksichtigung vun deene Fäll gesuergt, déi duerch d'Verdreiwung vu Leit, während deem leschte Weltkrich an doriwwer eraus, kënnle vis-à-vis vun der Residenzklausel problematesch sinn. Dës Fäll gi spezifesch gepréift, an d'Mammen, déi ee Forfait ze gutt hunn, kréien deen iwwer eng ministeriell Dispens vun der Residenzklausel zougestanen.

Wat geschitt mat engem Kand, dat direkt, nodeem et op d'Welt komm ass, enger drëtter Persoun uvertraut gouf an net vun den Elteren erzu gouf. Dës Situatioun ass et emol an der Vergaangenheet ginn. Dës Fro ass an der Kommissioun opgeworf ginn, well wann ee sech strikt un den initialen Text vum Projet gehalten hätt, da wäeren d'Erzéier an deene Fäll eidel ausgegangen. Hei gouf esou amendéiert, dass de Fonds national de solidarité d'Méiglechkeet kritt, fir d'Situatiounen ze analyséieren an ze tranchéieren. De Statsrot huet dësen Amendement ouni Kommentar akzeptéiert.

D'effektiv Residenzkonditioun, wéi se virläit, huet natierlech Konsequenzen:

- D'Frontaliere si vum Forfait ausgeschloss.
- De Forfait ass exportabel am Fall vun auslänneschen Aarbechter, déi zu Lëtzebuerg geschafft a gewunnt hunn an hir Kanner an eisem Land gebuer an opgezunn hunn an déi eréischt am Pensiounsalter an hirt Land zrëckgaange sinn.

D'Kommissioun huet sech mat der Fro ofginn, ob dës Klausel mam Droit communautaire kompatibel wär. D'Gretchenfrage ass effektiv: Wéi hale mir et mat der Exportabilitéit? Dës Problematik ass a villen Avisen, ënner anerem an deem vum Statsrot, ugeschnidde ginn. D'Aarbechterkummer war souguer der Meenung, et dierft een d'Frontalieren net vum Benefiss vum Forfait ausschléissen.

Effektiv schléisst d'Residenzklausel d'Grenzgänger fir de Forfait aus, net awer fir d'Babyjoren. Esou kann eng Fra, déi hirt Aarbechtsverhältnis ofbrécht bei enger Gebuert, vun der Geldleeschtung iwwert d'Babyjore profitéieren. Déiselwecht Persoun awer, déi aus finanzielle Grënn weider schaffe geet oder souguer schaffe goe muss, kann net vun dëser Geldleeschtung iwwert d'Erzéungspauschal profitéieren, well dës lescht residenzgebonden ass. E Recours virum Geriichtshaff vun der Union européenne kéint sech un dëser Residenzklausel stoussen. Esou e Fall, géif ech mengen, kéint Gain de cause kréien, grad wéi aner Recoursen am Beräich vun der Exportabilitéit vu soziale Leeschtungen et scho kruten.

Eng generell Ophiewung vun der Residenzklausel wier an esou engem Cas de figure allerdéngs net denkbar. Eleng de Käschtepunkt vum Forfait géif da vun 1,8 Milliarde Frang oder 45 Milliounen Euro op 2,4 bis 3 Milliarde Frang, also maximal 75 Milliounen Euro, eropgoen. D'Kommissioun huet gemengt, datt duerch d'Spezifisitéit vun der Leeschtung eng defensiv Haltung a Saache Kompatibilitéit mam Gemeinschaftsrecht sollt ageholl ginn. De Schwéierpunkt an den Haaptargumentaire vun der Leeschtung läit an der Vergaangenheet. De Forfait ass subsidiaresch, d'Babyjoren, déi virrangeg a Betruecht gezu ginn, ginn équivalent ugewannt op Résidenten a Grenzgänger. Am Eeschtfall muss all eenzel Klo vun der europäescher Cour tranchéiert ginn.

Den Artikel 2 gesäit vir, datt een e Recht op de Forfait huet vum Moment un, wou een eng Pensioun kritt respektiv wann ee 60 Joer al gétt. Ech hu virdu schonn explizéiert firwat oder wuerfir mer dës Limit gesenkt hunn. D'Alterslimit ass vu 65 op 60 Joer reduzéiert ginn, fir weider Ongerechtegkeeten ze vermeiden. Déi meeschte Leit ginn duerschnëttlech mat 57 Joer a Pensioun. Dës Leit géifen also scho vu 57 Joer un hir Erzéungsaarbecht unerkannt kréien, ob iwwert d'Pensioun mat Babyjoren oder iwwert de Forfait, wa se keng Babyjore geholl hätten. Déi Leit, déi kee Recht op Pensioun hätten, misste laut Originalprojet bis 65 Joer waarden, fir an de finanzielle Genoss ze kommen. Esou eng Situatioun wär net fair. Si wär net gerecht.

Esou ass decidéiert ginn, wéi ech et scho gesot hunn, d'Alterslimit op 60 Joer ze bréngen. No der IGSS soll dës Reduzéierung vu 65 op 60 Joer gesamt 40 Milliounen Euro kaschten, zéng Milliounen méi wéi de Regierungsvorschlag, well vill méi Leit an dëser Alterstranche vum Forfait géife profitéieren. Dës Méiausgaben hu misse berechent ginn am Gescht vum Comptabilitéitsgesetz vum 8. Juni 1999. D'LSAP hat e subsidiareschen Amendement gemaach, well à titre principal hält si un der Proposition de loi fest. Ech wëll ënnersträichen, datt an der éischter Kommissiounssitzung zu dësem Projet de loi all politesch Sensibilitäten d'Erofsetze vu 65 op 60 Joer préconiséiert haten.

Zu den Artikelen dräi a véier bleift festzehalen, datt um sozialen a fiskaleschen Plang de Forfait deeneselwechte Chargen ënnerläit wéi d'Pensiounen an esou wéi d'Renten dem Liewensniveau ugepasst gétt. Ech muss feststellen, dass während de Kommissiounsaarbechten dës Artikele kommentarlos verabschied goufen.

Den Artikel fënnef bezitt sech op d'Mindestrentbezéier. Dës Leit hu ganz oft ee Complément pension minimum fir op eng komplett Carrière ze kommen, wou dann Erzéungsjore verrechent ginn. Dës Leit profitéieren vun erzéiereschen Elementer. Am Original-Projet de loi gétt d'Erzéungspauschal mat deenen aneren erzéiereschen Elementer verrechent.

Doraus entsti Situatiounen, wou Mindestrenten iwwerhaupt net oder nëmmen deelweis vun der Erzéiungspauschal profitéieren. Dëser Fall gëtt et net vill, mä déi, déi et gëtt, sinn där mat ganz kleng Renten. Duerfir war en Amendement abruecht ginn, fir an dësem Kontext esou vill wéi méiglech Leit vun dësem Forfait profitéieren ze loossen. Dësen Amendement ass awer fale gelooss ginn, well bei genauer Betruechtung festgestallt gouf, datt nach méi Ongerechtegkeeten optauche géifen, wann dësen Artikel erausgeholl gi wär. Et muss een einfach festhalen, datt all Mënsch, dee schonn eng Mindestrent huet, déi duerch d'Aberechne vun Erzéiungsjoren zoustane koom, iwwerhaupt emol eppes huet, an d'Zilpublikum vum Forfait nach guer näischt. Dëse kritt elo op mannst de Forfait, deen awer esou oder esou manner héich ass wéi eng Mindestrent, fir déi d'Element vun der Berücksichtigung vun den Erzéiungsleeschunge jo gespillt huet. Hei gouf schlussendlech de Prinzip zrëckbehalen, datt déiselwecht Leeschtung net zwee Mol unerkannt gëtt.

Laut Artikel sechs ass de Forfait gläichzesetze mat engem Revenu de remplacement, wat d'Application vum den Dispositiounen iwwert den RMG ugeet. Ee Gesetzesprojet, dee viru kuerzem deponéiert gouf, huet als Objet d'Gesetz vum 11. November 1970 iwwert d'Cessation an d'Saisië vun de Revenuen ëmzeänneren. Wann dëst Gesetz a Kraaft wäert tryeden, wäert den RMG zu deene Revenuen gehéieren, déi cédéiert a saisiéiert kënne ginn. Am Kontext heivun ass et logesch, dass de Forfait och schonn als e Revenu de remplacement ugesi gëtt.

D'Kumuléierung vum Forfait d'éducation mat aneren auswäertege Leeschtunge vu selwechter Natur ass duerch den Artikel siwen ausgeschloss. Anticumdispositiounen sinn nëmme laut EU-Jurisprudenz opposabel, wann analog Dispositiounen an der nationaler Législatioun figuréieren. Leit, déi an engem internationale Pensiounsregime sinn, hunn och kee Recht op d'Erzéiungspauschal. Hei ass an der Kommissioun d'Iddi opkomm fir ze amendéieren mat Bléck op de Fall, wou zwee Leit d'Recht op d'Erzéiungspauschal akloen. Da muss den FNS tranchéieren, wien déi längste Period fir d'Erzéiung verantwortlech war. Hei läit juristeschen Zündstoff, kuckt een d'Zuel vun de Scheedungen. E Problem, deen och d'Berufskummeren opgeworf hunn.

Zum Artikel acht ass ze soen, d'Erzéiungspauschal ass cessibel a pfändbar, wat logesch ass, well si och besteuierbar a sozialaaschtenopposabel ass.

Den Artikel néng gouf net kommentéiert. Den Artikel zéng leet den FNS als Gestionnaire fest. De Forfait gëtt iwwert de Budget vum Stat finanzéiert. Ee Recours géint d'Äntwerte vum Fonds de solidarité ass méiglech.

Hei eng Klammer: Hei goufen et am Kader vum Rentendesch vill Diskussiounen, well an engem éischten Ulaf an d'A gefaasst gi war dës Erzéiungspauschal sollt iwwer Rentemëttele finanzéiert ginn. Dës Iwwerleeunge goufen awer net zrëckbehalen, well de Prinzip Cotisa-

tiounabezuelung/Pensiounsleeschung am Rentensystem net sollt ënnergruwe ginn. Deemools ass vu familljepolitesche Mesurë geschwat ginn, et waren de Forfait an d'Babyjoren, an déi sollten iwwer budgetär Mëttele finanzéiert ginn. Laut Artikel eelef ass de Forfait retroaktiv op den Datum vum 1. Juli a Kraaft gesat. Selbstverständlech ass de Forfait därselwechter Verjährung vu fënnef Joer ënnerluegt, wéi se den Artikel 2277 vum Code civil virgesäit.

D'Artikelen zwielef an dräizéng vum Gesetz sinn éischter technescher Natur. De Statsrot huet Iwwerleeungen zum Artikel 208 vum Code des assurances sociales en neien Artikel proposéiert, deen d'Gestioun an d'Liquidatioun vereinfacht. Fir detailléiert Kommentarer beruffen ech mech hei op de schrëftleche Rapport.

Et bleift awer nach ze bemierken, datt déi administrativ Ëmsetzung vun dësem Forfait d'éducation net esou einfach wäert sinn. Wann een dovun ausgeet, dass ongeféier 30.000 Demanden am Raum stinn, an datt déi informatesch Upassungen nach musse finaliséiert ginn, dann ass gewosst, dass et nach e puer Méint dauert - ech géing mengen ongeféier bis Enn des Joers - bis dat Ganzt steet a geet.

Ufank Juli kréie bezuchsberechtigt Leit en Envoi mat Erklärungen an engem Formulaire Demande. Dorophi maachen déi eenzel hir Demande. Et muss een dovun ausgoen, datt déi Demanden, déi fir d'éischt erageschéckt ginn, och fir d'éischt traitéiert ginn. Hei gëtt natierlech réckwierkend ausbezuel, sou dass hei keen eppes verléiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de betraffene Fraen wäert et egal sinn, ob hir erzéieresch Leeschtungen elo renten- oder familljepolitesch unerkannt ginn. Tatsaach ass, dass mat dësem Gesetz eng bis elo net entlounen Aarbecht zu enger finanzieller Besserstellung am Rentenalter féiert. Hei gëtt Politik fir all Fra gemaach, well all Fraen, déi net vun de Babyjore profitéieren, wäerte vum Forfait d'éducation profitéieren. Dat heescht och konkret, datt Fraen, déi geschafft hunn a keng Babyjore geholl hunn, elo de Forfait kréien an domat och eng finanziell Besserstellung am Rentenalter erliewen.

De Stat honoréiert nodreeglech eng geleschten Aarbecht, mä dëse Projet eleng léist natierlech net all Problemer am Land. Dat war och net seng Zilsetzung. Mir wëlle mat dësem Projet d'Rentendeschbeschléss ëmsetzen, déi e groussen a bal unanimmé Konsens fonnt hunn. Aus esou Iwwerleeungen eraus misst praktesch all Mënsch an och all gewielte Verrieder mat dësem Projet de loi d'accord sinn an dëse misst e groussen Konsens hei an der Chamber fannen. Ech géif lech also bieden, dësem wichtege Projet de loi gréng Luucht ze ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Lucien Lux agedroen, deen d'Wuert kritt als Auteur vun der Proposition de loi 4879. Den Här Lux huet d'Wuert.

**M. Lucien Lux** (LSAP), *auteur*.- Här President, Kollee-ginnen a Kolleegeen, d'Iddi vun enger Erzéiungspauschal, dem Forfait d'éducation, deen d'Erzéiungsaarbecht vu Mammen, awer och a gegebene Fäll vu Pappen, am Alter soll honoréieren, ass vun der LSAP-Fraktioun vun Ufank un, wat de Prinzip ubelaangt, ënnerstëtzt ginn. D'Erzéiungsleeschung ze fördern an domadder d'Familljen ze stäerken, geet fir eis Fraktioun de pair a parallell mat enger besserer finanzieller Ënnerstëtzung vun deene jonke Mammen a Pappen, enger besserer sozialer Of-sécherung vun de Fraen, déi hir beruflech Carrière fir d'Kanner a fir d'Erzéiung ënnerbriechen an och mam Opbau vun engem flächendeckenden Netz vu Strukturen, wéi Accueil, Crècheen a Garderien, déi ebe just an der Lag sinn, de libre Choix vu Fraen ze erméiglechen. Alles dat hält sech an déngt enger Politik vu Partnerschaft a vu Gläichstellung vu Fraen a Männer, erlaabt d'Vereinbar-keet vu Beruff a Famill ze verbessern, a schlussendlech a virun allem d'Fraen, an egal wat fir enger Situatioun se sinn, ze stäerken anstatt, wéi mer dat an deene leschte Wochen a Méint an dësem Land erlebt hunn, se ausereen ze dividéieren.

Ënnert dëse Prämissen huet de Forfait d'éducation, Ver-sion gouvernementale, ons keng Satisfaktioun ginn, an dofir hu mer eng Proposition de loi, en alternative Mo-dell proposéiert. Firwat?

1. Et kënn een, wéi de Kolleeg Halsdorf dat elo just gemaach huet, zur Konklusioun kommen, dass et de Mammen dobaussen u sech egal ass, firwat an a wat fir engem Kontext se déi 3.000 Frang pro Kand kréien.

Ech mengen, dass et der Politik net egal ka sinn, wat fir eng Ausrichtung se esou enger neier Moosnam gëtt. Ech mengen, dass mir nach ëmmer d'Aufgab hunn dofir ze suergen eisen Décisiounen Sënn ze ginn, kucke wéi sech déi nei Moosnam an déi bestehend Instrumenter anuerdnet, wat fir eng Finalitéit se huet a wat fir eng gesellschaftlech an heiansdo och sozial Auswierkunge se déclenchéiere kann.

Op all dës Froen gëtt de Forfait d'éducation, esou wéi e vun der Majoritéit abruecht ginn ass, keng Äntwert.

An de Statsrot, deen de Mëtteg hei nach net zitëiert ginn ass, huet dat wéi nach ni op de Punkt bruecht: "Force est de relever que tant l'exposé des motifs que le commentaire des articles du projet de loi du Gouver-nement ne livrent guère d'indication sur les tenants et aboutissants de la création du forfait d'éducation". Dat also wat d'Anuerdnen an de Sënn an d'Finalitéit vum Forfait d'éducation vun der Regierung ubelaangt.

2. De Forfait d'éducation, Version gouvernementale, vermëscht mateneen, wat an eisen Aen net mateneen ze vermëschen ass. De Forfait d'éducation géint d'Baby-joren opzerechnen ass a bleift an eisen Ae faktuell falsch, e politesche Feeler, a wäert, Här Halsdorf, méi, wéi Dir et hei duergestallt hutt, juristesche Problemer mat sech bréngen. Et geet net duer, wéi ech et an der

Kommissioun héieren hunn, ze soen, da loosse mer eis ebe comdamnéieren. Esou einfach ass d'Politik och zu Lëtzebuerg net, dass mer bei enger neier Moosnam esou liichtfankeg juristesche un eng Saach eruginn.

D'Babyjore sinn 1987, wéi se deponéiert gi sinn, fir d'éischte Kéier am Exposé des motifs esou definéiert ginn:

"L'affiliation obligatoire de la mère ou du père au cours de l'année suivant la naissance d'un enfant avec paiement des cotisations à charge de l'Etat constitue une mesure pour pallier partiellement à l'interruption de la carrière d'assurance due à la naissance d'un enfant."

An d'Chambre de Travail, déi och nach net zitëiert ginn ass, huet et op de Punkt bruecht an hirem Playdoyer dofir ze suergen, dass de Forfait d'éducation alle Mammen, ouni Ausnahm, misst zouerkannt ginn, a si seet an hirem Avis ganz däitlech: "Les baby-years sont en effet considérés comme des périodes effectives d'une carrière d'assurance alors que le forfait d'éducation est plutôt assimilé à une mesure de politique familiale, de reconnaissance d'un travail d'éducation effectué, qui devrait être accordée à toutes les personnes qui se sont consacrées à l'éducation d'un enfant."

De logesche Corollaire vun de Babyjoren ass 1999 geschafte gi mat der Méiglechkeet vun der Weiderversécherung, wéi mer et an deem Projet deemools hei decidéiert hunn. Dat hunn iwwregens, wann een d'Diskussiounen vun 1987 hei an der Chamber bei der éischter Kreatioun vun de Babyjoren noliest, déi deemoleg mandatéiert Spriecher vun der CSV, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges an d'Mme Astrid Lulling, genau esou gesinn. Och si soen, wa mer elo weiderfueren an deenen nächste Joren, da musse mer niewent Babyjoren d'Méiglechkeet vun der Weiderver-sécherung schafen, esou wéi mer se awer eréischt 1999, mat grousser Verspéidung, agefouert hunn, well do, wou mer elo eng fräiwëlleg Weiderversécherung hunn, leescht de Stat jo och e Beitrag doduerch, dass e säin Deel vu Kotisatioun matleescht.

Dass an der Diskussioun iwwert déi Weiderversécherung an am Kontext vun der Individualiséierung nach en Ausbau méiglech ass, dass mer muer vläicht vun der fakultativer Weiderversécherung op déi obligatoresch kommen an de Stat sech nach méi engagéiert, dat mussen d'Diskussiounen an deenen nächste Méint am Kontext vun den Aarbechte vum Groupe de travail, deen agesat ginn ass, weisen.

Mir mengen also, dass definitiv net hei Äppel mat Bieren ze vergläiche sinn, an ech muss soen, déi Liichtfankeg-keet, vun där ech elo héieren hunn am Zesammenhank mat de juristesche Problemer, déi sech stellen, wëll ech un engem Beispill weisen.

Eng Fra mat franséischer Nationalitéit, déi zu Thionville wunnt an als Frontalière op Lëtzebuerg schaffe kënnt an e Kand kritt an dann ophält mat schaffen, profitéiert am Moment vu de Babyjoren. Wa se awer weiderfiert mat schaffen an herno de Forfait d'éducation beantraagt, da

kritt se dee refuséiert. Dat ass einfach déi liichtfankeg Struktur, déi Dir eis hei proposéiert de Mëtteg ze déci-déieren. Esou einfach ass se, an dat huet näischt domat ze dinn, well dat d'Politik wierklech op dee leschte Minimum reduzéiert fir ze soen, da loosse mer eis ebe vu Strooss-buerg condemnéieren. Déi defensiv Haltung anzehuelen am Zesummenhank mat esou enger essentieller juristescher Fro, dat schéngt mer, wéi gesot, wierklech e bëssen de Combel vun der Liichtfankegkeet ze sinn.

3. D'Ausrichtung vum Forfait d'éducation, wéi e proposéiert gëtt vun der Majoritéit, dividéiert d'Fraen auserneen, an et ass dës onsäglech Definitiou vum Forfait d'éducation an näischt anesches, déi schold ass un enger genau esou onsäglecher Debatt, déi mer an deene leschte Wochen a Méint hei am Land tëschent deene beruffstätegen an net beruffstätege Fraen erlieft hunn. Déi Polemiken, déi vu riets a lénks entstane sinn, hunn am allermannsten de Fraen, ob beruffstäteg oder net beruffstäteg, gehollef. An d'Regierung hätt gutt gedoe mat hirer Majoritéit, fir vun Ufank u sech der Meenung vum Conseil national des Femmes unzeschléissen, déi eestëmmeg vun alle Fraenorganisatiounen iwwerholl gouf, dee sech déi Iddi an dee Modell vun der LSAP zu Häerz geholl huet andeem se geschriwwen huet an engem Avis: "Se situant dans le domaine de la politique familiale, l'idée d'accorder une prime aux femmes ayant eu des enfants doit être matérialisée dans l'esprit de la politique d'égalité. Le Conseil national des Femmes se prononce pour l'octroi du bénéfice d'une telle prime à toute mère ou tout père, indépendamment du fait d'avoir également travaillé à l'extérieur du ménage."

Oder, wéi huet eng Fra, zwar anonym, an engem Lieserbréif am Lëtzebuerger Wort geschriwwen: "Mithin kann und darf es nicht sein, dass ein Keil zwischen die einst nicht berufstätigen und berufstätigen Mütter getrieben wird, und die Gesellschaft wäre klug, wenn, um des sozialen Friedens Willen, der Wohlstandsstaat Luxemburg allen Müttern die Erziehungspauschale gewähren würde."

4. De Forfait d'éducation, Version gouvernementale - an och do, Här Halsdorf, mengen ech, dass Der lech et e bëssen ze vill einfach maacht -, wäert den Ausbau an d'Stärkung vun der sozialer Ofsécherung a Richtung vun Individualiséierung erschwéieren an hypothekéieren.

E wichtegt Instrument heifir waren a bleiwen d'Babyjoren, déi an den Ae vun der LSAP an iwwregens och an aneren Aen, zum Beispill deene vun der Chambre des Fonctionnaires an der CGFP oder der Famill 2000, déi sech dozou och hir Meenung gemaach huet, fir d'Babyjore vun zwee op véier Joer auszubauen, wéi et iwwregens vun der CSV an der Kommissioun refuséiert ginn ass an déi Richtung ze goen.

Mat där virgeschloener Ausrichtung vum Forfait d'éducation, deen als e Pendant vun de Babyjoren unzegesinn ass, wäert et ganz kloer sinn, dass en Ausbau vun de

Babyjore vun zwee op véier Joer jo automatesch bedeite muss, juristesch, defensiv oder offensiv, dass mer dann och de Forfait d'éducation vun 3.000 op 6.000 Frang mussen hiewen. Ech weess net, ob heibannen ee bereet ass, fir an déi do Richtung ze goen, mä et ass evident, souwuel vum Coût hier, deen lech haut schonn ze héich ass, well Dir sot, Dir wäert juristesch defensiv, well et haut schonn esou deier wier an da géif et nach méi deier ginn, wann ee sech dat also virstellt an d'Zukunft, da wësse mer a wat fir eng Richtung dass mer am Gaang sinn ze goen.

5. De Forfait d'éducation, Version gouvernementale, ass den Astieg an d'Hausfraerent, soen déi eng. Et ass dat op kee Fall, soen déi aner, a besonnesch d'CSV mécht sech an deem dote Spagat wierklech schweier, well ech kënnt mer et elo wierklech einfach maachen a während bal enger halwer Stonn Zitater aus dem Donschkrees vun der CSV virlesen, wou déi eng an déi Richtung plädéiert hunn an déi aner an déi aner Richtung.

Ech wëll et dofir einfach maachen. De Jean-Louis Schiltz, äerdegen CSV-Sekretär, seet: "Daher schlägt die CSV vor, dass Frauen, die ausschließlich im Haushalt gearbeitet haben und Kinder erzogen haben, ab 65 Jahren eine monatliche Rente von 3.000 Franken pro Kind erhalten": Ech mengen, dat hei ass en onpolemesche Plaidoyer, fir de Forfait d'éducation als en Astieg an eng Hausfraerent oder eng Mammerent ze maachen.

Den Här Gibéryen ass elo schonn erëm euphoresch, wou ech dat soen. Hien huet seng Freed, seng Ennerstëtzung an déi vu senger Partei ebe just an dee Kontext ze setzen, well si och der Meenung sinn, dass mer hei de Wee opmaache fir d'Hausfraerent.

De grad esou äerdege Fraktiounsprésident vun der CSV, de Kolleeg Lucien Weiler, huet an der Kommissioun op Demande hi Folgendes deklaréiert: "Cependant dans l'optique du Parti chrétien-social, le forfait d'éducation ne saurait être conçu comme représentant la première étape vers la mise en place d'une 'Hausfraerent'." Wat also, léif CSV? Ass et eng Mammerent, wéi de Generalsekretär dat seet, oder ass et op kee Fall den Astieg an eng Hausfraerent, wéi de Fraktiounsprésident dat behaupt? Et wär weinegstens de Mëtteg nach Zäit, fir der Chamber an domadder och der Öffentlechkeet do-baussen eng Äntwert dorobber ze ginn, well ech nach eng Kéier soe wat am Ufank gesot ginn ass: Et muss ee bei enger neier Moosnam wëssen, wéi ee se anuerdnet, an et muss ee wëssen, wat fir eng gesellschaftlech Reperkussiounen, och an der Fro vu Gläichstellung vu Männer a Fraen, déi Moosnam soll hunn.

### *(Interruptions diverses)*

Fir d'LSAP ass jiddefalls kloer: Mir respektéieren de Choix vun all Mamm an och vun all Papp, sech der Erzéiung vun de Kanner oder dem Haushalt ze widmen, besonnesch all deene Mammen, déi viru Jore kee Choix haten an déi jo hei virun allem d'Bénéficiairen dovunner sinn.



All dës Mamme sinn, wa mer ronderëm eis kucken, och eis eegen. Firwat sollte mer dat also net respektéieren, an dofir och, Kollege Gibéryen, dat wat viru Wochen hei geschitt ass am Kontext vun engem Optrëtt vun enger pensionéierter Riichterin, sinn déi Attacken, déi deemools un eis gericht gi sinn, wierklech bëlleg Polemik, well mer ni en Heel draus gemaach hunn, dass mer de Choix vun all Fra an all Mamm respektéieren, hir Décisioun ze huelen, doheem ze bleiwen, sech der Erziéung vun de Kanner ze widmen oder wëllt schaffe goen a béides ze maachen.

D'Welt ass eben net stoe bliwwen an deem do Kontext, an d'Frae wëllen haut an engem moderne Stat, an enger Gesellschaft vu Partnerschaft a Gläichstellung méi wéi jee hir Kompetenzen notzen. Nëmmen Hausfra ze sinn ass haut bei modernen, opgeschlossene Frae keng Finalité en soi méi, an dofir menge mer och, dass et net kann eng Alhäreeriege an der Politik sinn, och net beim ADR, déi sech d'Recht hält fir den Hausfraenjob, mat Betounung op d'Fraen, als e paradisescht Zil dohinner ze stellen. D'Frae maachen haut dat eent an dat anert, hu Carrièren, déi sech aus Periode vun deem engen an deem aneren zesummesetzen. Un der Politik ass et, fir déi néideg Rahmbedéngungen heizou ze ginn.

De Forfait ass hei voller Widderspréch an an deem Kontext wëllt ech och e Kommentar aus dem Journal zitieren, dee jo d'Kolleginnen an d'Kollege vun der DP liesen. Eng gutt Zeitung, seet den Här Grethen. Liest no wat déi gutt Zeitung iwwert de Forfait d'éducation, Version gouvernementale, also och DP, geschriwwen huet. "Wie dem auch sei, die Erziehungspauschale wird ein Almosen mehr an die Frauen sein, sie ist und wird kein Ersatz sein für den Aufbau einer eigenen Rentenkarriere. Und sie wird weit mehr Ungerechtigkeiten schaffen, als Probleme lösen."

D'LSAP huet aus all dës Widderspréch an Onzoulänglechkeeten hir Konklusiounen gezunn.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, ech wollt lech eng Fro stellen. Mir hunn elo zwee Rapporturen hei héieren, déi sech allen zwee ganz schéin un hir Zäit gehalen hunn. D'sozialistesche Fraktioun huet och ganz vill Zäit bei deem Projet hei. Den Här Lux kann nach de ganze Mëtteg sech d'Wuert froen an déi Ausféierung maachen, déi e wëllt. Mä wann zwee Rapporturen zum Haaptprojet sech hei un d'Zäit halen an elo den Auteur vun der Proposition de loi scho 50% vun der Zäit iwwerschratt huet, dann ass dat net normal.

Da solle mer eis déi Zäit ofschafen, wa mer eis net drun halen. Den Här Bettendorf an den Här Halsdorf hu sech dru gehalen an ech mengen, et misst awer bal een e bësse behandelt gi wéi deen aneren.

**M. le Président.**- Här Weiler, ech wëll lech dorobber äntwerten, dass den Här Lux mech avertéiert huet an en huet gesot, déi Zäit géing op d'Käschte vun de Sozialisten am zweeten Deel goen. Hie soll zéng Minutte

schwätzen a seng Partei war nach eng Kéier mat 30 Minutten agedroen. Déi Zäit, déi en elo weider hält, geet vun där anerer of, esou dass am Total d'Sozialisten net méi Riedezäit kréie wéi déi aner och.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, eist Reglement gesäit dat net esou vir. Da schafe mer et einfach of.

**M. le Président.**- Dat ass bis elo ëmmer toleréiert ginn, mä wann Der der Meenung sidd, dass een dat net méi soll maachen ... Ech hu gemengt, well déi Gesetzer zesummen diskutéiert ginn, kéim ënnert dem Stréch datselwecht eraus, wann een op där enger Säit eppes ewechhält an op där anerer Säit eppes bäigëtt.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dir hutt eis voll Ënnerstëtzung, Här President!

### *(Interruptions diverses)*

**M. le Président.**- Also, wann d'Chamber der Meenung ass, dass hei soll mat der Stoppauer gefuer ginn, da wäert ech dofir suergen, dass dat och agehale gëtt.

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.**- Här Weiler, ech muss soen, dass ech dat do wierklech e bëssen de Combel vun der Onfairness fannen, well Dir wësst, dass ech lech selwer an och de Fraktiounsresident vun der DP virun der Sëtzung gefrot hat, ob et acceptéiert wär, dass ech meng Ried zum Thema Forfait d'éducation integral kënnt maachen. Ech hunn esouguer och nach den ADR dovun informéiert an de President, dass Der d'accord waart, dass ech meng Ried zum Forfait d'éducation, och wa se iwwer zéng Minutten eraus géif goen, géif halen an déi Zäit herno ewechgerechent géif ginn.

Ech verstinn net, wéi Dir kënnt soen, Dir wierd domat d'accord an dann heihinner kommt a reklaméiert.

### *(Interruptions diverses)*

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, den Här Lux huet mer zu kengem Moment gesot, dass hien dofir esou vill Zäit bräicht, dass en elo scho 50% iwwer seng Zäit ass.

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.**- D'LSAP huet also eng Proposition de loi an domadder en eegene Modeel abruucht, deen d'Fraen alleguer gläich behandelt an net Äppel mat Biere vermëscht.

3.000 Frang oder 75 Euro pro Kand a pro Mount un all Fraen, onbürokratesch, ouni Demande beim Fonds national de Solidarité, hätt iwwregens och verhënnert, dass mer déi laang Verspéidung kréien, mindestens en halleft Joer, beim Modell vun der Regierung. Souguer d'Verwaltung si sech driwwer eens, dass et méi onbürokratesch gewiescht wier dee Wee ze goen.

Eise Modell vum Forfait d'éducation reit sech an an dee familljepoliteschen Instrumentarium, dee mer kennen. De Statsrot huet iwwregens zur Proposition de loi, am Géigesaz zu deem, wat en zum Regierungsvorschlag

gesot huet, gemengt: "La proposition de loi a en revanche le mérite de fournir de longs développements quant à sa genèse, son fondement et sa finalité".

D'LSAP huet sech awer net nëmmen an engem rengen Neesoe beharrt, mä si huet och zu dem Forfait d'éducation, wéi d'Regierung en deponéiert huet, eng ganz Rei vu Virschléi a Verbesserungene mat abruecht:

D'Erhéijung vun de Babyjoren, hirer Bemessungsgrundlage wat d'Kotisationen ubelaangt vun 1 op 1 1/2 Mol de Mindestloun, ass schonn um Rentendesch vun eis thematiséiert ginn, well mer deemools kloer gemaach hunn, dass, wa mer géife beim Mindestloun bleiwen, mer da bei engem Montant Leeschtung bei der Rent vun 1.860 Frang géife leien an et dofir noutwendeg wär, wann een de Corollaire wëllt herstellen, dass een hei eng Verbesserung misst maachen.

D'CSV huet vun Ufank u bei der Gewährung vum Forfait d'éducation just vun deene Frae geschwat, déi keng eege Pensiounsrechter hunn, déi also doheem bliwwen sinn an net geschafft hunn. Dat hunn ech virdrun an engem Zitat vum Generalsekretär nach eng Kéier gewisen. Dat huet iwwregens och de Statsminister, wéi en den 8. Dezember 2001 de Projet nom Regierungsrat um Briefing fir d'Press presentéiert huet, och selwer gesot, wéi et folgendermoossen am Lëtzebuerger Wort zitéiert ginn ass: "Es kommt jedoch zugleich zur Einführung der Erziehungspauschale für jene Frauen, die keiner entlohnten Arbeit nachgingen, sondern sich zuhause der Kindererziehung widmen."

Dat Beispill, dat mer duerno an d'Diskussioun bruecht hunn, vun der Bankiersfra an hirer Botzfra, huet schlussendlech dozou gefouert, dass et kloer ginn ass, dass wéinegstens och déi Fraen, déi herno eng eege Rent hunn a weidergeschafft hunn, misste vum Forfait d'éducation profitéieren. Ech weess, Mme Jacobs, dass d'CSV sech laang dogéint gewiert huet, dass deem esou gewiescht wier.

Den Här Carlo Wagner, de Sozialminister, dee jo als eng éierlech Haut bekannt ass, huet um DP-Ostbezierkskongress - ech hunn dat nogelies am Journal vum 19. Mäerz 2002 - Folgendes gesot an du hate mer och verstanen, dass et esou gewiescht ass: "Schließlich habe die DP dafür gesorgt, dass mit der so genannten Erziehungszulage für die Mütter nicht neue Ungerechtigkeiten geschaffen werden, und wie es mit Sicherheit gekommen wäre, wenn die ursprüngliche Textfassung ohne Änderungen durchgezogen worden wäre." Ech mengen, dat war éierlech gesot, dass den ursprünglechen Text dat net virgesinn huet an en herno am Conseil de Gouvernement deementspreechend ëmgeännert ginn ass, fir déi do Ongerechtegkeet erauszekréien.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här Lux, ech mengen, dat beweist jo genuch, dass den Dialog an der Regierung besteet.

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.** - Mä Dir sot, dass et esou war, wéi ech et elo hei gesot hunn, an dat geet mir duer.

Eisen Amendement, am Zesammenhank vu wat fir engem Alter u soll de Forfait d'éducation gëllen, ass schlussendlech, och op Avis vum Conseil d'Etat, geschitt, well deen eis higewisen huet op eppes wat schonn thematiséiert gi war an der Kommissioun. Här Halsdorf, Dir kënnt am Procès-verbal noliesen, dass bei der éischer Diskussioun iwwert den Alter, 65 oder 60 Joer, eng Ministesch gesot huet, dass se dergéint wär fir den Alter vu 65 op 60 Joer erofzesetzen. An eréischt nom Avis vum Statsrot, dass déi Distorsioun vum Béise wär, du war jiddereen d'accord.

Dat ass de richtege Werdegank vun der Diskussioun iwwer 65 oder 60 Joer, wéi se an der Kommissioun stattfonnt huet. Zum Schluss konnt de Fraktiounspresident Weiler sech net duerchsetzen an der Fro vun de Mindestrentnerinnen, déi leider eidel ausginn, well et bei deenen eng Opération nulle gëtt, doduerch, dass zwar déi Babyjoren, déi mer nodreeglech an hir Pensioun arechnen, hir eege Pensioun an d'Luucht setzen, mä doduerch de Complément, dee se zu der Mindestrent féiert, awer erofgeet. Dofir war och den Här Weiler um CSV-Kongress no vir gaangen, fir ze soen, mir mussen dat änneren. En huet gesot, mir wäerte bei der Regierung virschwätzen, fir den Artikel 5 erauszehuelen an dofir ze erlaben, dass d'Mindestrentnerinnen net eidel ausginn a vum Forfait d'éducation a vun der Honoratioun vun hirer Erzéiungsaarbecht net wäerte profitéieren.

Ech wëll nach eng Kéier de Commentaire des articles virlesen, deen de Lucien Weiler sengem Amendement bäigeluegt hat, wéi en dat an der Kommissioun virgeluegt huet. "Maintenir l'article 5 constituerait une injustice flagrante vis-à-vis des personnes touchant une pension minima et qui, sous prétexte de bénéficier d'un complément de pension, ne verraient pas leur travail éducatif apprécié et valorisé comme les autres parents bénéficiaires du forfait, et notamment ceux dont la situation financière est moins précaire."

Awer des Ongerechtegkeet konnt net beseitegt ginn, well den Amendement zrëckgezu ginn ass, well wa mer en ugehall hätten - an dat haten anerer och verstanen -, dann hätt een och kënnen de Modell vun der LSAP iwwerhuelen. Dat konnt awer net sinn.

D'LSAP wäert bei der Ofstëmmungsprozedur herno, gemäss dem Artikel 43 vun eisem Reglement, e Vote par division beantragen an dobäi hirer Ofleennung zum Forfait d'éducation, Version gouvernementale, kundtun.

Déckkapp a géint vill Avise wäert d'Majoritéit mam ADR zesammen hire Modell duerchsetzen. Alle Fraen de Forfait d'éducation ze ginn, wéi vun der LSAP proposéiert, wier méi gerecht an virun allem och méi modern gewiescht.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Ech wollt dem Kolleeg Lux nach soen, dass en d'Riedezäit ëm 14 Minutten iwwerschrott huet. Déi ginn also vum Kont vun deenen 30 Minutten, déi d'sozialistesche Kolleegen nach zegutt hunn, gerechtegkeetshalwer ofgehalen. Wa mer schonn e Reglement hunn, dann hale mer eis och dorunner. Bis elo si mer nach ëmmer esou gefuer, dass, wann zwee Gesetzer zesummen diskutéiert gi sinn, een dann d'Riedezäit vun deem engen op dat anert konnt iwwerschreiwen.

Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen ageschriwwen, deen eng Interpellatioun ugefrot huet iwwert d'Rentewiesen.

D'Wuert huet den Här Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun 2.433 Deeg, also viru bal aacht Joer, genau de 5. Oktober 1994, hunn ech dës Interpellatioun iwwert d'Pensiounswiesen hei zu Lëtzebuerg ugefrot. Nach ni huet et an der Geschicht vum Lëtzeburger Parlament sou laang gedauert, bis en Deputéierten d'Recht krut, fir hei eng Interpellatioun virzebréngen.

### (Interruptions)

Lo behandelt dës Interpellatioun net en nieweschlecht Thema, wou et net derwäert wär, datt d'Chamber sech domadder befaasst, oder datt d'Thema net aktuell wier, mä et handelt sech ëm net manner wéi ëm d'Rentegerechtkeet, ëm dat Thema, wat déi dräi lescht Chamberwahlen dominéiert huet.

D'CSV-LSAP-Majoritéit huet et während fënnef Joer, an d'CSV-DP-Regierung während nach dräi Joer fäerdeg bruecht, mat alle méiglechen an onméiglechen Argumenter dës Interpellatioun net op den Ordre du jour setzen ze loossen, an huet dann elo dës Interpellatioun an d'Debatt vun engem Gesetzesprojet, dat sech mat Renteproblemer befaasst, integréiert. Souguer haut ass d'Majoritéit mol nach net bereet - an et feelt un der néideger politescher Fairness -, fir eng separat Debatt iwwert dëst Thema hei ze féieren.

Dëst ass de Beweis dofir, wéi eis parlamentaresch Demokratie funktionnéiert, nämlech guer net, wann d'Thema, wat behandelt soll ginn, deenen, déi an der Majoritéit sinn, net geneem ass, a wann eng Majoritéit weess, dass dëst Thema vun engem onbequeme politesche Konkurrent dominéiert gëtt, an dee Konkurrent doriwwer eraus an der Problematik selwer och nach zu 100% richtig läit.

D'CSV-LSAP- an CSV-DP-Majoritéiten hunn hei manifeste de Beweis erbruecht, datt se déi elementar Spillregele vun enger parlamentarescher Demokratie hei net respektéiert hunn, a gläichzäiteg awer net midd ginn, fir egal wou an der Welt dës demokratesch Prinzipien anzekloen. Den Hannergedanke vun där Politik war: Well gewosst war, datt den ADR a sengen Iddie richtig géif leien, an opgrond vum ADR senge Wahlresultater zu-

mindest deelweis dem ADR seng Iddien ëmgesat misst ginn, an dat duerch eng Interpellatioun, wou den ADR seng Iddien dann hätt integral virstelle kënnen, déi jeeweileg Majoritéiten nach méi domm aus der Wäsch gekuckt hätten, well et jo dann nach méi kloer gewiescht wär, dass dat, wat an deene leschten zwielef Joer an der Rentefro gemaach ginn ass, alles vum ADR proposéiert ginn ass.

Et sinn dofir fir d'éischt eng ganz Rei vun eise Fuerderunge realiséiert ginn, an elo däerf ech dann no 2.433 Deeg meng Interpellatioun hei presentéieren.

Här President, Dir verstitt, datt ech drop gehalen hunn, uganks vu menger Interpellatioun dës prinzipiell Remarque ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter dem Enn vun de 50er Joren ass d'Fro vun der Rentegerechtkeet hei zu Lëtzebuerg e permanent Thema gewiescht. Et ass also en Thema, wat den ADR weder erfionnt hätt, nach op deem en Urheberrechter verlaangt. Iwwert d'Joerzénge hu regelméisseg Parteie mat Wieder, Artikelen, Sloganen, Reaktiounen an Interventiounen Rentegerechtkeet verlaangt. Mir hunn Dossiere voll, déi dat beweisen.

Mä genau sou gutt beweisen awer och dës Dokumenter, datt ëmmer nëmme dann, wann déi eng oder aner Partei an der Oppositioun war, dës Rentegerechtkeet gefuerdert huet, a wa se dann awer erëm an der Majoritéit waren, hu se hir Versprechen awer genau sou regelméisseg net gehalen a vergiess.

D'Onzeffriddenheet vun ëmmer méi Bierger vis-à-vis vun enger Politik, déi eist Land an eis Bierger an zwou Klassen opgedeelt huet, déi eng mat décke Pensiounen ouni eng Cotisatioun bezuelt ze hunn, an déi aner mat klenger Pensiounen an héijer Cotisatioun, huet dozou gefouert, dass am Joer 1987 e Grapp voll Leit sech zesumme fonnt hunn, fir sech géint dës Ongerechtkeet zur Wier ze setzen. Et war an der Zäit, wou d'Gesetz vum 27. Juli 1987 vum deemolege sozialistesche Minister Benny Berg an Ausaarbechtung war, e Gesetz, wat niewent enger Rei vu Verbesserungen och eng linear Rentenerhéijung vun 3% virgesinn huet. Dës 3% sinn ons awer net duergaangen als e Schrack a Richtung Rentegerechtkeet. Mir sinn du bei all Partei a bei de Sozialminister gepilgert, krute wuel Recht, mä an der Realitéit ass näischt geschitt. Dëst huet ons derzou gefouert, den 28. Mäerz 1987 eng Manifestatioun fir Rentegerechtkeet hei an der Stad ze organiséieren. Am Virfeld vun dëser Manifestatioun huet d'Regierung hire Projet amendéiert vun 3 op 5%, an den Dag virun der Manifestatioun souguer vu 5 op 7%. Un der Manifestatioun hu sech 800 Leit bedeelegt, ënnert hinne sou prominent Leit wéi eis heiteg EU-Kommissarin.

Mä andeem d'Regierung déi 7% nëmme ënnert dem Drock vun der Manifestatioun zougestanen huet, huet se bewisen, wéi am Gesetzesprojet dra stung, datt déi 7% nëmme als Virschoss gëlle géifen, a bei deenen nächsten Ajustementer all Kéier ëm 1% ofgezu géife

ginn an also erëm zrëckbezuelt misste ginn. Dëst Gesetz ass de 27. Juli 1987 gestëmmt. Et war domadder gläichzäiteg d'Décisioun fir de Grupp, deen deemools den Numm "Aktiounskomitee 5/6-Pensioun fir jiddereen" hat, an d'Chamberwahlen ze goen. Eng Petitiounslescht fir Rentegerechtkeet, déi 12.000 Leit ënnerschriwwen haten, ass de 24. Februar 1988 dem Chamberpresident, dem Här Léon Bollendorf, iwwerreecht ginn.

Mir waren déi Éischt am Land, déi de Courage haten, fir Rentevergäicher tëschent dem privaten an öffentleche Secteur, bei gläicher Carrière, publik ze maachen. Dës Chifferen hu Leit aus dem Privatsektor revoltéiert, an et ass bis haut esou bliwwen.

Als ADR hu mir bei de Wahle vun 1989, 1994 an 1999 d'Rentegerechtkeet ëmmer zum Haaptpunkt vun onsem Wahlprogramm gemaach, an et ass ons och ëmmer gegléckt, d'Rentegerechtkeet zum Hauptwahlthema ze maachen. All Parteien, op se wollten oder net, hu misse Faarf bekennen, an d'Leit am Land hate séier eraus, datt nëmme duerch eng Stärkung vum ADR eppes an der Rentefro géif geschéien.

Hei sinn d'Wahlresultater vum ADR op nationalem Plang:

1989 mat 7,13% a véier Députéierten

1994 mat 8,17% a fënnef Députéierten

1999 mat bal 12% a siwen Députéierten

Déi Resultater hunn derzou gefouert, datt no all Wahl een Deel aus dem ADR-Wahlprogramm realiséiert ginn ass. Dem ADR seng Wahlprogrammer stungen ëmmer an der Fro vun de Renten, ënnert dem Zeechen vu Rentegerechtkeet.

Wat versti mer als ADR ënner Rentegerechtkeet? Mä datt hei am Land eng Persoun wéi déi aner behandelt gëtt, ganz gläich, ob se am privaten oder öffentleche Secteur beschäftegt ass, an déiselwecht Rechter an déiselwecht Flichten huet, déiselwecht Cotisatioun bezuelt, an op Grond vun engem eenheetleche Berechnungsmodus, dee sech op déi abezuelte Cotisatiounen bezitt, seng Pensioun berechent kritt. Dat Ganzt soll no ënnen duerch eng sozialgerecht Mindestpensioun ofgeséichert ginn, an d'Maximalrent ergëtt sech op Grond vun den abezuelte Cotisatiounen, déi plafonéiert sinn. Finanziell soll dat ganz Rentensystem laangfristeg ofgeséichert an ekonomesch vertriebbar sinn.

Et ass also net un éischter Stell eng Fuerderung no engem absolute Maximum u Geld, méi vill méi prioritär d'Fuerderung no Rentegerechtkeet.

Parallel mat der Realisatioun vun dëser prinzipieller Fuerderung ass et un ons all als Gesellschaft ze entscheiden, wat mir fir onst Pensiounswiesen wëllen um finanzielle Plang opbréngen, dëst am Kader vun enger nationaler Solidaritéit.

Mir mussen e Choix de société huelen, a wat fir enger Gesellschaft mer net nëmme haut wëlle liewen, mä

och a virun allem a wat fir enger Gesellschaft mir an eis Kanner an der Zukunft wëlle liewen.

An ech drécken et emol ganz krass aus: Wa mir als Gesellschaft zur Iwwerzeegung kéimen, mir dierften ons Economie net iwwerméisseg duerch d'Rente be-  
laaschten, a mir fanne keng aner Finanzéierungsquellen, oder mir géifen dee wirtschaftleche Wuesstum net realiséieren, dee mer eis wënschen, oder bräichten, a mir hätten dofir net genuch finanziell Moyene fir ons Renten op engem bestëmmten Niveau laangfristeg ze finanzéieren, esou kéint dat bedeuten, dass eventuell negativ Moosnamen ergraff misste ginn, wéi zum Beispill en Zréckschrauwen vum Niveau, eng Erhéijung vun de Cotisatiounen, oder d'Kombinatioun vun zwou oder méi Méiglechkeeten, awer - an dat ass ganz wichteg - fir jiddereen, ob am privaten oder am öffentleche Secteur.

Et versteet sech vum selwen, dass, wann eng Kéier esou eng Moosnam ergraff sollt ginn, déi kleng Renten ausgeschloss misste ginn. Eist d'Rentewiese muss op enger nationaler Solidaritéitsgemeinschaft opgebaut ginn.

Dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass de grouse Prinzip, op deem dem ADR seng Iddi vu Rentegerechtkeet baséiert. D'systematescht Refuséiere vun alle Regierungen, eppes um Rentensystem am öffentleche Secteur ze änneren, huet dem Privatsektor d'Be-  
rechtigung ginn, fir eng Upassung vum privaten un den öffentleche Secteur anzekloen.

Zënter dass den ADR politesch aktiv ass, sinn eng ganz Rei vu Punkten aus eise Wahlprogrammer realiséiert ginn, dëst haaptsächlech duerch fënnef verschidde Ge-  
setzer, déi gestëmmt si ginn, respektiv dat, wat haut ge-  
stëmmt gëtt. Vun dëse fënnef Gesetzer waren der dräi fir de privaten an zwee fir den öffentlechen Secteur.

Ech wëll kuerz déi wichteg Neierungen aus dëse Ge-  
setzer opzielen. Am Gesetz vum 27. Juli 1987 fir de Privatsektor si bekanntlech niewent dem normalen Ajustement d'Renten ëm zousätzlech 7% erhéicht ginn, 7%, déi allerdéngs erëm missten zrëckbezuelt ginn. Des  
Weidere sinn do derniewent 16 aner Verbesserungen, ënner anerem d'Babyjoren, agefouert ginn.

Mam Gesetz vum 24. Abrëll 1991, wat och fir de Privatsektor war, ass déi Bestëmmung, dass déi 7% missten zrëckbezuelt ginn, réckgängeg gemaach ginn an als eng definitiv Erhéijung festgeschriwwen ginn. D'Rente sinn niewent dem normalen Ajustement, deen deemools 5% war, linear ëm zousätzlech 5% erhéicht ginn. D'Mindestpensioun ass och ëm 5%, d'Witwerent ass vu 66,66% op 75% vum Iwwerliewendem senger Rent erhéicht ginn. D'vierzäiteg Pensioun bei 40 Versécherungsjoren a 57 Joer ass agefouert ginn. Bei de Mindestpensiounen sinn d'Antikumulbestëmmungen ofgeschaf ginn, an d'Babyjore si vun zwielef op 24 Méint erhéicht ginn.



Am Gesetz vum 8. Januar 1996, fir d'Fonction Publique, ass d'Péréquatioun ofgeschaf ginn, an d'Cotisation ass etappeweis vun 3 op 8% bis den 1. Januar 1999 eropgesat ginn. An et ass festgehalen ginn, dass vum 1. Januar 1999 un deeselwechten Ajustement wéi am Privatsektor all zwee Joer och am öffentlichen Sektor applizéiert géif ginn.

Am Gesetz vum 3. August 1998, fir den öffentlichen Sektor, ass festgehalen ginn, dass fir all neie Fonctionnaire, deen nom 1. Januar 1999 an den öffentlichen Dénst antrëtt, deiselwecht Pensiounsbedingungen gëlle géife wéi am Privatsektor, mat der Ausnahm, dass kee Plafong fir d'Cotisation agefouert ginn ass, mat dem Argument, dass et am öffentlichen Sektor jo keng Zou-sazpensiounen géife ginn. Am Privatsektor läit dës Plafong bei 5 x de soziale Mindestloun.

Fir déi Fonctionnaires, déi virum 1. Januar 1999 agestellt waren, ass en Iwwergangsregime agefouert ginn, deen iwwert 40 Joer de Prozentsaz vu 5/6 also 83,33% op 72% zréckféiert. Dës Prozentsaz kann awer duerch e méi laangt Schaffegoen erëm op 5/6 erhéicht ginn.

Am Gesetz vum haut iwwert d'Resultat vum Rentendéisch ginn d'Pensiounen linear ëm 3,9% erhéicht, d'Grondrent ëm 11,6%, d'Mindestpensioun ëm 7% an d'Mindest-witwepensioun ëm 33,80%. Et gëtt eng Joresendzoulag vu 500 Frang pro Versécherungsjoer agefouert. Méi laangt Schaffegoe gëtt honoréiert, an et gëtt eng Mammerent agefouert. D'Klausel vum 1. Januar 1988 fir d'Berechnung vun de Babyjore gëtt ofgeschaf.

Op all dës Neierunge ginn ech a menger spéiderer Intervention zum Gesetzesprojet am Detail an.

Här President, duerch d'Gesetz vum 28. Mee 1919 ass déi sou genannte 5/6-Pensioun am Sektor public agefouert ginn. Dës zu engem Zeitpunkt, wou de Stat net esou räich war a sengen Fonctionnaires net déi Gehälter konnt bezuelen, wéi se schonn zu där Zäit am Privatsektor a speziell an der Stolindustrie bezuelt si ginn. Dofir huet de Stat als Ausgläich sengen Fonctionnaires e Maximum vum Gehalt als Pensioun garantéiert, e Maximum, 5/6, vu minimalen Gehälter.

De Feeler, deen d'Rentenongerechtkeet erbäigefouert huet, ass sécherlech geschitt, wéi et dem Stat lues a lues finanziell besser gung, a wéi duerch verschidde Gehälterrevisiounen d'Gehälter beim Stat opgebessert gi sinn, an zënter enger Rei vu Joren duerchaus mam Privatsektor vergläichbar sinn.

Hei hätt misste mat der etappeweiser Upassung un de Privatsektor ugefaange ginn, an och etappeweis de 5/6-System an den allgemengen Rentensystem ëmgebaut ginn. Als ADR hu mir dat ëmmer gesot, dat an och genau esou, datt mir deene Fonctionnaires, déi nom Krich mat Hongergehälter beim Stat geschafft hunn, haut näischt vun hire Rente wëllen ewechhuelen, wéi zu deem Zeitpunkt déi 5/6 als en Ausgläich zu de klengen Gehälter gegollene hunn.

Dës 5/6-System, deen op dat lescht, spriech op dat bescht Gehalt berechent ginn ass, an och haut nach am Iwwergangsregime berechent gëtt, huet derzou gefouert, datt d'Rent am öffentlichen Sektor beim Rentenuntrëtt schonns vill méi héich wéi am Privatsektor war, an duerch Kombinatioun mat dem Péréquationssystem, dat duerch Gesetz vum 26. Mai 1954 agefouert ginn ass, ass am Laf vun der Rentecarrière d'Differenz nach méi grouss ginn.

Dës Péréquationssystem huet bedeit, dass de pensionéierte Fonctionnaire gehaltsméisseg gesinn, ni pensionéiert ginn ass. Hien ass an der Pensioun a senger Carrière bliwwen, huet doduerch éischters esouwuel déi normal Augmentatiounen bei de Gehälterverhandlungen, direkt, also zum gläichen Zeitpunkt wéi déi Aktiv kritt, an zweetens, wa seng Carrière, an där hien ageschriwwen war, ausgebaut ginn ass, huet hien dës Augmentatioun nach derbäi kritt.

Dës Péréquationssystem war mat enger Cotisation vun 3% beluegt, déi de Fonctionnaire während senger aktiver, awer och während senger pensionéierter Carrière bezuelt huet.

Als ADR war et fir ons ëmmer eng vun den Hauptfuerderungen, dass als Éischt de Péréquationssystem ofgeschafft misst ginn an duerch den normalen Ajustement wéi am Privatsektor ersat misst ginn. Mir hunn dat a verschiddene Motiounen verlaangt, sou zum Beispill de 5. Dezember 1990, de 27. Mäerz 1991 an den 21. Dezember 1994. Dës Motiounen sinn ëmmer mat de Stëmme vun CSV, LSAP, DP a GRÉNG ofgeleent ginn, géint eleng dem ADR seng Jo-Stëmme. Verschiddentlech Käieren hunn déi GRÉNG sech enthalten. An dach ass eis Fuerderung am Gesetz vum 8. Januar 1996 realiséiert ginn.

Wou sti mir haut mat deenen zwee Systemer? Och nodeem mer an deene leschte 15 Joer wesentlech Reformen am Rentewiese gemaach hunn, bleift d'Differenz nach enorm an ongerecht. Dës, well an der Fonction Publique nach iwwert 40 Joer no engem Iwwergangsregime d'Pensiounen ëmmer nach nom leschten, beschte Gehalt berechent ginn.

Esou gëtt mat Sécherheet vun de Gewerkschaften aus dem öffentlichen Sektor - an et ass hiert gutt Recht - an Zukunft eng Politik gefuerdert, déi en Ausbau vun der Fin de carrière bewierkt, fir esou en Ausgläich ze schaffen, fir d'etappeweis Erofsetze vum Prozentsaz ze kompenséieren. An anere Wieder, wann de Prozentsaz erofgeet an d'Fin de carrière erop, ass am Endeffekt näischt geschitt.

An och all Accord salarial huet eng direkt Reperkussioun op Pensiounen vun deene Fonctionnaires, déi nom Akraafttriede vum Accord salarial a Pensioun ginn. Esou ginn d'Pensiounen an deenen typesche Carrière beim Stat nom neien Accord salarial wéi follegt an d'Luucht:

Carrière inférieure: Den Expéditionnaire kritt am Abléck eng Schlusspensioun vu 128.995.- Frang, duerch den

Accord salarial geet en op 135.186, also ëm 6.191 Frang an d'Luucht.

Carrière moyenne: De Redakter, e Primaner, huet eng Pensioun vun 177.369 Frang. Nom Accord salarial geet déi op 185.882 Frang, also ëm 8.513 Frang an d'Luucht.

Carrière supérieure: Den Ingenieur am Grade 16 huet eng Pensioun vun 225.247 Frang, nom Accord salarial 236.058 Frang, also 10.811 Frang méi. En Direkter am Grade 17 huet eng Pensioun vun 237.836 Frang, nom Accord salarial 249.252, also 11.416 méi. En Direkter am Grade 18 huet eng Pensioun vun 260.831 Frang, nom Accord salarial 273.350 Frang, also 12.519 Frang weider.

Ech bemierken nach eng Kéier, datt dat fir déi Leit ass, déi nom Akraafttriede vum Accord salarial an d'Pensioun ginn.

Eleng dës Chifferen, esouwuel wat d'allgemeng Héicht ubelaangt, wéi d'Reperkussioune vum Accord salarial beweisen, dass mer nach risewäit vu Rentegerechtkeet ewech sinn. Och déi vum IGSS berechent repräsentativ Duerchschnëttspensiounen an deene verschidene Gruppen ënnersträichen dës Ongerechtkeet.

Esou ass fir d'Joer 2000 d'Duerchschnëttsrent bei Männer mat voller Carrière, beim

Aarbechter	43.688.- Frang
Privatbeamten	90.805.- Frang
Fräiberuffler	70.957.- Frang
Bauer a Wénzer	40.985.- Frang
Eisebunner	133.888.- Frang
Gemengebeamten	147.049.- Frang
Statsbeamten	171.242.- Frang

Bei de Frae sinn dës Ënnerscheeder nach vill méi krass.

Här President, d'Fro, déi sech stellt ass: Wat bleift elo nach ze maachen, fir dass mir wierklech Rentegerechtkeet hei zu Lëtzebuerg realiséiert hunn?

Am öffentleche Secteur verlaange mer als ADR, dass den Iwwergangsregime an den allgemenge Pensiounsregime integréiert muss ginn. Mir proposéieren, dass déi Joren, déi e Fonctionnaire virum Akraafttriede vum neie Gesetz beim Stat beschäftegt war, laut dem 5/6-System, an déi Joren, déi en nom Akraafttriede bis zu senger Pensioun, nom allgemenge Pensiounsregime berechent ginn.

Et ass net ze verrieden, dass vum 1. Januar 1999 u jidderene, ob am privaten oder öffentleche Secteur, déiselwecht Cotisatioun vun 8% bezilt, déi am Iwwergangsregime am öffentleche Secteur awer vill méi Leeschtung fir déiselwecht Cotisatioun kréie wéi d'Leit aus dem Privatsektor respektiv déi nei Fonctionnairen, déi nom 1. Januar 1999 ugefaangen hunn.

### Motion 3

#### La Chambre des Députés

- *considérant que la loi du 3 août 1998 a mis en place un régime transitoire pour les fonctionnaires ou personnes assimilées entrées en service avant le 31 décembre 1998;*
- *considérant la volonté du législateur d'atteindre une plus grande convergence entre le régime du secteur public et le régime du secteur privé;*
- *constatant que le régime transitoire maintient les caractéristiques de l'ancien régime et que la pension est toujours calculée sur base du dernier traitement;*
- *constatant que la disposition prévoyant la diminution progressive du niveau des prestations d'environ 13% est rendue caduque par les augmentations successives des traitements de la fonction publique et que le régime de pension transitoire va à l'encontre d'une convergence avec le régime général;*
- *considérant qu'à partir du 1<sup>er</sup> janvier 1999 la même cotisation est payée dans le secteur public comme dans le secteur privé;*
- *considérant que le rendement de ces mêmes cotisations est plus élevé dans le régime transitoire que dans le régime général;*
- *considérant que, dans un souci d'équité, il y a lieu d'arrêter le régime transitoire au 1<sup>er</sup> janvier 2003 et de l'intégrer dans le régime général;*
- *considérant que lors du calcul des pensions les années de service avant la date du 1<sup>er</sup> janvier 2003 sont à calculer selon le régime transitoire et les années après selon le régime général;*

invite le Gouvernement

à déposer un projet de loi visant le transfert, à partir du 1<sup>er</sup> janvier 2003, du régime de pension transitoire dans le régime général.

(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombero, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.

Ausserdeem muss d'Fro erlaabt sinn, woufir eng Regierung ëmmer am Privatsektor, wat vill méi kleng Pensiounen sinn, ëmmer erëm iwwert d'Finanzéierung schwätzt, am öffentleche Sektor awer gläichzäiteg e vill bessere Regime nach iwwer 40 Joer weiderlaffe léisst, ouni nëmmen d'Fro vun der Finanzéierung vun deem Regime opzuerwerfen.

Oder ob d'DP iwwerhaupt e Recht huet, fir sech iwwert d'Finanzéierung vun de Renten am Privatsektor ze äusseren, wa se an hirem Wahlprogramm esouguer verlaangt huet, an der Fonctioun Publique misst de 5/6-System erëm integral hiergestallt ginn, ouni dass d'DP bei deser verréckter Fuerderung nëmmen een eenzegt Wuert iwwert d'Finanzéierung verluer huet.

Des Weidere verlaange mer, dass fir den öffentleche Secteur eng Pensiounskeess geschaf muss ginn. Zënter der Aféierung vun der Cotisatioun am öffentleche Secteur ginn dës Cotisatiounen wuel kontabiliséiert, mä si zielen als normal Recetten am Statsbudget.

Dës Pensiounskeess wier am Interessi vun de Fonctionnaires, déi ënnert den neie Regime falen. Wie weess, ob an 30 bis 40 Joer, wa si a Pensioun ginn, d'Statsfinanzen nach esou sinn, wéi se haut sinn?

Eng gutt Geleeënheet fir eng Keess anzeféieren ass verpasst ginn, wéi d'Cotisatioun vun 3 op 8% agefouert ginn ass. Hei hätten, wéi mir et als ADR deemools proposéiert haten, och etappeweis Cotisatiounen an eng Pensiounskeess agefouert misse ginn.

Et gëtt elo net méi einfach, dach eis Fuerderung bleibt am Interessi vun den neie Fonctionnaire bestoen. Nom 1. Januar 1999 bis haut sinn ongeféier 3.000 nei Leit beim Stat agestellt ginn. Bei 19.000 Beschäftegte mécht dat haut schonns iwwer 15 % aus, déi ënnert den neie Pensionsregime falen.

Déi Verbesserungen, déi mir also am Allgemenge Regime duerchsetzen, sinn net nëmme méi ausschliesslech fir d'Leit aus dem Privatsektor, mä och fir dës Leit aus dem öffentleche Secteur, a vu Joer zu Joer gëtt et der ëmmer méi.

### Motion 1

#### *La Chambre des Députés*

- *considérant que la loi du 3 août 1998 a créé un système de cotisations pour les agents du secteur public identique à celui du régime général des pensions du secteur privé;*
- *considérant que le financement du nouveau régime de pension de la fonction publique doit se faire par une Caisse de pension organisée selon les mêmes modalités que celles des Caisses de pension du secteur privé;*

#### *invite le Gouvernement*

*à instaurer une Caisse de pension pour les fonctionnaires de l'Etat et les agents assimilés.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombara, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

Ech hunn och dofir net verstanen, dass de Vertrieeder vun der CGFP um Rentendesch bal näischt, fir net ze soe guer näischt gesot huet. Hei hunn d'Parteien an d'Gewerkschaften aus dem Privatsektor d'Interesse vun dëse Fonctionnaires, déi nom 1. Januar 1999 agestellt si ginn, mat vertrat.

Fir d'Rentegerechtegkeet och richteg ze dokumentéieren, dierfe mer an Zukunft och keng zwee verschidde Gesetzter mei applizéieren, eent fir den öffentlechen an eent fir de Privatsektor, mä, alles, wat mat Renten ze dinn huet,

muss an de koordinéierten Text, deem am Gesetz vum 28. Juli 2000 geschaf ginn ass, integréiert ginn.

Des Weideren dierf nëmme méi ee Minister a Ministère fir d'Pensiounen responsabel sinn.

Am Abléck erliewe mer, dass schonns erëm versicht gëtt, an der Fonction publique niewent dem allgemenge Regime Extrawirschtercher ze fabrizéieren.

Och spriech mer eis géint eng Zousazpensioun am öffentleche Secteur aus, wéi dat am Accord salarial vum 29. Mee 2000 virgesinn ass. Laut dësem Accord gëtt eng Spezial-Kommissioun agesat, "pour étudier et examiner les mesures en vue de la possibilité de créer un régime de pension complémentaire en faveur des agents recrutés après le 31 décembre 1998".

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass am öffentleche Secteur am Contraire zum Privatsektor kee Plafond cotisable agefouert ginn ass, mam Argument, dass et am öffentleche Secteur jo keng Zousazpensiounen géif ginn. Et kann een also elo net kommen an nach zousätzlech eng Zousazpensioun verlaangen.

Och géif ech d'Regierung an dësem Zesammenhang a speziell eise Statsminister wëlle froen, wéi hien engersäits engem generéisen Iwwergangsregime iwwer 40 Joren, an anerersäits dësem Accord salarial iwwert d'Zousazpensiounen zougestëmmt huet, an ob e sech dunn och d'Fro iwwert déi 700.000 Awunner gestallt huet.

Dëst, Här President, sinn eis Propositionen fir den öffentleche Secteur. Ech kéim dann zu eise Propositionen am Interessi vum Allgemenge Regime. Hei bleibt eis Fuerderung bestoen, dass, wann d'Regierung nach iwwer 40 Joer an der Fonction publique un engem generéisen Iwwergangsregime festhält, dann d'Fuerderung vum Privatsektor legitim bleibt, fir equivalent Renten am Allgemenge Regime ze fuerderen.

Fir d'Hongerrenten ee fir allemol verschwannen ze loossen, setze mir eng Mindestpensioun bei voller Carrière an der Héicht vum qualifizéierte Mindestloun duerch, dat sinn am Abléck 62.446 Frang, oder 1.548 Euro. Ech ginn a menger zweeter Interventioun zum Projet de loi méi am Detail op dëse Punkt an.

Maximalrent brauche mer am allgemenge Regime keng anzeféieren, déi ergëtt sech op Grond vun den abezuelte Cotisatiounen, wou jo e Plafond besteet.

Als ADR läit eis besonnesch d'Erzéiungsaarbecht um Häerz, an dofir verlaange mir, dass d'Baby- an d'Erzéiungsjore kumuléiert ginn an dass bis zum Kand sengem Alter vun zwielef Joer de Stat d'Cotisatioun an der Héicht vun 1,5x dem Mindestloun iwwerhuele muss; duerch dës Moosnam soll d'Mammerent, déi duerch de Projet vun haut agefouert gëtt, ausgebaut ginn.

Den ADR suergt och duerfir, dass d'Witwerent, wéi se am Abléck besteet, och an Zukunft bestoe bleibt, dëst och an der Diskussioun iwwert d'Individualiséierung.

Duerch d'Ausbaue vun den Erzéiungsjoren, d'Méiglechkeet, fir sech fräiwëlleg weider ze versécheren, verbonne mat steierlechen Erlichterungen op dësem Plang, an duerch zum Beispill Moosname wéi mer se an der Fleegeversécherung virgesinn hunn, sollen d'Fraen d'Recht kréien, fir sech eng eege Pensioun opzebauen.

Här President, wa mer all dës Fuerderunge realiséiert hunn, kënnen mer vu Rentegerechtegkeet schwätzen. D'Fro, déi nach ze kläre bleift, ass déi iwwert d'Finanzéierung.

An der Fonction publique hu mer keng Pensiounskeess. Dës Pensioun ginn einfach aus dem Statsbudget vun der Allgemengheet finanzéiert. Et bestinn och keng Etüden doriwwer, wat dës Pensioun wedder iwwer fënnef, zéng, 20 nach 30 oder 40 Joer kaschten. Motiounen, déi mir als ADR hei an der Chamber abruucht hunn, fir esou eng Etüd maachen ze loossen, sinn ëmmer ofgeleent ginn. D'Regierung refuséiert de Käschtepunkt an déi domadder zukünfteg Belaaschtung fir d'Statsbudgeten, wat Pensiounen am öffentleche Secteur ubelaangt, kennen ze léieren. Eng onverantwortlech Astellung vun enger Regierung.

## Motion 2

### La Chambre des Députés

- *considérant que l'étude réalisée par le Bureau International du Travail pour le compte du gouvernement afin d'évaluer les coûts du régime général d'assurance-pension a été limitée au régime des pensions contributives du secteur privé;*
- *considérant que la charge financière future des pensions du secteur public est une grande inconnue pour le budget de l'Etat;*
- *considérant que les coûts et le financement du système de pension du secteur public doivent être étudiés pour permettre au législateur d'évaluer tant le coût du régime transitoire que celui du nouveau régime de pension;*

### invite le Gouvernement

*à commander une étude au Bureau International du Travail afin d'évaluer les coûts futurs du système de pension transitoire et du nouveau régime général de pension de la fonction publique et des régimes assimilés.*

(s.) *Gast Gibéryen, Jean Colombara, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

Am Privatsecteur, wou d'Pensioun vill méi kleng sinn, a wou d'Leit cotiséiert hunn, ginn Etüden iwwer 50 Joer gemaach. Et kann net sinn, dass ëmmer nëmmen am Privatsecteur iwwert d'Finanzéierung vun der Rente geschwat gëtt, a gläichzäiteg esou gemaach gëtt, wéi wann dat Geld, wat fir d'Finanzéierung vun der Renten am öffentleche Secteur gebrauch gëtt, net vun eiser nationaler Ekonomik erschafft misst ginn.

All Frang, dee mer fir Renten oder soss Leeschtungen ausginn, ob am privaten oder am öffentleche Secteur, muss fir d'éischt vun ons all erwirtschaft, erschafft ginn.

Doriwwer eraus gesinn d'Leit am Privatsecteur et als eng Frechheet un, dass si, déi e Liewe laang Mount fir Mount hir Cotisatioun bezuelt hunn, elo vum Statsminister gesot kréien, dass, wa se gär méi an der Pensioun hätten, mer 700.000 Awunner kréie missten, fir hir Pensioun ze bezuelen. Leit am Privatsektor hunn e Liewe laang hir Cotisatioun bezuelt fir eng Pensioun ze kréien, si hunn hir eege Pensioun selwer bezuelt.

A wat ass dat fir en Argument, fir haut d'Pensioun vu 450.000 Leit ze garantéieren, bräichte mer a 50 Joer 700.000 Leit? Dat, Här Juncker, ass de Problem net geléist, dat ass e just verlagert op déi kommend Generatiounen, déi da bei 700.000 Awunner musse soen, a 50 Joer musse mer 1,5 Millioun Awunner hunn, fir eis 700.000 Pensiounen ze finanzéieren.

Mat der Cotisatioun aus dem Privatsecteur si Reserven ugeluegt gi vun der Zwëschenzäit bal 200 Milliarde Frang. Leider waren d'Chiffere vum 31. Dezember 2001 nach virun e puer Deeg net ze kréien, mä mir hu se am Abléck awer kritt; et läit ëm 200 Milliarden am Joer 2002. Dës Reserve bedeiten eng Deckungsperiod...

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - 192 Milliarden ass dee Chiffer.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.** - 192 Milliarden a 37 fir 2001, an d'Estimatioun fir 2002 ass iwwer 200 Milliarden. Mir hunn déi Chiffere vun Äre Servicer, Här Minister, dankend haut de Moie kritt.

Dat heescht, wa vun haut un kee Frang Cotisatioun méi abezuelt géif ginn, kéinte mer nach dräi Joer d'Pensiounen ausbezuelen. Dat ass rekordverdächtig; an eisen Nopeschlänner hu se Reserve vun e puer Deeg oder e puer Wochen. Dës Reserve sinn an deene leschte Jore vun 1990 vun 71,6 Milliarden op 192 Milliarden am Joer 2001 an d'Luucht gaangen.

Här President, doduerch dass an de leschte Jore d'Zuel vun de Beschäftigten, besonnesch am Privatbeamtenberäich, enorm zougeholl huet, hunn d'Pensiounskeessen am Privatsecteur all Joer méi Plus-valuë gemaach. Hu vun 1990 bis 1998 déi Plus-valuen ëmmer tëschen siwen an néng Milliarde geschwankt, sou sinn déi Plus-valuen an deene leschte Jore enorm ugeklommen. Am Joer 2000 hunn d'Pensiounskeesse Plus-valuë vun 18,6 Milliarde gemaach, an am Joer 2001 gi ronn 25 Milliarde Plus-valuen an de Pensiounskeessen am Privatsecteur gemaach. Fir d'Joer 2002 gi laut Estimatiounen dës Plus-valuen op 20 Milliarden erof, opgrond vun de Verbesserungen, déi mam Projet vun haut realiséiert ginn.

Als ADR hu mer ëmmer bedauert, dass d'Regierung dat Reglement, wat d'Konditioun festleet, ënnert deenen d'Pensiounskeessen hir Reserven uleeë kënnen, bis elo



kierzlech net am Interesse vun de Keessen ëmgeännert huet. D'Pricewaterhouse-Etüd huet bewisen, dass mindestens 600 Milliounen méi Rendement duerch e bessert Uleeë pro Joer méiglech wier, ouni a Spekulationen goen ze missen, wat jo kee wëll.

Fir wat d'Regierung dëst Reglement net erneiert huet, ass einfach net ze verstoen. Hei sinn de Pensiounskeessen, a besonnesch der Privatbeamtepensiounskeess, iwwert d'Jore Milliarden verlueren gaangen, déi d'Banken op där anerer Säit akasséieren konnten; oder war dat vläicht d'Absicht? Eng Fro, déi een och dem Här Lucien Thiel stelle kéint.

D'Chifferen iwwert d'Plus-valuën, déi ech elo grad genannt hunn, bewisen, dass d'Keessen zënter enger Rei vu Joren an och nach déi nächst Joren ëmmer méi Suen erakréien wéi se der brauchen, esou dass e Maximum vu Gelder zumindest mëttel-, wann net laangfristeg placéiert ka ginn.

Och duerch d'Politik, déi an de leschte Joren am Zesammenhang mat der Invalidensioun gefouert gëtt, an duerch déi vill manner Leit d'Recht op d'Invalidensioun kréien, an duerch en neit Gesetz, wat nach virun der Sommervakanz gestëmmt soll ginn, kënnt et zu enger enormer Entlaaschtung vun de Pensiounskeessen.

Ech wëll awer betounen, dass mir als ADR net mat där an de leschte Jore bedriwwener Politik an deem Zesammenhang averstane sinn.

Och mussen mer, esou wéi um Rentendëschen festgehalen ginn ass, iwwer Alternativfinanzéierungen nodenken, wou et am Ausland jo och schonns Beispiller gëtt. Des Weiteren hu mir als ADR schonns iwwer Jore verlaangt, dass een Deel vun de Plus-valuën vum Statsbudget op e Pensiounsfong abezueelt misst ginn. Leider huet d'Majoritéit dës gutt Iddi net iwwerholl a gëtt d'Geld léiwer fir Prunkbauten a militäreschen Zwecker aus.

An enger rezenter Question parlementaire hunn ech nogefrot, wéi vill Gelder der Sozialversicherung duerch d'Faillité verluer goe géifen. D'Äntwert war, dass an deene leschten zéng Joer der Sozialversicherung insgesamt 67 Milliounen Euro, oder 2,7 Milliarde Franc duerch Faillité verluer gänge sinn, Gelder, déi de Salaré vum hire Gehälter ofgehalen gi sinn, déi awer net un d'Sozialversicherungen iwwerwisen gi sinn. D'Sozialversicherungen müssen awer - an dat ass och richteg esou - Leeschtungen ausbezuelen fir Cotisatiounen, déi se net kritt hunn.

Och hei muss léigiféiert ginn. An ech hunn och hei eng Interpellation ugefrot, hoffentlech dauert et net erëm eng Kiier 2.433 Deeg.

Doriwwer eraus gëtt zënter 1989 quasi all Joer eng Milliard aus de Pensiounskeessen zweckentfremdet fir d'Prétraite ze finanzéieren, déi virdrun iwwert de Beschäftigungsfong finanziert ginn ass.

Här President, Dir Dammen Dir Hären, all dës Chifferen bewisen, dass eis Pensiounskeessen am Privatsektor um finanzielle Plang méi wéi gesond sinn, wat eis awer net dierft ofhalen fir permanent nei Iwwerleeungen unzestellen, fir och an Zukunft dës Situatioun ze behalen.

Et bléif nach vill ze soen, mä meng Riedezäit ass eriwwe. Ech wäert a menger zweeter Interventioun hernocheft nach Verschiddenes am Detail belichten.

Um laangen a schwéiere Wee a Richtung Rentegerechtigkeit hu mer eng Rei vu wichtegen Schrëtt gemaach, déi praktesch all exklusiv an dem ADR senge Wahlprogrammer virgezeechent waren.

Et ass un ons fir duerfir ze suergen, dass kuerzfristeg déi lescht an definitiv Schrëtt, esou wéi ech se am Numm vum ADR elo virgezeechent hunn, realiséiert ginn, a mer dann ee fir allemol Rentegerechtigkeit hei zu Lëtzebuerg kréien.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen dann zur Generaldiskussion. Als éischte Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet d'Wuert.

### *Discussion générale*

**M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, dee mer haut de Mëtteg diskutéieren, huet en dräifacht Zil: d'Pensiounsregime unzepassen, eng Erziehungspauschal ze schaffen a verschidden Ännerungen virzehuele beim Gesetz vum RMG, dem Mindestakomes.

Mir geet et drëm, déi Mesuren am Detail ze kucken, well dat am Fong geholl dat ass, wat d'Leit dobaussen interesséiert: Wat bréngt dat Gesetz, dat d'Chamber haut stëmmt, dem eenzelne Bierger?

**Une voix.** - Dat ass legitim.

**M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Dat ass legitim. Dofir wëll ech och an den Detail eragoen a versichen, dat e bëssen ze erklären.

Et sinn am Fong geholl d'Konklusioun vum Rentendëschen, déi elo an e Gesetzestext afléissen, déi Gesetzeskraaft kréien, an domat de Leit dat bréngen, wat de Rentendëschen decidéiert huet. D'Konklusioun vum Rentendëschen kann een eigentlech an dräi Rubriken oder dräi Ziler festhalen, déi kuerzfristeg ze realiséieren wäeren. Dat geschitt elo duerch dat hei Gesetz. Dat ass fir d'éischt emol d'Konvergenzpolitik vun deene leschte Joren oder deem leschte Joerzénge weiderzeféieren, Moosnamen fir déi kleng Pensiounen ze huelen, Moosnamen och fir d'Fraen ze huelen, besonnesch déi, déi sech ëm d'Erziehung vun de Kanner gekëmmert hunn.

Et sinn och déi dräi Deeler, déi ech behandle wëll. Als éischt wëll ech iwwert d'Konvergenzpolitik schwätzen. D'Konvergenzpolitik gesäit an deem Gesetz véier Moos-

name vir. Eng éischt Moosnam, dat ass eng nei Festsetzung vum Steigerungssaz - wann een dat sou ka soen -, deen ugewannt gëtt bei de sou genannte Majorations proportionnelles an dee baséiert op der Zomm vum Akommes, op deenen d'sozial Beitrag bezuelt gi sinn. Déi Zomm gëtt zesummegerechent iwwer d'ganz Carrière, an op deem Betrag kritt ee bis elo 1,78% als Jorespensioun. Dee Koeffizient vun 1,78% gëtt op 1,85% eropgesat, a wann een dat ëmrechent, gëtt dat eng Erhéijung vun 3,9% vun der Pensioun selwer. Am Zesummenhank mat deem Steigerungssaz do gëtt dann eng ganz nei Measure ageféiert, an dat ass, datt déi Leit, déi méi laang schaffe ginn, fir d'Berechnung vun hirer Pensioun méi en héije Steigerungssaz ugewannt kréien.

Firwat ass déi Measure agefouert ginn? Mir mussen do zréckgoen op d'Etüd vum Bureau International du Travail, déi eis drop opmierksam gemaach huet, dass hei zu Lëtzebuerg d'Leit relativ fréi a Pensioun ginn, an déi, déi de Rapport genee gelies hunn, hunn och festgestallt, dass 1999 - fir dat Joer ze zitieren - de mëttleren Alter vun der Pensioun bei de Männer 57,3 a bei de Frae 56,8 war. Wa mer aner Joren huele géifen, géife mer feststellen, dass deen Alter bei eenzelne Joren, ufanks vun den 90er Joren, nach méi déif geleeën huet an dass e souguer bis op 55 Joer an der Moyenne erofgaangen ass.

Dat ass eng Situatioun, déi fir Lëtzebuerg exceptionnel ass. Wa mer bedenken, dass eigentlech deen normale Pensionsalter nach 65 Joer ass an dass ee fréizäiteg a Pensioun goe ka mat 40 Versécherungs- oder Stagejoren oder mat 57 Joer bei 40 effektiv versécherter Joren, da läit déi Moyenne eigentlech scho relativ ënnen. De Rentendesch huet dann och festgehalten, dass déi, déi méi laang schaffe wëlle goen, méi en héije Steigerungssaz ugewannt kréien. Et ass Folgendes festgehale ginn: Wann deen normalen Alter vu 55 Joer erreecht ass an een 38 Joer geschafft huet, da kënnt een op eng Zomm vun 93. Fir all Unitéit, déi iwwer déi 93 erausgeet, gëtt de Steigerungssaz ëm 0,01% gehéicht. Do kann een zwar mengen, dass dat net vill wier. Ech ginn lech allerdéngs e puer Beispiller: Wann eng Persoun do ass, déi mat 57 da geet, amplaz mat 55, an déi 40 Joer geschafft huet, da kënnt déi Persoun op 97, dann ass de Steigerungssaz ëm 0,04% méi héich a läit bei 1,89. Dat mécht an der Pensioun eng Erhéijung vun iwwer 2% aus. Wann ee mat 60 Joer goe géif, mat 40 Jore geschafft, da kënnt een op 100. Da gëtt dat eng Erhéijung vun 0,07%; de Steigerungssaz kënnt op 1,92; dat géif eng Erhéijung an der Pensioun gi vun iwwer 3,7%. Et muss een de Leit also och soe kënnen, wann déi do Measure ugewannt gëtt, wat dann dee Steigerungssaz hinnen an der Pensioun bréngt. Dofir ass et och wichtig, dass, wann dat Gesetz a Kraaft ass, déi néideg Informatioun an där doter Richtung un d'Assuréeen och erausgeet. Et muss een awer och hei festhalen, dass dat do keng obligatoresch Measure ass: Et gëtt näischt um Alter vun der Pensioun geännert, wéi mer en elo hunn.

Et kënnt zousätzlech eng nei Measure dobäi, déi et also erlaabt, wann ee méi laang schaffe wëll goen, oder wann een iwwert deen Alter erausgeet, deen ech virdu genannt hunn, een also dee Moment d'Recht op méi eng héich Pensioun huet.

Déi Measure hei kënnt och eréischt zur Uwendung fir déi Leit, déi no der Entrée en vigueur vun deem Gesetz a Pensioun ginn, dat ass den 1. Mäerz vun dësem Joer. All Leit, déi also no deem Datum a Pensioun ginn, hunn also d'Méiglechkeet, vun där doter Measure ze profitieren.

Eng drëtt Measure am Kader vun der Konvergenzpolitik, eng Measure, déi een awer och ugesi kann als eng Moosnam am Intérêt vun deene méi kleng Pensiounen, dat ass d'Erhéijung vum pauschale Steigerungssaz, dat heescht, dat sinn déi Augmentatiounen an der Pensioun, déi op de Versécherungszeiten opgebaut sinn; dat sinn d'Majorations forfaitaires. No dem Gesetz kritt een elo fir all Versécherungsjoer, wou een effektiv geschafft huet, oder wou ee Stagejoren nowiese kann, 6,9409 Euro - ech hunn dat ëmgerechent - et kënnt eng Erhéijung vun 11,6%. Da kënnt ee fir all Joer op 7,7460 Euro, dat mécht also 11% Erhéijung.

Firwat ass déi Erhéijung hei méi grouss wéi bei de Majorations proportionnelles? Well de Rentendesch bei deem heite Steigerungssaz, bei där heiter Augmentatioun drop gepocht huet, dass déi méi héich soll sinn, well doduerch den einheitlechen, forfaitaire Montant, dee jiddereen an der Pensioun huet, méi héich gëtt, dass also déi kleng Pensiounen duerch déi hei Measure méi profitieren wéi déi, déi méi eng héich Pensioun hunn. Dat geet also och ganz eindeuteg an d'Richtung vun deem Akzent, dee gesat ginn ass, fir den niddrege Pensiounen méi ze ginn. Bei 40 Versécherungs- oder Stagejore sinn d'Majorations forfaitaires elo 310,83 Euro.

Eng véiert Measure, déi en an d'Konvergenzpolitik astufe kann, ass d'Schafung vun der Zoulag, déi um Enn vum Joer ausbezuel gëtt. Och déi gëtt op d'Versécherungsjore berechent an net op d'Akommes, dat gezielt huet fir d'Beitrag ze bezuelen. Et ass also och eng méi forfaitaire Zoulag, op déi ee Recht huet, an déi also no de Verrechnungsjore berechent gëtt, an zwar sinn dat 12,97 Euro pro Joer. Bei 40 Joer, an dat ass de Maximum, bei deem déi Zoulag iwwerhaupt berechent gëtt, kënnt een dann op 518,8 Euro. Dat mécht, wann een dat haut ëmrechne géif, eppes iwwer 20.000 Frang, déi um Enn vum Joer mat der Pensioun vum Dezember ausbezuel gëtt.

Ech kommen dann zu engem zweete Volet vun der Mesur vum Rentendesch: Dat sinn d'Mesuren am Intérêt vun deene méi niddregen, méi kleng Pensiounen. Et sinn do haaptsächlech zwou Mesuren, déi ervirzehiewe sinn, dat ass éischters emol eng Erhéijung vun der Mindestpensioun, där Pensioun, déi ee mat 40 effektiven, oder Stagejore kritt. Mat 20 Versécherungsjore kritt een d'Halbscheit vun der Mindestpensioun. Dës Mindestpensioun

gëtt ëm 4,8% erhéicht, an zwar vun 1.135,80 Euro op 1.215,5 Euro de Mount, dat mécht also eng Erhéijung vu 4,8%. Dat entsprécht och dem Semi-net vun dem Salaire social minimum.

Et ass awer vläicht interessant ze soen, firwat de Renten-dësch sech op deen heie Betrag festgeluegt huet. Mir hunn an eiser Sozialgesetzgebung verschidde Parametere, déi am enken Zesummenhank een zum anere stinn. Dat ass virun allem mol fir d'éischt de Mindestloun. Dat ass de Minimum, deen ee kritt, fir eng gewëss Aarbecht, déi ee leescht. Den zweete Parameter ass dee vun der Mindestpensioun, déi ëmmer am direkte Verhältnis zu dem Mindestloun war, an et ass och esou - op jidde Fall gesi mir et esou -, dass, wann een eng Mindestpensioun géif fixéieren, déi iwwert de Mindestloun géif erausgoen, da géif sech effektiv d'Fro stellen, ob dat, wat een als Mindestakommes fir eng Aarbecht kritt, dee Moment nach ugeméiss wier. D'Mindestpensioun läit elo ënnert dem Mindestloun; si entsprécht dem Semi-Net vum Mindestloun.

### **(Interruption)**

En anere Parameter ass dee vum Mindestakommes, deen och duerch dat hei Gesetz fir d'Pensionsempfänger an och fir déi, déi schaffe ginn, geännert gëtt, an zwar folgendermoossen: Am Ablack ass d'Mindestakommes fir eng eenzel Persoun 942,03 Euro. Déi Persounen, déi schaffen oder e Revenu de remplacement, eng Pensioun oder en anert Akommes hunn, déi hu Recht op méi en héicht Mindestakommes, an zwar gëtt bei deenen een Drëttel vum Mindestakommes bei de Revenuen, déi jo zesummegerechent ginn, fir op d'Mindestakommes ze kommen, net matgerechent. 30% vum Mindestakommes ginn immuniséiert bei de Revenuen, déi déi Leit hunn. Dat féiert dozou, datt dee Moment d'Mindestakommes méi héich ass, an zwar geet et da bei deenen dote Persounen vun 942,03 Euro op 1.224,62 Euro erop. Bis elo waren nëmmen 20% immuniséiert. No deem heite Gesetz ginn 30% immuniséiert. Dat ass also eng wesentlech Verbesserung am Intérêt vun deene Leit, déi d'Mindestakommes hunn.

Ausserdeem wëll ech drop opmierksam maachen, datt déi Leit och Urecht hunn op eng Zoulag vu maximum 5.000 Frang, wa se Loyer mussen bezuelen, deen iwwert dee Betrag do erausgeet, esou dass een och dat misst bei dat Akommes dobäirechnen, Zoulag, déi aner Leit net kënnen touchéieren, wa se net an de Genoss vum Mindestakommes kommen. Bei enger Koppel läit déi Limite elo bei 1.836,92 Euro. All déi Chiffere sinn opgerechent mam neien Index vum 1. Juni vun deem Joer. Fir déi, déi et nach net gemierkt hunn, den Index ass nämlech vu 590,84 op 605,61 geklommen.

Ech kommen dann zu engem drëtte Volet vu Moosnamen. Dat sinn d'Moosnamen am Intérêt vun de Fraen, esou wéi och de Rentendësch dat a senge Konklusiounen festgehalen huet.

An do gëtt et zwou Haaptmesuren: Engersäits d'Verbesserung vun de Babyjoren, fir déi Fraen, déi pensiounsverséichert sinn, an anersäits d'Aféierung vun engem Forfait d'éducation, enger Erzéiungspauschal.

D'Babyjore sinn 1988 agefouert ginn. Si ware geduecht als Weiderversécherung a si sinn dat och haut nach. Fraen, déi geschafft hunn an déi zäitweilleg ophalen, kréien also iwwer eng gewëssen Zäit - dat si 24 Méint beim éischte Kand, 24 Méint beim zweete Kand, 48 Méint bei all weiderem Kand - kréien d'Kotisatiounen op der Moyenne vun deem Joer virdrun, ier d'Kand op d'Welt komm ass, vum Stat integral bezuelt.

Et muss een also, fir d'Babyjoren ze kréien, virun der Gebuert geschafft hunn. D'Gesetz gesäit och vir, dass een zwielef Méint Versécherung an deene 36 Méint virun der Gebuert muss noweisen. Dat ass net geännert ginn. Wat geännert ginn ass, dat ass dass d'Referenzperiod weidergeet, wann no dem Ophale vun de Babyjoren nach Erzéiungsjoren ufalen, esou dass eng Persoun, déi, wann dat éischt Kand sechs Joer al ass, en zweet Kand géif kréien, och dann nach vum Babyjoer ka profitéieren.

D'Babyjore sinn eng Weiderversécherung. Si erlaben also och d'Carrière d'assurance ze complétéieren. D'Babyjore ware jo ageféiert ginn 1988 fir déi Kanner, déi nom 1. Januar 1988 op d'Welt komm sinn. Duerch dat hei Gesetz kënnen d'Elteren och vun de Babyjore profitéieren fir all Kanner, déi virun deem Datum op d'Welt komm sinn. Allerdéngs ëmmer ënnert der Voraussetzung, dass se d'Bedéngunge vum Gesetz erfëllen, dass dat also eng Weiderversécherung ass, dass se virdu geschafft hunn an dass déi Periode sech och net mat anere Versécherungsperioden iwwerdecken.

Et ass virun allem interessant fir Fraen, déi d'Babyjore kréien, fir drop opmierksam ze maachen, dass déi Mesuren, déi mer schonn 1999 an 2000 geholl hunn am Rahme vun engem Rachat vu Perioden an och am Zesummenhank mam Zréckbezuele vun de Kotisatiounen, déi virun 1988 u vill Persounen ausbezuelte si ginn, déi dee Moment, wou se opgehalen hunn, d'Kotisatiounen erëmgefrot hunn. Si hunn nëmmen hir Part kritt. D'Part patronale ass net ausbezuelte ginn. D'Gesetz, dat 1999 gestëmmt ginn ass a wat verlängert ginn ass a wat elo definitiv am Code des Assurances sociales ageschriwwen ass, erlaabt also alle Fraen, déi Kotisatiounen elo erëmzebréngen an doduerch hir Versécherungsperiode vu virdrun erëm opliewen ze loosse. Dat kënnt och de Fall sinn, wann een erëm 48 Méint geschafft huet. Et ass allerdéngs ganz oft méi interessant fir d'Kotisatiounen erëm anzebezuelen. Duerch d'Erëmbezuele vun de Kotisatiounen kënnen d'Babyjoren ugerechent ginn a wann dee Moment nach Versécherungsperiode feelen, kann ee Perioden akafen, fir d'Versécherungs-carrière ze complétéieren.

Et ass virun allem interessant bei deene Persounen, déi net op zéng Joer géife kommen, déi also duerch d'Babyjoren

an duerch de Rachat an den Akaf vu Versécherungsperiode sech elo eng Mindestcarrière kënnen opbauen, fir och an de Genoss vun enger Pensioun ze kommen, déi ëmmerhin, wa se accordéiert gëtt, méi héich ass wéi dee Forfait, dee mer an dësem Gesetz elo nei schafen. Et kann een also alle Fraen, déi an deem Fall sinn, nëmme rode fir d'éischt emol d'Babyjoren ze froen an ze kucke fir eng Carrière opzebauen. Et ass och esou, dass d'Babyjore prioritär sinn. De Forfait ass eng Mesure, déi zweetrangeeg ass, déi also nëmme a Fro kënn wann d'Babyjoren net kënnen agesat ginn.

Déi zweet Moosnam fir d'Fraen ass de Forfait d'éducation. Eng Fro, déi haut de Mëtteg, an och scho virdrun, ëmmer erëm opgeworf ginn ass, déi allerdéngs och iwwert dat rengt Theoretischt erausgeet, ass déi, wat fir e Charakter de Forfait d'éducation huet an d'Fro, firwat mer dann elo ausser de Babyjoren an den Erzéijungsjoren nach eng aner Prestatioun aféieren.

Wa mer d'Situatioun analyséiere vun de Fraen, déi vun de Babyjore kënnen profitéieren, an och eventuell Männer, wa mer kucke wat déi nei Mesure vun der Ausdehnung vun de Babyjoren op Kanner, déi gebuer si virun 1988, bréngt, da stelle mer fest, dass mer do nach laang net all Fäll erfaassen, dass do ganz vill Laküne bleiwen, dass mer och Härtefäll schafen, a wou mer de Leit misste soen, firwat dass si net kënnen dovunner profitéieren.

Mir kënnen och Leit Babyjore ginn, mä wa se net op zéng Versécherungsjore kommen, da bréngen d'Babyjoren näischt. Da kréie se eventuell déi Kotisatioun eng Kéier ausbezuelet an dann hu se näischt vun de Babyjoren.

Et muss een och virun der Gebuert geschafft hunn. Et si Fraen, déi net virun der Gebuert geschafft hunn an also keng Babyjore kënnen kréien, well d'Gesetz dat net virgesäit, déi awer eventuell spéider an den Aarbechtsprozess agefuerde sinn, déi also och net vun de Babyjore kënnen profitéieren.

Et gëtt déi, déi iwwerhaupt net geschafft hunn. Et gëtt déi Fraen, déi, ier mer d'Gläichberechtigung vu Mann a Fra an der Gesetzgebung haten, schonn hu missen opphale mat schaffe wa se bestuet si ginn.

Mir hunn déi Fraen, déi iwwerhaupt net geschafft hunn, déi doheem hir Aarbecht gemaach hunn, déi sech ëm d'Erzéiung vun de Kanner gekëmmert ginn. Et gëtt also ganz vill Kategorië vu Fraen, déi, och wa mer d'Babyjore verallgemengeren, och wa mer se ausdehnen op déi Zäit vu virun 1988, net vun där Mesure kënnen profitéieren.

Bis elo huet de Stat d'Beitrag bezuelet. Et ass also nach ëmmer eng Mesure, déi mat öffentleche Gelder iwwert de Statsbudget finanziert gëtt. An do kann ee sech d'Fro stellen, wann de Stat dat iwwerhëlt, och wann et eng Weiderversécherung ass, muss en dann awer fir déi, déi aus all deenen Ursachen, vun deenen ech der eng Rei opgezielt hunn, net kënnen vun de Babyjore profi-

téieren, eng Contrepartie, en Ausgleich schafen, dee gerecht ass an deem dann déi eng d'selwecht wéi déi aner behandelt?

Dat ass eigentlech de Grondgedanken, dee bei der Proposition vun der CSV virlouch, fir d'Erzéiungspauschal anzeféieren. Ech verweisen do op eng aner Mesure, déi schonn 1980 geholl ginn ass a wou hoergenee d'selwecht raisonnéiert ginn ass. Dat war dee Moment wéi de Stat bei de Krankekeessen d'Indemnité de maternité ganz iwwert de Budget vum Stat iwwerholl huet. Dunn ass d'Fuerderung opkomm, besonnesch och bei de fräie Beruffer, dass déi och Urecht hätte fir eppes Ähnlech ze kréien, an de Stat huet 1980 d'Allocation de maternité geschaaft, wou also och déi Fraen, déi net geschafft hunn oder e fräie Beruff haten, dee Moment vun där Allocatioun konnte profitéieren. An d'Argument war hoergenee datselwecht, dass d'Allocation de maternité vum Stat bezuelet géing ginn, an dass een dee Moment, à l'égard vum Budget vum Stat, keng zwee-ërlee Kategorië vu Leit géing schafen, dass een also misst probéieren, eng eenegermoossen ausgläichend Gerechtegkeet ze schafen, fir all Kategorië vu Fraen, déi dee Moment an darselwechter Situatioun sinn. An dat ass och de Grondgedanke vu der Erzéiungspauschal, dem Forfait d'éducation.

Dat huet vläicht net jidderee riets a lénks esou matkritt, mä ech wëll awer kloer hei soen, datt een eigentlech déi do Leeschtung net kann astufen. Et kann een net soen, et ass eng Pensioun. Et ass och keng Prestatioun vu Kannergeld.

### (Interruption)

Här Lux, Dir hutt ee Moment d'Fro gestallt: Ass et dann e Kannergeld? Et muss ee sech vun deene Prestatiounen, déi mer hunn, och fräimaachen. Et muss een op nei Weeër goen, a wa mer ëmmer nëmme an deenen dote Kategorien denken, komme mer sozial gesinn net virun. Dat hei ass fir eis e wesentleche soziale Fortschritt an eng aner Richtung, an ech hunn lech och gesot, firwat dass mer dat do gemaach hunn.

Dir hutt vill kritiséiert, erlaabt mer eng Kritik à l'égard vun lech. Dir waart ausschliisslech a mengen Aen negativ. Dir hutt bal näischt Positives un där Mesure do gesinn an dat bedauern ech.

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.** - Ech hu méintlaang gestritten, fir dass Äre Modell soll besser ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - An Dir waart och schonn emol méi kritesch mat der Regierung an där doter Problematik, wann ech mech ganz gutt kann erënneren, an ech mengen, Här Meyers, Dir kënnt lech och un déi méi kritesch Téin vun lech selwer erënneren. Mä Dir hutt awer elo gutt d'Kéier geholl.

**M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Ech hunn ëmmer nëmme kritiséiert wa Kritik unzebréngt war. Dir kritiséiert weinst der Kritik. Dat ass den Ennerscheid tëscht lech a mir.



**(Hilarité)**

Ech kommen op d'Bedéngunge vun där neier Erzéiungspauschal. Déi Bedéngunge sinn an der Chamberskommissioun verbessert ginn. Ech gesinn doran de Rôle vun der Chamber. Mir si jo net nëmmen déi, déi alles unhuele wat proposéiert gëtt. Mir diskutéieren, an do wou eppes net gutt ass, verbessere mer.

Wat sinn déi Bedéngungen? D'Bedéngunge sinn, dass ee 60 Joer al muss sinn. All Fraen, déi iwwer 60 Joer al sinn, kënnen, och wa se nach am Aarbechtsprozess dra sinn, vun där Erzéiungspauschal profitéieren, oder awer méi fréi, wa se viru 60 Joer eng Penssioun kréien. Et däerf ee keng Prestatiounen iwwert d'Babyjoren oder bei der Mindestpensioun iwwert d'Erzéiungsjoren an der Penssioun dran hunn.

Bei der Mindestpensioun ass et esou, wann dee Complément, deen ee kritt duerch d'Erzéiungsjoren, net un de Montant vun der Erziehungspauschal erukënnt, kritt een d'Differenz bezuelt bis zu dem Héchstbetrag vun der Erziehungspauschal. Et muss ee sech der Erzéiung vun de Kanner gewidmet hunn. Et muss een hei am Land wunnen. D'Kanner müssen hei am Land op d'Welt komm sinn an et muss een an där Zäit vun der Erzéiung oder vun der Adoptioun hei am Land residéiert hunn.

Den neieste Betrag vum 1. Juli, well dat ass den Dag, wou se a Kraaft trëtt, läit, wann ech richteg gerechent hunn, bei 77,50 Euro. Et ginn allerdéngs Cotisatiounen ofgehalen an och Steieren. Dat hätte mer gäre gehat fir déi Gläichbehandlung tëschent Pensiounsbezéier an deenen, déi d'Erziehungspauschal kréien, hierzustellen, well wa mer dat net maachen, da wären déi, déi d'Babyjoren hunn - déi iwwregens berechent ginn op 1,5 Mol de Mindestloun -, benodeelegt par rapport zu deenen, déi d'Erzéiungspauschal kréien.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetz trëtt den 1. Juli vun deem Joer a Kraaft. De Rapporteur huet scho gesot, dass vun der Verwaltung all Frae sollen ugeschriwwen ginn. Dat wären der 30.000. Et huet een Zäit, fir seng Demande ze maachen. Well och wann een d'Demande net am Juli, am August oder am September mécht, mä eréischt am Oktober, da kritt een awer d'Prestatioun vum 1. Juli un. Et steet nämlech net am Gesetz dran, wéi bei anere Prestatiounen, si géif bezuelt vum Dag vun der Demande un. Et ass just eng Verjährung virgesi vu fënnef Joer.

Ech géif awer net roden, dass ee fënnef Joer soll waarden. Ech géif déi, déi ee Recht hunn - well ganz vill op d'Verwaltung zoukënnt -, vun hei aus bieten, Gedold ze hunn. De Rapporteur huet gemengt, dat kënnt bis zum Enn vum Joer daueren. Duerfir mengen ech: Loosse mer der Verwaltung, wann d'Gesetz do ass, e bëssen Zäit! Mä ech géif awer mengen, dass all Moossname misste geholl ginn, fir dass se awer séier ausbezahlt géif ginn. Ech hätt léiwer et kritt ee se ze vill, wéi dass dausend Leit laang drop waarden.

Ech hunn d'Mesuren explizéiert. Mir fannen, dass se an de Konzept vun der Pensiounsversécherung erapassen, dass dat Gesetz wesentlech Verbesserung bréngt, an dass mer e Schrëtt no vir maachen. Aus där Ursaach wäert meng Partei dat Gesetz stëmmen.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Den Här Lux huet d'Wuert.

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.-** Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech wëilt an engem zweeten Deel Stellung huelen zu deem Paquet, deen d'Mesuren am Zesammenhang mat de Renteverbesserunge betrëfft. Am Ufank vun där Interventioun géif ech gären am Numm vu menger Fraktioun deenen zwee Rapporteur a virun allem dem President vun eiser Kommissioun a sengem dueble Rôle als Président-rapporteur hei félicitéiere fir déi Aart a Weis, wéi mer an deene leschte Wochen a Méint an der Kommissioun - an ech denken och haut - iwwert dese Projet diskutéiert a geschafft hunn. Ech mengen, dat ware vum Rentendéisch iwwert d'Kommissiounsarבעhte bis haut all Kéier Diskussiounen, déi zwar heiansdo an der Saach heftig waren - an ech mengen Ennerscheeder an der Politik beräichere jo wuel d'Diskussioun a sinn och als dat ze gesinn -, mä si waren all Kéier kolleegial a si hunn der Saach gedéngt. An deem Sënn hu mer déi ganz Diskussioun vun Ufank bis haut als eng positiv a flott Diskussioun emfonnt.

D'Tatsaach, dass mer haut an der Lag sinn, fir d'Renten am Privatsektor ze verbesseren, baséiert ouni Zweifel a fir d'alleréischt op e puer einfach Entwécklungen a Parameteren, déi mer zur Kenntnis müssen huelen. Eng erfollegräich Wirtschafts- an Aarbechtsmaartpolitik an deene leschte Joren, déi d'Zuel vun de Renten hei zu Lëtzebuerg vun 72.000 am Joer 1985 op haut 108.330 augmentéiert huet an, mengen ech, d'Basis geluegt huet fir déi finanziell Situatioun an de Keessen, déi mer d'lescht Joer um Rentendéisch kannt hunn an haut nach kennen.

Eng verantwortungsbewusst, effikass Politik am Pensiounsberäich am Privatsektor, eng gutt Gestéioun innerhalb vun de Pensiounskeessen, déi d'Reserven innerhalb vum Privatsektor op ëm déi 170 Milliarden al Lëtzebuerger Frang an domat op 2,85 Mol déi gesamte Joresmass vun alle Leeschtungen am private Rentenberäich an d'Luucht gedriwwen huet.

Schlussendlech e solidaresche generatiounsiwwergräifende Pensiounssystem, dee vun der Émlagefinanzéierung, dee gerecht fir eng gutt Altersvirsuerg suert ouni déi Aktiv ze vill ze belaaschten. Un all dese Parameteren huet d'LSAP an hirer Regierungsbedeelegung an deene vergaangene 15 Joer e wesentlechen Undeel gehat. Wann d'Renteleeschungen zu Lëtzebuerg haut am EU-Verglach méi wéi uerdentlech sinn, dann hunn déi successiv Ministeren an deene 15 Joer an deem Ministère dofir maassgeblech matgeschafft.

An deene genannte Jore sinn d'Rente vun 1985 un duerch siwen Adjustementen ëm 25,6%, duerch d'Indexéierung nach eng Kéier ëm 33,2% an duerch zwou strukturell Reformen ëm 19,44% an d'Luucht gaangen. Dat war a bleift och ouni Rentendesch bei deene strukturelle Verbesserungen eng bemierkenswäert Evolutioun, déi mer hei zu Lëtzebuerg an all deene Joren haten. De BIT huet eis a sengem Avis, a sengem Rapport, a senger Etüd dat nach eng Kéier schwaarz op wäiss beluegt. Ënner anerem duerch deen heie Verglach, deen e gemaach huet, tëschent enger Persoun, déi hei zu Lëtzebuerg während véierzeg Joer geschafft a cotiséiert huet, an enger selwechter Persoun, déi déiselwecht Carrière mat deemselwechte Loun a mat därselwechter Cotisatioun déi Säit der Musel an der Bundesrepublik Däitschland gemaach huet.

Wann een dee Verglach, nach eng Kéier, sech virun An hält, da gesäit een, dass déi Persoun hei zu Lëtzebuerg, déi véierzeg Joer um Salaire moyen vun 83.359 Frang cotiséiert huet, haut zu Lëtzebuerg eng Rent vun 69.689 Frang brutto kritt. Déiselwecht Persoun, an der Bundesrepublik Däitschland, kënnt op eng Rent vun 1.943 alen däitsche Marken. Dat heescht zirka 40.000 ale Lëtzebuerger Frangen. Verglach an Euro: Kritt déi Persoun hei zu Lëtzebuerg eng Rent vun 1.727 Euro an déi an Däitschland mat genau därselwechter Carrière, deemselwechte Loun, därselwechter Cotisatioun, kënnt op eng Rent vun 993 Euro.

Mir sinn an all deene Joren net stoe bliwwen am Beräich vun de Renten am Privatsektor. Mir hu versicht responsabel de Spagat ze maachen zwëschen de Leeschtungen, esou héich wéi méiglech, an de Reserven, dat heescht duerfir ze suergen, dass mer eng sécher Finanzéierung méttel- a laangfristeg hätten. Ech mengen, dass en eis, an de Rentendesch an de BIT hu gewisen, réusséiert ass.

Mir hunn an därselwechter Period, an engem aneren Dossier, dee jo vill haut diskutéiert gëtt, nämlech dee vun den eegestännege Rechter fir d'Fraen, déi éischt elementar Schrëtter geholl mat der Aféierung vun de Babyjoren, fir d'éischt ee Joer, dono zwee Joer, mat den Erzéijungsjoren an och beim Gesetz iwwert d'Fleegeversécherung, dem Begrëff vun de Fleegejoren, déi vum selwechte Prinzip sinn, nämlech dass de Stat Responsabilitéit iwwerhëlt, wann eng Persoun sech ëm eng fleegebedürfteg Persoun bekëmmert, fir d'Cotisatiounen ze bezuelen an ebe just dofir ze suergen, dass mer keng onkomplett Carrièren, virun allem bei de Fraen, well si am meeschten heivunner betraff sinn, géife kréien.

Awer och, an ech hunn dat virdru scho gesot, 1999 an 2000 sinn déi weider Moosnamen am Zesummenhang mat der fräiwëlleger Weiderversécherung an dem Réckkaf ëmgesat ginn. Datt awer bei deenen héije Reserven, déi ech virdru genannt hunn, an Héicht vun 170-180 Milliarden al Lëtzebuerger Frangen, d'Fuerderungen am Beräich engersäits vun den Assuréen, vertratt

duerch d'Gewerkschaften, an op där anerer Säit och vun der Patronatssäit, déi éischter plädéiert huet, fir angesichts där gudder, exzellenter Situatioun vun eise Reserven éischter d'Beiträg erofzesetzen an domadder e Beitrag zur besserer Kompetitivitéit vun eiser Economie ze maachen, net géifen ophalen, dat war evident a kloer.

Déi lescht parlamentaresch Majoritéit vun CSV an LSAP an där Period vun 1994 op 1999 hat sech dorobber verstännegt an hirem Koalitiounsprogramm, awer och am Kontext vun der Noutwendegkeet vun der Stabilitéit an der méttel- a laangfristeger Ofsécherung vun de Renten, duerfir ze suergen, éischter punktuell Verbesserungen ze maachen awer et op strukturell, dat heescht linear, iwwer all Rente goend Erhéijungen am Privatsektor ofzegesinn. Wéi legitim déi Haltung war, wéi richtig dass se war och am Kontext vun der Atmosphär, déi mer an deene Méint a Joren an där Legislaturperiod am Pensiounsberäich kann hunn. Wi vill Zähneknirsche se op där enger an op där anerer Säit provoziert huet, mengen ech, ass haut an der heuteger Diskussioun belanglos, mä et war eng politesch Décisioun zu där mer stungen a stinn, fir dat am Kontext vun där Legislaturperiod ze maachen. Och angesichts der Tatsaach, dass mer an deenen zwou Legislaturperiode virdrun ebe just och um strukturelle Plang mat 19,4% Augmentatioun dach awer scho viles an déi richtig Richtung gemaach haten.

D'Zil vun der Konvergenz, vun där berühmt-berüchteter Konvergenz, vun deenen zwee grouse Renteregimen, weiderzedreiwten, hat d'LSAP net opginn an huet se och haut net opginn. Deementsprechend huet d'LSAP, wéi all déi aner Parteien och - an ech hunn heiansdo de Sträit an d'Diskussiounen doriwwer net richtig verstanen - 1999 och en neie Wahlprogramm oder e Wahlprogramm fir déi Period, déi mer elo am Gaange si vun 1999 op 2004 geschriwwen. Se huet sech an deem Wahlprogramm ausgeschwat fir strukturell Augmentatiounen, déi se 14 Deeg virun de Wahlen - vläicht taktesch ongeschéckt, wie weess -, nach eng Kéier preziséiert huet, mä déi schonn dräi Méint virdrun, bei der Publikatioun vum Wahlprogramm prezis drastungen, an also nei positionéiert, wéi all déi aner Parteien och.

### **(Interruption)**

Ech hu mer d'Méi gemaach d'Programmer nach eng Kéier alleguer nozeliesen, an ech kann nëmme soen, dass all Parteien, ouni Ausnahm, eng ganz Rei vun neie Virschléi gemaach hu fir dës Legislaturperiod, déi sech zum Deel och erëmfannen an deem, wat mer elo haut an dësem Gesetz hei virleien hunn.

Ech muss éierlech soen, dass, wann ech dat noliesen, wat d'LSAP an hirem Wahlprogramm, an hirem Zéngpunktprogramm fir d'Konvergenz kuerz virun de Wahlen nach eng Kéier preziséiert huet, ...

### **(Interruptions)**

Här Kriebs, zu de Wirrungen an Irrunge vun der DP kommen ech nach. Lauschtert nach e bëssen no. Ech ka just feststellen, dass an deene Virschléi, déi d'LSAP gemaach huet, dass wa mer haut kucken an deenen dräi Joer, déi elo laanscht sinn, mat Rentendesch, BIT-Etüd an esou weider, dass dat wat mir gefuerdert hu richteg war a sech an deem, wat elo um Dësch läit an esou virun, als eppes ganz Richteges beweist. Ech huelen nëmmen e puer Saachen eraus.

An deem Papeier stung dran: "Jo, zur Émlagefinanzéierung an neen zu engem Wiessel vun der Émlagefinanzéierung am Kapitaldeckungsverfahren." Keen huet méi Recht kritt an där Polemik, déi kuerz virun de Wahlen zu deem hei Sujet gefouert ginn ass, wéi d'LSAP par rapport zu deem, wat d'Demokratesch Partei an hirem Wahlprogramm - an och d'CSV, Här Weiler -, mä virun allem par rapport zu deem, wat d'Demokratesch Partei an hirem Wahlprogramm an och an enger ganzer Rei vun aneren Äusserungen zu deem Punkt gesot huet. Der schlächender Privatiséierung ass op dem Gebitt vun eiser privater Pensiounsversécherung eng Barrière virgeschobe ginn. An dat ass och gutt esou.

An der Fro vun der Gestiou vun de Reserven hu mer eis duerfir ausgeschwat fir eng besser Gestiou ze maachen. Dorausser ass eng Etüd vu Price Waterhouse entstanen, déi mer kuerz an der Kommissioun diskutéiert hunn, a wou mer generell mat där virsiichteger Approche, déi Price Waterhouse huet, d'accord sinn, déi Gestiou an de Rendement vun de Reserven ze verbessern. Mir hunn an deem Papeier eis ausgeschwat fir strukturell Verbesserungen och um Niveau vun de Majorations proportionnelles, also dem Steigerungssaz, an et ass dat wat mer haut décidéieren, andeem mer de Steigerungssaz ëm ronn véier Prozent augmentéieren. Och do hu mer net Onrecht kritt.

A schlussendlech hu mer eng zéngprozenteg Augmentatioun vun der Grondrent verlaangt. Haut gi mer nach souguer e bëssen driwwer ewech. Och do louche mer komplett an dem Trend vun deem, wat mer haut décidéiert hunn, a schlussendlech, an do si mer net esou wäit komm um Rentendesch an an dësem Projet, wéi mer eis dat erhofft hunn, hu mer eis duerfir ausgeschwat, fir déi eegestänneg Pensiounsrechter vun de Fraen, d'Verduebelung vun de Babyjoren, den Ausbau vun den Erzéiungszäiten nach ze verbessern.

D'DP huet dat deemools an huet dat och duerno Populismus genannt. Nächst ass méi falsch wéi dat, well alles dat ass zum groussen Deel dat, wat an deem Projet de loi an an de Resultater vum Rentendesch haut dran ass.

Eise Kurs war, Här Kriebs, vill manner e Schléngerkurs mat Irrungen a Wirrungen, wéi dee vun deenen zwou Majoritéitsparteien a wéi virun allem deen, dee bei der Demokratescher Partei gemaach ginn ass. Ech wëll nëmmen e puer Beispiller nennen:

An der Regierungserklärung heescht et - an dat ënnert dem Androck vun där Rentemauer, déi eise Statsminister dauernd nuets am Schlof gesinn huet -: "Et gëtt am Beräich vun de Renten am Privatsektor keen neit Kapitel geschriwwen." Dat war eng klor Ausso par rapport zu deem, wat gewollt war.

De 17. Mäerz 2001 seet deeseweichte Statsminister um CSV-Kongress: "Erhöhungen werden dort erfolgen, wo es mit dem Ziel von mehr Rentengerechtigkeit notwendig ist. Es wird mit der CSV in der Regierung jedoch zu keinem Reserveklaus kommen." Dat war eng Ausso dono. Mir waren also nach ganz, fir mat de Wieder vum Här Halsdorf ze schwätzen, an der Defensiv.

Virun dem Hannergrond vun deenen éischte Resultater vun der BIT-Etüd an dem zouhuelenden Drock vun de Gewerkschaften, virun allem deem vum OGB-L, an och dem Virschlag, dee mer am September gemaach hate vun der Joreszoulag vun der LSAP, ass dann de Bann am Hierscht an am Wanter definitiv gebrach.

D'DP huet et allerdings nach vill méi bont gedriwwen. Si huet net nëmmen an der Systemfro, ewech vun der Émlagefinanzéierung hin zur Kapitaldeckung, Schëffbroch erlidden, net nëmme gouf et Konsens hei zu Lëtzebuerg, fir net an déi Richtung ze goe bei bal alle Responsablen, déi dat analyséiert an diskutéiert hunn, mä och de BIT, loosse mer dat net vergiessen, huet sech doriwwer ausgeschwat an huet déi Iddi éischter als e Relikt aus der neoliberaler Mattekëscht betruecht an och als dat op d'Säit geluegt.

Or, a puncto Verbesserung kouw et der Demokratescher Partei net op e Méi oder Manner un Irrungen a Wirrungen un an deenen Theesen, déi se vertratt huet. Och do e puer ganz kuerz Beispiller:

Den 23. Juli 1998, d'Demokratesch Partei ass nach an der Oppositioun, titelt e Communiqué vun der Demokratescher Partei: "Jetzt Verbesserungen für den Privatsektor." Knapps war am August 1999 d'Säit gewiesselt, an dat vun der Oppositioun op d'Regierungsbänk, heescht et den 29. November 2000: "Kein verantwortungsloses Vorpreschen, kein simplistisches Pauschalieren: punktuelle Verbesserungen." Vu soss näischt geet dann am Communiqué Rieds.

### **(Interruption)**

De Sozialminister Carlo Wagner seet bei der Adjustementsdebat den 20. Dezember 2001: "Et stëmmt, dass mer soen, dass keng linear strukturell Augmentatioun soll kommen." Dat war am Dezember 2000.

De Budgetsberichterstatter vun der Demokratescher Partei, dee sech elo grad zu Wuert gemellt huet, de Kolleg a Frënd Gusty Graas, huet gesot: "Als unverantwortlich muss man jedenfalls die von der LSAP vorgebrachten Direktforderungen im Rentenbereich einstufen." Wann ee kuckt an der Héicht vun der Ausgab, wat mer haut virleien hunn a wat mer vum Rentendesch aus

heihinner bruecht hunn, Här Graas, da weess ech net méi wat da responsabel an irresponsabel war.

Awer d'DP kann et nach besser. De Virschlag vun der LSAP, eng Joreszoulag, esou wéi se haut am Projet virgesinn ass, ze décidéieren, ass vun der d'DP vun dem éischte Moment un zerrappt ginn.

De 24. Februar 2001 mengt de Kolleg Marco Schroell: "Ein dreizehnter Monat gefährdet die finanzielle Zukunft." Ech muss iwwregens soen, well dat och heians-do Irrungen a Wirrungen sinn ...

### **(Interruption)**

Ech muss lech da soen, net dem BIT, dass d'LSAP ni en dräizéngte Mount gefrot huet.

### **(Hilarité)**

Däerf ech lech vläicht den Ënnerscheed erklären, Här Krieps, wann Der en nach net sollt gemierkt hunn. Den OGB-L huet an engem gewëssene Moment vun der Diskussioun als praktescht Engagement, dat sollt geholl ginn, ier d'Politik an d'Chamber fäerdeg wäert mat lineare strukturelle Verbesserungen um Niveau vun de Majorations proportionnelles, gesot: Gitt eis als eng Virleeschtung fir jiddfer Rentner en 13. Mount. Dat war, dass jiddfer Rentner genau déi Pensioun, déi e kréisch, als 13. Mount sollt erëmkreien. Dat huet mat der Iddi, déi d'LSAP proposéiert an um Rentendësch virbruecht huet, fir iwwert e Pauschalbetrag duerfir ze suergen, dass jiddferee fir säi kotiséiert Joer déiselwecht Zoulag sollt kréien, awer och wierklech guer näischt ze dinn, well et eis virun allem drëm gaangen ass, méi eng gerecht Proposition ze maachen, déi iwwert de Pauschalbetrag virun allem deene kleng Rentebézéier vill méi géif bréngen, wéi deene groussen, wa mer deenen einfach den 13. Mount comme tel nach eng Kéier géingen ausbezuelen.

Dofir wëll ech nach eng Kéier soen, d'LSAP huet ni en 13. Mount gefrot. Dofir sinn all déi Polemiken, déi d'DP do gefouert huet, an d'Eidelt gaangen, well dat net eis Iddi war an och net ass, an et sech haut nom Rentendësch weist, dass mer eppes aneschters gemaach hu wéi dat, wat den 13. Mount war, wéi en deemools als Virleeschtung vu strukturellen Augmentatiounen um Beitragsaz vum OGB-L gefrot ginn ass.

**Une voix.-** Doriwwer kënnt een och eng Geschicht erzielen.

### **(Interruptions diverses)**

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.-** Här Weiler, ech soen lech, wann Dir mir verspricht, kengem et weiderzeverzielen, dass et ëmgedréint war.

Weider ass an deenen Diskussiounen do Rieds gaange vun engem ondifferenzéierte Virschlag vun der LSAP. "Kein verantwortungsvoller Umgang mit den Reserven reiht sich ein in populistische Forderungen." Dëst ass

iwwregens och am DP-Focus an där Form duerch ganz Land verdeelt a gedroe ginn.

Du ware mer de 26. Abrëll 2001. Deen Dag um Rentendësch hu mer deen éischten Text vun der Virstellung vun der DP fir de Rentendësch zur Kenntnis geholl. Ech muss éierlech soen, si hunn net vill hierginn. Vill Plituden oder Worthülsen. Ech hunn eng erausgeholl déi symbolesch ass fir dee ganzen Text: "Toute décision doit honorer le principe de la performance-contribution." Domat konnte mer um Rentendësch vill ufänken!

Véier Deeg méi spët, Schweessdrëpsen op der Stir virun Angscht, den Zuch awer ze verpassen, well alles wat am Text vum 26. Abrëll stong, Här Rippinger, war - a fir e Wuert ze gebrauchen, wat Dir esou gären hutt - Humbug, an d'DP huet weider opgerüst an huet an hire Pabeiere vun hei an vun do ofgeschriwwen. Ech muss éierlech soen, ech ka mech nach erënneren ...

### **(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)**

Ech muss éierlech soen, dass, no all deem wat d'DP iwwert d'Joreszoulag vun der LSAP geschriwwen hat an duerch d'ganz Land gedroen hat, mer bei deem Pabeier, dee véier Deeg méi spët komm ass, den 30. Abrëll 2001, awer gestaunt hunn. Ech ka mech un déi Sitzung um Rentendësch nach ganz gutt erënneren, well jiddfereen den Text vun der DP op engem Punkt dräimol gelies huet, fir wierklech ze gleewen, wat do stoe géing. An do stong dann: "Une troisième mesure proposée par le DP concerne l'allocation d'un complément de fin d'année." Ech kann nëmme soe bravo. Nodeem dat während Méint a Wochen als irresponsabel dohinner gestallt gi war, als eng Iddi vu Leit, déi se wierklech net méi all hätten, huet d'DP dann op eemol den 30. Abrëll déi Iddi iwwerholl.

D'LSAP, an dobäi bleiwe mer, huet mat deem Virschlag vun der Allocation de fin d'année en innovative Virschlag gemaach, dee sech gutt areit an dat, wat mer haut, an dem Gesetzesprojet, virleien hunn. De Virschlag fënnt sech erëm, wann och net an där vun eis virgeschloener Envergure, vu que dass déi Proposition, déi mir gemaach haten, jo de gesamte Kuch bedeit hätt, a vu dass mer och nach Moosnamen um Niveau vun der Mindestrent, der Grondrent an de Steigerungssatz geholl hunn, ass se dann halbéiert ginn, fir en tant que telle an de Paquet vun de Moosnamen iwwerholl ze ginn.

Mir bewäerten dat och haut nach als en Erfolleg, well mer mengen, dass mer e Virschlag gemaach hunn, deen, wéi ech gesot hunn, innovativ ass an deen eis och erlaabt, där Maxime, där mer eis alleguer sollte verschreiwen, nämlech déi, dass eis Rente sollen héich sinn, dass eis Renteleeschungen esou héich wéi méiglech solle sinn, mä dass op där anerer Säit mer och sollte kucken, dass d'Finanzéierung an d'Flexibilitéit esou sinn, dass mer muer op eventuell ekonomesch Abrech kënne



reagéieren, an déi Moosnam do vill méi einfach duerchzeféieren ass, wéi dat um Niveau vun de Steigerungssätz an der Majoration forfaitaire de Fall ass.

Mir mengen net eréischt säit der Etüd vum BIT, dass eise Rentensystem en Ozeanriese géif duerstellen, deen nëmme schwéierfällég an nëmme mëttel- a laangfristeg op Kurskorrekturen um Niveau vum Aarbechtsmaat vis-à-vis vun de Rentebeitragszueler, also der gesamter makro-ekonomescher Situatioun, kënn reagéieren. Dofir war eis Iddi kombinéiert mat sou genannte Clignotanten eng Iddi, déi eis geschéngt huet an déi richteg Richtung ze goen.

Mir kënnen also als LSAP mat dem Ofschloss, souwuel vum Rentendësch wéi mat deem, wat an de Gesetzesprojet erakomm ass, gutt liewen.

D'Joreszoulag, déi duerch de Pauschalbetrag, wéi ech et gesot hunn, virun allem de kleng Rentebezéier iwwerproportionell privilegiéiert, déi Augmentatioun um Niveau vum Steigerungssaz, déi virun allem an de Propositione vun de Gewerkschaften am Mëttelpunkt stong, si generell Moosnamen, déi kompatibel si mat den Haaptprinzipie vun deem Edifice, deen eist Pensionsversicherungswiesen duerstellt, nämlech dass een op enger Aarbecht e Loun kritt, op deem Loun eng Cotisatioun bezillt an opgrond vun där Cotisatioun eng Leeschtung kritt. Deene Prinzipie gëtt mat der Augmentatioun vun 3,9% vum Steigerungssaz och Rechnung gedroen.

Schlussendlech déi Augmentatiounen um Niveau vun der Grondrent an der Mindestrent, déi de Mëtteg vum Kolleg Paul-Henri Meyers richtig beschriwwen gi sinn als e weidere Schrëtt zur Bekämpfung vun de sou genannten Hongerrenten an déi och virun allem deenen zegutt kommen, déi au bas de l'échelle vun de Renteleeschtungen stinn.

A fäert net, Här Weiler, ech fänken elo wierklech net nach eng Kéier un, d'Verallgemengerung vun de Babyjoren op d'Jore vu virun 1988 an domat verbonnen de Forfait d'éducation.

Ech wëll just hei dem Kolleg Paul-Henri Meyers soen, an ech mengen, dass e mat mir d'accord ass, dass eis Attitude, esouwuel um Rentendësch wéi och an de Kommissiounsaarbechten, ëmmer eng positiv war, och wat den Alternativvorschlag beim Forfait d'éducation ubelaangt huet, dee mer ënnerbreet hunn an deen eben déi Divergenz huet, dass mer dat Oprechne vu Babyjoren a Forfait d'éducation eben net gesinn.

Ech mengen, dass dat kee Problem ass an der Demokratie an an dem Parlamentarismus, wann een och heiansdo Meinungsverschiedenheeten huet, déi ausdréit a versicht ze kucken, fir sech méi no ze kommen.

Mir sinn eis an enger Rei vu Punkten, och wat de Modell vun der Regierung an der Majoritéit ubelaangt, méi no komm mat deene Verbesserungen, déi gemaach gi sinn, mä, Här Paul-Henri Meyers, ech wëll lech haut scho soen

an eng Wett mat lech agoen, dass mer an der Definitioun vum Forfait d'éducation, esou wéi en haut wäert gestëmmt ginn, souwuel um nationale Plang wéi um europäesche Plang, grouss juristesche Problemer wäerte kréien. Déi si virprogramméiert an der Ausrichtung vun deem, wat mer do gemaach hunn. Ech fäerten, mir wäerten dann nach eng Kéier missen zrëckkommen a wie weess, vläicht dann de Modell vun der LSAP erëm erauskomen, fir deen dann ze beschléissen.

Zum Schluss zwou Bemierkungen, déi mam Rentendësch a mat deem, wat mer hei virleien hunn, och zum Deel ze dinn hunn.

"De Rentendësch huet de 700.000-Awunner-Stat beschloss." Déi Ausso vum Statsminister huet sech net nëmmen an der Tëschenzäit an der allgemenger politescher Diskussioun an an der atmosphärescher Diskussioun als e politesche Feeler erweisen, dat op déi Aart a Weis esou verbonnen a mat där Causalitéit dohinner ze stellen, mä ass och, wann een d'Diskussiounen um Rentendësch erlieft huet, einfach falsch a gëtt net dat erëm, wat um Rentendësch diskutéiert ginn ass.

Weder déi Versich vun eise grénge Kolleegen um Rentendësch, nach d'Diskussioun iwwert d'Clignotante vun der LSAP am Zesammenhank mat der Proposition vun der Allocation de fin d'année hunn um Rentendësch iergendeen interesséiert a sinn och weder vum President vum Rentendësch nach vun deene Ministeren, déi d'Regierung do vertratt hunn, thematiséiert ginn, fir dass mer déi Relatioun solle versichen hierzustellen an déi Debatt eben an déi ...

### (Interruption)

Ech hat éischter d'Gefill, dass dem Här Frieden seng Suergen net am 700.000-Awunner-Stat 2050 louchen, mä éischter an deenen een, zwee, dräi Budgete vun deenen éischte Joren. Et sinn och do anerer verbotzt ginn. De Jeannot Krecké huet och e puermol versicht, d'Diskussioun iwwert d'Clignotanten ze féieren. Deen ass och verbotzt ginn, en huet sech awer net ginn.

### (Interruption)

Wat ass dann de Problem, wann een an esou enger Diskussioun ass an e Vorschlag mécht? Mir hunn textuell an eise Vorschlag gesot, dass mer déi Allocatioun géinge verbanne mat där Diskussioun iwwert d'mëttel- a laangfristeg Finanzéierbarkeet vun deem wat mer do gemaach hunn. Do brauch bestëmmt net vun der DP e Virwurf ze kommen, wann eng Partei sech Gedanken mécht, dass d'Rentewiese finanzéierbar bleift, och par rapport zu deem wat mer am Gang sinn ze decidéieren.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Entschëllegt, Här Lux, hei gëtt gestridden iwwert d'Clignotanten, mä et schéngt mir jo awer wéi wann déi Clignotantë scho géifen am Code des Assurances sociales

bestoen. Dat war eng vun den Ursaachen, firwat dass mer op alle Fall der Meenung waren, dass een net misst duebel rout Luuchten opstellen. Dofir bleiwen net méi Autoen op de Kräizungen halen.

Déi Clignotantë besti schonn an ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass sämtlech Participanten um Renten-dësch sech engagéiert hunn, dass, wann d'Clignotantë géifen ugoen, dass mer da misste verschidde Mesuren iwwerdenken.

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.-** Dir wësst esou gutt wéi ech, Här Minister, dass mer um Niveau vun de Périodes de couverture eng Méiglechkeet hunn, dat als Clignotant ze betruechten, fir d'gesamt Finanzéierbarkeet. Dir wësst, dass dat en Ennerscheid ass par rapport zu der Proposition um Niveau vun der Allocatioun, contraignant an d'Gesetz och déi Clignotantë par rapport zu där Moossnam anzeféieren, mat der Méiglechkeet, no uewen an no ënnen kënnen zrëckzeschrauwen. Mir hunn dat um Rentendësch net thematiséiert. Jiddereen, deen derbäi war, huet sech eng Kéier geschuddert, wéi e samschdes moies d'Zeitung opgemaach huet a gelies huet, dass mer de 700.000-Awunner-Stat décidéiert hätten. Ech mengen, dass dat net d'Diskussioun war an dass och d'Relatioun tëschent Renteleeschungen an där do Diskussioun nach laang net evident ass, wann ee versicht e bëssen an den Detail ze goen.

Een Défi bleift fir sämtlech offen, an dofir ass jo, wéi bei anere Saachen, en Aarbechtsgrupp agesat ginn, dee soll um Niveau vun de Fakten, der Technicité dat diskutéieren. Dat ass d'Diskussioun iwwert d'Individualiséierung. Mir wëssen, dass ee vun de Punkten um Rentendësch dee war, déi Zuelen, déi mer gelies hunn um Niveau vun de sou genannten Hongerrenten. Mir mussen, wa mer eist Rentewiese kucken, an ech hu virdru gesot, déi Relatioun Aarbecht, Cotisatioun, Leeschtung ass an enger Gesellschaft, déi sech verännert huet, wou d'Familljestruturen net méi déiselwecht sinn, wou d'Aarbechtsmaarsituatioun net méi déiselwecht ass, eben nei iwwerdenken, opbauen op dat, wat mer um Enn vun den 80er Jore gemaach hunn an um Ufank vun den 90er Joren am Zesummenhank mat de Babyjoren, Erzéungszäiten, Fleegezäiten asw. Ech denken, dass mer déi Diskussioun mussen weiderféieren, well wat sinn Hongerrenten anesches gewiescht wéi Hongerrente vu Fraen, déi hir Carrière ënnerbrach hunn an déi net déi Leeschtunge konnte kréien op Grond vun deene Cotisatiounen, déi se am Laf vun der Zäit geleescht hunn.

Mir hunn um Rentendësch als LSAP an eise Pabeier eng Rei vu Propositione gemaach bei de Babyjoren, bei den Erzéungszäiten, bei der Verallgemengerung, bei der Auswärtung vun den Ersatzzäiten asw. Dass mer do net esou wäit komm si wéi mer dat gehofft haten, ass eng Tatsaach, mä d'Hoffnung bleift grouss, dass mer iwwert deen Aarbechtsgrupp, deen am Gaang ass, dat kënnen nohuelen.

Jiddefalls d'Individualiséierung muss kommen, och wann ee sech muss iwwerleeën, ob dat esou rabiart muss gemaach ginn, wéi dat vun deene Gréngen zum Beispill proposéiert ginn ass. Ob dat de rabiarte Systemwiessel soll sinn, oder ob dat éischter mat roueger, awer déterminierter Hand soll geschéien. Doriwwer muss een diskutéieren an et soll een och ophalen dobaussen an der Gesellschaft déi scho bal ideologesch, déi dogmatisch Diskussioun iwwert déi sou genannten Droits dérivés ze féieren. Och do muss ee ganz einfach feststellen, dass, wa mer an eng aner Richtung solle goen - an dofir si mer -, da mussen mer nach an enger laanger Iwwergangsperiod och un den Droits dérivés festhalen, well soss brécht viles zesummen an treffe mer ebe just déi Fraen, deene mer wëllen hëllefen. Och dat soll ee vill manner ideologesch diskutéieren.

Et soll ee feststellen, dass eis Gesellschaft sech verännert huet, an op déi Verännerungen hu mer schonn ugefaange Virschléi ze maachen a gesetzlech Bestëmmungen ze maachen, a mir mussen dat do och nach an den nächste Jore weiderféieren.

D'Rentnerinnen an d'Rentner am Privatsecteur wäerte réckwierkend op den 1. Mäerz an de Genoss vu verbesserte Leeschtunge kommen. D'LSAP huet an der Regierungsperiod vu 15 Joer mat der CSV d'Basis um Niveau vun de Finanze vun de Reserven hefir matgeluegt.

### *(Interruptions diverses)*

D'LSAP huet mat hire sukzessive Sozialministere an deene 15 Joer an der Regierung d'Basis hefir matgeluegt an och an der Opposition Verantwortung um Rentendësch mat iwwerholl, fir zu deem Resultat hei ze kommen. Si wäert deem Deel vun de Rentenaugmentatiounen natierlech haut och hir Approbatioun ginn. Si bedeiten e Stéck méi sozial Gerechtegkeet, besonnesch och fir déi ënnescht Rentebézéierinnen a -bézéier, ouni awer, besonnesch bei de Fraen, eng definitiv an entscheedend Trendwende ze bedeiten. Si sinn an eisen Ae mëttelfristeg finanzéierbar, ouni dass mer eis elo mussen an eng Croissance infinie et effrénée beweegen.

D'Patronatssäit huet nach virun e puer Deeg wéi esou oft den Däiwel un d'Wand gemoolt an eis hei mat Hiobsbotschaften konfrontéiert. Ech muss soen, am Laf vun deene leschte Joren huet d'Patronatssäit och bei aneren Dossieren eis schonn öfters de Weltënnnergank propheet, zum Beispill wa mer de Mindestloun ëm 3% gehéicht hunn. Ech ka mech och nach erënnere wéi mer d'Reform gemaach hu vum Travail intérimaire. Dunn ass eis vu Patronatssäit gesot ginn, domadder hutt Der dee Secteur definitiv kapott gemaach. E boomt haut wéi en nach ni geboomt huet um Niveau vun deem Gesetz, dat deemools gestëmmt ginn ass. Deementspriedend soll een also och déi Hiobsbotschaften als e bësse staark iwwerdriwwen ugesinn.

Déi betraffe Beitragszueler, Aarbechter a Privatbeamten hunn awer definitiv a virun allem duerch hir Aarbecht an

duerch hir Cotisatiounen den entscheidenden Deel dozou bäigedroen, fir dass mer aus där gudder finanzieller Situatioun vun eise Rentenkeessen déi Leeschtunge kënne maachen, a si hunn also schlussendlech déi nei Leeschtunge méi wéi verdéngt.

Merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Interventioun vu mengem Virriedner wier wierklech eng gutt Ried gewiescht an der Theorie, wann d'LSAP net während 15 Joer de Sozialminister gestallt hätt. De groussen Ënnerscheid tëschent der DP an der LSAP - obschonn en eis jo zitëiert huet wat mer geschriwwen a gesot hunn, wat och gutt recherchéiert war -, ass, dass mir, wéi mer elo an d'Regierung komm sinn, den 19. Januar 2001 de Rentendesch ugefaangen hunn an haut den Aboutissement vun deem Rentendesch hunn.

Dat heescht also, de groussen Ënnerscheid tëschent der LSAP an der DP ass, egal wat an de Wahlprogrammer steet, déi eng hu laang a vill geschwat, an déi aner hu gehandelt. Dofir huelen ech ganz gäre mat a Kaf, dass mer dëst oder dat geschriwwen hunn, mä mir hu gehandelt, an dat, wat mer gehandelt hunn, dat huet e Konsens fonnt an dat hutt Der haut hei virleien. Ee vun de grouse Werkmeister ass eben onse Sozialminister, de Carlo Wagner.

### *(Interruptions diverses)*

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Den Här Wagner kritt nach den Hellegeschäin!

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Ech mengen, en hätt en éischter verdéngt wéi Dir, Här Bodry!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken natierlech meng Interventioun u mat dem traditionelle Merci un d'Rapporturen, awer ech géing och meng Félicitatiounen a meng Mercië vun eiser Fraktioun aus soen, fir all déi Acteuren, déi deelgeholl hunn um Rentendesch an déi heiansdo kontrovers, mä awer disziplinéiert herno zu engem Konsens fonnt hunn, dee mir elo an de legislativen Text sollen eranhuelen.

Déi zwee Rapporturen, esouwuel den Här Halsdorf wéi den Här Bettendorf, hunn dat an hire schrëftlechen a mëndleche Rapporte gemaach an och versicht, eis déi schwierig Matière verständlech ze maachen. Ech géing awer do nach zousätzlech mengem Kolleeg Niki Bettendorf merci soen, fir déi Aart a Weis wéi hien an d'Memberen an der Kommissioun déi Texter diskutéiert an och herno arrêtéiert hunn.

Ech hunn net wëlles an den Detail vun den Dispositiounen vum Gesetzesprojet anzegoen, wëll awer vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir e puer méi fundamental

Aspekter, déi mat dësem Projet touchéiert ginn, unzeschneiden.

### *(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)*

Mat enger Debatt an der uschlëssender Adoptioun vun engem Projet de loi gëtt an der Chamber en règle générale ëmmer erëm e Schlusstréch gezunn, e Schlusstréch ënnert d'Diskussiounen an d'Viraarbechte vun deenen zoustännege Kommissiounen un engem Gesetzesprojet.

Esou zitt de Gesetzesprojet, dee mer haut évacuieren, ebenfalls e Schlusstréch ënnert d'Aarbechte vum Rentendesch a vun der Sozial- a Gesondheetskommisioun.

Mam Vote vun dësem Gesetzesprojet zéie mir och e Schlusstréch ënner eng eemoleg Prozedur, wou d'Fraktiounen aus der Chamber an d'Sozialpartner, ënnert der kompetenter Presidentschaft vum Sozialminister Carlo Wagner, e Konsens fonnt hunn, wéi nach ni virdrun een zu Lëtzebuerg getraff ginn ass.

An e leschte Schlusstréch, dee mer zéie kënnen, ass deen ënnert d'Zilsetzung vun dëser Regierung, d'Mindest- an d'Hongerrente spierbar ze verbessern, respektiv auszeradéieren a laangjäreg Revendikatiounen vun de Gewerkschaften, d'Renten am Privatsektor ze verbessern.

D'Rente ginn an engem Gesamtmontant vun iwwer 160 Milliounen Euro, dat sinn ongeféier fënnf Milliarden eiser aler Frangen, gehéicht. D'Mindestrente klammen ëm 4,8%, d'Rente ginn alleguer an d'Luucht. D'Erzéiungsaarbecht vun de Mammen an de Pappé gëtt mam Forfait d'éducation unerkannt, de Benefiss vun de Babyjore gëtt op déi Kanner ausgedehnt, déi virun 1988 gebuer gi sinn, an et gëtt e finanziellen Incitant geschaaften, fir déi, déi nach nom 55. Liewensjoer am Berufsliewe bleiwen. Dat sinn nëmmen e puer vun de Mesuren, déi och um Rentendesch ugeholl gi sinn.

Här President, ech si virun allem frou driwwer, datt mam Vote vun dësem Gesetzesprojet och e Schlusstréch ënner e Sujet gezu gëtt, dee säit laange Joren d'politesch an d'sozial Diskussioun zu Lëtzebuerg dominéiert huet.

Zënter 1989 huet dëst Land dräi ganzer Wahlkämpf iwwer sech missen ergoe loossen, wou d'Renten am Mëttelpunkt stongen. Am Kader vum Rentendesch huet sech all Fraktioun heibannen dozou opgerappelt an an engem konstruktive Geescht de Rentendossier enger Léiung zougefouert, iwwert déi mir eis alleguer heibannen eens waren. Andeems mer dësen Dossier iwwerhaupt emol zum Ofschloss bruecht hunn, ass dunn erëm dee Raum an der politescher Debatt entstanen, deen et eis erlaabt, endlech erëm iwwer méi fundamental Saachen ze diskutéieren, wéi just nëmmen iwwert d'Renten.

Duerfir, Här President, an ech widderhuele meng Aussoen aus menger Ried zur Lag vun der Natioun, ass den Erfolleg vum Rentendesch a mengen Aen enorm grouss.

Mir hunn eng einvernehmlech Léisung getraff. Mir hunn eng gutt Léisung fir d'Rentner hei am Land getraff, well et eis gelongen ass, eng seriös Upassung vun de Renten ze décidéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Succès vum Rentendesch huet awer bei Verschiddener éischter mitigéiert Gefiller ausgeléist. Ech denken hei un d'Diskussioun ëm de 700.000-Awunner-Stat, déi de 17. Juli 2001, also praktesch een Dag no der Déclaration finale vum Rentendesch, publiquement lancéiert gi war.

An dësem Zesummenhank muss ech soen, dass ech wierklech verwonnert sinn, firwat déi Diskussioun iwwert déi magesch Zuel vu 700.000 eréischt d'lescht Joer nom Rentendesch ugefaangen huet. Meng Verwonnung dowéinst, well schonns dräi Joer méi fréi, genee den 20. November 1998, ganz ähnlech a grad esou spektakulär Zuele presentéiert gi waren.

Ech zitéieren de "Bilan technique de la période de couverture 1992-1998" vun der IGSS. Och d'IGSS huet deemools Projektione gemaach a Szenarien iwwer eng hypothetesch Entwécklung vun der Lëtzebuurger Ekonomik, der Bevëlkerung an dem Marché de l'emploi entworfen, déi awer vu kengem ausgenutzt gi sinn, fir, aus wat fir engem Calcul och ëmmer, eng Diskussioun auszeléisen op engem Terrain, wou sech virun allem Populisten an Demagogen esou richteg wuel fillen.

D'IGSS huet deemools aktuariell Projektionen iwwert d'Valeurs clefs vum Renteregime gemaach a si hunn dräi Szenarië vun enger potenzieller Evolutioun vu Lëtzebuerg entworfen. Si hunn awer nëmme bis d'Joer 2020 héichgerechent an ech interesséiere mech haaptsächlech fir, wéi si dat genannt hunn, hire "scénario haut". An dësem Scénario haut si si vun enger Augmentation moyenne annuelle vun 2,9% vun den Assurés cotisants ausgegangen. Dat entsprécht, an Zuelen ausgedréckt, enger Création annuelle vun zousätzlechen 9.700 Aarbechtsplazen um Marché de l'emploi.

Haut wësse mer, dass d'Realitéit aus deene vergaangenen dräi Joren dës Zuele schonns iwwerrannt huet. Wat awer interessant ass an deemools scheinbar vu jiddferengem einfach esou higeholl gouf, ouni nëmme eng Grëtz vu Polemik ze provoziéieren, sinn déi konkret Chiffre vun enger potenzieller Entwécklung vum Aarbechtsmaart: Fir d'Joer 2020 hunn d'Expäre vun der IGSS eis eng Population assurée vu 470.150 virausgerechent. De BIT kënnt a sengem optimisteschesten Szenario fir d'Joer 2020 op 395.500 Personnes pourvues d'un emploi, also bal 80.000 Aarbechtsplaze manner wéi vun der IGSS projézéiert.

Wat ganz erstaunlech ass, dass dës Aussoen 1998 net zu esou stiermeschen an ondifferenziéierte Reaktiounen gefouert hunn, wéi et d'lescht Joer geschitt ass mat där ominöser Virausso vun engem 700.000-Awunner-Stat.

D'Aart a Weis, wéi dës Diskussioun haut elo gefouert gëtt, stellt mech op alle Fall net zefridden, well ech den Androck hunn, dass munnescher se ausnotzen, fir deenen engen e schlecht Gewëssen anzerieden, well si, déi elo méi Rent solle kréien, un allem solle schold sinn, an deenen aneren, déi un d'Zukunft vum Land a vun hire Kanner denken, Angscht ze maache virun diffuse Geforen.

De Rentendesch huet Décisiounen geholl, déi op engem Wuesstum vu ronn 4% déi nächst Jore berouen. De Rentendesch huet Rentenerhéijungen décidéiert iwwert déi mir eis all heibannen eens waren. Mir hunn net, wéi vu munneschen duergestallt, domat d'Zukunft vum Land verbaut. Et ass eng Evidenz, an dat ass an der Schlusserklärung vum Rentendesch nozeliesen, dass, wann iergendwann eng Kéier emol méi schlecht Zäite géinge kommen, iwwert d'Renten nei misst nogeduecht ginn, sief et iwwert d'Héicht vun de Cotisatiounen, d'Héicht vun de Rente selwer oder awer iwwer alternativ Finanzéierungsmodeller.

Et ass sécher dass, wann eis Ekonomik manner gutt geet, munnesches muss a Fro gestallt an nei iwwerduecht ginn. Do sinn d'Rente keng Ausnahm, mä, Här President, et sinn awer net just d'Renten, wou mir dann an deem Fall eppes maache müssen.

Well hie sech jo däers bewosst war, huet de Gesetzgeber och schonns viru Joren - an de Minister huet virdrun drop higewisen -, bei de Renten där sou genannter Clignotanten agesat, déi bedeuten, dass mir op d'mannst all siwe Joer musse kucken, wéi et ëm d'Finanzéierung vun de Rente gestallt ass: Wat d'Héicht vun de Renten ugeet, hir Finanzéierung. Do huet jo de Rentendesch e Groupe de travail agesat, dee kucke soll, wéi mir déi Finanzéierung méi effizient a vläicht méi onofhängeg vum Wuesstum maache kënnen.

De Rentendesch ass also keen Ausléiser vun neie politesche Problemer, au contraire, de Rentendesch huet politesch a sozial Problemer geléist. An Zukunft gëtt manner iwwert d'Rente geschwat wéi iwwert d'Géigewaarts- an d'Zukunftsgestaltung vun eisem Land. An dat ass och gutt esou.

De Rentendesch gëtt eis déi eemoleg Geleeënheet, fir déi Défien unzegoen, déi sech haut stellen. De wirtschaftlechen an demographesche Wuesstum ass keng Erfindung vum Rentendesch. De Wuesstum hu mer schonns an de Jore virum Rentendesch kannt, wéi de Premier Minister eis et virun dräi Wochen a senger Erklärung zur Lag vun der Natioun däitlech a sachlech nogewisen huet.

D'Erausforderung vun haut ass elo fir dee Wuesstum, dee mer wëllen, an och deen, dee mer brauchen, esou ze steieren, dass déi Liewensqualitéit, déi mir haut hunn, eis Kanner och an Zukunft kënnen genéissen. Et gëllt an enger nohalteger Approche d'Erausforderunge mat Courage,



Zouversiicht a Wäitsicht unzepaken, sief dat am Beräich vun der Transportpolitik, vun der Wunnengspolitik, dem Aménagement du territoire, der Ëmweltpolitik, der Gesondheetspolitik oder der Sozialpolitik.

De Succès vum Rentendesch huet munnesch Leit iwwerrascht. Hien huet virun allem déi iwwerrascht, déi léiwer gehat hätten, et wier net zu engem erfollegräiche Konsens komm. Ech denken hei virun allem un déi Populisten, déi hiert elektoraalt Kapital jorelaang eleng aus der Renteproblematik geschöpft hunn.

### **(Interruptions diverses)**

**M. Robert Mehlen (ADR).** - Erkläert eis dat.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.** - Wat d'Rente vun der Fonction publique ubelaangt, do ass et d'DP, déi Populismus gemaach huet.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.** - Elo grad waart Der nach d'accord.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.** - A jo!

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.** - Gesitt Der wéi d'Zäiten änneren.

### **(Interruptions diverses)**

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.** - Dat ka ganz séier ëmschloen.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Här President, ech muss der Mme Minister soen: Virdru war den Här Gibéryen jo mat mer d'accord, mä ech weess net, ob en do konnt tëschent den Zeile liesen, well soss wär e vläicht net d'accord mat mir gewiescht.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.** - Liest mer dee leschte Saz nach eng Kéier vir.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Et steet ausser Zweifel, dass déi meescht vun de Partner sech deem groussen Erwaardungsdruck an der Verantwortung, déi op hinne long, bewosst waren.

Während d'LSAP praktesch zu hirem Gléck huet misse forcéiert ginn, huet sech den ADR allerdéngs duerch eng Positioun ausgezeechent, déi vu wéineg Wäitbléck, Realitéssënn a Verantwortung geprägt war. Genee an deem Sënn hu si Propositione gemaach, wou vu virera gewosst war, dass déi net ze finanzéiere wieren a kuerzfristeg d'Rentekeessen an de finanzielle Ruin gedriwwen hätten.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.** - Dat muss ee soen, deem d'5/6-Pensioun an der Fonction publique matdréit.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Esou hätten hir Propositionen, wa si ëmgosat gi wieren, d'Rentekeessen all Joer 15,22 Milliarde Frang kascht. Do wieren dann nach e Coût unique vu 24,4 Milliarde Frang a järelech Käschte

vun iwwer véier Milliarde Frang fir de Statsbudget derbäikomm fir de Finanzement vun hirem Virschlag, fir d'Dispositione vun de Babyjore grousszügig auszeleeën.

Wat den ADR eis awer schëlleg bliwwen ass, war, wéi dës Mesurë sollte finanzéiert ginn, wien dat bezuele sollt. Insbesonnesch, an dat ass de Clou, Här President, wann ee weess, dass se sech géint d'Croissance économique ausschwätzen. Den Här Gibéryen hat eng Fro gestallt kritt an ech zitieren: "Quelles solutions préconisez-vous? Réponse de M. Gibéryen: "Un sérieux coup de frein au développement économique du pays." Geschriwwen: "La Voix du Luxembourg", Editioun vum 29. Mee 2002, wou de Buergermeeschter vu Fréiseng dat an engem groussen Reportage iwwert seng Gemeng behaapt huet.

### **(Interruptions diverses)**

De Leit alles verspriechen, mä net soen, wéi een déi Verspriechen soll realiséieren a finanzéieren, ass eng simplistesche Approche. Et ass eng Approche vu politescher Demagogie, wou de Leit alles versprach gëtt a mat hiren Hoffnungen gespillt gëtt, an dat nëmmen aus der Motivatioun eraus, eegent elektoraalt Kapital doraus ze schloen.

Si sinn eis bis haut schëlleg bliwwen ze beweisen, dass si eng Politik kënnen maachen, déi vu Wäitsicht a Verantwortung diktiert ass. Si wäerten eis de Bewäis och schëlleg bleiwen, well se net fäeg sinn, eng verantwortungsvoll Politik ze féieren. Et passt hinnen och net an de Krom, well dat, wat si sichen, ass deen eegene kuerzfristige Profit op Käschte vun den Hoffnungen an den Erwaardungen vun de Bierger, deene si fortwährend Sand an d'A streeën.

**M. Robert Mehlen (ADR).** - Ëmmerhin hutt Dir emol e groussen Deel vun eise Fuerderungen erfëllt.

### **(Hilarité)**

**M. le Président.** - Ech géif bidden déi Zwëscheriff ze ënnerloossen.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Här President, wa mer e groussen Deel vum ADR senge Fuerderungen erfëllt hunn, da kënnt e sech jo och opléisen.

**M. Jean Colombero (ADR).** - Mir kommen direkt an d'DP.

### **(Hilarité)**

**Une voix.** - D'DP huet schonn eng Kéier een erëmgeholl.

### **(Hilarité)**

**Une autre voix.** - Dee war zu Fouss komm.

**M. le Président.** - Kommt loosse mer virumaachen.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Här President, ech kommen och nach op d'Haltung vun der LSAP zrëck, déi vum Succès vum Rentendesch esou iwwerrascht gi war, dass se an der leschter Réunioun nach séier eng 180° Kéier geholl huet, fir net als isoléiert Partei do ze stoen, déi sech géint de Konsens a géint déi festgehalen Ver-

besserung vun de Renten ausgesprach hätt. Hir erstaunlech Wandlungsfäegkeet huet d'LSAP schonns 1999, zwou Woche virun de Wahlen, bewisen, an ech ka mech nach gutt erënneren a bestëmmt och Dir, wéi d'Sozialiste sech jorelaang géint Verbesserung vum de Rente gewiert hunn. D'LSAP huet sech mat alle Kräfte géint d'Fuerderunge vu Rentenopbesserunge vun der Renteplate-forme vun de Gewerkschafte gestäipt.

Esou huet sech déi deemoleg Sozialministerin nach den 3. Dezember 1998 hei an der Chamber géint dës Fuerderunge gewiert, wéi se gesot huet: "Wann et 1992 richtig war, an 1987 an 1984, da war en Nohuelbedarf do bei de Rentner, wou ech behaupten, dass en haut net méi do ass."

An den 8. Dezember 1998 huet den deemolegen an heitegen LSAP-Fraktiounspräsident an déiselwecht Kerb geschloen, wéi hie festgestallt huet, "dass ee sech et gutt iwwerleeë muss ier een higeet a locker vum Hocker der Fuerderung, d'Pensiounen ëm 7% an d'Luucht ze setzen, nokënnt. Esou wéi d'DP dat gemaach huet."

D'LSAP huet taktéiert, verdrängt, op d'Zäit gespillt a versicht den Drock ofzelenken, wéi folgend Zitatioun vum 8. Dezember 1998 weist, déi och vum Fraktiounspräsident vun der LSAP ass: "Wat soe mir? Mir soen, kommt mir diskutéieren a probéieren, fir eng Eenegung op engem aneren Niveau ze fannen. Et muss een de Sozialpartner virun A féieren, dass et hei Problemer gëtt an dass et besser wär, fir een anere Wee ze goen."

Méi duerchenaner geet et net!

Nach den 2. Mäerz 1999 hu se sech gewiert an all Diskussioun an dëser Problematik wäit vu sech gewisen an eng Rentenopbesserung op Calendes grecques verweisen. Esou huet d'Sozialministerin deen Dag nach behaupt, datt si, an ech zitëiere se nach eng Kéier: "... nach ëmmer Problemer huet fir erauszefannen, wéi een zur gläicher Zäit wëllt laangfristeg d'Renten ofsécheren an awer siwe Prozent strukturell Verbesserung maachen. Fir mech bleiwen do nach ganz vill Froen op", huet se gesot.

Knapps dräi Méint méi spët awer, den 1. Juni 1999, wéi se gemierkt hunn, datt se d'Wahle géinge verléieren, hu se an enger Torschlusspanik de Bierger versprach, datt "in den nächsten Jahren" - dat sollt jo elo sinn - "die Sozialisten auch strukturelle Verbesserungen im Rentenwesen durchsetzen wollen." Ech muss soen ech froe mech, firwat dass da mäi Virriedner vun Irrungen a Wirrungen schwätzt. Hei ass de Bewäis dovun.

### **(Interruption)**

Dës radikal Wandlung huet hinnen awer net vill geholfen. Si haten hir Glafwierdegkeet verluer an de Wieler ass net op hiert duerchsichtegt Spill eragefall. No de Wahlen hunn d'Sozialisten hir Wonne geleckt a si hu sech bis haut nach net richtig vum Schock erholl.

Wéi de Rentendesch an d'Liewe geruff gouf hu se reagiert wéi opgeschreckten Hénger, déi e Fuuss am Stall hunn.

### **(Interruptions diverses)**

Hir eenzeg konkret Kontributioun war de Rentner en dräizéngte Mount an Aussicht ze stellen, deen d'Rentekeessen awer pro Joer 6,9 Milliarde Frang kascht hätt. Während de Verhandlungen hu si stur un hirer Positioun festgehalten, a wéi se gemierkt hunn, dass d'Partner um Rentendesch sech eens waren, hu si an der Réunioun vum 16. Juli 2001 e regelrechte Salto geschloen, awer och well den OGB-L-Präsident, den Här Castegnaro, hinnen dat virgeschloen huet - déi eng soe proposéiert, déi aner soen diktéiert huet -, fir séier mat op den Zuch ze sprangen.

Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech uganks vu menger Interventioun schonns gesot hunn, zéie mir mam Vote vun dësem Projet einstweilen e Schlusstréch ënner eng laangjäreg Diskussioun iwwer eng Thematik, déi d'politesch Diskussioun zu Lëtzebuerg an déi lescht Wahlcampagnen dominéiert huet wéi kaum en anere Sujet. Et ass en eemolege Konsens fonnt ginn, woumadder d'Gewerkschaften an all Fraktioun an der Chamber zu 100% averstane sinn. Et ass eng Rentereform, déi de Rentner zegutt kënnt. Et ass eng Reform, déi och der politescher Debatt heibannen zegutt kënnt, well elo endlech dee Raum entstanden ass, deen d'Parteie sollen ausnotzen, fir sech op déi Froen ze konzentréieren, déi elo fir d'Zukunft wierklech wichtig sinn.

Ech denken hei un d'Zukunftsgestaltung vu Lëtzebuerg, déi mir elo an enger sachlecher an objektiver Weis sollen ugoen. Am Interesse vum Land an am Interesse vun de Bierger. Déi eigentlech Défie si gestallt. Et läit elo un eis, fir déi Voraussetzungen ze schafen, datt d'Liewensqualitéit vum Bierger mat enger staarker Wirtschaft an enger gesonder Ëmwelt och muer garantéiert ass. Här Präsident, ech soen lech merci.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Merci, Här Rippinger. Den nächsten Orateur ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** Merci, Här Präsident.

Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt och e Wuert vu Merci vun eiser Säit un déi zwee Rapporten, d'Kollege Bettendorf an Halsdorf, déi déi zwee Hauptvoleten vun dësem Projet de loi hei de Mëtteg an allen Detailer virgedroen hunn.

Dëse Projet de loi setzt am Fong d'Resultater vum Rentendesch ëm. E Rentendesch, deen no der Deklaratioun vum Statsminister iwwert d'Lag vun der Natioun den 10. Mee 2000 agesat ginn ass. Dëse Rentendesch ass néng Mol zesummekomm. D'Zesummesetzung war

eppes Neies. D'Parlament ass am Fong aus dem Parlament erausgaangen an huet mat Vertrieeder vun de Gewerkschaften vun der Salariaats- a Patronatssäit hei um Rentendesch diskutéiert.

Här President, géift Dir mer wann ech glift déi rout Luucht hei ausmaachen. Ech mengen ëmmer ech misst ophale mat schwätzen, duerfir ginn ech esou nervös.

**M. le Président.-** Dat maachen ech, Här Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** Voilà, elo geet et bestëmmt besser.

D'Resultat vum Rentendesch war de 16. Juli 2001. Dat Resultat war e Kompromiss tëschent all deenen um Dësch participéierende Parteien. Dëse Kompromiss huet säin Nidderschlag an deem Gesetzesprojet, deen den 13. Dezember 2001 deponéiert gouf an haut hei gestëmmt gëtt.

Här President, ech brauch elo net méi op d'Geschicht vum Rentewiesen anzegoen. Dat fënnt een zu engem gudden Deel an deene schrëftleche Rapporten zréck, wou eng ganz gutt Aarbecht gemaach ginn ass an am Fong d'ganz Entwécklung vum Rentewiesen, am private wéi öffentleche Secteur, opgemoolt ginn ass. Ech hu virdrun, bái menger Interpellatioun, e Réckbleck op déi fofzég lescht Joer gemaach.

D'Fro, déi ee sech konnt stellen: Firwat e Rentendesch? Eng ganz Rei vu Reformen hu mer virun där heite Reform gemaach, ouni datt mer e Rentendesch haten. Déi si genausou wäit gaangen, wéi deen heite Projet, wann net souguer méi wäit. Oder war et, well d'Rentefro - wéi elo grad mäi Virriedner, de Jean-Paul Rippinger, gesot huet - déi lescht dräi Wahlcampagnen dominéiert huet? Oder war et - wéi gesot ginn ass -, dass d'Renteproblem misst definitiv geléist ginn? Oder war et den heemleche Wunsch vu Verschiddenen, fir dem ADR d'Waasser vun der Millen ze gruewen? Et muss ee soen: Leider huet och dëse Rentendesch nach ëmmer keng Rentegerechtgheet bruecht.

D'Gefill wéi wann hei versicht gi wier vill Gedäisch ze maachen, fir dass d'Leit d'Impressioun am Land sollte kréien, hei géif eppes Gewaltes gescheien. D'Honger-rente géifen ofgeschaaft ginn. Rentegerechtgheet géif verwierklecht ginn. Alles dat ass awer net de Fall, och wa mäi Virriedner elo grad hei versicht huet, de Contraire ze behaupten. Et ass e wesentleche Schrack a Richtung Rentegerechtgheet, dee mer haut maachen, mä et ass nach keng Rentegerechtgheet.

Et ass vill Gedäisch gemaach gi mat deene 5,2 Milliarden, déi dës Reform d'Pensiounskeesse kaschten. An där-selwechter Zäit, wéi den Accord getraff gi war, an ier mer en elo hei stëmmen, also a vill méi kuerzer Zäit, ass an der Fonction publique en Accord salarial ausgehandelt ginn, deen och e puer Milliarde kascht. Do ware keng grouss Diskussiounen. Et war keng Press ronderëm. Et si keng

700.000 Awunner an d'Diskussioun bruecht ginn, mä enges gudden Dags war deen Accord fäerdeg an eng Stonn virdrun ass d'Chamberkommissioun informéiert ginn an den Accord ass ënnerzeechent ginn ouni vill Gedäisch.

Dir gesitt, et geet och, wann och net am Privatsektor, dach an anere Sektore mat ganz importenten Zommen, kann et hei am Land roueg a ganz séier goen. An och do war et d'DP, déi den zoustännige Minister huet. Dir gesitt also, datt, wann d'DP fir d'Fonction publique handelt, da mécht se dat vill méi diskret, wéi wann dat fir de Privatsektor de Fall ass.

Da gëtt hei vun der liberaler Partei duergestallt, wéi wann dat hei eng Jorhonnertreform wier. D'Reform vum 27. Juli 1987 huet deemools och 3,5 Milliarden d'Pensiounskeesse kascht. D'Reform vum 24. Abrëll 1992 huet deemools d'Pensiounskeesse 4,7 Milliarde kascht. Wa mer déi Zommen also géingen inflatiounsbereng-egen op haut, dann hunn déi zwou Reforme méi kascht wéi déi Reform, déi mer haut hei stëmmen. Et kann also net vun der DP gesot ginn et wier eng Jorhonnertreform, et sief d'DP hätt nëmme bis op den éischte Januar 2001 zréckgekuckt, also op dës Jorhonnert. Da stëmmt et, dann ass et déi gréisste Reform, déi an dësem Jorhonnert gemaach ginn ass. Et ass souguer déi gréisste Reform, déi an dësem Jorhonnert gemaach ginn ass vun dëser Regierung a vun allen anere Regierungen, mä wann ee méi wäit zréckkuckt, da gliddert se sech an déi normal Reformen eran. D'DP wär gutt berode mat hirem Iwwerdreiw sech a Grenzen ze halen.

De BIT huet eng Etüd gemaach, eng Etüd, déi nëmme iwwert de Privatsektor gemaach ginn ass. D'Fro, déi ee sech muss stellen: Firwat gëtt net och eng Etüd iwwert d'Fonction publique gemaach? An ech wenne mech erëm u mäi Virriedner, de Jean-Paul Rippinger, deen hei ausgerechent huet, wat dem ADR seng Fuerderungen um Rentendesch kaschte géifen. Dat stëmmt. Dat hu mer och ni verheemlecht, datt mer soen: Fir Rentegerechtgheet ze realiséieren, muss mer am Privatsektor 15 Milliarde weider investéieren.

Mä et muss een d'Fro zréckstellen un d'liberal Partei, déi sech esou vill Gedanke mécht iwwert dem ADR seng Fuerderungen: Firwat refuséiert eng liberal Partei, mä och eng CSV an och déi lescht CSV-LSAP-Regierung, fir iwwerhaupt an der Fonction publique eng Etüd maachen ze loossen, wat déi Pensiounen iwwer zéng, fofzég, zwanzeg, drësseg, véierzeg, fofzeg Joer géife kaschten.

Esou laang wéi dës Regierung an d'liberal Partei refuséieren, fir déi Etüd maachen ze loossen, soll se hei de Leit aus dem Privatsektor keng Virwërf iwwer hir Finanzéierungsmodalitéite maache kommen. Am Privatsektor hunn d'Leit hir Cotisatioun bezuelt, an ech hunn et de Mëttege ewell eng Kéier gesot, mä ech wëll et nach eng Kéier rappeléieren: 1998 hate mer 137 Milliarde Reser-

ven a mir hunn elo bal 200 Milliarde Reserven. Dem BIT waren déi aktuell Chifferen, datt mer géife souguer dëst Joer iwwer 200 Milliarde goen, zum Zäitpunkt vu senger Etüd net bekannt an trotzdeem huet de BIT a senge Konklusiounen geschriwwen: "... il peut ainsi être dit que le système est actuellement financièrement solide et bien géré."

Dat heescht mir hunn haut nach eng besser Finanz-situatioun wéi zu deem Zäitpunkt, wéi d'BIT-Etüd gemaach ginn ass. Mä de BIT huet mat Recht zur Virsicht gewarnt an en huet och verschidde Szenarien, een optimistesche mat véier Prozent laangfristige wirtschaftlech Wuesstum an ee méi ee pessimistesche mat 2,1% wirtschaftlech Wuesstum. D'Konklusioun vum BIT war, fir d'Reserven ze halen, keng Augmentatiounen ze maachen.

De Rentendësch huet a senge Konklusiounen diskutéiert fir Clignotanten anzesetzen. Mir als ADR hunn eis um Rentendësch opposéiert géint Clignotanten an och virun allem géint déi vun de sozialistesche Kolleegen, déi am Fong wollten am Privatsektor zousätzlech Clignotanten abauen zu deenen, déi mer elo schonn am Gesetz hunn, dat heescht, wann d'Reserve géifen ënner 1,5 Mol d'Joresdépensë falen. Dat hu mer elo schonn am Gesetz stoen, da muss reagéiert ginn. Dogéint huet keen eppes, an ech si souguer iwwerzeegt, datt mer et net esou wäit géife komme loossen, bis op 1,5, bis mer géife reagéieren.

Déi Clignotantë sollten agesat ginn "... à revenir sur un certain nombre de mesures, sans porter atteinte aux pensions à faible niveau au cas où il se dégagerait du bilan actuariel réalisé tous les sept ans que le niveau de la réserve risquerait de tomber endessous du minimum légal" vun 1,5 Mol "les lois annuelles." Dat ass also genau dat, wat mer haut schonn am Gesetz stoen hunn. Et ass also keen neie Moment do.

Et war een Abléck, wéi gesot, versicht gi vun de Sozialisten am Zesummenhang mat hirem sou genannten dräizéngte Mount, fir Clignotanten anzesetzen. Mir waren als ADR nëmmen domat d'accord fir nei Clignotanten anzesetzen, wann déi Clignotantë fir sämtlech Pensiounsregimer géifen hei am Land zielen. Mä d'Regierung a virun allem d'Demokratesch Partei hat eng Angscht, datt nëmmen dat Wuert Fonction publique sollt iergendwéi um Rentendësch oder an de Konklusiounen festgehalen ginn, an duerfir sinn dann och keng zousätzlech Clignotanten an den Dossier agebaut ginn.

Et muss een och kucken d'Differenz, déi et gëtt wa fir de private respektiv den öffentleche Sektor verhandelt gëtt. Am Schlussaccord vum Rentendësch steet: "Wa mer dee wirtschaftleche Wuesstum net kréien, da komme mer op eng Rei vu Moosssamen vum Rentendësch zréck." Am Accord salarial an der Fonction publique, deen iwwer dräi Joer 4,8% ausmécht, do steet just de Contraire. Do steet dran: "Wann et besser geet an der Economie, da komme mer op den Accord vu

4,8% zréck a mer verbesseren deen dann." Dat ass ee klengen awer e wesentlechen Ënnerschied. Bei deenen enge komme mer nëmmen drop zréck, wann et besser geet, a bei deenen anere komme mer nëmmen drop zréck, wann et méi schlecht geet.

Den ADR war och Demandeur fir iwwert d'Nohaltegkeet ze diskutéieren. Mä och do huet d'Regierung duerch hire Minister, den Här Wagner, soe gelooss, datt dat de Kader géif vum Rentendësch sprengen, an datt een net kéint esou eng Diskussioun am Kader vun engem Rentendësch, mä dann eng Kéier méi spéit a separaten Diskussiounen, féiere misst.

Ech géif kuerz dann, Här President, op verschidden Nei-erungen agoen. Fir eis als ADR waren et virun allem d'Hongerrenten, wou mir den Haaptakzent wollten drop leeën. Firwat d'Hongerrenten? Well mer ebe soen, datt et grad am Privatsektor masseweis Hongerrente gëtt. Fir eis ass all Hongerrent eng Rent, déi ënner 50.000 Frang läit.

Wa mer d'Rapporte vun der Inspektioun kucken, déi all Joer erauskommen, a mir kucken dann d'Pensiounen vum Dezember 2000 a mir kucken do déi normal Pensiounen vun de Männer, da gesi mer, datt bei den Aarbechter 55,7%, bei de Privatbeamte 16%, bei den Indépendanten 22% a bei de landwirtschaftleche Betriber an dem Wälbau 98% vun de Pensiounen ënner 50.000 Frang leien.

Wa mer d'Fraen huelen, da stelle mer bei den Aarbechterinne fest, dass 96,6% vun de Pensiounen, bei de Privatbeamten, bei de Fraen 66,5%, bei den Indépendant-Fraen 92% a bei de landwirtschaftleche Fraen 100% ënner 50.000 Frang leien. Wa mer d'Witwerente kucke bei de Fraen, da stelle mer bei den Aarbechter fest, dass 67% vun den Aarbechterinnen eng Witwenpensioun ënner 50.000 Frang kréien, bei de Privatbeamtinnen 31,8%, bei de Fräiberuffler 72% a bei der Landwirtschaft an dem Wälbau erëm 100%. An et ass grad duerfir, well een ebe mat dëse Chiffere kloer ka beweisen, dass déi grouss Majoritéit vun de Pensiounen am Privatsektor ënner 50.000 Frang läit, wou mir den Akzent op déi kleng, op d'Hongerrenten, gesat hunn.

Duerfir war eisen Haaptakzent, fir d'Grondrent ze erhéien. An zwar hu mir eng Verdueblung vun der Grondrent verlaangt, well d'Grondrent fir jiddereen deeseweichte Montant ausmécht a wéi virdrun och schonn hei ernimmt ginn ass, duerfir grad deene kleng Pensiounen am meeschten zegutt kënnt. De Rentendësch ass net esou wäit gaangen an en huet eng Erhéijung vun der Grondrent vun 11,6% festgehalen, a Frangen, vun 10.900 op 12.232 Frang. Bei der Majoration proportionnelle hu mir siwe Prozent verlaangt. Et ass ee Schrack 3,9% gemaach ginn. D'Allocation de fin d'année, politesche Kompromiss ass doranner fonnt ginn. Et war am Fong der LSAP hir eenzeg Fuerderung vum Rentendësch, wéi se dee sou genannten dräizéngte Mount, deen e Basissockel vu 40.000 Frang fir jidderee plus 1.000 Frang pro Cotisationsjoer géif bedeiten, bei 40 Joer 80.000 Frang.



Um Rentendësch ware mer eis awer ronderëm den Dësch eens, datt dat dee falschen Akzent wier, well déi 40.000 Frang scho jidderee krit, deen eng Rent krit, an eng Rent kritt een no 10 Joer Frang Cotisatioun, sou datt mer dann enorm Zomme géifen iwwert de Sozialisten hire Modell an d'Ausland exportéieren, an duerfir ass och déi Iddi net zrëckbehale ginn.

A leschter Minutt, fir eben e Kompromiss ze fannen a fir de Sozialisten och d'Méiglechkeet ze ginn, fir deem Dokument zouzestëmmen, well soss vun hinnen näischt dra gewiescht wier, ass dann dunn déi Joresendzoulag vu 500 Frang pro cotiséiert Joer zrëckbehale ginn. Haut sinn dat 511 Frang oder 12,66 Euro, déi ee pro Versécherungsjoer mat engem Maximum vu 40 Joer, also 20.440 Frang, ka kréien. D'Berechnungsbasis fir déi 511 Frang pro Joer ass genau déiselwecht wéi déi, déi geholl gëtt fir d'Jore vun der Grondrent ze rechnen. D'Joresendzoulag ass awer duerfir méi komplizéiert. Si gëtt extra ofgerechent. Si misst besteiert gi laut de Revenus extraordinaires. Duerfir ass sech dann dunn eng afale gelooss ginn. D'Joresendzoulag gëtt dann eben duerch zwielef gedeelt, dat mécht 1.703 Frang de Mount aus. Si gëtt fiktiv all Mount op d'Pensioun geschloen, et gi Cotisations sociales a Steiere bezuelt a si gëtt dann erëm erausgezunn an deen Netto gëtt an den Eck geluegt an zum Schluss vum Joer gëtt dann zwielef Mol deen Netto ausbezuelt, deen, iwwert d'Joer verdeelt, ugefallen ass.

Wa mer een Zwielefftel vun der Joresendzoulag, also déi 1.703 Frang, direkt op d'Grondrent dropgeschloen hätten, da wär d'Grondrent net op 12.232 Frang, mä op 13.935 Frang eropgaangen, dann hätte mer genau datselwecht gehat wéi elo mat der Joresendzoulag a mir hätte keng esou komplizéiert Berechnung bräichten ze maachen, wou kee Mënsch am Land wäert nokommen.

Ech freeë mech schonn drop, wann d'Sozialisten am Dezember erëm esou ee klengt Blat wäerten an d'Haiser ausschécken: "Elo kënnt eis Joresendzoulag, déi mer verlaangt hunn", dass se dann och de Leit erkläre wéi se verrechent gëtt, fir datt dat, wat dann nach erauskënnt, dann och erauskënnt. Et wier also manner komplizéiert gewiescht. D'Leit hätte se och direkt ausbezuelt kritt, déi éischt Tranche vum Januar am Januar, amplaz dass se elo musse bis den Dezember waarden. Elo kréie se se mat Verspéidung ausbezuelt. A wat notzt dat d'Leit, wa se dann elo am Schluss vum Joer 15, 16, 17 Dausend Frang wäerten do erauskréien, fir dann ebe kënne déi Rechnungen, déi se mat hire kleng Pensiounen am Laf vum Joer net konnte bezuelen, dann ebe Chrëschttag ze bezuelen?

Mir waren och aus dem Prinzip dogéint, datt ee sollt en 13. Mount oder iergendeng ähnlech Form am Privatsécteur aféieren, well mer gesot hunn dat reizt jo d'Fonction publique, fir dann ze soen: "Ma jo, wann de Privatsécteur en dräizéngte Mount kritt, da kënne mir an der Fonction publique och ee kréien." Mat dem Resultat

herno, datt mer am Privatsécteur 13 kleng Gehälter oder Pensiounen hätten an an der Fonction publique 13 déck Pensiounen. Duerfir muss een also oppassen.

Et ass also e Kompromiss gewiescht, e politeschen, fir eben d'Sozialisten e bësse befriddegt ze kréien. Et ass eng Léisung mat där mir kënne liewen, mä déi sécherlech net glécklech ass. An déiselwecht Diskussioun vun den Hongerrente geet d'Mindestpensioun, wou den ADR proposéiert huet, datt se misst um Niveau vum qualifizéierte Mindestloun leien. De qualifizéierte Mindestloun ass am Abléck 62.000 Frang. Dat hu mer an der Vergaangenheet dacks heibanne scho gesot a mir hunn ëmmer dann de Virwurf gemaach kritt, et kéint ee keng Mindestpensioun iwwert den Niveau vum Mindestloun maachen.

Bon, Dir Dammen an Dir Hären, mir si frou, datt mer haut awer dee Schrack gemaach hunn. Éischters war dat nëmmen en theoretescht Beispill, well et an der Praxis quasi ni e Mënsch gëtt, deen an enger ganzer Carrière während véierzeg Joer nëmmen de Mindestloun géif verdéngen, dee fir déi onqualifizéiert Aarbechter. A wann et esou ee géif ginn, da wier dat ee ganz Liewe laang en aarmt Schwäi gewiescht, dann hätte mir näischt dogéint, wann en an der Pensioun 5.000 Frang bäikrit.

Mir waren allerdéngs verwonnert, datt um Rentendësch den OGB-L an den LCGB, als Gewerkschaften, och verlaangt hunn, datt d'Mindestpensioun net därft iwwert de Mindestloun goen. An hirer Proposition zum Rentendësch schreiw si: "La pension ainsi améliorée, sur la base du salaire social minimum, donne un taux de remplacement de 100%. Ce taux de remplacement ne devrait pas pouvoir être dépassé." Et ass fir eis onverständlech, datt grad d'Gewerkschaften beim Minimum e Maximum wëlle festleeën. D'Resultat vum Rentendësch huet dem ADR awer Recht ginn, well de Rentendësch proposéiert d'Mindestpensioun ëm siwe Prozent ze héijen, wat 100% vum Semi-net vun der Mindestpensioun ausmécht. Déi nei Mindestpensioun ass am Semi-Netto méi héich wéi de Mindestloun, well en d'Joresendzoulag dobäirechent.

En onqualifizéierten Aarbechter huet e Mindestloun vu 52.047 Frang, am Semi-net 45.333 Frang. Déi nei Mindestpensioun ass 47.826 Frang, mat engem Zwielefftel vun der Joresendzoulag gëtt dat 49.529 Frang, am Semi-net 48.296 Frang, also ass virun der Besteuerung déi nei Mindestpensioun 2.963 Frang méi héich wéi den normale Mindestloun. Et ass also e wichtige Schrack, deen hei gemaach gëtt. D'Äis ass gebrach. Als ADR hu mer Recht kritt, datt eng Mindestpensioun ka méi héich si wéi de Mindestloun a mir soen duerfir ganz optimistesche, dass an der nächster Etapp mir eis Mindestpensioun, wéi mir se ëmmer verlaangt hunn, wëllen duerchsetzen.

Och muss ee sech hei d'Fro stellen - an den Här Paul-Henri Meyers huet dat de Mëtteg gewisen -, wann een

d'Mindestpensioun an den Zesummenhang mat dem Mindestloun bréngt, ob da logescherweis an Zukunft, wann de Mindestloun an d'Luucht geet, och d'Mindestpensioun misst an d'Luucht goen? Mä och wa mer elo déi nei Mindestpensioun hunn, Dir Dammen an Dir Hären, dierft Der awer elo net esou maache wéi d'Demokratesch Partei, déi elo hei grad versicht huet ze maachen, wéi wann d'Leit elo am Privatsektor mat deenen dote Renten den Härgott mat der décker Zéif hätten. Wéi wann de Renteproblem geléist gi wär!

Här Rippinger, gitt emol an d'Altersheimer an an d'Fleegeheimer kucken, da wäert Der gesinn, datt an där Zäit, zënter datt de Rentendesch ugekënnegt ginn ass, an deem Dag vun haut, wou mer hei dat Gesetz stëmmen, an deene meeschten Haiser d'Leit musse fir Kost a Logis méi Supplément bezuelen, wéi se elo hei duerch dës Pensiounsaugmentatioun erauskréien. Dat heescht, d'Leit hunn ënnert dem Strich näischt méi, mä eng ganz Partie vu Leit, déi an den Altersheimer an an de Fleegeheimer sinn, hunn haut souguer nach manner wéi et virun anerhalwem Joer de Fall war. Bei der Mindestwitwepensioun ass ee ganz wesentleche Schrack gemaach ginn.

### (Interruption)

Frot emol den Här Lux. Zu Beetebuerg hu se d'Altersheim ëm 12.000 Frang an enger Kéier gehéicht.

**Une voix.-** Dir wësst jo awer och d'Ursach.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** De Rentendesch proposéiert, dass an Zukunft keng voll Mindestwitwepensioun méi dierf ënnert d'Mindestpensioun falen.

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Här Gibéryen, wien huet dat proposéiert?

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** Ech weess net wien dat proposéiert huet.

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Waart Dir et net?

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** Neen, neen.

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Très bien.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** Dat berouegt lech jo awer elo sécher? Wann ech et net war, well soss wäere se net gehéicht ginn, wann ech et hätt kéinte proposéieren, Här Weiler. Esou einfach ass et, gesitt Der.

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Mäi Gott!

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** De Rentendesch proposéiert, datt an Zukunft keng Mindestwitwepensioun méi ënnert d'Mindestpensioun fält. Dat heescht d'Mindestwitwepensioun geet och vu 36.257 Frang op déi 47.826 Frang erop. Et ass also dat déi gréissten Augmentatioun, an zwar iwwer 32% wou d'Mindestwitwepensioun am Land augmentéiert gëtt.

Beim RMG ass och de Mëtteg erkläert ginn, datt deen Taux, deen immuniséierte vun 20% op 30%, esou wéi en och deemools vum Familljeministère proposéiert ginn ass, eropgesat ginn ass.

Dann eng nei Proposition, dat ass de Faktor 93. Och hei gëtt mat dësem Projet versicht, méi laangt Schaffegoen attraktiv ze maachen. Eng Diskussioun, déi momentan och op europäeschem Plang gefouert gëtt. De Faktor 93 seet: "... eng Persoun muss zwou Konditiounen erfëllen: Déi eng ass 55 Joer al sinn an déi aner 38 Versécherungsjoren hunn, dat gëtt zesummen 93. Bei all Punkt, deen en iwwert déi 93 kritt, gëtt säi Facteur d'ajustement, de Steigerungssaz, ëm 0,01 Punkt gehéicht. Fir een, deen also ee Joer iwwert déi 93 schaffe geet, kritt en de Steigerungssaz ëm 0,02 - ee fir d'Joer an ee fir d'Cotisation, déi e weider bezuelt huet - erhéicht mat engem Plafong allerdéngs, vum Steigerungssaz, vun 2,05. Dës Moosnam trëtt a Kraaft réckwierkend op den 1. Mäerz a bei all deene Leit, déi nom éischte Mäerz an d'Pensioun gaange sinn, an déi iwwert déi 93 Joer kommen, gëtt hir Pensioun nei berechent. An der Logik vun där doter Iwwerleeung hätt een och missten deene Leit, déi virum 1. Mäerz a Pensioun gaange sinn, déi dote Zouerkening zoukomme loossen.

Fir d'Fraen an d'Kanner ass d'Klausel fir d'Babyjore fir d'Berechnung vum 1. Januar 1988 och eng Fuerderung, déi éiweg an eise Wahlprogramm stung a mat dësem Gesetz gëtt déi ofgeschaf a realiséiert. Als ADR hu mer ëmmer d'Mammerent oder d'Hausfraerent gefuerdert. Mir hunn d'Zesummeschloe vun de Baby- an den Erziehungsjore gefuerdert, an datt de Stat sollt d'Cotisation bis anerhallef Mol de Mindestloun, bis zum Alter vun zwielef Joer iwwerhuelen.

Zwee Joer vun dëse Cotisatione maachen 3.000 Frang de Mount aus. D'CSV huet d'Iddi bruecht vun deenen 3.000 Frang. Wéi een déi 3.000 Frang berechent, dat ass eis Iddi, nämlech wann een zwee Joer Cotisation bezilt, ouni Cotisation, awer mat deemselwechte Resultat. Als ADR si mer net rosen, wann eis Fuerderung hei realiséiert gëtt. Mir wieren awer frou gewiescht, dass, wann d'CSV schonn ofschreift, se ganz géif ofschreiwen. Wa si eis Iddi hätt, esou wéi mir se presentéiert hunn, dann hätte mer déi Problemer an déi Diskussiounen, déi och de Mëtteg vum Lucien Lux hei ugeschnidde gi sinn, net. Well mir hu proposéiert, datt een hätt sollten de Fraen, ob se schaffen oder net schaffen, eng Cotisation an d'Pensiounskeess bezuelen. Da wier et e Recht fir d'Fra gewiescht, wat keen hir hätt méi kéinte ewechhuelen, well et wier eng Cotisation, déi wier op hiren Numm abezuelt ginn an d'Fra hätt och dorobber kéinten eng Rent dono opbauen, wa se erëm schaffe gaange wier. Si hätt eng Cotisation gehat.

Mir haten och als ADR direkt am Januar, wéi de Projet erauskomm ass, ons opposéiert géint déi 65 Joer, datt déi missten op 60 Joer erofgoen. A wéi mer dunn an der Kom-

missioun déi éischt Kéier zesummekomm sinn, war ech frou feststellen, datt zu deem Zäitpunkt schonn all aner Parteie mat där Iddi och averstane waren. An der éischter Kommissiounssëtzung ass scho vu sämtleche Fraktiounen dunn d'Erofsetze vu 65 op 60 Joer verlaangt ginn.

Mir haten och duerfir als ADR eng Plakataktioun gestart, fir eben drop hinweisen, datt all Fra misst kënne vun deenen 3.000 Frang profitéieren, an datt all Fra misst d'Kannererzéiung ugerechent kréien, an datt dem Stat misst ee Kand esou vill wäert sinn, wéi déi aner. Leider huet d'CSV-Presidentin an hirer Fonctioun als Minister vun den Travaux publics eis keng Autorisatioun ginn, fir déi Panneae laanscht d'Strooss opzeriichten. Dat wier anscheinend e Risiko am Stroosseverkéier, wann een eng Mammerent fir all d'Fraen am Land verlaangt. Et gëtt och nach aner Plakater mat anere Sloganen, awer déi schénge manner geféierlech ze si wéi déi mat eise Slogan, well déi goufen an der Vergaangenheet a ginn an Zukunft wahrscheinlech nach ëmmer autoriséiert.

Dat ass een einfache Schéinheitsfeeler, awer da kënnt e krasse Schéinheitsfeeler, deen de Mëtteg och schonn ugeschnidde ginn ass: Kapitel III, Artikel 5 a 6.

Fraen, déi en Zouschoss iwwert den RMG kréien, oder och Bauerefraen, déi en Zouschoss kréien, kréien deen Zouschoss ëm dee Montant gekierzt, dee se als Forfait kréien. Dat ass an eisen Aen e Skandal. Mir haten als ADR an der Kommissioun en Amendement proposéiert, fir deen Artikel 6 ze sträichen. D'CSV an d'DP hate géint deen Amendement gestëmmt. D'Sozialisten, déi Gréng a mir haten derfir gestëmmt.

Am Klortext heescht dat, dass an Zukunft Leit, déi um ënneschten Niveau mat de Pensiounen leien, also déi klengste Pensiounen hunn an doduerch en Zouschoss iwwert den RMG kréien, fir hir Kannererzéiung näischt vum Lëtzebuerger Stat kréien, well se kréien dann den RMG ëm dee Montant gekierzt, wat de Forfait ausmécht. Et ass e Skandal, dass esou eppes an eise Land ka geschéien.

Wann eng Fra beim Stat eng Witwepensioun huet, a mir hu Witwepensiounen vun 200.000 Frang beim Stat, der esouguer vun iwwer 250.000 Frang, wann eng Witfra beim Stat, déi 250.000 Frang Mount fir Mount aus der Statskeess vun der Allgemengheet finanzéiert kritt, zwee Kanner huet, da kritt déi 6.000 Frang Forfait bei hir 250.000 Frang derbäi.

Wann am Privatsektor eng Fra eng Hongerrent huet vun 30.000 Frang a si kritt 10.000 Frang iwwert den RMG bäi, an déi huet och zwee Kanner, da kritt déi den RMG ëm déi 6.000 Frang gekierzt, déi de Forfait ausmaachen. Déi kritt also näischt. Dat ass e Skandal, wann dat do duerchgeet an dofir hu mer en Amendement gemaach, fir dass deen Artikel 5 soll aus dem Gesetz gestrach ginn. Mir hoffen, dass alleguer déi Leit, déi hei ëmmer mat sozialen Oderen optrieden a sech

als Sozialpolitiker ausginn, deem Amendement zoustëmmen.

Déi Leit, déi dat an d'Gesetz aschreiwen a stëmmen, déi solle sech an Zukunft net méi Sozialpolitiker nennen, well dat do ass wierklech de Crime op d'Spëtzt gedriwwen an der Sozialpolitik. Mir wäerten als ADR, an et huet schonn eng Kéier eng Gewerkschaftszeitung dat no dem Rentegesetz vun 1998 gemaach, an eiser Zeitung bis déi nächst Wahlen all Kéiers déi Nimm bréngen vun deenen Deputéierten, déi derfir gestëmmt hunn, dass déi Fraen, déi den RMG kréien, keen Zouschoss fir hir Kannererzéiung kréien.

### **(Interruption)**

Jo, ech hunn et elo grad gesot: Dat huet schonn eng Kéier eng Gewerkschaft gemaach. Si hate souguer Succès dermat. Eppes, wat gutt ass, soll een nomaachen.

Ech kommen op d'Familljepolitik, wou d'LSAP gesot huet, déi beruffstäteg Frae missten niewent de Babyjoren e Forfait d'éducation kréien. Mir waren do dergéint. Dat géif eng nei Ongerechtegkeet vis-à-vis vun den Hausfrae schafen. De Forfait d'éducation ass een Ersatz fir d'Babyjoren. Et ass eng Gläichstellung an et ass och dofir fir eis eng rentepolitesch Moosnam. De Forfait d'éducation gëtt am Alter mat der Pensioun ausbezuelte. De Forfait d'éducation ënnerläit de Steieren an de Sozialversécherunge wéi d'Pensiounen, an et kréien och d'Leit e mat de Pensiounen respektiv am Alter vun der Pensioun.

### **(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

De Stat huet sech net an d'Familljen anzemëschen. De Stat huet Strukturen dohinner ze setzen, dass déi Famill, déi sech derfir entscheet, dass d'Fra oder de Mann doheem bleiwen, fir Kannererzéiung ze maachen, net därëf benodeelegt gi vis-à-vis vun där, wou ee Partner schaffe geet an deen anere während zwee Joer doheem bleift, fir Kannererzéiung ze maachen. Ee Kand muss dem Stat esouvill wäert si wéi dat anert, an dofir ass déi Léisung, wéi se elo am Gesetz ass, richtig, dass all Fra, ob se schaffe geet oder net schaffe geet, datselwecht fir d'Erzéiung vun hire Kanner kritt. Et ass dofir eng reng rentepolitesch Moosnam a si ass och net wéi d'Kannergeld exportabel.

A wa sollt eng Klo eng Kéier um europäesche Geriichtshaff kommen, sinn ech iwwerzeegt, dass d'Regierung higeet an op deem Niveau plädéiert, dass et eng rentepolitesch Moosnam ass an dofir net exportabel ass, a keng familljepolitesch Moosnam.

De Kolleeg Lucien Lux huet als neie Generalsekretär vun der LSAP eng Kéier gesot: Wann dem ADR seng Hausfraerent sech géif duerchsetzen, dat géif d'Frae 50 Joer zréckwerfen. Dat ass pure Sozialismus, wéi mir en aus de fréieren Ostblockstate kennen: D'Frae musse schaffe goen, egal wouhin an egal wat fir eng Rent oder Loun se kréien.

Dat ass an der Optik vun de Lénksparteien, de Sozialisten an de grénge Kolleegen, déi am Fong esou séier wéi méiglech wëllen eng Individualiséierung erbäifeieren an d'Droits dérivés net kuerzfristeg, mä mëttel- oder laangfristeg - déi gréng Kolleegen hate souguer e Joer genannt an en Zäitraum vun 20 Joer - wëllen ofschafen.

### (Interruption)

Jo, 40 Joer.

Egal wéi een déi Politik nennt, um Enn steet ëmmer, dass d'Witwerenten, wéi mer se elo kennen, net méi bestinn. Do si mir dergéint a soe ganz klor: Mir halen drop, dass déi Renterechter, déi d'Witfraen an d'Witmänner de Moment hunn, bäibehale ginn.

Zum Schluss e puer Iwwerleeungen. De Mëtteg hu verschidde Kolleegen der CSV an der DP de Spigel hei virgehalen, fir ze beweisen - a si hu Recht -, dass déi Iddien, déi elo duerchgesat gi sinn, net an der CSV an net an der DP hirem Gaart gewuess sinn. Wou d'Sozialiste Recht hunn, hu se Recht!

De Jean-Paul Rippinger ass heihinner komm an huet de Sozialisten de Spigel virgehalen a gesot, dat wier guer net an de Sozialisten hirem Gaart gewuess. Wou e Recht huet, huet e Recht!

Dat heescht, déi dräi Parteien hunn de Mëtteg hei de Beweis erbruecht, ee vis-à-vis vun deem aneren, dass keen déi Fuerderungen do hat an dass se a kengem sengem Gaart gewuess sinn, mä, Dir Dammen an Dir Hären, si mussen awer entzousch entstane sinn, dës Fuerderungen.

A wa mer dann an dem ADR seng Wahlprogrammer vun deene leschte 15 Joer kucke ginn, da fanne mer, wou se stongen a wou se ofgeschriwwen gi sinn.

Den Här Lux huet de Mëtteg hei gesot, dass si immens vill Propositionen hei gemaach hätten. Wann dat esou ass, Här Lux, dass Dir, zënter Der an der Opposition sidd, esou vill Iddien hat, an déi sinn duerchgesat ginn, da kann ech de Leit am Land nëmme recommandéieren, dass se bei deenen nächste Wahlen lech nëmme keng Stëmme ginn, fir dass Dir an der Opposition bleift, well Dir sidd da wierklech néierens esou gutt opgehuewe wéi an der Opposition, well Dir hutt nach néierens esou vill durchgesat kritt, wéi säit Der an der Opposition sidd.

### (Interruption)

Här President, deen éischte Rentendesch, dee mer haten, do hat d'Liberalpartei och keng Propositionen. De Lucien Lux huet dat de Mëtteg hei virgedroen. Den Appetit ass iwwert dem lesse komm.

Wéi op eemol gesi ginn ass, dass den Drock am Land immens staark wier an d'Leit géingen denken, dee Rentendesch ass bestëmmt net zesummekomm fir näischt ze ënnerhuelen, an d'Reserven esou grouss

waren, dass een et net hätt kënnen erklären, dass ee kee positivt Resultat un esou engem Rentendesch kréie géif, dunn huet d'DP, schlau wéi se nun emol ass, séier Kurskorrektur gemaach, iwwert e Weekend d'Käpp zesumme gestreckt a méindes lange Propositionen um Desch, wat hätt de gären, Häerz wat begierst de.

Da kënnt awer elo den Här Rippinger heihinner a geheet dem ADR Onkonsequenz vir, virun allem an der Finanzierungsfrage. Dee Chiffer, Här Rippinger, dee mir op den Desch geluegt hunn, deen ass opgerechent ginn: 15 Milliarden.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Wie bezilt dat?

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.** - Hutt Der gerechent, wat d'Pensiounen an deenen nächste 15, 20 Joer an der Fonction publique kaschten. Hutt Der och scho gekuckt, wien déi bezillt? Dat ass eng Fro, déi ech lech stellen. Ech hoffen, dass Dir eis déi nach haut am Detail kënnt beäntweren, well et ass net onwesentlech.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Liest den Accord gouvernemental.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.** - Dir hutt keng Äntwert op déi Fro oder Dir sot se just net!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn als ADR e gutt Gefill. Un dësem Rentendesch ass eng Rei vun Iddien, déi den ADR a senger laangjähreger Fuerderunge gestallt hat, erfëllt ginn. Dass anerer sech do associéieren, doriwwer si mir net rosen, mä mir si frou. Mir si frou iwwer all Iddi aus eisem Wahlprogramm, déi ëmgasat gëtt an hei am Parlament Eestëmmegkeet kritt.

Firwat solle mir rose sinn, obwuel mer wëssen, dass mer nach net bei der Rentegerechtegkeet ukomm sinn, mä dass nach eng ganz Rei vu Fuerderungen hannendru kommen? Och wann déi elo hei verneent oder ofgelehnt ginn, da geet et an der Zukunft net aneschters wéi et an deene leschte 15 Joer gaangen ass. Fir d'éischt faalt Der iwwert eis hier: Populismus a wat lech soss an de Kapp grad kënnt, mä no e puer Joer kommt Der mat engem Projet de loi heihinner a presentéiert deen a sot: Gesitt Der emol, wat si mir dichteg. Dat ass eis Iddi. Elo presentéiere mer se a setze se ëm. Mir hunn näischt dergéint, wann e puer Joer duerno déi nächst Fuerderunge vum ADR hei erëm ëmgasat ginn, an dat a voller Eestëmmegkeet.

Mir sinn als ADR frou, fir mat lech alleguer zesummen haut dësem Projet eis Zoustëmmung ze ginn, fir dass mer e weidere Schrack a Richtung Rentegerechtegkeet maachen.

Här President, ech iwwerginn lech deen Amendement zum Artikel III, Artikel 5. Mir froen e separate Vote. Deen Artikel fënnt eis Zoustëmmung net, mä mir si frou, fir de Projet insgesamt ze stëmmen.



**Amendement 1***Article III. - Création d'un forfait d'éducation*

– *L'article 5 est supprimé.*

(s.) *Gast Gibéryen, Jean Colombara, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

**M. Lucien Weiler (CSV).** - An Dir mengt, d'Leit géifen lech dat ofkafen.

**M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Bausch.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer haut de Mëtteg diskutéieren a stëmme wäerten, ass gréissten-deels d'Resultat vu bal véier Méint Verhandlungen um Rentendesch tëschent Abrëll an Enn Juli vum leschte Joer. Et war dëst e Rentendesch, deen en Novum duer-gestallt huet, och an der Sozialgeschicht zu Lëtzebuerg, an där Hisiicht, well et fir d'eischte Kéier war, dass bei Négociatiounen iwwer e ganze Sozialpak niewent den übleche Sozialpartner och sämtlech am Parlament ver-truede politesch Fraktiounen um Verhandlungsdësch derbäi waren.

Déi Gréng sinn an déi Verhandlungen eragaange mat folgende Prämissen a Fuerderungen:

Mir waren der Meinung a sinn dat och nach haut, dass hannert der Rentendebatt, déi mer haut erëm hei féieren, sech e ganzen Enjeu de société géing verstoppen, an dat op méi Niveauen, an dass niewent der Dis-kussioun iwwer eventuell Verbesserung vum de Leeschtungen eigentlech och misst eng verdéiften Diskussioun gefouert ginn iwwert déi laangfristeg Ausriichtung vum eise ekonomesche Modell, well et kann een, esou wéi eise Rentensystem haut fonctionnéiert, déi Diskussioun net dervu lasskoppelen.

Een zweete Punkt war, dass mer gesot hunn, mir misste versichen eise Rentensystem, wat d'Leeschungen ube-laangt, virun allem um ënneschten Niveau ze verbes-seren, well mer eis ganz klor bewosst sinn, dass et um ënneschten Niveau bei deene kleng Rente vill Härtefäll gëtt, also bei deene sou genannten Hungerrenten, an dass eis eischt Suerg ganz klor déi misst sinn, dass dëse Rentendesch et géif fäerdeg bréngen, endlech dës sou genannt Hungerrenten aus der Welt ze schafen.

Een drëtten Punkt war, dass mer gesot hunn, et misst een eng Diskussioun féieren, déi méi laangfristeg ausgeriicht wär an an d'Richtung géing goen, dass mer endlech e Rentensystem krite, wou all Mënsch an dëser Gesell-schaft, ob Mann oder Fra, eege Renterechter endlech géif kréien an dat onofhängeg dervun, ob déi Persoun beruffstäteg wär oder net.

Dee véierte Punkt war, dass mer missten eng Diskus-sioun féieren iwwert déi laangfristeg finanziell Ofséche-rung vum legale Rentensystem.

Gemäss dëse véier Punkte sinn déi Gréng mat folgenden Haaptfuerderungen an de Rentendesch eragaangen.

1. Mir waren der Meinung, dass d'Majorations forfaitaires, dee sou genannte Sockelbetrag, missten erhéicht ginn. Dat ass e Betrag, dee fir jiddereen d'selwecht ass, a wann een do eng prozentual Erhéijung mécht, da profitéiert natierlech jiddereen d'selwecht dovunner. Wann een do eppes Substanzielles mécht, kënn dat natierlech grad deene kleng Rente zegutt, well déi jo da géifen an deemselwechte Mooss profitéiere wéi all déi aner, an et sech do am meeschte géing bemierkbar maachen.

2. Mir hu gesot, mir missten an d'Richtung goe vun enger Individualiséierung vun de Pensiounsrechter. Déi géing an Zukunft dat garantéiere wat ech virdu gesot hunn, nämlech eege Rechter vun all Mann an all Fra, an dat onofhängeg dovun, ob se geschafft hunn oder net. Mir hunn dofir um Rentendesch en Diskussiounspabeier agereecht, deen eigentlech Weeër soll opzechnen, wéi een dohinner ka kommen. Mir hunn och gesot, deen Diskussiounspabeier wier fir eis näischt Absolutes, dat wiere just nëmme Weeër, déi am Ausland zum Deel géinge bestoen, mä déi ee kënn kucken an drop opbauen, fir an Zukunft en neie System ze kréien an endlech op dee Stadium ze kommen, fir dass herno jiddfer Mënsch eng eegestänneg uerdentlech Rente huet.

3. Wat déi laangfristeg finanziell Ofsécherung ube-laangt, hu mer gemengt, dass een engersäits misst e gewëssene Finanzpolster uleeën, e sou genannte Kapitalstack, deen ee géing laangfristeg schütze virun ekonomeschen Imprévuen, an dass een anerersäits misst kucken nei Finanzéierungsquellen ze erschléissen. Haaptsächlech eng Wertschöpfungsabgabe hate mer an d'Diskussioun bruecht, an ech kommen herno nach drop ze schwätze wat dat géing bedeuten.

Wat huet de Rentendesch vun deene grénge Fuerde-rungen zrëckbehalen? Bei de Majorations forfaitaires ass eng 11,9%teg Erhéijung erauskomm. Dat heescht, eng Mesure, vun där virun allem déi kleng Rente profi-téieren. Zousätzlech zu der Erhéijung vun de Majo-rations forfaitaires sinn awer nach eng ganz Rei comple-mentaire Mesurë geholl ginn, déi besonnesch déi sou genannten Hungerrente sollen aus der Welt schafen. Dat sinn déi Mesuren, déi virun allem deene Leit zegutt kommen, déi am meeschten op de legale System vun de Renten ugewise sinn an deementspriedend och wäerte staark dovu profitéieren.

Et waren dat Saachen, déi eis besonnesch erfreet hunn an déi och hiren Nidderschlag am Gesetzesprojet fonnt hunn.

Wat d'Individualiséierung vun de Pensiounsrechter ube-laangt hu mer um Rentendesch duerchgesat, dass an der Déclaration finale en offizielle Groupe de travail soll agesat ginn, wou virun allem och versicht géing ginn,

zum Beispill de Conseil national des Femmes mat un den Dësch ze kréien. Deemools war festgehale ginn, dass dee Groupe de travail schonn am September 2001 sollt ufänken ze fonctionnéieren. Leider, muss ech soen, huet dat awer villméi laang Zäit gebraucht, an eréischt am Fréijoer dëst Joer, mat gutt aacht Méint Verspéidung, ass deen Aarbechtsgrupp agesat ginn, deen dann elo soll en Examen approfondi maache vun de Pisten, déi et ginn, fir dohinner ze kommen, dass all Mënsch individuell kann e Pensiounsrecht an Zukunft hunn.

Et muss ee soen, dass op deem Punkt d'Déclaration finale vum Rentendësch net respektéiert ginn ass an hirer Integralitéit, well ech wëll drop hiweisen, dass festgehale gi war, dass och déi politesch Parteie sollen an deem Aarbechtsgrupp vertrauede sinn. D'Regierung huet do en anere Wee gewielt. Mir bedauern dat, well dat mécht et natierlech virun allem fir d'Oppositionsparteien immens schwéier fir kënnen nozevollzéie wat diskutéiert gëtt, well mer jo net dobäi sinn. Mir müssen da kucken iwwer Ëmweeër un d'Informatiounen ze kommen. Dat ass fir eis keng transparent Virgehensaart a -weis a mir hunn als Gréng eng gewësse Skepsis an deem dote Kontext, well mer wësse wéi schwéier mer et haten um Rentendësch fir iwwerhaapt zu eppes ze komme wat dat do Kapitel ubelaangt.

Mir sinn der Meenung, dass grad d'Schafung vu Pensiounsrechter fir Mann a Fra, onofhängeg ob se berufstätég sinn oder net, ee vun deene gréissten Défien ass vun eisem Rentensystem fir d'Zukunft, a mir sinn och der Meenung, dass, wann iwwert déi sou genannten Hongerrenten diskutéiert gëtt, dat mat deem Défi zesummenhänkt.

Mir hunn dat iwwerengs um Rentendësch, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wierklech excellent un Hand vun Tableauë vun der Sécurité sociale duer geluegt kritt. Ech hunn déi zwee Tableaun nach eng Kéier matbruecht, déi dat beleen.

Am éischten Tableau ass berechent ginn op Basis vun de reelle Chiffere wéi d'Moyenne ass vun de Pensiounen am Privatsecteur, an dat separat fir d'Männer a fir d'Fraen. A wann een déi Chiffere kuckt, da gëtt schonn däitlech, wou de Problem eigentlech läit. Do ass zum Beispill festgehale ginn, dass wat d'Invaliditéitsrent ubelaangt, et eng Moyenne gëtt vum Montant am Privatsecteur bei de Männer vun 68.284 Frang a bei de Frae vu 37.444 Frang

Wat déi normal legal Altersrent ubelaangt ass bei de Männer d'Moyenne am Privatsecteur bei 88.183 Frang, bei de Frae bei 39.922 Frang.

An da kënnt de spréngende Punkt, d'Pensions de survie, dat heescht, bei den ofgeleete Rechter, déi Frae gréisstendeels vun hire Männer hunn, läit d'Moyenne bei 56.133 Frang. Dat heescht, wa mer iwwert déi sou genanntem

Hongerrente schwätzen, musse mer eis bewosst sinn, dass et sech do net ëm déi Fraen handelt, déi virun 30, 40 Joer wéinst deene gesellschaftleche Bedéngungen, déi déi Zäit existéiert hunn, net d'Chance haten zum Beispill berufstätég ze sinn oder aus wat fir engem Grond och ëmmer net wollte berufstätég sinn, mä dass et sech genau ëm déi Fraen handelt, déi berufstätég ware während deene Joren, déi am Moment déi klengste Renten hunn. D'Chiffere beleen dat eendäiteg, och wann ëmmer erëm esou gemaach gëtt, wéi wann dat net esou wär.

Wann ech dann deen Tableau kucken, deen déi Pensiounen erméigëtt, déi ënnert der Minimalpensioun leien, do gëtt et nach eng Kéier grad esou däitlech, well och do stellt ee fest, wann ee bei der Pension de survie de Fraenueel kuckt, dass 4.015 Fraen ënnert dem Seuil leie vun der Pension minima. Allerdéngs sinn der do 3.939 derbäi wat der sinn, déi Invaliderende vun hire Männer iwwerholl hunn. Dat heescht, déi hunn eigentlech eng schlecht Invalidement, well se déi géierft hu vun hirem Partner, dee selwer keng komplett Carrière hat. Dat heescht am Klortext, wann een déi klassesch Pensions de survie kuckt, sinn et eigentlech nëmme 86 Fraen, déi ënnert de Seuil fale vun der Minimalpensioun.

Bei der normaler Pensioun sinn et 2.099 Fraen, déi ënnert der Minimalpensioun leien. Dat heescht, 2.099 Fraen, déi hiert ganz Liewe berufstätég waren, mä duerch verschidden Ëmstänn, op déi ech nach wäert zrëckkommen, keng komplett Carrière hunn an doduerch ënnert de Seuil rutsche vun der Pension minima.

Ech mengen, et ass wichteg déi Chifferen nach eng Kéier ze rappeléieren, och wa mer herno diskutéieren iwwert déi ganz familljepolitesch Considérations.

Dee gréisste Problem vun der Rentenongerechtheet, vun deene ganz schlëmmen Härtefäll, besteet doranner, dass mer et hei bal zu 100% ze dinn hu mat Fraen, déi éischters eng onkomplett Carrière an hirer Berufslaufbahn haten, déi gréisstendeels bedéngt war duerch familljepolitesch Ausfäll, dat heescht, well se net méi schaffe gaange sinn an doheem bliwwe si fir d'Kanner ze versueren, mä awer och e gudden Deel duerch Scheedungen, déi dozou gefouert hunn, dass Frae gezwonge gi sinn an d'Berufsliewen ze goen, well se soss einfach keng Existenz méi gehat hätten an et net méi fäerdeg bruecht hunn, eng eege Carrière opzebauen an dann natierlech mat 60 oder 65 Joer, wa se an d'Pensioun ginn, sozial Härtefäll ginn a virum Näischt stinn.

Dat heescht also am Klortext, et handelt sech hei ëm e groussen Deel vu Fraen, déi effektiv e gudden Deel vun hirem Liewe gratis doheem Familljen- an Hausaarbecht gelescht hunn, iergendwann eng Kéier vun hirem Partner am Stach gelooss gi sinn an da virum sozialen Ofgrond stinn, wann et ëm d'Pensioun geet, an dann am Rentenalter eigentlech Sozialhëllefemfänger ginn.

Dofir ass et fir eis als Gréng och kloer gewiescht, dass do am meeschten den Hiewel unzesetze wier. Mir sinn der Meenung, dass do d'Besoinen am gréisste sinn an net op aneren Niveauen. Ech kommen herno nach eng Kéier dorobber zréck.

Wat d'finanziell Ofsécherung ubelaangt ass et esou, dass mer an eise System natierlech ee grouss Problem hunn, an do kënn een eigentlech net derlaanscht, egal wéi een denkt a wéi ee rasonéiert, fir dee musse feststellen. Mir sinn haut an engem System dran, an dat esouwuel am öffentleche wéi am private Secteur, dass mer am Prinzip Leeschtunge versprieche, déi eigentlech net en rapport sinn zu de Cotisatiounen, déi mer haut anzéien. Mir versprieche haut Leeschtungen, déi méi héich si wéi dat, wat op där anerer Säit ofgedeckt ass. Bis haut konnt dat nëmme fonctionnéiere well mer e permanent Uwuessen hate vun eise Emploi. Dat heescht, well mer en Emploi hunn, wou esouguer während deene Jore wou am Ausland den Emploi stagnéiert huet oder zréckgaangen ass, e bei eis permanent kontinuéierlech gewuess ass an deen Emploi natierlech och nach garantéiert hunn, haaptsächlech duerch jonk Auslänner oder Frontalieren, déi zwar am Moment nach keng Rechter an Usproch huelen, mä iergendwann eng Kéier wäerten och Rechter hunn, déi se sech jo selwer opbauen hei zu Lëtzebuerg.

Wa mer et an deenen nächste Joren net fäerdeg bréngen, déi finanziell Ofsécherung vun eise Renten, ob am öffentlechen oder am private Secteur, vum Emploi lasszekoppelen, da riskéiere mer eng Kéier Schéffbroch ze erleiden, well et ass zimlech kloer, d'Reserven, déi mer haut an eise Keessen hunn, kommen dohier, well mer permanent deen usteigenden Emploi hunn, wou vill Cotisatiounen erakommen, wou haut nach keng Leeschtungen ausbezuelt ginn.

Dat ass en Däiwelskrees. Mir wëssen et alleguer, wa mer et net fäerdeg bréngen doraus erauszekommen, da geet et eng Kéier schif, well mir brauchen eis nëmmen zwee Szenarioë virzustellen.

Dat eent ass, wa mer eng Kéier eng ekonomesch Kris kréien, déi méi substanzéiell ass an dass mer dogéint net gefeit sinn. Domadder muss ee jo ëmmer rechnen.

Dat zweet ass nach villméi dramatesch, well mir als Gréng der Meenung sinn, dass mer eis musse bewusst sinn, dass mer iergendwéi eng Kéier un d'Grenz vun der Entwécklung vun dësem Land ukommen. Well mir sinn nëmmen e klengt Land a mir kënnen net egal wat hei maache wat d'ekonomesch Entwécklung ubelaangt. Spéitstens da wäert de Problem sech stellen.

Dofir muss et och eng Kéier laangfristeg d'Zil sinn, fir doriwwer ze schwätzen, fir ze versichen déi Schéier, déi haut tëschent engersäits dem Taux de cotisation an deene versprachene Leeschtunge besteet, méi kloer ze maachen an no Léisungen ze sichen.

Mir hunn duerch déi finanziell Situatioun, déi mer hunn, nach eng gutt Ausgangsbasis. Mir kënnen de Moment nach doriwwer diskutéieren op eng Aart a Weis wéi aner Länner et sécherlech net kënnen, well mer nach villméi finanziell Méiglechkeeten hunn, fir dat esou ze gestalten a Léisungen ze sichen, déi net zu enger Casse féieren.

Ech mengen, dass missten dräi Proposen an deen Aarbechtsgrupp, dee jo awer hoffentlech nach eng Kéier soll agesat ginn iwwert d'Finanzéierungsfroe fir d'Zukunft, sollen afléissen.

Dat eent ass déi vun där sou genannter Wertschöpfungsabgab. Wann ech héieren, datt mer elo jo anscheinend am Kontext vun der ekonomescher Entwécklung vu Lëtzebuerg wëllen an d'Richtung goen, wat mir och géingen als richtig ëmfannen, datt mer ëmmer manner aarbechtsintensiv Betriber hei an d'Land wëllen ernaluen, dat heescht, eis Economie zwar wëlle weider wuesse loossen, mä ouni dass den Emploi wäert weider steigen, da musse mer eis bewusst sinn, vu que wéi eise System vu Cotisatiounen fonctionnéiert, da bréngt dat zwar vläicht vill Plus-waalen an d'Statskeess iwwer Steieren, mä et bréngt eis kee Frang méi an Sozialversécherungskeessen. Well vu que dass d'Cotisatiounen gerechent ginn um Emploi, ass et zimlech kloer, dass, wa mer an Zukunft Entreprises an d'Land huelen, déi kaum Leit beschäftegen, mer zwar vläicht en héijen Ëmsaz hunn, dass déi awer natierlech keng Cotisatiounen bezuelen an deementspreechend eis dat net wäert retten, fir eis Pensiounskeesse fir d'Zukunft ofzesécheren.

Dat heescht, mir musse kucke wéi mer dann op iergendeng Aart a Weis awer och déi Betriber an de Finanzement vun de Sozialversécherungen insgesamt matabezu kréien. Do muss een natierlech och iwwert d'Krankekeessen diskutéieren, mä virun allem awer iwwert d'Pensiounskeessen. Dat ass eng Diskussioun, déi net nëmmen zu Lëtzebuerg leeft. Dat ass eng Diskussioun, déi a ville Länner an Europa de Moment am Gaang ass an déi muss gefouert ginn, wa mer wëllen dee legale Rentensystem, dee mer haut hunn, behalen. Da musse mer d'Solidaritéit och spille loosse bei esou Betriber, fir de Finanzement vum Sozialstat, a mir mussen eis d'Moyene ginn, fir dass déi och an Zukunft dozou bäidroen.

En zweete Punkt ass deen, dass mer eiser Meenung no net wäerten derlaanscht kommen iergendwann eng Kéier och d'Diskussioun doriwwer ze féieren, wéi héich d'Cotisatioun solle sinn. A wa mer diskutéieren iwwer eng Erhéijung vun de Cotisatiounen, dann eventuell och iwwer eng Staffelung bei der Erhéijung vun de Cotisatiounen.

Mir hunn do keng fest Meenung. Mir wëlle just soen, dass dat Simpliste sinn, déi an deen Aarbechtsgrupp musse materafléissen.

Deen drëtten Punkt ass, dass mer ugesichts de Risiken, déi mer haut lafe wéinst deem Problem, deen ech

genannt hunn, e gréissere Kapitalstack uleeën als Reserv, fir dass mer, zumools, wa kuerz Krisesituatiounen kommen, net an d'Labrante kommen. Dat verlaangt eise System einfach als solchen.

Dat heescht, mir hoffen, dass den Aarbechtsgrupp iwwert d'Finanzéierung, déi jo an der Déclaration finale festgehale ginn ass, endlech un d'Rulle kënnt, fir dass mer e Stéck weiderkommen, well do geet et wierklech ums Eingemachte fir d'Zukunft, an et geet net duer, fir haut verschidde Verbesserungen ze décidéieren. Mir müssen och iwwert déi Saachen diskutéieren, well ech mengen, et ka jo net esou sinn, dass mir nëmmen Décisiounen huelen, déi d'Zukunft, déi nächst Generatioun belaauchten, an deenen einfach déi Froen all iwwerloossen, well dann ass et ze spët.

De Projet de loi, dee mer haut virleien hunn, do wëll ech vläicht eng éischt Remarque maachen, wat eis fundamental stéiert. Mir waren der Iwwerzeegung, datt een hätt missen eigentlech zwee Projete maachen. Mir fannen et net transparent an net éierlech dat, wat hei gemaach ginn ass, nämlech eigentlech deen décke Batz Rentepolitik, deen hei usteet, ze vermësche mat engem klengen Deel Familljepolitik. Et wär méi propper gewiescht, wann een higaange wär, et hätt een zwee separat Projete gemaach: een iwwert deen Deel Renten an een iwwert deen Deel Familljepolitik, spréich Forfait d'éducation. Leider ass d'Majoritéit net op dee Wee gaangen, a si huet ee Projet draus gemaach, wat dann och dozou gefouert huet, datt mer haut zwee Rapporturen haten zu engem Projet.

Ech wëll da vläicht zum éischten Deel soen, wou den Här Bettendorf jo de Rapporteur war, datt ech eigentlech zu deem Deel fir eis net wëll all déi Mesuren alleguerten eenzel nach eng Kéier opléischen, déi hei dra sinn, well dat sinn alles Mesurë vum Rentendësch, déi eigentlech just agefloss sinn an dee Projet. Um Rentendësch war e Konsens, wou eng ganz Rei Saache festgehale gi sinn, wou Fuerderunge vun eis dobäi waren, awer och zwar Fuerderunge vun anere Leit.

Et si sécherlech do Fuerderungen dran, déi mir net esou gemaach hätten, wou mir déi Sue benotzt hätte fir aner Saachen. Mä bon, wann een esou e Wee wielt wéi dee vum Rentendësch, da kann et nëmmen esou sinn, datt herno iergendee Konsens muss erauskommen. A wa mer e Konsens mat ënnerschreiwen, als Gréng, da si mer och eigentlech dofir, fir sech dorun ze halen, a mir wäerten duerfir op alle Fall dee ganzen Deel hei och integral mat droen. Woubäi ech awer wëll soen, datt déi Reserven, vun deenen ech virdu geschwat hunn, dat der waren, déi mir am Rentendësch erabruecht hunn, ech awer hoffen, datt mer et fäerdeg bréngen, dee Volet schnellstens unzegoen.

Deen zweeten Deel, dat ass dann dee vun der Aféierung vun deem sou genanntene Forfait d'éducation. Do hu mir eng ganz Rei Problemer. Ech wëll direkt viraus-

schécken, datt et eis net hei drëms geet, datt mir Leit, déi vun deem Forfait d'éducation profitéieren, Fraen, deenen deen net kéinte vergonnen. Dat ass net dat, wat eis stéiert, mä ech mengen all Measure, och wa se heiansdo kuerzfristeg esou schéin ausgesäit a vläicht gutt klénge a vläicht kuerzfristeg bei eenzelne Fraen am Porte-monnaie gutt kléngelt, da wëll ech hei beweisen haut, datt et e Wee ass, dee falsch ass. En plus ass et eng Measure, déi souwisou just nëmmen e Schiet ass, dee soll hale bis 2004, bis d'Wahlen. Mat där Measure gi gewësse Saache bezweckt, an doriwwer eraus wäert se wahrenscheinlech iergendwann eng Kéier net méi haltbar sinn. Dofir ass et eigentlech Uschass un deene Fraen, déi elo zwar hei wäerten eppes kréien, mä wou et zimlech sécher ass, datt se net - emol net mëttelfristeg menger Meinung no - wäert bestoe bleiwen, an ech wäert dat beleen.

Ech wëll awer méi op déi prinzipiell Saach fir d'éischt agoen. Den Här Halsdorf huet gesot, datt dës Proposition sech eigentlech géing op d'Vergaangenheet ausrichten. Et wär eng Proposition, déi déi Frae soll belounen, déi virun 30, 40 Joer, well ech mengen un de Beispiller ass dat kloer ginn, datt et Frae sinn, déi virun 30, 40 Joer Kanner kritt hunn oder erzunn hunn. En huet dem Här Juncker, eisem Premier Minister, seng Mamm zitéiert an esou weider, wou e seet, datt dat Frae waren, déi an enger Zäit gelieft hunn, wou se keng Méiglechkeet gehat hätten, eege Rechte opzebauen aus vielfältege Grënn eraus.

Déi Gréng sinn och der Meinung, effektiv, datt Fraen, déi virun 30 oder 40 Joer nëmmen Haushaltsaarbecht gemaach hunn a Kannererzéiung gemaach hunn, ous datt se eege Pensiounsrechter opgebaut kritt hunn, datt dat Ausbeutung pur war, datt dat eng schamlos Ausnutzung war vu Fraen iwwer Jorzéngten, déi einfach sozial komplett ongerecht ass.

Ech muss awer allerdéngs soen, datt ech et en erstaunleche Virgang fannen, wann eng Partei, elo awer grad déi Partei, déi während 50 Joer mat nëmmen enger eenzeger Ënnerbriechung, nämlech tëschent 1974 an 1979 Regierungsverantwortung hat éischters; zweetens, während deene fofzeg Joer quasi kontinuierlech ëmmer de Familljeministère inne hat, datt déi Partei, nämlech d'CSV, 50 Joer gebraucht huet, fir dës Ongerechtegkeet feststellen. Dat ass eng Glanzleeschtung. Déi gehéiert an d'Guinnessbuch vun de Rekorder, an Dir Dammen an Dir Hären, an ech géing duerfir ier ech Lektionen ausdeele par rapport zu deenen, déi hei Kriticken ubréngen, fir d'éischt emol de mea culpa bei mir selwer maache par rapport zu deem Versäumnis iwwer 50 Joer, ier ech hei Lektionen ausdeelen.

Ech mengen awer och, datt déi Ausnutzung vun deene Fraen effektiv virun 30, 40 Joer vun der CSV a vun deene Leit vun där CSV, déi wéi ech gesot hunn, grad an deenen Domäner ëmmer d'Soen haten, datt déi gewollt war



iwwert déi ganz Joren. Si war gewollt, a si ass mat allen ideologesche Mëttele während 50 Joer gerechtfertegt och nach ginn. Et war natierlech kloer, datt haaptsächlech an de fofzeger an an de sechzeger Joren d'CSV eng Partei war, déi vu Männer dominéiert war vun A bis Z. Mir ware souwisou an enger Gesellschaft, déi vu Männer dominéiert war vun A bis Z, an datt et natierlech eng bequem Situatioun war, och fir e Stat, deen deemools vun CSV-Männer regéiert war, esou fonctionnéieren ze doen, datt natierlech d'Sozialkäschten an d'Familljekäschten esou kleng wéi méiglech sollte gehale ginn, an datt mer et méi einfach fonnt hunn zu deem Moment ze soen, d'Frae sollen doheem bleiwen a gratis Kannererzéiungs- an Haushaltsaarbecht maachen. Mir bekëmmere eis net ganz vill driwwer, ob déi Fraen herno gutt oder schlecht do stinn.

Dat ass d'sozial Realitéit, ëm déi et hei geet an iwwert déi mer hei sollen diskutéieren. Här Halsdorf, wann Der der Meenung sidd, a mir sinn och der Meenung, datt dat schlëmmsten Ausbeutung war, déi an de sechzeger Jore gemaach ginn ass vu Fraen op deem doten Niveau, datt dës Mesure op d'Vergaangenheet ausgeriicht war, da muss ech lech soen, an Dir sot selwer d'Situatioun wär haut eng aner, firwat hu mer dann net wéinstens emol do eng Trennung gemaach an esou diskutéiert doriwwer? Firwat hu mer net gesot: Komm mir kucken emol, wat mer kënnen dann nach haut maache fir déi Fraen, déi mir déi Zäit als CSV, wou mer toleréiert hunn, dass se an de fofzeger an an de siechzeger ausgebeutet gi sinn, datt mer Mesuren erfannen, déi e Sënn maachen, fir déi haut ze belounen?

Well haut hu mer déi Situatioun net méi. Déi Fraen, déi haut um Aarbechtsmaart sinn, déi si jo anscheinend net méi an där Situatioun. Déi hu jo haut aner Méiglechkeeten. Mä wat Der hei maacht, an dat ass jo och de gewollten Exercice vun der Operatioun, Dir verspricht haut jonke Fraen, déi an déi 30 Joer al sinn, déi och net berufstäteg sinn, wat selbstverständlech hire berechtigte libre Choix ass, datt déi och eng Kéier an de Genoss kéime vun engem Forfait d'éducation, wou ech lech soen, wann déi bis eng Kéier 60 Joer hunn, ass dee Forfait d'éducation ofgeschaaft.

Dir hätt besser gehat, Dir wäert higaangen an Dir hätt dat gemaach, wat mir gesot hunn, nämlech dofir ze suergen vun elo un, datt déi jonk Frae vun haut, déi de Choix getraff hunn, fir net berufstäteg ze sinn, wa se eng Kéier herno an de Pensiounsalter kommen, en eege Recht hunn op eng eege Rent, well dat ass deen eenzege Wee, fir eng honnertprozenteg Garantie ze hunn, fir datt Fraen net méi an esou Härtefallsituatiounen kommen, wéi dat haut de Fall ass.

**Des voix.** - Très bien.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Wa mer doriwwer diskutéieren iwwert déi dote Problemer, iwwert déi Fraen, déi jo solle belount gi vu virun 30 Joer, dann hätt

een zumindest missen de Courage hunn, fir och iwwer Selektivitéit ze diskutéieren.

Den Här Gibéryen huet elo hei e Beispill opgezielt. Ech si selte mam Här Gibéryen d'accord - behaupten ech hei op dëser Tribün -, mä an deem Punkt ginn ech em honnertprozenteg Recht. Dat ass dach net normal, datt hei onselektiv, emol net gekuckt gëtt, sech net emol d'Méi gemaach gëtt, fir eng Statistik opzestellen, fir ze kucken, wéi sech d'Witwerenten am Land insgesamt presentéieren.

Et gëtt der effektiv vu 40- a 50.000 Frang, an et ass och richtig, wéi den Här Gibéryen hei gesot huet, et gëtt der och vun 200.000 Frang. Mécht dat da wierklech Sënn, wa mer higinn an onnuanciéiert einfach hei esou eng Décisioun huelen, ouni Rücksicht op Verloschter duerch d'Bank jiddferengem déi ginn? Ech hu gesot, datt d'Moyenne vun de Witwerente bei 56.000 Frang läit am Moment hei am Land. Et hätt een duerchwees sécherlech kënnen diskutéieren iwwer eenzel Mesuren nach fir bei deene ganz kleng Witwerenten, bei deene Witfraen, déi et wierklech brauchen d'Geld, fir deenen eppes hei ze ginn, datt se besser dru sinn haut an eiser Gesellschaft, mä dann hätt een dat solle maachen an engem Sënn effektiv, datt ee selektiv virgaange wär, d'Gelder esou verdeelt hätt, datt de Käschtepunkt menger Meenung manner grouss gewiescht wär, mä net deenen eppes ginn, déi eiser Meenung no et net brauchen an dat si Witwerente vun 200.000 Frang. Do si mer der Meenung ganz däitlech, datt déi net nach zousätzlech dräi-, sechs- oder néngtausend Frang brauchen. Dat sinn déi fundamental Punkten, ëm déi et hei geet.

Et erschreckt mech ëmmer erëm, wann ech héieren, wéi iwwerhaupt iwwert déi Droits dérivés geschwat gëtt. Et gëtt gemaach, wéi wann déi Droits dérivés eng Selbstverständlechkeet wäeren, wéi wa se e feste Bestanddeel wäeren vun engem soziale Versécherungssystem. Mir wësse jo allegueren, d'Pensiounsversécherung ass eng Versécherung am Prinzip. Dat heescht, dat ass e Mechanismus, wou een e ganz Liewen eppes abezilt, fir dann herno eppes erauszekréien. Dat ass eng normal Assurance, an d'Droits dérivés, déi mer haut scho kennen, dat ass jo eigentlech schonn eng Dérogatioun zu deem Versécherungsprinzip, déi natierlech d'CSV virun allem huet misse schafen zu engem gewëssene Moment, well se net wollten an de fofzeger an an de siechzeger Joren direkt fir Rentegerechtegkeet, och zum Beispill fir déi Frae suergen, déi doheem den Haushalt maachen a Kanner erzéien, duerfir hu se missen zumindest deen do Mechanismus schafen, fir datt déi Fraen natierlech och herno iergendeppes hunn. Mat natierlech dem groussen Nodeel, datt et en Droit dérivé ass, dat heescht, datt een deen nëmme kritt, wann ee mat engem Partner e ganz Liewe zesumme leeft an dann herno, wann deen dann eng Kéier net méi do ass, dat heescht gestuerwen ass, dann eben deen Droit dérivé eriwwerhëlt. Wann een

awer par contre de Pech huet, wéi gesot, mat 50 Joer oder wéini och ëmmer gescheed ze ginn, da gëtt et ganz ganz elle fir déi Fraen an da sti se zimlech domm do.

An dann ass et och zimlech kloer fir eis, datt wann een do méi selektiv virgaange wär, dann hätt ee sech duerchwees kënne virstellen, datt een an där Tranche 56.000-80.000 Frang Witwerenten och aus deene Grënn ënner anerem, wou den Här Gibéryen jo virdu gesot huet, eppes hätt kënne maachen, mä dat hätt dann zumindest e gewëssene Besoin ugesprach, mä dann hätt ee sech missen d'Méi maachen, déi erauszefilteren, an dat ass hei net gemaach ginn.

An da kënnt ee Punkt, dee schockéiert mech natierlech besonnesch an dësem Kontext, well mir sinn als Gréng der Meenung, datt wa mer eis esou eng familljepolitesch Leeschtung, wéi déi hei, iwwerhaapt kënne leeschten - et brauch ee jo nëmmen an eis Nopeschlänner ze kucken, do bräichte se iwwer esou Mesuren net ze diskutéieren -, dann huet dat jo natierlech domat ze dinn, datt d'Finanzlag vum Lëtzebuerger Stat - well dat hei gëtt jo finanzéiert iwwert de Budget - am Moment exzellent ass.

An da muss ee sech natierlech d'Fro stellen: Firwat ass déi Finanzlag esou exzellent? An do gëtt et Erklärungen, déi si jo awer wierklech onëmstridden, géing ech soen, och vun alle Fraktiounen heibannen. Dat ass, well mer effektiv et fäerdeg bruecht hunn, dass eisen Emploi hei zu Lëtzebuerg permanent usteigt, datt mer permanent nei Entrepenen an d'Land geholl hunn, esou datt mer an der Zwëschenzäit op engem Emploi si vu ronn 260.000 Leit. Datt déi 260.000 Aarbechtsplaze besat a garantéiert ginn haaptsächlech duerch d'Uwuesse vun de Frontalieren, wou mer an Zwëschenzäit bei iwwer 100.000 ukomm sinn, datt mer insgesamt iwwer 50% vun eisem Emploi national an Zwëschenzäit vun Ausländer besat hunn. An da muss ee feststellen, datt grad d'Majoritéit vun deenen dote Leit, déi an deene leschte Joren zu där exzellenter finanzieller Lag vum Stat bäigedroen hunn, datt mer eis dat do kënne leeschten, datt déi elo ausgeschloss ginn, gréisstendeels, vun där Mesure.

Dat ass eiser Meenung no net nëmmen ee Skandal - an ech kommen dorobber zrëck -, dat wäert och eng Kéier zu enger Konsequenz féieren, wou mer nach batter wäerten drun ze knae kréien. Dat ass gemaach ginn, well wa mer direkt higaange wieren a mir hätten dat doten normal sozialgerecht ausgestallt, da wär warscheinlech déi Mesure net méi finanzéierbar gewiescht iwwert de Statsbudget. Da wär se op alle Fall ganz schwéier finanzéierbar gewiescht an da si mer jo um Punkt ukomm, dann hätt ee missten higoen a bei der éischter klengster Schwierigkeet schonn erëm dat Ganzt ausser Kraaft setzen.

Mir stellen also haut hei fest, wann een dat dote kuckt, déi Mesure, dass d'CSV higeet a sech vun hire Sënne vun der Vergaangenheet vun deene leschte fofzeg Joer elo fräikeeft op Käschte vun deene Mënschen, déi haut mat

dozou bäidroen, datt mer dee Räichtum hei am Land hunn, dee mer hunn. Dat si Leit, déi eigentlech just nëmmen d'Ongléck haten, well se hire Lieu de résidence e puer Kilometer hannert eiser geographescher Grenz haten.

Dir Dammen an Dir Hären, wann Der mengt Dir géingt domadder duerchkommen, da mengen ech da läit Der zolidd um Holzwee. Ech mengen, et kann net sinn - an dat wëlle mir net toleréieren -, datt d'sozial Sënne vun der Vergaangenheet vun der CSV elo mat neie soziale Sënne vun haut solle beglach ginn. Mir wëssen allequerten, datt mer de Risiko droen, an datt de Risiko och zu 100% quasi sécher ass, datt mer um europäesche Geriichtshaff an deenen nächste Jore wäerte verklot ginn, weinst där doe Saach. An donc de Risiko vun der net méi Finanzéierbarkeet an e puer Joer vun där dote Mesure ganz kloer ass.

Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV, firwat sot Der de Leit dat net? Sidd esou éierlech a sot hinnen dat, datt et net méi finanzéierbar ass an deenen nächste Joren. Mä Dir sot et net, well jo ganz genau dat den Objektiv ass, nämlech hei e plumpe Manöver ze maachen, fir d'Wahlen 2004, op Käschte vum Bedruch un enger ganzer Kategorie vu Leit, ze wannen. Dee kuerzsiichtege politesche Manöver droe mir als Gréng op alle Fall net mat.

Mir sinn der Meenung, datt wat hei gefrot ass, fir sozial Gerechtegkeet ze schafen, fir laangfristeg Äntwerten ze fannen, dat si ganz aner Saachen. Mir mengen als Gréng, datt et misst an d'Richtung ebe goen, datt all Mann an all Fra an eiser Gesellschaft, ob se beruffstäteg sinn oder net, müssen en Urecht kréien op eng uerdentlech a laangfristeg finanziell ofgeséichert eege Rent. Keen Almosen, mä eng Rent, déi de Mënsche voll Eegestännegkeet garantéiert an duerfir och net als een ofgeleetent Recht betruecht gëtt, sief et vun enger Persoun oder sief et, well iergendwéi grad eng Partei de Moment an der Regierung ass an da mengt, si misst Almose verdeelen.

Ech wëll och dem Här Gibéryen soen: Wa mir soen, datt mer an d'Richtung wëlle goe vun enger Individualiséierung an en dat domadder gläichstellt, dass mir géinge laangfristeg soen, et misst een d'Pension de survie ofschafen. Da wëll ech em soen, datt de Prinzip, dee mir hunn, net deen ass, fir ze soen, d'Pension de survie gëtt ofgeschaaft an déi Frae kréien näischt, mä genau de Géigendeel. Mir mengen, datt d'Pension de survie muss ersat ginn duerch een eegestännegt uerdentlecht Pensionsrecht vun all Fra an all Mann, wat einfach eben dozou féiert, datt déi sozial Ongerechtegkeet, déi Härtefäll an Zukunft einfach net méi kënne virkommen. Dat ass d'Realitéit, an ech mengen, dat ass och dee Wee, deen ee muss goen.

*(Interruption)*

Ech wëll lech just soen, Dir Häre vum ADR - Damme si jo keng am ADR, bekanntlech -, datt déi Propositionen, déi mir gemaach hunn um Rentendesch, déi kënnt Der an deem Papeier noliesen an da kënnt Der feststellen, datt effektiv eise Modell iwwer 40 Joer, fir eng ganz Generatioun, an total sozialgerecht, ausgeriicht ass. Mä bon, ech mengen, et ass natierlech esou op deem dote Gebitt, wann ee wëllt kuerzfristeg einfach Polemik maachen a mengen dann eben d'Wahlen 2004 domadder ze wannen, da kann een natierlech dee Wee goen, deem Dir wëllt goen an deem do Domän.

Mir sinn ausgeriicht net nëmmen op 2004, mä mir wëlle Léisunge fannen am Intérêt vun alle Männer an alle Frae fir d'Zukunft an net einfach kuerzfristeg Léisungen, déi just op déi nächst Wahlen ausgeriicht sinn. Dat ënnerscheet eis wesentlech vun lech an dat wäert eis och an Zukunft wesentlech vun lech ënnerscheeden, a mir sinn doriwwer ganz houg, wëll ech lech soen.

Déi Pensiounsopbesserungen hei, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beinhalten eng ganz Rei Mesuren, eiser Meenung no, souwisou déi vill Ongerechtegkeet an Härtefäll, déi haut ganz urgent muss behuene ginn, déi aus der Vergaangenheet kommen, datt déi kënne ausgemerzt ginn. Mir hätten zum Beispill léiwer gehat et wär een higaangen an et hätt een déi 40 Milliounen Euro d'Joer, déi geschätztweis dee Forfait d'éducation wäert kaschten, benotzt fir effektiv en Iwwergang ze fannen zu engem System vun individuelle Rechter fir all Mann an all Fra, fir dat mat hëllefen ze finanzéieren, well do muss ee jo eng ganz Rei Mesuren a Mechanisme virgesinn. Dat hätt all Mënsch, och all Fra, sécherlech méi arrangéiert wéi dat, wat elo hei kuerzfristeg soll geschaf ginn, woubäi wéi gesot scho bal wahrscheinlech mëttelfristeg dat Ganzt erëm wäert a Fro gestallt ginn duerch déi Grënn, déi ech opgezielt hunn.

Et ass duerfir fir eis kloer, Här President, datt, well mir wierklech wëllen e Beitrag leeschten, fir Rentegerechtgkeet och fir Fraen ze schafe fir d'Zukunft, mir dësen Artikel III net wäerte matstëmmen. Mir froen e Vote par division beim Gesetz zum Artikel III a mir wäerten och aus all deene Grënn, déi ech elo opgezielt hunn, géint den Artikel III stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Rentenopbesserungen, déi mer haut wäerte stëmmen, déi wäerten elo nom 1. Juli sécherlech vill Leit zu Recht aus verständleche Grënn erfreen. Mir kënne sécherlech all deene Leit dat och gutt vergonnen, mä dat ass awer och grad esou kloer, dat där eis net doriwwer ewechtäuschen, datt mer déi wesentlech Problemer eigentlech vun eisem Rentensystem net geléist hunn. Dat ass insgesamt déi laangfristeg finanziell Ofsécherung vun eisem System, ob et den öffentliche ass oder de privaten, a mir sinn als Gréng der Meenung, datt dat déi grouss Debatt gëtt vun deenen nächste Joren, a mir sinn och der Meenung, datt duerfir deen Aarbechtsgrupp

séier misst funktionnéieren. Mir si bereet eis Responsabilitéit ze huelen an deem Aarbechtsgrupp, fir d'Rente fir d'Zukunft ofzesécheren, wann deen Aarbechtsgrupp wäert zustan kommen.

Dat gesot, Här President, mir verlaangen e Vote séparé fir den Artikel III a stëmme géint deen Artikel III a mir wäerten, wat de Gesamtvote ubelaangt vun deem Projet de loi hei, natierlech selbstverständlech fir de Projet de loi stëmmen. Ech soen lech merci.

**Une voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).** - Kuerz ier dat Gesetz gestëmmt sollt ginn, méllt sech, Här President, d'Patronat zu Wuert a warnt virun de finanziellen Auswirkungen.

D'Wirtschaft, déi géng méi lues dréinen. D'Pensiounskeessen dierften net weider belaaucht ginn. D'Patronat mécht esou, wéi wann d'Reserven, déi an de Keesen sinn, hiert Geld wäeren. Dobäi ass et awer esou, dass déi sou genannte Patronatsbeitrag net d'Geld vum Patronat sinn, mä ee sozialiséierten Deel vum Loun, an dass se souguer domadder also näischt dierften ze doen hunn, och net wat d'Gestioun an de Keesen ubelaangt.

D'Patronat soll sech weiniger hei améschen, och well déi Steiergeschenke, déi se kritt hunn, besonnesch mam Ofbau vun der Gewerbesteier, maache mat ronn 870 Milliounen Euro ongeféier fénnef Mol méi aus wéi déi 163 Milliounen Euro, déi dëst Gesetz soll kaschte mat senger Moossnamen. Dat Gejätz, d'Wirtschaft géng méi lues goen, ass och net ubruecht, well zum gréissten Deel selwer verscholt, duerch déi wëll Börsespekulation an deen doraus noutgedrungen erfollegte Krach, ervirgeruff och duerch kriminell Machenschaften wéi falsch Bilanzen, déi virgedroe gi sinn dann, wann et drëm gaangen ass, fir nei Aktien op d'Börs ze bréngen.

Ech wëll dofir, fir deem entgéintzietrieden, déi aktuell Situatioun an de Pensiounskeesse kuerz rappeléieren, esou wéi se an deem leschte Bericht vun der Inspection générale vun der Sécurité sociale geschriwwen ass. Am Joer 2000 waren déi lafend Einnahme mat 2.028.000.000 Euro ëm 29% méi grouss wéi déi lafend Ausgaben. Doduerch sinn d'Reserven ëm 460.000.000 Euro op 4.150.000.000 Euro geklommen. Dat maachen 2,85 Mol d'Joresausgaben aus. Nach ni waren, zënter 1980, déi relativ Reserve méi grouss wéi elo, och de Coefficient de charge mat 43,2 war nach ni méi niddreg wéi elo.

Déi finanziell Situatioun entwéckelt sech also weinstens elo an dem leschte Jor nach méi gönschteg wéi dat an der BIT-Studie ugeholl gi war. Doraus kann een d'Schlussfolgerung zéien, eng Rei weinstens, dass ee Rentensystem no deene sou genannten drei Pfeilern mat Zousaz- an Individualrenten net noutwendeg ass, an dass een och net Beméiunge soll huelen, fir iergendeppes an där Richtung ze ënnerhuelen. Et kann een och schluss-

folgen, dass et onbedéngt muss verhënnert ginn, dass mat de Reserve vu ronn 170 Milliarden eiser Frang soll spekuléiert ginn op der Bourse, ënnert dem Virwand, fir méi eng grouss Rendit ze kréien.

Mer kenne vill Beispiller, wou Pensiounsfrong ruinéiert gi sinn, wou se duerch de Börsenkrach u Wäert ganz besonnesch verluer hunn a wou d'Reserven zesumme-geschrumpft sinn an domadder och d'Ausbeziele vun deene Pensiounen, dat sollt virgeholl ginn, net konnt duerchgefouert ginn, besonnesch an den angelsäch-sesche Länner. Et kann ee sech allerdéngs d'Fro stellen, ob déi heiteg Gestoun vun de Reserven ubruecht ass, well iwwer 50% stinn op kuerzfristige Konten. Ech stelle mer d'Fro: Firwat et net ka gemaach ginn, wéi dat alt fréier de Fall war, wou d'Reserve vun de Pensiounen konnten als Emprunt vun de Gemengen ugezaapt ginn, an domadder kënn och méi eng héich Rendit ervirgeruff gi wéi 4,45%, déi am Duerchschnitt an deem leschte Joer erziilt gi sinn.

Well d'Gemeinde mussen elo, doduerch dass se duerch déi Reform an de Steieren e groussen Ausfall hunn, verstärkt op de Kapitalmarkt goen, an hei kënnen d'Reserve vun de Pensiounskeesse fir si e wëllkomme Mëttel dofir sinn. Entgéint deem, wat elo am Gesetzesprojet virgesinn ass, hätt mir léiwer gesinn, dass d'Grondrent massiv erhéicht gi wär, wat jidderengem zugutt komm wär a wann zweetens d'Weihe gestallt gi wäeren a Richtung vun der Individualiséierung vun de Renten. Mir verlossen also mat deem Gesetzesprojet den ale bismarcksche System net, deen doranner besteet, dass de Mann schaffe geet an d'Fra ass da matverséichert an doduerch natierlech och un dee System gebonnen, well se keng eege Rentecarrière kann opbauen.

Dese Problem vun der Individualiséierung soll allerdéngs - gëtt gesot - an engem speziellen Aarbechtsgrupp uschlëssend un de Rentendesch diskutéiert ginn. Ech bezweifelen allerdéngs, dass ugesichts der problematescher an der fundamentalistescher Haltung vun der CSV am Kader vun der Familljepolitik eppes Guddes an deem Beräich sollt erauskommen.

D'Moossname vun deem Gesetzesprojet sinn duerch déi zwee Berichterstatter ausféierlech duergeluegt ginn. Ech kann also nëmme verschidden eenzel Saachen nach opgräifen.

Déi grouss Kontrovers - a mengem Virriedner seng Ausféierung ware jo haaptsächlech dorobber baséiert - ass déi vun der Erzieungspauschal. Net nëmme do-duerch, well déi ursprüngelech Regierungsversoun total ongerecht war, mä och mat deene Verbesserungen, déi zousätzlech komm sinn, erfëllt se nach eng ganz Rei vu Saachen net, mä steet deenen am Géigesaz souguer géinteniwwer, wéi de Wee zur Individualiséierung vun de Pensiounsrechter erschwéiert gëtt, déi Individualiséierung, déi praktesch vun alle Fraenorganisatiounen gefrot gëtt. Virun allem ass déi Moossnam absolut net sozial ofgestuft. Onofhängeg vum Akommes kritt da jiddereng

déi Pauschal, allerdéngs gëtt se besteiert, mä d'Leit, déi dat duebelt oder dräifacht Akommes hunn, kréie genau dat nämlech wéi déi, déi vill weineger Akommes hunn.

Ursprüngelech war et virgesinn, dass nëmme Fraen, déi net en eegene Pensiounsusproch hunn, dovunner sollte profitéieren. Déi aner, déi geschafft hunn, hunn awer gläichzäiteg jo och Erzieungsarbecht gemaach niewent hirer Aarbecht a wäeren domadder vollstänneg diskrimi-néiert ginn.

Déi Ännerungen, déi virgesi sinn, schwächen allerdéngs des Saach of, léisen déi Problemer awer nach net. Déi Mindestrentnerinnen, déi op Basis vum Complément op déi Mindestrent kommen, kréien zum Beispill näischt. Déi ominös Territorialklausel, déi d'Grenzgängerinnen aus-schléisst, déi wäert an Zukunft nach dem Lëtzebuerger Stat eng ganz Rei vu Gerichtsaffäre bescheren. Et ass sécher dofir sech beméit ginn, fir déi Erzieungspauschal net als Moossnam am Sozialberäich erschéngen ze loossen an duerfir elo och net d'Pensiounskeessen dat bezuelen ze loossen, mä aus budgetäre Mëttel finanzéieren ze loossen, fir dass eben déi Verbindungen duerch déi EU-Bestëmmungen net direkt mat dem Sozialberäich kënnen gemaach ginn. Mä d'Grenzgänger bezuele jo net nëmme Sozialcotisatiounen, mä si bezuelen och Steieren, an dofir gleewen ech net, dass mat deser juristescher Konstruktioun een do an den EU-Saache kënn duerkommen.

Déi Erzieungspauschal, déi gëtt ëmmer erëm zitéiert am Zesammenhang mat de Babyjoren. Duerfir wëll ech kuerz e puer Wuert dozou soen a virun allem d'Ent-wécklung an deene leschte Joer an deem Zesammenhang beschreiwen. Wéi d'Babyjoren agefouert gi sinn, hate mer 1988 609 Persounen, déi dorënner gefall sinn, an d'Héicht vun de staatlechen Zouschëss waren 18 Milliounen Lëtzebuerger Frang. 1989, dat Joer dono, wou et am Fong geholl eréischt richteg ugelaft war, do sinn der 1.137 an de Genoss vun de Babyjore komm, an dat huet dann de Stat 74 Milliounen kascht. 1997 war ee Maximum mat 3.000 Leit, déi an de Genoss komm sinn, an 364 Milliounen als Käschtepunkt. Am Joer 2000 ass dat zrëckgang op 2.555 Leit mat 314 Milliounen als Käschtepunkt, zousätzlech fir de Stat.

Dat heescht, déi Entwécklung ass elo an deene leschte Joer réckleefeg, souwuel wat d'Zuel vun deenen ube-laangt, déi d'Babyjore kréien, wéi och natierlech wat d'Ausgabe vum Stat ubelaangt, an dofir wäert eng Aus-dehnung fir déi Fäll iwwer de Gebuertsdatum vun 1988 eraus de Stat net onbedingt vill kaschten, well déi, déi ursprüngelech an de Genoss komm wäeren, elo schonn zueleméisseg zrëckginn.

D'Koppelung tëschent Babyjore an Erzieungspauschal, déi elo gemaach ginn ass, wäert an Zukunft nach Problemer mat sech bréngen. D'Erzieungspauschal soll nëmme eng eemoleg Moossnam sinn, eng Aart, ech wëll net soen lwwergangsmoossnam, mä eng excep-



tionnel Moosnam, déi mat der Zäit géing auslafen, awer dorun ass kaum ze gleewen, well déi zukünfteg Ännerungen, wat d'Babyjor ubelaangt, jo och hir Auswirkungen an der Erzéiungspauschal wäerte mat sech bréngen.

Déi praktesch Ausféierung vun der Erzéiungspauschal wäert awer nach mat Schwierigkeeten an Iwwerraschunge verbonne sinn. Dat stuet Festhalen doru léisst sech dofir wuel haaptsächlech aus ideologesche Grënn erklären a mat der Roll, déi och an Zukunft de Frae soll zouerkannt ginn, dat heescht tätég sinn am Stot. Dat steet am Widdersproch zu all de Fuerderungen, déi ee soss iwwerall, wat den Zougank zum Aarbechtsmaart ubelaangt, héiert, déi derzou tendéieren, dass méi eng grouss professionell Tätigkeet vun de Frae soll ervirgeruff ginn.

Fir den europäesche Fuerderunge wuel entgéintzekommen, déi an d'Richtung vun enger verlängerter Aarbechtszäit ginn, dat heescht een Ausschiebe vun dem Pensiounsalter, gëtt déi Moosnam ageféiert, déi e Steigerungssaz fir Persounen erlaabt, wa se mat 55 Joer an 38 Déngschtjoren nach weider schaffe ginn.

Dës Bedingunge bedeuten, dass fréi mat dem Schaffe muss ugefaange ginn, dat heescht mat 17 Joer, a Leit, déi méi laang studéieren, komme kaum a Fro, an och déi ebenfalls net, déi eng Ennerbriechung vun hirer Carrière maachen.

Dofir seet de Wirtschafts- a Sozialrot am Bericht zur wirtschaftlecher a sozialer Lag vum Land, deen den 9. Abrëll vun dësem Joer erauskomm ass: "Le CES se doit de constater que cette mesure n'a qu'un effet partiel du fait qu'elle ne s'applique qu'aux personnes ayant commencé leur carrière professionnelle à un âge jeune. Celles et ceux qui n'entrent dans la vie active qu'à la fin d'une scolarisation plus longue ne peuvent en bénéficier que dans une mesure très réduite. Il en est de même pour les personnes qui ont connu des interruptions de carrière. En effet, elles ne peuvent pratiquement pas satisfaire à la condition requise de 38 années effectivement prestées et cotisées."

Et ass also éischter, géing ech soen, eng kosmetesch Moosnam, fir am Kader vun den EU-Direktive besser do ze stoen.

Eng kuerz Bemierkung zu den Antikumulbestëmmungen, déi jo gelackert ginn. An dësem Zesammenhank kënnt et zu der makabrer Situatioun kommen, dass d'Witwerent gekoppelt mat der Weeserent méi héich kënnt wéi dat Akommes, wat déi komplett Famill virun dem Doud vum Papp hat. Ech wëll net domat soen, dass elo d'Ueschléi an d'Morde wäerten zouhuelen, mä et ass eng Situatioun, déi mir zougedroe ginn ass, dass se sech kënnt an der Praxis erweisen.

Ofschléissend wëll ech soen, dass am Zesammenhank mat der finanzieller Lag vun eise Pensiounswiesen déi

Moosnamen an hirem Ausmooss recht bescheiden an an der Richtung vun der Individualiséierung net weiderkomm sinn. Am Vergläch zu de Steiergeschenker un d'Patronat si se och vollkommen disproportionéiert. Et gëtt domat begrënnt, dass um Prinzip vun der Finanzéierung vum Pensiounswiesen näischt dierf an deenen nächste fofzeg Joer geännert ginn.

Dat kann een awer net einfach esou hinhuelen ee fir allemol als festgeschriwwen, well d'Finanzéierungsméiglechkeeten an eng aner Richtung kënne goen. Et kann ee se net einfach ee fir allemol nëmmen op d'Lounmass bezéien, et mussen an der Zukunft doudsécher aner Finanzéierungsméiglechkeeten ugeschnidde gi fir eise Rentensystem ofzesécheren an domat och fir ze verhënnern, dass kann de Leit Angscht gemaach gi mat der Noutwendegkeet, déi een heirauss zitt, vun deem 750.000-Awunner-Stat.

**M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Marcel Glesener.

**M. Marcel Glesener (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleginnen a Kollegen, ech wëll uganks menger Ried virun allem deenen zwee Rapporteurs, meng Kollegen Niki Bettendorf a Jean-Marie Halsdorf, félicitéiere fir déi Aarbecht, déi se an der Kommissioun gemaach hunn a fir hire schrëftlechen an hire mündleche Bericht. Virun allem awer wëll ech de President vun der Sozialkommissioun, den Niki Bettendorf, Würdege fir déi Manéier wéi en déi Sitzunge gefouert huet, wat wierklech beispillhaft war.

Dee Projet, dee mer haut diskutéieren, huet eng laang Virgeschicht. Ech ka mech net erënneren, dass je engem Projet esou eng laang Debatt virausgaangen ass.

Scho virun de Wahlen vun 1999 hunn d'Parteie sech positionéiert an et ass öffentlech a ganz vehement iwwer eng zukünfteg Reform diskutéiert ginn. Ech erënneren un d'Renteplate-forme vun de Gewerkschaften, wou ganz konkret Virstellungen a Fuerderunge virbruecht gi sinn an d'Gewerkschaften virun allem vun enger struktureller Reform geschwat hunn, déi se haaptsächlech dora gesinn hunn, dass et sollt zu enger linearer Erhéijung kommen duerch en Unhiewe vun de Steigerungssätz.

Doriwwer eraus war vill Virgeplänkels innerhalb vun de politesche Parteien an och bei deenen, déi an der Politik hei zu Lëtzebuerg d'Soen hunn.

Et ass driwwer gestriden an diskutéiert ginn, ob eng strukturell Reform, strukturell Verbesserung machbar a méiglech wäeren oder ob et nëmme kënnt zu punktuell Verbesserungen am Rentensystem kommen. Et si vun de Parteien ënnerschiddlech Virschléi gemaach ginn. Et ass schlussendlech zum Rentendesch komm. D'Resultat vun deem Rentendesch huet sech an engem Konsens finaliséiert an et ass dee Projet derbäi erauskomm, deen eis haut hei presentéiert ginn ass an dee mer elo diskutéieren.

Ech wëll bei där Geleeënheet de Verdingscht vum Sozialminister, dem Här Carlo Wagner, ervirsträichen, deen op

eng besonnesch cool Aart a Weis et fäerdeg bruecht huet, déi kontrovers Diskussiounen wéi se virum Renten-dësch a während dem Rentendësch gefouert gi sinn, ze vereenegen, esou dass et trotz allem méiglech war fir zu engem Konsens ze kommen, an dat war mat Sécherheet net einfach.

Ech wëll mech elo hei net ausloossen an Definitiounen: Ass et elo eng punktuell Verbesserung? Sinn et punktuell Verbesserungen oder hu mer et mat enger struktureller Reform ze dinn? Ech géif wëllen d'Resultat akleeden a folgend Wieder: Mir hunn et ze di mat wesentleche punktueller Strukturverbesserungen.

Dat wat haut an deem Projet zur Debatt steet, dat ass d'Resultat vun enger kontinuierlecher Sozialpolitik, déi während deene leschte Jorzéngte mat Determinatioun zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Et ass mat Sécherheet net de Verdingscht vun enger Partei. Et ass och net de Verdingscht vun enger anerer Partei. Et ass de Verdingscht vun eis alleguer. Et ass de Verdingscht vun eis gemeinsam, déi mir während de leschte Joren et fäerdeg bruecht hunn, wesentlech Verbesserungen an dem Pensionsversicherungssystem duerchzezéien.

Et huet mech haut e bësse während den Debatte gestéiert, wéi déi eng an déi aner, déi eng méi wéi déi aner, de Verdingscht beansprucht hunn, déi Besch, déi Gréisst an déi Schéinst gewiescht ze si bei dëser Reform. Mat Sécherheet huet jiddferen heibanne seng Verdingschter un dëser Reform. Dobäi wëll ech och net vergiessen, d'Verdingschter vun de Gewerkschaften ze ënnersträichen, déi am richtege Moment et fäerdeg bruecht hunn, anzewierken an hir Revendikatiounen nohalte ze realiséieren.

Mä d'Voraussetzung fir dës Verbesserungen, déi mer haut decidéiere kënnen, wat wesentlech Verbesserungen sinn, dat war ouni Zweifel d'Gesetz vum 23. Mee 1984.

1984 ass d'Risikogemeinschaft agefouert ginn an eenheetlech Strukturen an de Pensionskeesse vum Privatsektor sinn duerchgefouert ginn.

1984 ass eng Finanzreform duerchgezu ginn, déi d'Beitragsbedeelegung vum Stat an Etappe bis op 8% agefouert huet.

1984 ass d'Émlageverfahre konkretiséiert ginn an duerch déi Finanzreform war et méiglech, dass an deene Joren duerno Reserve konnte geschafe gi vun 192 Milliarden Lëtzebuerger Frang.

Vun 1984 u war et méiglech, wesentlech Renteverbesserungen duerchzeféieren, virun allem duerch d'Gesetz vun 1992, ouni dass d'Cotisatiounen hu misse gehéicht ginn.

Dëst war alles méiglech duerch d'Gesetz vum 23. Mee 1984, wat initiéiert gi war vum fréiere Statsminister Jacques Santer a wou deemools d'Kollege Sozialiste geschwat hu vun engem Renteklau. Si ware géint déi

gesetzlech Bestëmmungen. Esou kann ee sech ieren! A wann d'Geschicht vun de Sozialversicherung ge-schriwwen gëtt, da gëtt mat Sécherheet festgehalen, dass dat Gesetz vun 1984 alles anescht war wéi e Renteklau, mä d'Voraussetzung geschafen huet fir eng kontinuierlech Verbesserung vun de Pensiounen vun de Rentner a Rentnerinnen zu Lëtzebuerg.

**Diverses voix.** - Très bien.

**M. Marcel Glesener (CSV).** - D'CSV hat selbstverständlich och hir Virstellungen, déi se wollt an dës Reform mat erabréngen. Fir d'éischt emol, entgéint vun aneren, hate mer festgehalen, dass d'Émlageverfahren dat bescht an dat wierksamst Mëttel wier, fir déi zukünftige Pensiounen zu Lëtzebuerg ofzesécheren an ze verbessern.

Mir hu festgehalen um Émlageverfahren, virun allem och um Generatiounsvertrag, an drop gehalen, Sozialpolitik virrangeg do ze verwierklechen, wou se am noutwendegsten ass. Dat ass bei deene kleng Pensiounen a bei den Hongerrenten. Dofir war et eng éischt Fuerderung vu menger Fraktioun, fir d'Grondrent wesentlech ze erhéijen, fir d'Mindestrent wesentlech ze verbessern a virun allem fir en Ausgläich ze schafen tëschent der Famill an der sozialer Sécherheet. Doriwwer eraus hu mer eis agesat fir eng linear Erhéijung vun de Pensiounen duerch d'Unhiewe vun dem Steigerungssaz.

A wa mer kucken, wat mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn, da gesi mer, dass déi Virstellungen, déi mer an déi Rentereform abruucht hunn, um Rentendësch an och scho virdrun, zu engem gréissten Deel konnten duerchgesat a realiséiert ginn.

Mäi Kolleg Paul-Henri Meyers huet verschidden Detailer vun dëser Verbesserung niewent de Rapporturen hei virgedroen. Ech wëll op eppes opmierksam maachen, datt et wäert schwéier sinn no dem 1. Juli, fir bal all Rentner, rauszufannen, wat nun effektiv d'Erhéijung vun hirer monatlecher Rent duerstellt, well den 1. Juli kritt all Rentner seng perséinlech Pensioun opgrond vun dëser Gesetzgebung erhéicht. Doriwwer eraus kritt en eng Indexranchenobezuelung vum Mount Juni an doriwwer eraus kritt e seng erhéichte Pensioun nobezuelte op den 1. Mäerz, dat si véier monatlech Beträg. Esou datt et schwéier ass erauszekristalliséieren, fir deen Eenzelnen, wi vill elo effektiv seng monatlech Pensiounserhéijung wäert bedroen.

Duerfir wëll ech nëmme véier Chiffere kuerz duerstellen. D'Grondrent, déi also jidderee kritt, gëtt ëm 1.612 Frang gehéicht. Déi kritt also jiddferen bäi. De lounbezogenen Deel vun der Pensioun gëtt ëm 3,9% gehéicht, ronn, duerch d'Erhéijung vun de Steigerungsbeträg. Wéi kann ech da meng Rent dorop ausrechnen? Ech muss also meng Bruttorent huelen, meng Grondrent vun 10.926 Frang ofzéien an dann 3,9% dobäirechnen, dat ass dat, wat jiddferengem seng lounbezuge Rent ausmécht.

Da ginn d'Mindestpensiounen ëm 2.211 Frang gehéicht. Da ginn d'Witwepensiounen op 48.000 Frang monatlech ugehuewen. En plus kënn d'Joresendprime vun iwwer 20.000 Frang. Dat, Kolleeginnen a Kolleegen, sinn also déi wesentlech Bestëmmungen, déi jiddfereen ab 1. Juli elo spiert, wann e seng Pensioun kritt. D'Schlussfolgerung, déi ee kann zéien, datt no deem Gesetz vum 24. Abrëll 1991 dëst Gesetz déi wesentlechste Verbesserunge beinhalt, déi während deene leschten 18 Joer hei zu Lëtzebuerg konnte realiséiert ginn.

A wann een dann och weess, datt den 1. Januar en Ajustement fälleg ass, deen all Rentner bezitt, da kënnen mer mat rouegem Gewëssen haut behaapten, datt mer dozou bäigedroen hunn, fir d'Liewensqualitéit vun Dausende vu Mënschen hei zu Lëtzebuerg, Rentnerinnen a Rentner, wesentlech ze verbesseren.

Erlaabt mer nach e Wuert zur finanzieller Ofsécherung. Mir hunn haut virun allem vill geschwat an eis mat de Verbesserunge befaasst, ouni eis awer allze vill Gedanken ze maachen iwwert d'Ofsécherung an iwwert d'Finanzéierbarkeet vun eise Pensiounen. Och um Rentendësch ass séier wéineg doriwwer debattéiert ginn. Kaum eng Konklusioun gezu ginn. Eiser Meenung no ass et awer net onwichtig, datt mer eis och Gedanke maachen, wéi a mat welleche Moyene mir déi heuteg Pensiounen ofséchere kënnen fir d'Zukunft.

Ech géif Folgendes behaapten, datt déi Erhéijungen, déi mer haut decidéieren, finanziell ze verkrafte sinn, och fir d'Zukunft. Mir hunn de Moment - ech hunn et jo gesot - 192 Milliarde Reserven. Déi Reserven erlaben et eis haut fir 2,7 Mol d'Joresausgaben ofzesécheren. Mir hu Clignotanten agesat, dat heescht wa mer gesinn, datt déi Reserven nëmme méi ausreeche fir 1,5 Mol d'Joresausgaben ofzesécheren, da musse mer eis zesummesetzen an no Weeër siche fir dee Problem an de Grëff ze kréien. All siwe Joer soll esou een Inventar gemaach ginn. Dat beweist a bedeit, datt während deenen nächste Joren, an ech géif soen zumindest déi nächst zéng Joer, déi Verbesserungen net hypothekéiert ginn duerch d'Zukunft. Awer et wier net seriö, wa mer eis net géife Gedanke maachen iwwert dat Laangfristegt. Et gëtt laangfristeg ee fundamentale Problem - net nëmme hei zu Lëtzebuerg, mä och hei zu Lëtzebuerg - ze léisen. Ech hunn dat beim Etat de la Nation versicht eng Kéier duerzestellen. Ech wëll dat nach eng Kéier kuerz widderhuelen.

Mir hunn eng fundamental gesellschaftlech Entwécklung hei zu Lëtzebuerg, an déi resultéiert doran, dass déi Joren, wou Leeschtunge bezuelt gi vun de Pensiounen, ëmmer méi laang ginn. Dat heescht duerch d'Liewenserwaardung gëtt d'Zuel vun de Mënschen, déi eng Pensioun kréien, ëmmer méi grouss. Gott sei Dank! Mä doriwwer eraus ginn déi Zäiten, wou mer Beiträg bezuelen, ëmmer méi kuerz. Déi Situatioun ass d'Resultat vun enger gesellschaftlecher Entwécklung. Déi Situatioun ass net ze

léisen duerch ëmmer méi Beitragszahler, well ëmmer méi Beitragszahler ginn och eng Kéier pensionéiert. Mir mussen also fundamental lwwerleeungen doriwwer ustellen, wéi mer laangfristeg déi dote Situatioun finanziell ofgeséichert kréien. An dat ass menger Meenung no nëmme méiglech, wa mer ee fënneft Finanzéierungsstandbeen eis sichen.

Dat engt Standbeen, dat sinn d'Beiträg vun de Versécherter, dat zweet dat sinn d'Beiträg vun den Arbeitgeber, dat drëtt dat sinn d'Beiträg vum Stat an dat véiert dat sinn d'Rendite vun de Reserven. Mä doriwwer eraus muss een am Numm vun der nationaler Solidaritéit ee fënneft Finanzéierungsstandbeen ausfindig maachen, dat konstruieren an dat beschléissen. Wa mer dat maachen, Kolleeginnen a Kolleegen, da brauch et eis net Angscht ze si fir déi finanziell Ofsécherung an der Zukunft, och wann déi demographesch Situatioun hei zu Lëtzebuerg sech esou weiderentwéckelt wéi se dat während deene leschten zéng a fofzéng Joer gemaach huet. Ech kommen zum Schluss.

Mat Sécherheet ass déi heuteg Reform net déi ofschléissend lescht mat där mer eis op dëser Plaz befaassen. Mä mat rouegem Gewësse kënnen mer, solle mer dëser Reform zoustëmmen, well mir ville Mënschen duerch dës Reform méi Liewensqualitéit erméiglechen, a virun allem hu mer ee Méi u sozialer Gerechtegkeet verwierklecht. Ech soen lech merci.

**Des voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

**M. Marco Schroell (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi setze mir déi Mesuren an eis Législatioun iwwert d'Assurance-pension ëm, déi vum Rentendësch an engem eemolege Konsens decidéiert gi sinn. Ech wëll a menger Interventioun net elo op dës Eemolegkeet agoen, woubäi de Konsens gewëss awer och e Mérite ass vum Sozialminister Carlo Wagner, deem ech nëmme ka félicitéiere fir säi Verhandlungsgeschéck.

Ech wëll och net op déi onséileg Diskussioun agoen, ob d'Décisioun vum Rentendësch elo um Ursprung sti vun der Obligatioun fir ee Wirtschaftswuesstum vu mindestens véier Prozent pro Joer. Ech si weder Fatalist nach e Populist, dee spekuléiert een eegene Profit aus der Fro ze zéien, ob d'Rentenopbesserungen elo schold dru sinn, datt Lëtzebuerg elo quasi gezwonge wier fir de Wee vun enger wirtschaftlecher an demographescher Entwécklung a Richtung vun engem 700.000-Awunner-Stat anzeschloen.

Et kann an därer ee sech awer d'Fro stellen, ob d'Entwécklung vun eiser Ekonomie an domadder vun der Bevölkerung net och ouni de Rentendësch an eng ähnlech Richtung géing lafen. Dëst Froespill erënnert un déi albekannte Fro: Wat fir d'éischt do war, d'Hung oder

d'Ee? Oder anescht gefrot: Hu mir net scho säit laange Joren ee konstante Wuesstum kannt oder musse mir deen elo erfannen, fir d'Mesurë vum Rentendësch kënnen ze finanzéieren?

Vill éischter ass dach, Här President, dass sech näischt ännert um eigentlechen Défi, deen doranner läit, eist Land a senger Entwécklung an allen Hisiichten, dat heescht d'Ekonomie, d'Ëmwelt, den Transport oder de Logement, an enger kohärenter an nohalteger Approche unzegoen, wou d'Liewensqualitéit vun eisen Awunner haut wéi muer an iwermuer ëmmer am Virdergrond vun allen Iwwerleeungen, Ustrengungen an Entscheedunge vun de politesch Verantwortleche stoe muss.

Ech wëll den Owend sommairement op d'Hauptkonklusioun vum der BIT-Etüd agoen, déi d'Basis war vun den Diskussioun vum de Partner um Rentendësch. D'BIT-Etüd, där hir Recommandatioun vum de Verhandlungspartner négligéiert oder verkannt gi wieren, wann ee verschidden eesäiteg Stëmmen ze vill Glawe schenkt. Ech wëll awer probéieren, lech déi aner Klack ze erklären, andeems ech versichen lech ze weisen, datt sech d'Verhandlungspartner de Konklusioun vum BIT wuel bewusst waren an d'Déclaration finale vum Rentendësch deenen och Rechnung dréit.

Ier ech elo awer op de Sujet aginn, kommen ech selbstverständlech net derlaanscht, fir de Rapporteur fir hir Aarbecht ze félicitéieren. Si hunn et fäerdeg bruecht, datt no hirem schrëftleche Rapport an hiren Interventiounen de Contenu vum Gesetzesprojet jiddereen am Detail verstanen huet an et eis erméiglecht, laanscht laangwiereg Reditë vun techneschen Aspekter an Detailer ze kommen.

Här President, an hirer Etüd, déi heescht "Evaluation actuarielle et financière du régime général d'assurance-pension du Grand-duché de Luxembourg" hunn d'Expäre vum BIT an enger éischter Partie eng Analys gemaach vum Etat financier actuel vum Renteregime vum private Secteur. Op der Basis vun deene wichtegste Chiffresclé, wéi ee Coefficient de charge fir 1998 vu 47%, dat heescht, datt op ee Rentner zwee Aktiver kommen, wéi eng Prime de répartition vun 23,8% fir 1997, dat heescht, datt mir ënnert de 24% Beitrag leien, déi am Gesetz virgesi sinn, a wéi eng Reserv vun 3.400 Milliounen Euro fir 1998, wat 2,55 Mol de järelechen Ausgaben entsprécht, während d'Gesetz ee Mindestniveau vun nëmmen 1,5 Mol virgesäit.

Op Basis vun dësen Zuele schléissen d'Expären op eng zolidd a gesond finanziell Situatioun vun de Rentekeessen, an ech zitieren: "... le système accumule actuellement une réserve grandissante et présente aussi un niveau relatif de la réserve en augmentation. Il peut ainsi être dit que le système est actuellement financièrement solide et bien géré."

De BIT weist awer dorop hin, datt dëse positive Bilan éischters op ee konstante wirtschaftleche Wuesstum

fousst an zweetens doduerch bedingt ass, dass Lëtzebuerg e regelméisseg Afflux vu friemen Aarbechtskräfte kennt.

An enger virgezunnener Konklusioun weist de BIT op déi sou genannten Dette démographique cachée hin, déi inhärent ass an engem Régime de répartition, deen am Opschwung ass. Dat sinn déi potenziell zukünfteg Bénéficiaire vu Renten, déi haut nach cotiséieren an aktiv zu der Finanzéierung vun de Rente bäidroen, awer muer, wa si aus dem berufleche Liewen ausscheeden, eng eege verdéngte Rent ufroen.

An anere Wieder heescht dat, datt de System haut wéi an der Zukunft nëmmen am finanziellen Equilibre bleift, wa méi Cotisante wéi Pensionné baikommen.

Här President, an enger weiderer Partie vun hirer Etüd entwerfen d'Expäre vum BIT dann zwee méiglech Szenarien, wéi sech déi Lëtzebuerger Wirtschaft an domadder de Rentesystem kënn entwéckelen. De BIT weist awer kloer dorobber hin, datt si keng Wahrsagerei bedreiwen, datt hir Approche keng Approche de prédiction ass. D'Realitéit an 20, 30, 40 Joer kann eng ganz aner si wéi déi potenziell Szenarien, déi si ausgeschafft hunn.

Entwurf hu si zwee Szenarien, déi op jee weils verschidden Hypothesen vun der Evolutioun vun der Ekonomie, dem Aarbechtsmaart an der Demographie opbauen. Den optimistesche Szenario geet vun engem Wirtschaftswuesstum vu 4% vum PIB pro Joer aus. Dëse Wirtschaftswuesstum huet als Konsequenz en entsprechenden Zouwuess vu friemen Aarbechtskräften a vun der einheimischer Bevölkerung.

Am Joer 2050 hätt Lëtzebuerg deementspreechend dann eng Bevölkerung vu 780.000 Awunner. 660.000 Leit géingen dann zu Lëtzebuerg schaffen, dovunner d'Halschent als Résidenten an déi aner Halschent wärend Grenzgänger. Dat wieren dräimol méi Grenzgänger wéi haut.

Am Fall vun engem Status quo vun der Législatioun, dat heescht, wa keng Ännerunge géinge virgeholl ginn am Rentesystem, kënn de BIT zu der Konklusioun: "En résumé, l'ensemble des hypothèses de ce scénario est favorable pour le financement du régime de pension."

De pessimistesche Szenario par contre geet vun enger méi lueser Wirtschaftsentwécklung an der Stagnatioun vun der Kreatioun vun neien Aarbechtsplazen aus. Mir wärend hei mat engem villméi bescheidene Besoin u Main-d'oeuvre konfrontéiert. Déi demographesch Entwécklung géif weineg évoluieren an d'Zuel vun de Frontaliere praktesch op dem aktuellen Niveau bleiwen.

De Wuesstum vun der Ekonomie géif sech dann och op dem Niveau vum annuelle Wuesse vun der Produktivitéit vu ronn 2% apendelen. An dësem Szenario hätt Lëtzebuerg am Joer 2050 eng Bevölkerung vu 440.000 Awunner, eng Population active résidente vun 175.000 Leit a ronn 100.000 Frontalieren.



D'Konsequenze fir d'Evolutioun vun eise Rentekeessen am pessimistesche Szenario vun enger Stagnatioun, voire vun enger Diminutioun vun der Économie, wieren déidlech. Um Enn vun der Projektioun, dat heescht, am Joer 2050 géing an deem Fall den Niveau relativ vun der Reserv bei minus 12,2 mol déi jährléich Ausgabe leien. Dat heescht, de System wier scho laang faillite, wa vir-drün net einschneidend Mesurë geholl gi wäeren. Am optimistesche Szenario par contre läit den Niveau vun der Reserv am Joer 2050 nach ëmmer bei 1,93 mol déi jährléich Prestatiounen.

Andeems de BIT op d'Prekaritéit vum finanziellen Equilibre vun de Rentekeessen hiweist, leet hien der Regierung un d'Häerz, keng fundamental Reformen am Sënn vu strukturelle Verbesserungen vun de Prestatiounen virzehuelen. De BIT schwätzt sech aus géint eng Augmentatioun vun de Majorations forfaitaires ëm 10% a vun de Majorations proportionnelles op 1,9%, an hie recommandéiert keen 13. Mount auszebezuelen.

### **(M. Willy Bourgeois prend la Présidence)**

D'Auswierkungen op d'Finanzsituatioun vun de Keessen hätt als Konsequenz, datt de Gesetzgeber obligéiert wär, kuerz- oder mëttelfristeg entweder seng Entscheedungen ze revidéieren, oder d'Cotisatiounen erhieftlech ze erhéijen, fir de finanzielle Ruin vun de Keessen ze évitéieren. De BIT warnt esouguer vir-drün, well senger Meenung no Entscheedungen an deem Sënn politesch ganz schwéier ze erkläre wäeren an déi politesch Verantwortlech spéider den néidege Courage net géingen opbréngen, fir esou onpopulär Décisiounen ze treffen.

De Virschlag vum BIT fir eng Rentenopbesserung beweegt sech och éischter an engem bescheidenen Rahm vun engem annuellen Ajustement amplaz vun engem zweejähregen, wéi dat de Moment de Fall ass, fir der Evolutioun vun de Salairë vun den Aktive méi séier ze follegen.

Par contre leet de BIT deene politesch Verantwortlechen no, engersäits den Alter vun der Retraite anticipée ëm ee Joer ze erhéijen oder d'Konditiounen esou ze änneren, datt d'Retraite anticipée eréischt fréistens am Alter vu 60 Joer a mat enger Carrière d'assurance vu 40 Joer kënnt zouerkannt ginn.

De BIT konstatéiert ebenfalls en héijen Taux d'invalidation zu Lëtzebuerg a recommandéiert daitlech "à rendre plus strictes les conditions d'attribution des pensions d'invalidité après l'âge de 50 ans". Dës zwou lescht Mesurë sti ganz am Zeeche fir d'Dépensë vun de Rentekeesse sensibel ze diminuéieren.

Eng weider Recommandatioun, där de BIT e separat Kapitel widmet, betrëfft de Placement vun de Reserven, wou de BIT ganz richteg seet, datt e bessere Placement mat engem méi héije Rendement de Rentekeessen eng méi grouss Marge de manoeuvre gëtt. Dëst elo net fir d'Prestatiounen ze erhéijen, mä fir d'finanziell Reserven

ze vergréisseren, déi de Keessen am Fall vu méi wirtschaftlech schlechten Zäiten zegutt kéimen.

Här President, ugesichts vun dese Konklusiounen an dese Recommandatiounen vum BIT kann een effektiv den Androck kréien, datt d'Mesurë vum Rentendesch deenen diamétralement opposéiert wieren, Or, dës iwweeflächlech Impressioun ass net richteg, wann een d'Déclaration finale vum Rentendesch am Fong nolléist.

Et kann an därer kee bestreiden, datt d'Verhandlungspartner sech hirer grousser Verantwortung, déi op hinne louch, bewusst waren.

D'Basis vun hiren Aarbechten an Diskussiounen war d'BIT-Etüd. Gläichzäiteg war den Erwaardungsdruck, deen op hinne louch, grad esou grouss, fir engersäits d'Mindesten d'Hongerrenten auszemäerzen an anerersäits endlech spierbar Opbesserungen vun de Renten am Privatsektor virzehuelen am Sënn vun der Konvergenz tëscht dem öffentlechen an dem private Sektor.

Et ass also no Weeër gesicht ginn, fir dëst Zil mat der Virgab vun der Garantie vun der finanzieller Zukunft vum Régime général ze vereinbaren. Et war eng schwéier an delikat Aufgab an et war gewosst, datt et net méiglech wier, fir am gesetzten Zäitrahmen all Sujet kënnen ze verdéiwen an eng Léisung ze fannen.

Wat niewent den Adaptatiounen vun de Renteleeschungen nach an der Déclaration finale festgehalen gi war, steet net an deem Gesetzesprojet. Dëst aus deem Grond, well de Rentendesch decidéiert huet, d'Aarbechten an d'Diskussiounen an Aarbechtsgruppe weiderzeféieren, an ech erlabe mer an deenen nächste Minutten op déi Punkten anzegoen. Et sinn hirer fënnef.

1. Et därer een net vergiessen, dass d'Etüd vu Price-WaterhouseCoopers, déi heescht "La politique de placement du régime général d'assurance-pension", der Regierung Recommandatiounen a Weeër opgezeechent huet, fir e besseren, méi lukrativen a séchere Placement vun de Reserve vun de Rentekeessen ze erzielen.

2. Wat d'Problematik vun der Invaliditéit ugeet, huet de Rentendesch begréisst, datt et am Kader vun der Tripartite zu engem Accord komm ass fir déi betreffend Léigislatioun ze adaptéieren, dëst ganz am Interesse vun de betraffene Leit, well den Haaptakzent op d'Mesures de réinsertion vun den Assurée geluegt gëtt. Den entsprecheende Gesetzesprojet läit vir, an nom Avis vum Conseil d'Etat wäert dëst wichtegt Gesetz kënnen an eis Sozialléigislatioun iwweerholl ginn.

3. Et ass och festgehalen ginn, datt d'Diskussioun iwwert den zweete Piller, d'Pensions complémentaires an de Betriber, an den drëtte Piller, d'Prévoyance personnelle, solle poursuivéiert ginn. Begréissenswäert ass d'Unerkennung vum Rôle vun den Zousazpensiounen an op Regierungsniveau lafen d'Iwwerleeungen weider am Sënn vun enger "implication accentuée du deuxième pilier".

4. Et sinn, wéi vum Rentendësch gefuerdert, Aarbechtsgruppen agesat ginn, déi sech de Sujete vun der Individualiséierung vun de Renten, de Carrières dynamiques a vun alternative Finanzéierungsméiglechkeeten unhuelen. D'Missioune vun dësen Aarbechtsgruppe kann ee kuerz folgendermoossen ëmräissen:

En ëmmer méi groussen Taux d'activité féminine, wou och um europäeschen Niveau Ustrengunge lafen a wou Lëtzebuerg d'Zensur ausgestallt krut, datt mir do nach groussen Nachholbedarf hunn, huet als Konsequenz, datt d'Fraen eng eege Carrière d'assurance kënnen opbauen. Mat der Individualisatioun vun de Renterechter an och mat Hëllef vun Dispositiounen wéi d'Babyjore soll errecht ginn, d'Berufsliewe mam Familljeliewen ze vereinbaren.

Eng ëmmer méi laang Studienzäit, d'Tatsaach, datt de Parcours professionnel net méi heescht, datt ee säi Liewe laang nëmmen eng Aarbechtsplaz an nëmmen een Employeur huet, oder och, datt de Salaire am Laf vum Berufsliewen eng ëmmer méi grouss Variatioun opweist, ëmschreift gutt de Phänomen vun de Carrières dynamiques.

De Rentendësch huet deementspreechend proposéiert, datt e Groupe de travail analyséiert wéi eng Auswierkungen dëst op d'Rentecarrière kann hunn. Ech verweisen hei op den Avis vun der Chambre des Employés privés, déi zu dësem Sujet interessant Iwwerleunge gemaach huet.

Als 5. Punkt soll sech e leschten Aarbechtsgrupp Gedanke maachen iwwer nei alternativ Finanzéierungsmodeller vum Rentensystem.

Här President, de Rentendësch war sech kloer bewosst, datt d'Ofséchierung vum Finanzement vun de Renten nimools aus den Aen därer verluer goen. An et steet ganz däitlech an der Déclaration finale dran, datt, wann d'Ekonomie sollt eng Kéier net méi esou dréine wéi haut, wa sech sollt erausstellen, datt mir eng wirtschaftlech Situatioun hätten, déi de Finanzement vun de Renten a Gefor bréngt, da ware sech alleguer d'Verhandlungspartner eens, datt déi Moossnamen, déi haut virgeholl ginn, musse réckgäנגeg gemaach ginn.

Dofir hu mer jo de Bilan technique, deen all siwe Joer vun der IGSS publizéiert gëtt. De leschten ass den 20. November 1998 erauskomm an deen nächste kënnt also am Joer 2005. Dëse Bilan technique stellt e regelrechte Clignotant duer, deen, wann en op rout steet, entspreechend Moossnamen ausléise muss.

De Wëllen ass also do, an et zweifelt och keen dorunner, datt net all d'Sozialpartner, wa sech dëse Szenario sollt erausstellen, hir Verantwortung géingen iwwerhuelen, fir dann dësen drasteschen, mä noutwendegen Schrëtt ze ënnerhuelen. Ausgeschlossen bleiwen awer, an dat ass och richtig esou, d'Moossnamen, déi de Mindestrentner zegutt kommen.

Här President, ech hu versicht lech opzeweisen, datt d'Partner vum Rentendësch net nëmmen hir Verantwortung iwwerholl hunn a mat beschtem Wëssen a Gewëssen déi Opbesserung vun de Rente virgeholl hunn, déi néideg ware fir dee laangwieregen Problem vun de Mindest- an Hungerrenten ze léisen, an noutwendeg ware fir eisem Land eng Paus ze ginn, eng Paus vu laangwieregen a kräftezehrenden Debatten a Wahlkämpf, wou nëmmen iwwert de Sujet vun de Renten diskutéiert a gestridde ginn ass.

Mir hunn elo déi eemoleg Geleeënheet, fir eis deene Froen zouzewenden, déi musse geléist ginn, wa mir eisem Land wëllen eng Zukunft ginn, wou d'Liewensqualitéit am Virdergrond steet. Et läit elo un eis, déi Défien unzepaken, sief dat d'Immigratiounspolitik, d'Transportpolitik, d'Landesplanung oder de Logement, déi net als Zil de 700.000-Awunner-Stat hunn, mä déi als Zil hunn d'Liewensqualitéit vun haut och muer an iwwermuer kënnen ze garantéieren.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** Merci, Här Schroell. Den Här Aly Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Gewerkschaftler, wann ech nëmmen un d'Interesse vun deene klengen Leit, de Klengverdingen oder de klengen Rentner denken, dann dierft ech am Fong déi allgemeng Euphorie, déi hei praktesch bei alle Parteien opkomm ass, iwwert dat méi oder weëneger zefridde stellend Resultat vum Rentendësch, net deelen,...

### (Interruption)

...well ech einfach d'Gefill net lass ginn, dass et um Rentendësch der enger oder där anerer Partei méi drëm gaangen ass, fir hir perséinlech Fuerderungen ënnerzejubelen, an dass am Fong dat Elementaart, dat heescht d'Rechter an d'Opbesserung vun deene klengen Renten, domadder e bëssen an den Hannergrond geréckelt ass.

Ech maache mir ëmmer méi Gedanken driwwer, wisou mir ëmmer ausserparlamentaresch Gremie brauche fir sozialpolitesch Problemer an de Grëff ze kréien. Ech stelle mer d'Fro, ob dës Regierung an dëst Parlament net capabel genuch ass, fir hir Verantwortung selwer ze iwwerhuelen, oder wat d'Ursaache sinn, firwat ëmmer méi sozialpolitesch Themen un net parlamentaresch Gremien delegéiert ginn.

Den Här Glesener huet och hei gesot, d'Gewerkschaften hätten Drock gemaach an hir Verantwortung iwwerholl an um Rentendësch Akzenter gesat. Dat ass richtig, mä op där anerer Säit hu se awer och am Privatsektor mat hirer moderater Lounpolitik dat, wat se um Rentendësch elo versicht hu bäzeginn, och erëm de Rentner ewechgeholl, well och eng moderat Lounpolitik huet Konsequenzen op eng Rentepolitik.

Och, wann d'Regierung anscheinend uganks näischt wollt ginn fir de Privatsecteur - ech betounen ëmmer, fir de Privatsecteur -, sou zweifelen ech drun, ob et...

**(Interruption)**

...wierklech enges Rentendësches beduerf huet, fir d'Regierung an eng aner Richtung ze drängen. Menger Usicht no wier et mat deem néidege parlamentareschen Drock a mat der Ënnerstëtzung vun deene betraffene Rentner och duergaang, fir d'Regierung op de richtege Wee ze bréngen.

Ech stelle mer och d'Fro, ob de Rentendëscher net agefouert gouf, fir der Regierung en Alibi ze schafen, fir awer eppes kënnen ze ginn, well den Drock vu baussen därmoosse grouss war. Dat Eenzezt, wat ech hei feststellen, dat ass, dass vill Zäit verluer gaangen ass an dass e Joer verluer gaangen ass, e Joer, wat der Regierung 5,2 Milliarden erspuert huet, déi d'Rentner an deem Joer net kritt hunn.

Elo gi 5,2 Milliarde verdeelt oder 128,9 Milliounen Euro, wat ze begrëssen ass a wat vertriebar ass, souguer laangfristeg. Do sinn ech der Meenung, dass nach aner Saachen hätte kënnen dobäikommen an och laangfristeg vertriebar gewiescht wieren. Mä d'Aart a Weis, wéi déi Verdeelung geschitt, wann ech dee komplizéierte Verdeelungsschlëssel kucken, léisst den Androck opkommen, wéi wann et méi ëm de Parteien hir Bedürfnisser gaange wier, wéi de Rentner hir effektiv Bedürfnisser.

**(Interruption)**

Ech hu bis elo nach net de Contraire gesot vum Här Gibéryen an ech géif mech schwéier hidden, dat hei öffentlech ze maachen.

**(Hilarité)**

Ech wëll och elo hei net alles a Fro stellen, wat um Rentendëscher decidéiert ginn ass, mä ech kommen net derlaanscht fir mech awer mat e puer Punkte méi detailléiert ausernee ze setzen.

Ech mengen déi Opbesserung vun der Mindestrent an der Witwerent ass ze begrëssen. Och d'Erhéijung vun der Grondrent ass ze begrëssen. Mä grad dës Erhéijung, sinn ech der Meenung, geet net duer. D'Grondrent ass fir jiddfereen, dee 40 Versécherungsjoer cotiséiert huet, d'selwecht a fir mech dee wichtegste Faktor, deem hätt missen an där ganzer Diskussioun ëm de Rentendëscher an iwwerhaapt an der ganzer Diskussioun iwwert d'Renten a Betracht gezu ginn. Niewent der Erhéijung vun der Mindest- a Witwerent hätt missen eng substanzuell Erhéijung vun der Grondrent proposéiert ginn. All déi Gelder, déi fir en dräizéngte Mount oder déi 0,01% Majoration spéciale geholl gi sinn, hätte grad esou gutt kënnen an d'Erhéijung vun der Grondrent investéiert ginn.

Eng substanzuell Erhéijung vun der Grondrent a firwat net och eng Verdueblung vun der Grondrent wier op jidde Fall

déi sozial richteg Measure gewiescht. Esou eng Measure hätt ganz besonnesch deene kleng Rentner, déi steierlech net belaauscht sinn, eng substanzuell Akommesverbesserung bruecht. Linear Opbesserungen sinn ëmmer méi am Interesse vun de Groussverdingen, well bei 3,9% vun net vill kann och net vill erauskommen.

Och wat déi Joresendzoulag ubelaangt, sou wier déi besser an d'Opbesserung vun der Grondrent investéiert gewiescht, well ech verstinn einfach net, wieso dass een eppes, wat een de Leit all Mount ka ginn, muss erausschieben, fir hinnen et um Enn vum Joer ze ginn a fir dann och nach esou ee komplizéierte Besteuerungssystem ze maachen, dass kee Mënsch e versteet.

Här President, ech wëll awer och nach e Wuert verléieren iwwert déi Majoration proportionnelle spéciale vun 0,01% pro méi geschafften Joer iwwert de Chiffre 93. Fir d'Éischt wollt d'Regierung jo dës Measure eréischt gëlle loosse fir déi Joren, déi nom Akraafttriede vum Gesetz erschafft ginn. Wann d'Regierung déi richteg Interpretation vum Gesetzestext och elo endlech verstanen huet an elo jiddfereen, deem nom Akraafttriede vum Gesetz an d'Pensioun geet, all seng Joren ugerechent kritt, esou geet dat menger Usicht no awer net duer.

Hei ass eng Méiglechkeet verpasst gi fir eng Rei vun Ongerechtegkeeten riicht ze bëien, déi verschidde Kategorien vu Rentner geschitt. Ech sinn der Meenung, dass déi Majoration proportionnelle spéciale misst fir all Rentner gëllen, och fir déi, déi virun dësem Gesetz a Pensioun gaange sinn. Ech hunn et schonn ugedeit, dass enger Rei vu Rentner säit Joren Ongerechtegkeeten geschéien duerch eng Rei vu Mesuren, wou si net schold dru sinn: zum Beispill deene Leit, déi an d'Prétraite gaange sinn.

Déi Éischt, déi jo gaange sinn, déi hu jo musse goen, ob se wollten oder net. Déi Leit hu während hirer Prétraite, déi bis zu bal véier Joer kann daueren, weder vun der Pensiounsversécherung nach vun hirem ehemolege Patron während där Zäit eng Akommesverbesserung kritt. Dat obwuel säit 1993 de gréissten Deel vun der Prétraite aus de Pensiounskeessen finanziert gëtt. Vun deemools u sinn dat elo aacht Milliarde Frang, déi aus de Pensiounskeessen zweckentfremt gi sinn, fir de Fonds pour l'emploi ze finanzéieren.

Oder et kënnt een och déi Suen hierhuelen, fir dat do ze finanzéieren, mat einfach besserer Renditen, wat d'Reserve vun de Pensiounskeessen ubelaangt. Dofir plädéieren ech duerfir, dass deene Leit zumindest missten déi 0,01% ugerechent ginn, well se jo normalerweis duerch hir 40 Versécherungsjoren am Alter vu 57 Joer op de Quotient vu 97 kommen an also Urecht hätten op 0,04% weider. Dat ass eng vun den Ursaachen firwat dass ech hei verlaangen, dass all Rentner déi Majoration proportionnelle spéciale misst kréien.

Ech mengen, wann elo ee mer d'Fro stelle sollt: Wéi een dat zum Beispill fir déi Leit aus der Prétraite kënnt finan-

zéieren? Esou ass meng Äntwert kloer: Loosst déi Suen, déi Der aus de Pensiounskeesse klaut, fir d'Préretraite ze bezuelen, an de Pensiounskeessen, dann hu mer schonn e gudden Deel vun deem Problem geléist.

Här President, eng aner Kategorie vu Rentner, déi schonn iwwer ee Jorzéngt diskriminéiert ginn, sinn d'Arbed-Beamten, awer och eng ganz Rei Gemengenaarbechter, déi eng Zousazpensioun kréien. D'Arbed-Beamten hunn eng Zousazpensioun zougestane kritt, déi awer mat all Erhéijung vun der normaler Pensioun ëm dee Montant reduzéiert ginn ass, deen d'Pensionserhéijung ausgemach huet. D'Arbed-Beamte si souguer erpresst ginn, well se hu missen ënnerschreiwien, dass d'Arbed konnt bei der Pensiounsversécherung dee Montant vun der respektiver Pensioun nofroen.

Do stellen ech mer einfach d'Fro: Wou sti mer do mam Dateschutz? Wann d'Beamten dat net ënnerschriwwen hunn, hu se nämlech keng Zousazpensioun kritt. Net nëmmen, dass d'Zousazpensioun bei alle Pensiounsargumentatiounen gekierzt ginn ass, mä d'Zousazpensioun, déi indexéiert war, ass och nach, säit 1990, agefruert ginn, sou dass déi och net méi mam Index gewuess ass. Dat hat zur Konsequenz, dass een oder deen anere Beamten am Joer 2000 netto manner erauskritt huet wéi 1990, an haut si bal all Zousazpensiounen fort.

Ech ernimmen dat hei, well et zum Thema Rente gehéiert, well keng Regierung et fäerdeg bruecht huet, dës Ongerechtegkeet aus der Welt ze schafen an et och ze laang gedauert huet, ier endlech e Gesetz iwwert d'Zousazpensiounen zustane komm ass, fir deene Leit hir Rechter ze schützen. Well deem esou ass, ass dat och eng aner Ursach, fir datt déi 0,01% solle fir jiddferee gëllen, fir dass deene Leit och eng gewësse Genugtuung ginn ass. Domadder kréichen d'Arbed-Beamten, mä awer och eng Rei vu Gemengenaarbechter, eng Entschädigung fir déi ongerecht Kierzung vun hirer Pensioun ze kompenséieren.

Här President, eng aner Ongerechtegkeet fënnt sech am Artikel 172/2 vum Code vun den Assurances sociales erëm, wat d'Stagezäit fir d'Urecht op d'Grondrent an op d'Prépensioun oder d'Préretraite ugeet. Wisou geet d'Berechnung vun der Stagezäit bei deene Leit, déi studéieren, eréischt mat 18 Joer un? Wann ee bedenkt, dass d'Urecht op d'Préretraite oder d'Prépensioun eréischt no 40 Versécherungsjoren ugeet, da kënnen déi Leit eréischt mat 58 an d'Pensioun goen. Am Gesetz steet awer, dass een dräi Joer virun der normaler Pensioun, also mat 57 Joer, kann an d'Frépensioun goen. Esou ass dat eng Diskriminéierung vun deene Leit, déi studéieren, well déi dann eréischt e Joer méi spéit kënnen goen.

Deen nämlech, dee mat 15 Joer eng remuneréiert Léier ugefaangen huet, dat heescht, deen am dualistesche System war, deen engersäits bei engem Patron geschafft huet an déi aner Zäit an d'Schoul gaangen ass, kritt seng Stagezäit vum Alter vu 15 Joer ugerechent. Ass et am

Sënn vun der Chancëgläichheet, wann déi Leit, déi studéieren, manner Rechter hu, wéi déi, déi éischter schaffe ginn.

Leit, déi studéieren - a mir wëlle jo, dass dat der ëmmer méi solle ginn - bréngen eiser Gesellschaft, no hirem Studium duerch hiren zousätzlechen Know-how laangfristeg gesinn, grad esou vill wéi een, dee vun der éischter Stonn u schafft. Zumindest misst den Alter ab deem d'Stagezäit ugeet op 17 Joer erofgesat ginn, fir deenen, déi studéieren och d'Méiglechkeet ze ginn, mat 57 Joer an d'Pensioun ze goen. Et wier awer der effektiver Chancëgläichheet méi Recht geden, wann d'Stagezäit fir d'Pensiounsrecht ab dem Alter vu 15 Joer géif ugerechent ginn, dat heescht also direkt nom Primärschoulalter. Well et einfach esou ass, dass och déi Leit, déi méi laang studéieren, méi spéit an d'Aarbechtswelt erakommen an dann och spéider méi laang schaffe ginn. Duerfir wär dat och eng Méiglechkeet, fir deene Leit iwwert deen 0,01% Genugtuung ze ginn, andeem datt se dann doduerch, dass se duerch hir laang Studienzäit méi laang schaffe müssen, och e bësse weider an der Pensioun kréichen.

Ech kommen awer net derlaanscht - obscho mäi Partei kolleeg dat schonn des Laangen a Breden ernimmt huet -, fir iwwert dee sou genannte Forfait d'éducation e puer Wuert ze verléieren. An doriwwer, an dat skandaliséiert mech ganz besonnesch, dass grad déi Äermst, an zwar d'Bezéier vum RMG, déi Sue fir d'Kannererzéiung net solle kréien, dass awer Leit mat Pensiounen vun 150.000 Frang a méi déi Suen ouni Konditiounen zougestane kréien.

Ech verstinn déi Argumenter net, wéisou dass déi Gelder fir d'Kannererzéiung elo als Revenu ugesi ginn, wann et ëm den RMG geet. An do ass eng ganz kloer Fro un den Här Sozialminister: Här Minister, wann Der beim RMG dee Forfait d'éducation als Revenu ugesitt, gesitt Der en dann och insgesamt als Revenu un? A spillen dann d'Anticumulbestëmmungen, déi jo bei anerhalef Mol de Mindestloun ugin, och? Kréien dann déi Leit och déi 3.000 Frang Forfait d'éducation net? Well wann engersäits bei deene Klengen als Revenu ugesi gëtt, da stellen ech mer einfach d'Fro, da missten theoretesch och d'Anticumulbestëmmungen spillen an da misst et och deen anere Wee dat ginn.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här Jaerling, entschëllegt, wann Der iwwer RMG a Forfait d'éducation schwätzt, Dir misst scho bal dee Moment dee richtege Minister uschwätzen.

#### (Interruption)

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Ech si geschwë fäerdeg. Ech muss awer nach ee Punkt hei ervirbréngen. Ech mengen, mir sinn hei bei der Diskussioun iwwert d'Renten, an ech wëll och nach eng Kéier iwwer déi Stagezäit schwätzen. Bon, dann erzielen ech dat mar.



**(Hilarité)**

Ech hat net geduecht, dass se just mat mir esou streng sinn, well ech jo ëmmer fei mat all Mënsch hei sinn, mä et schéngt mer wéi wann ech iwwerall verstouss wär.

Ech géif dann awer zum Schluss kommen. Ech mengen, ech hunn hei eng Rei Elementer opgezielt, déi mer net gefalen. Ech hätt nach eng Rei hei kënne virbréngen, mä well eis Zäit fortgeschratt ass, wëll ech lech dann déi erspieren. Op jidde Fall sinn an dësem Gesetz eng Rei Elementer dran, déi vum ADR aus als gutt ëmfonnt ginn. Et sinn och eng Rei Elementer dran, déi ech perséinlech gutt ëmfannen, mä et sinn awer e ganze Koup Elementer dran, wou ech perséinlech net kann dermat liewen an déi net wäit genuch ginn, an et fält mer éierlech schwéier, fir hei dëse Projet an och deen aneren iwwert d'Forfaits d'éducation mat rouegem Gewëssen ze stëmmen.

Dofir...

**(Interruptions)**

Här Weiler, ech hu schonn net vill Zäit! Da loosst mech dach wann ech glift ausschwätzen.

Dofir...

**(Interruptions)**

Ma jo lauschtert emol! Ech ënnerbriechen dach hei och keen.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Dofir géif ech dann op en neit Instrument zréckgräifen, wat d'sozialistesche Partei hei an dësem Parlament agefouert huet, an da just ee politescht Jo zu deenen zwee Projekte ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Merci, Här Jaerling. Mme Nicklaus, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëllt ech deenen zwee Rapportere, dem Här Bettendorf an dem Här Halsdorf, merci soe fir hiren excellente schrëftlechen a mëndlechen Exposé.

Dëse Projet huet fir vill Diskussiounsstoff gesuergt. Virun allem d'Aféierung vun engem Forfait d'éducation, deen op eng Initiativ vun der CSV zréckgeet an zum Zil huet, d'Erzéiungsaarbecht vun den Elteren am Allgemengen a vun de Fraen am Besonneschen ze honoréieren.

Et ass gesot ginn, d'CSV hätt sech an dësem Dossier verannt, de Forfait wär eng Moosnam, déi sech an deen alen iwwerliefte familljepoliteschen Denkschema integréiere géif.

Et ass och probéiert ginn, d'beruffstätég an net beruffstätég Frae géinteneen auszespillen.

D'Tatsaach, dass net all Fra Recht op de Forfait wäert hunn, ass als Ongerechtegkeet an der Öffentlechkeet verkaaft ginn, ouni awer ze soen, dass déi, déi vum Forfait net profitéieren, hir Erzéiungsaarbecht op engem anere Wee valoriséiert kréien, zum Beispill iwwert de Wee vun de Babyjoren oder den Erzéiungsjoren. Wéi vill Fraen, virun allem am Milieu vun de Baueren, mä net nëmmen do, kommen op eng Mindestrent, well hinnen Erzéiungsjoren unerkannt goufen.

Et ass vun Ufank u gesot ginn, dass de Forfait dofir do ass, fir d'Erzéiungsaarbecht vun där Kategorie vu Fraen ze valoriséieren, déi bis haut hir Erzéiungsaarbecht op keng Manéier unerkannt kruten. Et geet haaptsächlech ëm déi Generatioun vu Fraen, an ech gehéieren och dozou, déi, wa si bis bestuet waren a Kanner haten, net hunn däerfe beruffstätég sinn. Esouguer wann d'Fraen hätte wëllen e Beruff ausüben, déi meescht Beruffer waren net fir bestuete Fraen op, och net d'Fonction publique zum Beispill. Et goufen deemools och keng Crèchen an aner Strukture wéi hautdesdaags, déi Kanner ophuele während där Zäit, wou hir Eltere schaffe ginn.

D'Situatioun vun de Fraen huet sech awer geännert. Frae maachen haut hire Choix selwer. Déi eng verbannen de Beruff mam Familljeliewen. Déi aner widme sech ganz der Familljenaarbecht mat allem, wat dat comportéiert. Déi Beruffstätég kréien hir Erzéiungsefforte valoriséiert ënnert der Form vu Babyjoren, déi aner dann elo ënnert der Form vum Forfait d'éducation.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Här Di Bartolomeo, ech géif lech bidden, vläicht e wéineg méi lues ze schwätzen, da géif ee mech och verstoen.

**(Hilarité)**

Vläicht gitt Der mer fënnf Minutten, wou Der net stéiert? Ech si jo och ëmmer fei mat lech.

**M. le Président.-** Mme Nicklaus-Faber, fuert weider a loosst lech net provozéieren.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).**- A mengen Aen ass de Forfait an éischter Linn eng Unerkennung fir d'Erzéiungsaarbecht vun där eelerer Generatioun, déi, am Géigendeel zu de Jonken, net vun all deenen Avantagen a Moosname profitéiert huet, déi et haut gëtt, wéi zum Beispill en héicht Kannergeld, steuerlech Abattementer fir Kanner, Zënsermässegunge bei de Prête fir eng eege Wunneng fir Koppele mat Kanner oder nach de Remboursement vun der TVA op den Immobilien.

Et ass och eng Tatsaach, dass d'Aféierung vun dësem Forfait eng Fro vu Gerechtegkeet ass. Firwat sollen nëmmen déi Fraen, déi beruffstätég ware respektiv sinn, hir Erzéiungsaarbecht unerkannt kréien an déi aner net? All Persoun, ob Fra oder Mann, soll fir seng wäertvoll Aarbecht am Déngscht vun der Gesellschaft honoréiert ginn, wann och nëmme mat engem bescheide Montant.

Et ass och eng Fro vu Gerechtegkeet, dës Forfait un all Mamm auszebezuelen, déi sech ëm d'Erzéiung vun hire Kanner gekëmmert huet, egal wéi déi finanziell Situation vun där Fra ass. De Forfait ass net eng Form vun Assistance sociale an där och net mat esou enger Moosnam gläichgesat ginn. Dofir ass et wichteg, d'Recht op de Forfait kenger finanzieller Konditioun ze ënnerleeën. Et ass en autonomt Recht, dat den Elteren, déi sech der Erzéiung vun engem Kand gewidmet hunn, zegutt kënn.

Mat dëser Moosnam kritt jiddereen eppes. Am Géigendeel zu deem, wat behaupt gëtt, ginn d'Ongerechtegkeete gréisstendeels opgehewen.

Quitte dass eng Rei vu Fraen eng Witwerent bezéien, déi méi héich läit wéi verschidden Eegerenten, mä ass dat e Grond fir dës Moosnam ze kritiséieren? Dobäi ass ze bemierken, dass déi Fra, déi eng eege Rent kritt, och e Recht huet op d'Iwwerliewensrent vun hirem Partner.

Et war ni an ass nach ëmmer net d'Zil vum Forfait, dës Ënnerscheeder opzehiewen. Dat ass den Objet vun anere Moosnamen, déi iwwregens am Kader vun deem Gesetzesprojet virgesi sinn, wéi zum Beispill d'Erhéijung vun de Mindestpensiounen oder vun de Majoratiounstauxen. Esou kann een net behaupten, wéi dat zum Beispill Cid-femmes viru kuerzem an engem Artikel verlaude gelooss huet, et wier eppes an eisem Rentensystem faul. Et kann een net Äppel mat Bire vergläichen. Et wäerten ëmmer Ënnerscheeder um Niveau vun de Gehälter ginn, also folglech och um Niveau vun de Pensiounen. Hei gëtt probéiert, d'Leit ier ze féieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wär am Géigendeel eppes faul an eiser Gesellschaft, wa mir géifen Ënnerscheeder maachen tëschent den Elteren a mengen, mir missten aus iergendengem Grond d'Erzéiungsaarbecht vu Verschiddener méi wäertvoll astufen wéi déi vun aneren.

Et wier och eppes net richtig an eisem System, wa verschidde Fraen hir Erzéiungsaarbecht géifen zweemol unerkannt kréien, zum Beispill iwwert de Wee vun de Babyjoren am Kader vun hirer Versécherungscarrière an nach eng Kéier iwwert de Wee vum Forfait. Dofir ass och de Forfait net generaliséiert ginn, obschonn dat vu Verschiddener gewollt war. Entweder huet ee Babyjoren zegutt oder et huet ee Recht op de Forfait. Déi Fraen, déi duerch d'Erzéijungsjoren op eng Mindestrent kommen a vun engem Complément profitéieren, deenen hire Forfaitsbetrag gëtt deementspreechend adaptéiert.

### **(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Weinst sengem subsidiaresche Charakter, am Géigesaz zu de Babyjoren, déi opgrond vun hirer Generalisatioun zur Haaptmoosnam a puncto Erzéiungsunerkennung ginn, a well ëmmer méi Fraen ëmmer méi laang berufstätig sinn a sech eng eege Versécherungscarrière opbauen, ass de Forfait, ech hunn et scho virdru kuerz

ugedelt, eng Moosnam, déi sech an éischter Linn un der Vergaangenheet wäert orientéieren. D'Bénéficiaire vun dëser Moosnam wäerte mat de Joren ofhuelen, esou dass de Forfait net zu deenen deierste Moosnamen ziele wäert. An esouguer wann d'Reduzéierung vun der Alterslimite vu 65 op 60 Joer zousätzlech Käschte wäert mat sech bréngen, bleift dës Mesure awer duerchaus finanzéierbar.

Ech mengen, mir hu mat dem virleiede Gesetzesprojet Mesuren agefouert, déi scho laang fälleg waren, déi zu enger gréisserer Konvergenz vun de Rentensystemer, enger besserer Verdeelung vun de Ressourcë vum Pensiounssystem an zu enger besserer Ofsécherung, haaptsächlech fir eis Fraen, wäerte bäidroen. Mir kënnen deem Gesetz roueg a mat guddem Gewëssen zoustëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Niki Bettendorf.

**M. Niki Bettendorf (DP), co-rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert et kuerz maachen. Ech erlabe mer just e puer Wuert méi speziell iwwert de Forfait d'éducation ze soen, well ech a mengem Rapport iwwert d'Rente geschwat hunn an net iwwert de Forfait d'éducation. E puer Wuert ganz einfach, well versicht gëtt vu verschiddene Säiten, de Forfait schlecht ze maachen, an ech soen an ech sinn iwwerzeegt dervun, dass dat zu Onrecht ass, an och well no bausse bewosst falsch Informatiounen gedroe ginn.

Ech weess, dass d'Diskussioun, sief et Rentepolitik oder sief et Familljepolitik, eis net weiterbréngt. D'Fro war ganz einfach: Wie bezillt déi zousätzlech Fuerderung, déi mir gestallt hunn? Mir hunn um Rentendesch iwwert d'Bezuele vun dëser Moosnam diskutéiert, laang a breet. D'Regierung hätt et léiwer gesinn, wa mer dat iwwert d'Pensiounskeessen ofgewéckelt hätten. De Budgetminister huet och zu Recht drop higewisen, dass déi Suen, déi an de Rentekesse sinn, zu engem Drëttel vum Stat finanzéiert ginn an, en hätt näischt dergéint gehat, wa mir um Rentendesch mat d'accord gewiescht wäeren, fir de Forfait d'éducation iwwert d'Rentekessen ofzewéckelen. Do ware mer awer um Rentendesch unisono der Meenung, dass dat net sollt iwwert d'Pensiounskeessen ofgewéckelt ginn.

### **(Interruption)**

Abee, et war awer eng ganz staark Majoritéit, dass et sollt iwwert de Budget finanzéiert ginn, an doduerch si mer dann och op dee Wee gaangen.

Hei gëtt versicht, e bëssen Zwist ze séinen tëschent de sou genannten nëmmen Hausfrae mat Kanner an de Fraen, déi schaffe ginn an déi och Kanner hunn. Firwat gëtt dat gemaach? Dat mécht ganz bestëmmt no bausse kee Sënn, fir déi zwee ee géint deen aneren auszespillen. Déi zwou Kategorien hu grouss Mériter. Déi schaffend Fra brauch Crèche, brauch Kantinen,

brauch eventuell Leit, déi hir hëllefen, fir mat de Kanner Hausaufgaben ze maachen. Si brauch eventuell eng Botzfra. Si brauch nach vläicht e Mann, deen hir doheem am Stot hëlleft. D'Hausfra, déi net schaffe geet, déi huet och hir Mériter, well se vläicht keng Crèche brauch, keng Kantin brauch, well se mat hire Kanner d'Hausaufgabe selwer mécht, well se och vläicht e bëssen hire Mann schount, deen dann dohausse kann aner Saachen, vläicht am politeschen, kulturellen oder sportleche Liewe realiséieren.

Dat ass dat, wat ech dozou wollt soen. Fir mech sinn d'Mériter vun den zwou Kategorië Frae gläich, an et mécht kee Sënn, déi zwou Kategorien eng géint déi aner wëllen opzestëppelen, just huet net all Fra de Choix, fir kënnen doheem ze bleiwen oder schaffen ze goen. Ëmmer méi Frae sinn obligéiert an Zukunft schaffen ze goen. Dat ass eng Tatsaach, dorëms komme mer net a mir mussen deem och Rechnung droen.

Ech gesinn, wéi vill anerer och, dëse Forfait als Unerkennung fir déi Fraen, déi ni d'Méiglechkeet haten, fir iwwerhaupt schaffen ze goen a fir eege Rechter opzebauen. Mä och wann ech dat esou gesinn, däerfen awer all déi aner Fraen net eidel ausgoen. Et muss Gläichheet geschafe ginn: de Forfait d'éducation fir déi eng an d'Upassung vun de Babyjore fir déi aner.

Wann ech elo d'Proposition de loi kucke vum Lucien Lux, déi hätt doudsécher nei Ongerechtegkeeten eropbeschwuer. Déi eng Leit hätten de Forfait kritt an d'Babyjoren, also zweemol hätte se finanziell gehollef kritt, an déi aner, déi mam Forfait d'éducation, nëmmen eng Kéier. Dat ass fir mech net tragbar an dofir sinn ech mat där getraffener Solutioun mat mir perséinlech am Rengen. Et ka sinn, dass an der Zukunft juristesche Forderungen op eis zoukomme wäerten, mä mir si grouss an al genuch, fir deem Rechnung ze droen. A wa muss e Gesetz nogebessert ginn, da gëtt et nogebessert.

Ech muss lech soen, ech sinn nach net esou laang an der Majoritéit, an ech muss awer feststellen, dass mer an der Chamber schonn öfters an de leschten zwee, dräi Joer Gesetzzer nogebessert hu vun deene Majoritéite virdrun a mir hunn doraus ni e Cas gemaach. Et ass ganz klor, wann eppes Neits geschafe gëtt, dass déi eng oder aner Ongerechtegkeet kann dra sinn, mä da gëllt et déi esou wäit an esou schnell wéi méiglech aus der Welt ze schafen.

D'Propositoun, déi gemaach gouf fir de Forfait d'éducation, ass den 30. Abrëll 2001 um Rentendësch déposéiert ginn. Dem Lucien Lux seng Propositoun ass vum 11. Dezember 2001, also aacht Méint duerno.

An der Tëschenzäit huet effektiv, op Grond vun den Diskussiounen, déi mer gefouert hunn, dat Ganzt zum Gudden évoluéiert, an et ass jo och dat, wat an der Demokratie eng Diskussioun soll ausmaachen, dass mer Propositioune maachen.

Mir konnten als Demokratesch Partei als Koalitiounspartner an der Regierung net op de Rentendësch kommen a mat grousser Fuerderungen direkt den éischten Dag an der Virdergrond trieden. Mir hu jo och missen auslote wat machbar ass.

Anescht war et bei de Sozialisten, déi mat engem Punkt dohinner komm sinn. Den Här Lux huet net gär, wann ech soen, et wier eng Prime de fin d'année oder en 13. Mount.

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.** - Et ass eng Allocation de fin d'année!

**M. Niki Bettendorf (DP), co-rapporteur.** - Effektiv war dat eng vun hire Fuerderungen, mä op där anerer Säit muss ech soen, dass d'Kolleege vum ADR et einfach haten. Si hunn dat Blot vum Himmel gefuerdert, 15 Milliarden an nach méi. Wann een alles zesummerechent ware se op 25 Milliarden. Si hätten d'Keessen an Zäit vu manner wéi zéng Joer ausgeraibert, an ech muss lech soen, ech si léiwer an enger Partei mat engem anere Koalitiounspartner, déi eng verantwortlech Politik hei am Land maachen, an déi net, wéi den ADR, et géif fäerdeg bréngen, d'Rentekeessen ...

### *(Interruptions diverses)*

Wësst Der, Här Gibéryen, ech souz mat um Rentendësch a mir hu virun allem als Demokratesch Partei och dofir gesuergt, dass déi kleng Rente sollen opgebessert ginn, dass déi sou genannten Hongerrente solle verbessert ginn a mir sinn haut houfreg op dat, wat mer erreecht hunn, well et war eng aner Partei dobäi, souguer wéi mer iwwert den Ordre du jour geschwat hunn, ware fir si d'Hongerrenten net déi alleréischte Prioritéit, mä fir eis, déi mer um Rentendësch souzen, war et déi alleréischte Prioritéit, datt déi musse fir d'éischt gehollef kréien.

An da wëll ech lech nach eppes soen. Dir alleguer wësst heibannen, dass ech net deen allergréisste Frënd si vum OGB-L a vum LCGB, mä wat mech op deem Rentendësch besonnesch frappéiert huet, waren déi Fuerderungen, déi vun OGB-L, LCGB, Renteplattform, gestallt goufen. Dat ware Fuerderungen, déi sech ëm déi fënnef Milliarde bedroen hunn. Dat ware machbar Fuerderungen, an ech muss éierlech soen, dass ech ganz, ganz frou war, dass et och do seriö Leit gëtt, déi keng Fuerderunge stellen, déi net ze realiséiere sinn. Déi hunn hir Aarbecht gutt gemaach, während verschidde politesch Parteien dat ebe ganz anescht gesinn.

Mäi Kolleege Jean-Paul Rippinger huet d'éinescht nach eng Remarque gemaach iwwert de 700.000-Awunner-Stat hei zu Lëtzebuerg. Ech muss soen, ech hu mech och perséinlech geschuddert, wéi ech héieren hunn, dass ech sollt responsabel sinn, well ech um Rentendësch souz, dass mer an Zukunft 700.000 Leit op Lëtzebuerg kréichen.

Ech hu mer d'Fro gestallt, hues de eppes falsch gemaach oder net. Da geet een e bëssen an d'Geschicht kucken an da gesäit een, dass déi sukzessiv Regierungen hei zu Lëtzebuerg vun 1953 bis 2001 et fäerdeg bruecht hunn e Wuesstum hei zu Lëtzebuerg ze realiséiere vu 4,25%. Da mengen ech, wa vun 1953 bis 2001 eis Virgänger dat fäerdeg bruecht hunn, dann ass et un eis, déi mer an Zukunft Regierungen wäerte stellen, esou Regierungen ze hunn, déi et méiglech maachen, deeselwechte Wuesstum ze schafen, deem eis Virgänger an de leschte 40, 50 Joer realiséiert hunn, soss ass et net esou déck mat eis wéi mer dat no bausse wëlle schénge loossen.

Ech konnt am Mee an enger Zeitung vum OGB-L'Actuel liesen, dass do scho Reklamm gemaach gëtt, dass d'Leit sech entweder fir d'Mammerent oder fir de Forfait d'éducation sollen décidéieren. Hei ass d'Diskussioun gefouert ginn, wat ass et dann elo schlussendlech. Op alle Fall steet do ganz kloer dran, dass d'Leit hiren Antragsformular kréien, dee se sollen ausfüllen "zum Erhalt des Erziehungsgeldes von 74,36 Euro". Ech kann nëmme jiddereen heibannen opfuerderen, och bei de Leit dobaussen ze intervenéieren, dass se net sollen zécken, hir Demanden eranzeginn, fir dass déi Demanden esou schnell wéi méiglech kënne behandelt ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo 6 1/2 Stonne mat der Diskussioun iwwert de Renteprojet hei am Gaang an ech mengen de Gros wier gesot. Et ass net méi vill bäizeflecken. Ech wëll mech op e puer Remarque limitéieren zu Interventiounen, déi hei gemaach gi sinn, déi net kommentarlos kënnen higeholl ginn.

Ech wëll fir d'éischt soen, well haut de Mëtteg méi oft hei och d'Regierungserklärung ugesprach an zitéiert ginn ass - den Här Lux huet se zum Beispill ugeschwat an zitéiert, wou e gesot huet, dass am Beräich vun de Rente géif do stoen, et gëtt keen neit Kapitel geschriwwen -, dass dee Saz awer e bësse méi grouss war. Hien huet nëmme déi puer lescht Wieder vun deem Saz gelies.

### **(Interruption)**

Här Lux, am Ufank hat ech lech e bësse gedriwwen, mä duerno hat ech lech awer vill Zäit gelooss.

An der Regierungserklärung steet: A Saache Renten ass dat lescht Wuert nach net geschwat, mä et gëtt keen neit Kapitel geschriwwen. A virdru stong: Mir hunn d'Flicht, déi Adaptatiounen an eiser Rentelandschaft virzehuelen, déi mëttel- a laangfristeg finanziell vertriebbar sinn. An et ass genee deem do Saz aus der Regierungserklärung - an Här President, ech wëll och dem Här Jaerling dat soen, dee virdrun hei gesot huet, d'Regierung hätt näischt wëlle

maachen -, dee konkretiséiert gëtt mat deem Projet, deem eis haut virläit.

D'Debatt, déi mer de Mëtteg féieren, stéisst selbstverständlech dobausse bei de Leit op ganz vill Interess. Dat ass normal, an et ass och normal, dass déi eenzel politesch Formatiounen hei am Parlament versichen dat, wat se an hire Programmer haten, méiglechst positiv duerzestellen an och den Input, dee se um Rentendesch gelescht hunn, no bausse méiglechst wierksam bei d'Leit eriwwer ze kréien.

Mä ech muss awer soen, Här President, et gëtt och Grenzen, wou déi parteipolitesch Akkapparéierung vun deem, wat eis dann elo hei definitiv virläit, lues a lues ufängt lächerlech ze ginn.

Ech kënnt elo hei schwätzen iwwer eise Pabeier, dee mir eraginn hunn, d'Propositioone fir déi ganz kleng Renten, d'Propositioone fir déi kleng Witfraarenten, oder och déi 3.000 Frang, wou mer laang eleng op weiter Flur waren, mä ech mengen, dat bréngt en fin de compte näischt. D'Leit dobausse maache sech eng Meenung, si hunn dat suivéiert während engem Joer, wou mer um Rentendesch waren, a wat zielt, dat sinn d'Resultater, déi de Rentendesch mat sech bruecht huet. Et ass dat e gemeinsaamt Wierk vun all deenen, déi um Rentendesch souzen. Jiddereen huet en Input op déi eng oder aner Aart a Weis do gemaach, mat Ausnahm vläicht vum Patronat. Jiddereen huet missen Zougständnisser maachen. Et ass ënnert dem Stréch net dat erauskomm, wat déi eng oder déi aner wollten, mä et ass e Kompromëss zustane komm.

Wann ech dann zum Beispill gëschter d'Press gelies hunn, da muss ech soen, ouni wëllen dem Koalitiounspartner ze no ze trieden, notament de Lëtzebuerger Journal - den Här Wagner als Sozialminister huet seng Aarbecht op dem Rentendesch gutt gemaach an dofir gehéiert em och de Merci vu menger Fraktioun -, deem dem Här Wagner schonn zwee oder dräi Hellegeschäiner verpasst huet, ech fäerten, Här President, den Här Wagner mécht geschwënn dem hellegen Urban op der Musel Konkurrenz. Wa schonn Hellegeschäiner verdeelt ginn, dann huet d'Mme Jacobs och een zegutt.

### **(Interruptions diverses)**

Et ass scho richtig wat am Journal steet. Dat hei ass e Meeschterstéck. Et ass eng Chance, datt et all den Acteuren um Rentendesch gelongen ass, fir esou e Kompromëss ze maachen. Et ass e Meeschterstéck, wou de Sozialminister Regisseur dovunner war. Dee Mérite soll een him unerkennen, mä et soll een awer och gesinn, datt de Sozialminister net eleng um Dësch souz. Um Dësch souze vill Acteuren an déi alleguer hu gemeinsam dat hei fäerdeg bruecht.

A wann ech vun där parteipolitescher Akkapparéierung schwätzen, da muss ech soen, Här President, huet de Kolleg vum ADR, den Här Gibéryen, haut de Mëtteg



natierlech erëm eng Performance un den Dag geluegt, déi hiresgläiche siche geet.

Ech hu scho virun e puer Deeg an hirer Zeitung gelies, datt elo eng Mammerent kéim vu 60 Joer un an den ADR hätt sech duerchgesat. Éischtens wëll ech soen, datt dee Forfait vun 3.000 Frang an eisen Ae guer keng Mammerent ass. Et ass eng Unerkennung vun der Erzéiungsaarbecht vun de Fraen hei zu Lëtzebuerg, a wann déi elo vu 60 Joer u kënnt, contrairement zu deem, wéi et am Projet steet, da ware jo all Parteien, déi dat vun Ufank u gefuerdert hunn, a fir dat elo erëm dohinner ze stellen als e Verdéngscht vum ADR, also ...

Et ass esou, Här President, wann een dat haut de Mëtteg hei héieren huet, sinn all Verbesserungen, all Propositionen, déi hei gemaach ginn, de Verdéngscht vum ADR.

D'Lëtzebuurger sozialistesche Aarbechterpartei, d'Demokratesch Partei, d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei haten an deene leschten zéng Joer keng Iddi, kee Wahlprogramm, haten nach kee Regierungsprogramm betreffend d'Problematik vun de Renten. Dat Eenzezt, wat se gemaach hunn an deene leschten zéng Joer, schreiwe se vum ADR of.

#### **(Interruptions diverses)**

Här President, si le ridicule tuait, dann hätt spëtstens de Mëtteg den Här Gibéryen eis hei verlooss.

**M. Jean Colombero (ADR).**- Passt op, dass Dir kee Schlag kritt, well Dir sidd scho rout am Gesicht vum Léien!

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Well dat wat en eis hei opgedëscht huet ass eng Zoumuddung, net nëmmen un eis alleguer heibannen, mä och un d'Leit dobaussen. Esou domm, Här President, gëtt et keen hei am Land, dee gleeft wat haut de Mëtteg eis erëm hei virgefouert ginn ass, datt keng vun deene grouse Parteien, y inclus déi Gréng, keen huet eng Iddi am Rentewiesen, keen huet eng Propos, eenzeg an eleng den ADR, an déi aner véier Parteien, mat all hiren Iddien, déi se développéieren hei op der Tribün, hunn dat vum ADR ofgeschriwwen. Mä do muss ee sech dach mat der Hand un de Kapp fueren.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.**- Ma da maacht dat! Ass dat net schlëmm?

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här Gibéryen, maacht lech emol keng Suergen. D'Leit dobaussen duerchkucken Är Demagogie.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Här Weiler, Dir waart deen Eenzezen, deen zu Tirlémont war, dee mam Zocker raffinéiert ginn ass!

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Wësst Der, et kann een emol iwwerdreiwen, dat kritt een ofgeholl, mä wann een ze vill iwwerdreift a wann et ufänkt lächerlech ze ginn, dann duerchkucken d'Leit dat Spill an da gleewe se engem net méi.

Et ass jo an der Tëschenzäit esou, datt, wann den Energieminister zu Klengelcherath eng nei Luucht opriicht oder wann den Innenminister hei an der Stad eng öffentlech Toilette renovéiert, da sinn dat d'Mérite vum ADR. Si hunn d'Mérite un allem, wat hei am Land u Guddem gemaach gëtt.

Also, Här President, ech wëll lech soen, déi Demagogie, déi hei gemaach gëtt, duerchkuckt all Mënsch am Land, déi duerchkucke mir heibannen, déi duerchkucken d'Wieler dobaussen.

An da wëll ech lech emol soen, Här President, den Här Gibéryen huet haut nees eng Kéier hei geschwat, datt si déi Eenzezen wieren, déi nach fir d'Witwerenten, fir d'Droits dérivés géifen astoen. Dat ass falsch, Här President! Eis Partei huet a gesäit zu kengem Moment eng Ursaach fir un d'Droits dérivés fréckelen ze goen. Dofir hunn ech net gär, Här Gibéryen, wann Dir lech ëmmer dohinner stellt, wéi wann Dir de Monopol dovunner hätt. Dat ass net esou. Och aner Parteien vertrieeden déi do Meenung, a spéiderhi kommt Der jo erëm domat, mir hätten dat vun lech ofgeschriwwen. Also, mir kennen deen Trick do, dat gleeft kee Mënsch.

#### **(Interruption)**

Här President, mir hunn haut e Projet virleien, deen eis ronn sechs Milliarde kascht, ëm déi fënnef Milliarden, déi vun de Pensiounskeesse bezuelt ginn, an eng Milliard, déi sech probablement wäert iwwert de Statsbudget an där Gréissenuerdnung ofspillen.

Ech si virun engem Joer eng Kéier gefrot gi vun engem Journalist, wat ech géif schätzen, wat d'Propositionen vum ADR, déi en a sengem Wahlprogramm stoen huet a puncto Renten, géife kaschten. Ech hat mech getraut ze avancéieren, datt ech géif mengen, datt dat sech an enger Gréissenuerdnung vun eppes iwwer 20 Milliarde géif beweegen.

Doropshin huet den Här Gibéryen, dee ganz béis gi war, dem Journalist gesot, den Här Weiler kann net rechnen. Déi 20 Milliarde stëmmen net.

Et gëtt bäi wäitem ...

#### **(Interruption)**

Ech gouf gefrot iwwer Äre Wahlprogramm, net iwwer Är Propositionen. Ech hu gesot 20 Milliarden a méi. Dir hutt gesot: "Dat stëmmt net. Et kascht bäi wäitem dat net, well den Här Weiler net ka rechnen."

Et läit elo schwaarz op wäiss hei um Dësch. Um Rentendësch huet den ADR et virgeluegt. Ganz genee 20.642.000.000 kaschten d'Propositionen, déi den ADR gemaach huet um Rentendësch, an dobäi sinn net all Fuerderungen, déi an hirem Wahlprogramm dra stungen, an deene Propositionen vum Rentendësch. Esou datt ech wëll froen, Här President, wa mer vu rechne schwätzen: Wie ka rechnen? War déi Rechnung, déi ech gemaach hat, richtig, Här Gibéryen, oder war se

net richtig? Dir hutt de Beweis erbruecht, datt déi Rechnung richtig war.

A mer wësse vum BIT, dass mer 4% Wuesstum brauchen iwwert déi nächst 30 Joer, fir deen Niveau vun de Rente kënnen ze halen, fir eis Rente finanzéiert ze kréien an domadder wësse mer, dass mer méi Beschäftigung brauchen. Mir gesinn op där anerer Säit, dass Forderung gestallt gi vu 15 Milliarden, déi vun de Renteeese solle bezuelt ginn. Dann, Här President, brauche mir net e Wuesstum vu 4% an deenen nächsten 30 Joer, mä mir brauchen e Wuesstum vu bis zu 10% all Joer, fir dat dote kënne finanzéiert ze kréien, wat hei gefuerdert gëtt. Zur selwechter Zäit ...

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** ... manner wéi an deem anere Secteur.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Dir wësst ganz genoe, Här Gibéryen, dass mir eng Reform vum Pensiounswiesen am öffentleche Secteur gemaach hunn, dass haut d'öffentlech Fonctioun hoerengau wéi de Privatsektor 8% bezilt, grad wéi de Privatsektor, an dass mer Engagementer hu fir een Iwwergangsregime, wat mer net geännert kréien.

15 Milliarden, Här President, bedeuten e Wuesstum hei zu Lëtzebuerg vun 10% all Joer. Net nëmme 4%, mä bedeuten 10%, wa mer wëllen d'Finanzéierung vun de Keese behalen. Zur selwechter Zäit, Här President, gëtt den Här Gibéryen en Interview a seet: "... il faut donner un sérieux coup de freins à notre développement économique."

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** Jo, très bien.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Mir musse kräfteg zrëckfueren. Ech hunn am Kader vun der Debatt iwwert den Etat de la Nation dat hei scho virbruecht gehat. Déi Forderung vum der kräfteger Brems. Deemools huet den Här Mehlen hei contestéiert a gesot, si wëllte guer net esou kräfteg zrëckfueren.

### (Interruption)

Dräi Deeg drop kënnt den Här Gibéryen an engem Interview a seet: "... un sérieux coup de frein à notre développement économique."

Wat bedeit dann "un sérieux coup de frein à notre développement économique"? Dat bedeit manner Croissance, dat bedeit manner Aarbechtsplazen, dat bedeit manner Cotisatiounen. Dat heescht, datt et nach vill méi séier geet, wéi mir dat virgesinn hunn an deem Szenario, dee mer elo virleien hunn. An zur selwechter Zäit gi 15 Milliarde supplémentaire vun de Keese gefrot, wou mer 10% Wuesstum brauchen. Et soll emol een de Lëtzeburger erklären, wéi datt dat geet. Zrëckfueren an der Economie an zur selwechter Zäit esou vill Milliarden dropleeën. Mir sinn Här President, an Zäit vun zéng Joer mat der Finanzéierung vun eise Renten total um Enn, wa mer déi dote Schinn fueren.

An da kënnt derbäi, Här President, dat ass jo net alles, dass fënnf Milliarden all Joer iwwert de Statsbudget solle finanzéiert ginn.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** Jo.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Wou gi mer dann déi fënnf Milliarden elo huelen?

D'lescht Joer beim Budget huet de Vertrieber vun de Gréngen eng Proposition gemaach gehat fir Gelder aus dem Fong vum Stroossebau eriwwe ze transféréieren an de Fong vun der Ëmwelt. Här Bausch, ech mengen esou war dat! Deemools ass den Här Gibéryen hei opgestanen a sot: "Dat kënnt selbsterständlech net a Fro. Mir brauchen déi Gelder do am Stroossebau." Ech froe mech: A wéi engem Fong oder wou gi mer déi fënnf Milliarden, déi mer hei all Joer supplémentaire aus der Statskeess mussen eraushuelen, nach iwwert déi 15 Milliarden eraus, da sichen?

Et ass, Här President, Populismus sonnergläichen. Et ass Demagogie; et si Forderungen, déi esou irresponsabel sinn, datt ee se iwwerhaupt net ka beschreiwen. An deementsprechend denken ech, Här President, dass d'Leit dobaussen dat doten och mierken. Dat ass einfach net ze bezuelen an et ass irresponsabel, fir esou eppes ze maachen.

Virun huet den ADR hei deklaréiert: "Mir wëllen d'Hongerrenten aus der Welt. An Hungerrente sinn all déi ënner 50.000 Frang." An der Rei. Ech kann domadder liewen, dat ass eng ganz gutt Virgab, déi ee ka maachen. Ech stellen dann awer d'Fro emol, Här President: Wéi maache mer dat da praktesch fir déi Hungerrenten, well wéi eng sinn dat? Dat si jo déi Leit, déi net laang cotiséiert hunn, an déi keng grouss Carrière hunn. Een, deen zéng Joer geschafft huet an deen zéng Joer cotiséiert huet an deen domadder eng Rent vun 20.000 Frang kritt an deen de Rescht vu sengem Liewen net geschafft huet, aus iergendwelleche Grënn: Gi mir deem 50.000 Frang Mindestrent? Wéi maache mer dat dann? Gi mer deem datselwecht wéi engem, deen um Mindestloun cotiséiert huet säi ganz Liewe laang?

### (Interruptions)

**M. Jean Colombero (ADR).**- Dir stellt ëmmer déiselwecht Froen an Dir hutt ni eng Äntwert.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Et sinn Är Forderungen.

**M. Jean Colombero (ADR).**- Da loosst lech se emol erklären!

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.-** Loosst den Här Weiler schwätzen.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Jo, jo. Sot eis, wéi Der dat ...

**M. Jean Colombero (ADR).**- Ëmmer déiselwecht Froen awer ni eng Äntwert.

**M. Gast Gibéryen** (ADR), *interpellateur*.- Loosst den Här Weiler schwätzen. Et ass gutt esou.

**M. Lucien Weiler** (CSV).- Ma Här Gibéryen, da loosst mech schwätzen. Dir loosst mech net schwätzen, well Der déi ganzen Zäit jäizt. An ëmmer, Här Gibéryen, wann Der esou jäizt, dann ass et well et wéi deet.

**M. Gast Gibéryen** (ADR), *interpellateur*.- Här Weiler, ech hunn iwwerhaupt näischt gesot elo. Ech hunn lech hei mat enger Freed nogelauschtert.

**(Interruption)**

**M. le Président**.- Här Weiler, fuert weider an déi aner sollen nolauschteren an ophale mat deenen Ënnerbriechungen.

**M. Gast Gibéryen** (ADR), *interpellateur*.- Voilà, Mme Stein, sidd dach emol roueg wann ech glift.

**(Hilarité)**

**M. le Président**.- Et ginn Diskussiounen hei gefouert an et soll och zum Enn nach seriö bleiwen. Et ass ze vill wichteg wat hei um Ordre du jour steet, fir datt een do dauernd grad mécht wéi wa mer hei, ech weess net wou, séizen. Also, Här Weiler, schwätzt weider a loosst lech net provoziéieren, an déi aner sollen nolauschteren.

**M. Lucien Weiler** (CSV).- Här President, nach eng Kéier: alles ënner 50.000 Frang ass eng Hongerrent. Mir sinn d'accord domadder. Wéi schafe mer se aus der Welt? Déi, déi zéng Joer cotiséiert hunn an domadder eng Rent vun 20.000 Frang kréien, solle mer deenen elo 50.000 Frang ginn? Wéi ass et da mat der Gerechtegkeet par rapport zu deem, deen um Mindestloun cotiséiert huet während 40 Joer an deen och nëmme 50.000 Frang kritt? Stelle mer deen, deen zéng Joer geschafft huet, gläich mat deem, dee 40 Joer geschafft huet? Dat sinn d'Froen, op déi mer emol gären Äntwerten hätten. Ech hunn déi Froen ewell e puer Mol hei gestallt, mir hunn nach ni eng Äntwert dorop kritt.

An da wëll ech ofschléissen domat, Här President, a just soen, ech hunn de Fraktiounschef vum ADR de Mëtteg hei héieren, wou e gesot huet: "An der Sozialkommissioun hätt den ADR en Amendement abruecht, fir den Artikel fënnef ze sträichen." Ech sinn net an der Sozialkommissioun, mä ech hu mech renseignéiert bei de Leit vun der Sozialkommissioun ...

**M. Gast Gibéryen** (ADR), *interpellateur*.- Do ass en opgeholl ginn.

**M. Lucien Lux** (LSAP), *auteur*.- Net beim Artikel fënnef.

**M. Gast Gibéryen** (ADR), *interpellateur*.- Dach, beim Artikel fënnef.

**Une voix**.- Beim Artikel sechs. Dir hutt lech geiert.

**M. Gast Gibéryen** (ADR), *interpellateur*.- Beim RMG.

**M. Lucien Lux** (LSAP), *auteur*.- Dat ass net beim Artikel fënnef.

**Une autre voix**.- Dat ass den Artikel sechs.

**M. le Président**.- Fuert weider Här Weiler.

**M. Lucien Weiler** (CSV).- Jo, mä ech wéisst dat elo gären, Här President. Den Här Gibéryen seet hei beim Artikel fënnef hätte si en Amendement abruecht an dee wär ofgelehnt gi vun der CSV an der DP.

**M. Gast Gibéryen** (ADR), *interpellateur*.- Beim RMG ass den Amendement bruecht ginn.

**M. Lucien Weiler** (CSV).- Hutt Der dann elo een abruecht beim Artikel fënnef oder net?

**Des voix**.- Neen.

**M. Lucien Weiler** (CSV).- Beim fënnef, hutt Der lech do virdru geiert?

**M. Gast Gibéryen** (ADR), *interpellateur*.- Jo.

**M. Lucien Weiler** (CSV).- Dann huele mer dat zur Kenntnis. Dann ass dat jo aus der Welt geraumt. Dann hu mer emol eng vun de Froe wéinstens hei gekläert.

Här President, ech wëll kuerz nach eppes soen zum Forfait d'éducation. Den honorablen Här Lux huet haut de Mëtteg hei gesot, dass d'Sozialiste vun Ufank un en Accord de principe zum Forfait d'éducation ginn hunn. Ech wëll dat elo emol hei weider net méi a Fro stellen.

Ech ka mech just erënneren um Rentendesch un déi Réticenzen, déi et op ville Säite gouf, wat dee Forfait ubelaangt. D'Sozialisten hunn duerno, sechs Méint nodeems dass de Forfait awer arrétiert war, eng Proposition gemaach, fir de Forfait auszedehnen. Den Här Asselborn hat an der Zwëschenzäit awer erklärt, dass déi Politik vum Forfait, dass dat eng reaktionär Politik wär. Et wär reaktionäert Gedanegutt, wat d'CSV do géif véhiculéieren, an deementsprechend war ech sécher, dass selbstverständlech vu Säite vun de Sozialisten an där Hinsicht näischt kéim, well ech ka mer net virstellen, datt déi fortschrëttlech Partei, wat d'Sozialisten awer ëmmer waren, och haut zum Deel nach sinn, géif eng reaktionär Politik mat ënnerstëtzen.

Or, ech huelen zur Kenntnis, duerfir ass och vläicht den Här Asselborn haut de Mëtteg net hei, well en awer net gär konfrontéiert ass mat där Terminologie. Ech wëll och emol net dorop agoen, mä den Här Lux sot hei, d'Anuerdung, de Sënn an d'Finalitéit vum Forfait kommen net richtig eraus. Et ass net richtig fir de Forfait opzerechne géint d'Babyjoren.

An dann hu mer erëm déi ganz Diskussioun: Ass de Forfait - déi 3.000 Frang -, ass dat eng rentepolitesch Measure oder ass et eng familljepolitesch Measure? Ech war schonn eng Kéier eens, Här President, mam Här Lux, dass dat u sech eng akademesch Diskussioun wär, an ech wëll lech emol eng Kéier zitëieren, dass mer dat emol eng Kéier e bësse méi kloer hätten, well ech mengen et kann een et weder richtig an déi eng Kate-

gorie nach an déi aner Kategorie areien, grad esou gutt wéi d'Babyjoren.

Den Här Lux schreift a senger Proposition de loi: "...il n'existe aucun doute, que les années bébé sont à considérer comme une mesure faisant partie du domaine de la sécurité sociale et non de la politique familiale." Ech wëll erënneren, wéi mer d'Babyjoren agefouert hunn, an ech zitieren hei den Avis vum Conseil d'Etat, deem deemools 1988 Folgendes gesot huet: "...à partir de ces observations se confirme le caractère ambivalent du "Babyjahr". De par son inscription dans l'assurance pension, la mesure visée constitue manifestement un instrument propageant l'individualisation des droits en la matière. Il n'en reste pas moins qu'il est difficile d'en nier les aspects de politique familiale, sociale et économique sous-jacents."

Also, dass mer hei esou gutt bei de Babyjore wéi beim Forfait an enger Matière sinn, wou de Conseil d'Etat seet "c'est ambivalent", et kann een, et si rentepolitesch Aspekter dran, et si familljepolitesch Aspekter dran an dofir an deementsprechend mengen ech net, dass een hei kënnt soe Sënn, Finalitéit an esou weider, déi sinn net richtig auszemaachen.

D'Finalitéit fir eis - mir hunn dat oft genuch gesot - ass eng Unerkennung vun der Erzéungsleeschtung vun all deene Fraen, déi ni an de Genoss vun iergendeppes konnte kommen. Elo hu mer et ausgedehnt - do ginn ech lech Recht - op déi Fraen, déi net kënnen an de Genoss vu Babyjore kommen, mä ech wëll lech eent soen, Här President, et ass haut de Mëtteg e Lieserbréif hei zitiiert ginn, wou gesot ginn ass, et géif heimadder e weidere Käil gedriwwen ginn tëschent déi berufstäteg an déi net berufstäteg Fraen.

Ech mengen, Här President, ech kënnt dat och am Numm vu menger Fraktioun soen: Just de Contraire ass de Fall. Et huet bis elo e Käil bestan tëschent deene berufstätegen an deenen net berufstätege Fraen, an de Käil huet doranner bestan, dass déi berufstäteg Fraen, well mer dat agefouert hunn, aus der Statskeess vun öffentleche Mëttelen aus dem Statsbudget vu Stei ergelder hir ambivalent Measure, déi mer agefouert haten, finanzéiert kritt hunn. Déi aner Fraen hunn näischt kritt.

A wa mer ausgi vum Prinzip, dass d'Educatiounsaarbecht, déi Aarbecht, déi d'Frae leeschten, ob se enger Berufstätegkeet noginn oder ob se doheem schaffen, dass mer déi Aarbecht wëllen honoréieren. Wa mer ausgi vun deem Prinzip a wa mer ausginn dovun, datt d'öffentlech Hand hei finanzéiert, a wa mer da wëlle Gläichheet a Gerechtegkeet tëschent deenen engen an deenen aneren herstellen, da musse mer, wa mer iwwert d'Statskeess finanzéieren, déi d'selwecht bedénge wéi déi aner. A mir bedénge heimadder déi eng Fraen d'selwecht wéi déi aner.

Den Här Lux huet haut de Mëtteg gesot: "Mir sinn hei an enger Demokratie a mir hunn déi Opfaassung an Dir kënnt déi aner Opfaassung hunn." Ech ginn em Recht domadder. Et kann een an déi eng Richtung rasonéieren an et kann een an déi aner Richtung rasonéieren. Fir eis bleift awer, wann een déi Fraen, déi enger Berufstätegkeet noginn, an déi, déi doheem sinn a sech op d'Hausaarbecht an op d'Kannererzéiung konzentréieren, wëllt gläich behandle mat deeneselwechten öffentleche Mëttelen, mat Stei ergelder, an et behandelt ee gären déi eng wéi déi aner, da kann et nëmme sinn, dass déi eng iwwert de Wee vun de Babyjoren déi Unerkennung kréien, an déi aner iwwert de Wee vum Forfait, dee mer hei aféieren. An domadder mengen ech just, dass mer e Käil, deem tëschent deenen zwou Gruppe vu Frae bestanen huet, hei erauszéien an ofschaffen an déi eng behandle wéi déi aner. Déi eng kréien hir Unerkennung iwwert d'Babyjoren, déi aner iwwert de Forfait, an da bleiwe selbstverständlech déi, déi iwwert d'Urechnung vun den Erzéungsjore se kréien.

Ech wëll hei e Beispill ginn, well mer jo och nach mat engem Amendement an där Hinsicht konfrontéiert gi sinn, an och deem Amendement, deem ech an der Kommissioun abruucht hat. Pardon! Den Här Lux wëllt nach eng Fro stellen.

**M. le Président.**- Här Lux, Dir wollt eng Fro stellen un den Här Weiler.

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.**- Här Weiler, wann Der schwätzt iwwer wien ass schold un den Dissonanzen, déi mer erlieft hunn an deene leschte Wochen a Méint am Zesummenhang mat berufstätegen oder net berufstätege Fraen, wëllt Der net awer och zur Kenntnis huelen, dass déi zwee Organer hei zu Lëtzebuerg, déi d'Frae representéieren, de Conseil national des femmes an de Comité du travail féminin, allen zwee eestëmme, och zum Deel mat de Stëmme vun CSV-Fraen, déi d'Fraenorganisatioun vun der CSV vertritt hunn, d'Tees iwwerholl hu vun der LSAP, déi heescht, Babyjoren a Forfait mateneen oprechnen ass net richtig, a sech ausgeschwat hu fir dee Modell, dee mir an der Proposition de loi deponéiert hunn?

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Jo, Här President, dat ass richtig, wat den Här Lux seet, mä et ass awer an eisen An dofir net méi richtig.

Ech kann net akzeptéieren, dass eng Fra, wa se soll d'Erzéungsaarbecht fir hir Kanner honoréiert kréien, dass déi eng Fra dat Duebelt kritt vun där anerer. Si gi vu Statsmëttelen, vun öffentleche Gelder vu Stei ersuen iwwert de Wee vum Statsbudget finanzéiert an do kënnen nëmmen déi eng datselwecht kréie wéi déi aner, an dat erreeche mer mat deem heite Projet. Mat Ärer Proposition kréien déi eng Frae just dat Duebelt vun deem wat déi aner kréien.

Wann dat iwwert de Wee vun de Pensiounskeese géif finanzéiert ginn, da wär et vläicht nach eng aner Fro, mä



vu datt et iwwert de Wee vun de Statsgelder vum Statsbudget geet, da kann et dach net sinn, dass mer deenen enge Fraen iwwert dee Wee dat Duebelt ginn, well se ebe beruffstäteg sinn, an déi aner doheem sinn.

Ech menge vun der Gerechtegkeet hier misst jidderee mer Recht ginn. Och wann ee philosophesch an akademesch Diskussiounen ka féieren an och wann déi zwou Gruppe vu Fraen, déi zwou Organisatiounen vu Fraen, dat esou fuerderen. Ech hunn och Versteesdemech dofir, well Är Proposition wär jo fir eng Rei vu Frae selbstverständlech avantagéis gewiescht, mä vum Gerechtegkeetsstandpunkt hier kann déi Léisung, déi mer hei proposéieren, an eisen An nëmme gëllen, well eng Fra behandelt gëtt wéi déi aner.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Dat ass net wouer, Här Weiler. Et si Fraen, déi guer näischt kréien.

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Här President, den Här Jaerling, denken ech, schwätzt déi Fraen un, déi vun den Erzéijungsjore profitéieren, an dat, wat den Här Lux och zu Recht haut de Mëtteg hei soulevéiert huet.

Mir gi vun der Iddi aus, dass mer d'Erzéijungsaarbecht wëllen unerkennen, bei deenen enge Fraen iwwert d'Babyjoren, bei deenen aneren iwwert de Forfait a bei deenen drëtten iwwert d'Erzéijungsjoren. Ech ginn e Beispill, wat ech nokucke gelooss hunn, well eng Fra mech gefrot huet.

Dat ass eng Fra, déi huet zéng Joer laang geschafft an huet dräi Kanner. Déi huet haut kuerz an déi 20.000 Frang. Dovun ass nëmme e klengen Deel vun hire Cotisatiounen an deen aneren Deel, déi 12.000 oder 13.000 Frang, déi se kritt, ass d'Unerkennung fir Erzéijungsjoren, déi se gelescht huet. Deementspriedend huet déi Fra eng Unerkennung an déiselwecht, déi fréier d'Fraen iwwert d'Babyjoren haten, déi haut d'Frae mam Forfait kréien.

Wann ee vum Prinzip ausgeet, Erzéijungsaarbecht wëlle mer honoréieren, da kréien déi Fraen haut alleguer op déiselwecht Aart a Weis hir Aarbecht honoréiert.

Den Här Bausch huet virdrun hei mat relativ vill Vehemenz an Energie dee Forfait verdammt. En huet zwee Termë gebraucht, déi ech wierklech net kann esou stoe loossen. En huet op där enger Säit vun Almoese geschwat. Ech denken net, dass d'Lëtzeburger Fraen denken, dass dat hei, esou gutt wéi d'Babyjoren, fir si Almoese wäeren, och net dass de Forfait d'éducation een Almoese wär. Ech denken net, dass dat dobaussen esou ëmfonnt gëtt.

Den Här Bausch huet och den Term vu Bedruch gebraucht. Dee wëll ech awer nu wierklech hei wäit vu mer weisen. Ech froe mech, a wéi enger Hisicht dass hei soll Bedruch begaange ginn. Et schéngt esou ze sinn a senger Optik, well e mengt, dass mëttelfristeg dës Leeschtung kënnt a Fro gestallt ginn.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Kuerzfristeg.

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Ech wëll dat hei mat aller Vehemenz kontestéieren. Firwat solle mir eng Mesure, déi mer haut aféieren, scho kuerzfristeg oder och mëttelfristeg a Fro stellen? Esougutt wéi mer am ganzen Dossier vun de Rente gesot hunn, dass iergendwann, wann et schwiereg gëtt a Clignotanten uginn, mer musse Mesuren ergräifen, da mussen op villen Niveauen Mesuren ergraff ginn. Da mussen och an de Pensioune vun der Fonction publique Mesuren ergraff ginn, mä esou laang wéi dat net de Fall ass an net Mesuren an där do Richtung opgrond vu Clignotantë mussen ergraff ginn, ass net drun ze denken, dass déi Mesure hei a Fro gestallt gëtt.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, ech weess net, ob den Här Weiler mer richteg nogelauschtert huet, mä ech wëll e froen, wat en da gedenkt ze maache bei deenen iwwer honnerttausend Persounen, déi elo net vum Forfait d'éducation wäerte profitéieren, well jo d'Décisioun geholl gëtt, dass net an alle Fäll déi 3.000 Frang exportéiert ginn?

Wann eng Klo kënnt beim europäesche Gerichtshaff oder méi Kloe kommen, a mer eng Kéier derzou gezwonge ginn, dee Forfait d'éducation ze exportéieren, dat dann derzou féiere wäert, dass de Käschtepunkt, deen haut geschätzt läit bei 40 Milliounen Euro d'Joer bei 30.000 Persounen, dann dat Dräi-, Véier- bis Fënneftacht wäert ausmaachen, do wëll ech wëssen, wéi en dat da wëllt maache fir dat ze finanzéieren? Mengt en allen Eeschtens, dass dat kënnt kuerzfristeg da weider iwwert de Statsbudget einfach esou finanziéiert ginn, oder mengt en net, dass dat kënnt zu gréissere Problemer féieren?

Dat kënnt Realitéit ginn, Här Weiler, a mir mussen ons froen, wou mer dann déi Suen hierhuele fir dat ze finanzéieren.

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Här President, ech weess net, wou den Här Bausch un honnerttausend Persounen kënnt.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Et sinn eleng eng honnerttausend Frontalieren, déi de Moment zu Lëtzebuerg schaffen. Wann ech déi ganz portugisesch Immigratioun huelen, wou ech weess, dass de Gros vun deenen zum gréissten Deel hir Kanner am Alter vun engem oder zwee Joer heihi matbruecht hunn, donc mat Sécherheet heivun net wäerte profitéieren, awer mat Sécherheet dergéint wäerte kloen.

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Déi Frae kënnen net an de Genoss kommen, well dat si jo keng Kanner, déi hei zu Lëtzebuerg gebuer sinn.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Déi ginn awer kloen.

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Mir sollen emol a Rou ofwaarden. Et weess kee Mënsch, ob eng Klo kënnt, a wann eng Klo kënnt, da waarde mer of, wat d'Gericht sprécht, an da musse mir eis deem conforméieren.

Och kënnen am Sozialberäich muer nach ganz aner Kloen op eis zoukommen. Mir haten dat an der Vergaangenheet. Mir mussen eis dann domat ausernee setzen a Léisunge fannen.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Den Här Gibéryen muss soen, wéi e säi Punkt finanzéiert, an Dir musst net hei soen, wéi Dir et finanzéiert!

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Lauschtert emol, ech kann net soe wéi mir wat finanzéieren opgrond vun enger Klo, déi iergendwann eng Kéier vläicht ...

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Dat ass awer e bëssen einfach.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Den Här Bausch huet och gesot, dass e bedauert, dass déi Mesure hei net selektiv agefouert gi wär, an dass eng Fra, déi eng héich Pensioun huet, grad esou gutt hir 3.000 Frang kritt, wéi eng Fra, déi eng Mindestrent huet.

Wann ee rasonéiert, a puncto vun Erzéiungsaarbecht, déi soll honoréiert ginn, dann ass d'Erzéiungsaarbecht vun enger Fra, déi haut eng héich Pensioun huet d'selwecht ze bewäerte wéi déi vun enger Fra, déi eng kleng Pensioun huet.

Et wonnert mech awer, dass dat Argument vun der Selektivitéit bei dësem Punkt op eemol invoquéiert gëtt. Mir hu viru kuerzem Kannergeldopbesserunge gestëmmt. Ech ka mech net erënneren, dass eng Propos vun lech komm ass, fir beim Kannergeld eng Selektivitéit anzeféieren.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Ech hunn eng Propos gemaach an den Här Lux huet eng Propos gemaach.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Ech ginn lech en anert Beispill. Ech ka mech net erënneren, dass hei sollt eng Diskusioun komm sinn, wat den Index ubelaangt.

Wa mer den Index huelen an do eng Fra, déi d'Mindestrent huet.

### (Interruption)

Jo, mä wann Der vu Selektivitéit schwätzt. Et geet net duer, fir an engem Beräich vu Selektivitéit ze schwätzen, da muss een an alle Beräicher dervu schwätzen.

Da soen ech, well dat och hei zweemol invoquéiert ginn ass, dass de Statsminister gesot hätt, de Rentendéisch hätt de 700.000-Awunner-Stat beschloss, dass dat eng Frechheet wär, och wa gesot gëtt, dass de Statsminister de Leit géif e schlecht Gewësse maachen, well se elo Rentenopbesserunge kréien.

Ech muss lech soen, Här President, dass ech et u sech eng Gemengheet fannen an eng intellektuell Onéierlechkeet sonnergläichen, dem Statsminister dat do ze ënnerstellen. De Statsminister huet d'lescht Woch am Kader vun den Debatten iwwert den Etat de la Nation hei gesot, dass hien d'accord wär, esou wéi déi Rente-

virschléi hei virleien, dass dat och d'Iddi an d'Meenung vun der ganzer Regierung wär, dass se esou gedroe ginn. A fir elo hei ëmmer erëm ze ënnerstelle mat engem aus dem Kontext erausgerappte Saz, de Statsminister géif d'Leit schlecht wëllen dru maachen, dat ass einfach intellektuell Onéierlechkeet. Et ass net korrekt, fir op déi Aart a Weis virzegoen.

Au vu vun deenen Debatten, déi mer haut haten, wëll ech soen, dass, mat Ausnahm vum Forfait, mer e grouse Konsens an der Chamber hunn, an dofir denken ech och, dass et e gudde Projet ass an en eestëmmeg vun dësem Parlament wäert verabschied ginn. Mir wäerten e jiddefalls stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Krieps.

**M. Alexandre Krieps (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäin irescht Blut a meng eng iresch Häerzkummer sinn haut ganz gutt gelaunt, a souguer den Här Lux muss zouginn, dass d'Iren nëmmen d'Offensiv an de "fighting spirit" kennen. Och den OGB-L wäert meng Sympathie fir den Här Lux net verdierwen.

Ech verstinn, dass de Wieler 1999 d'Equiper nei gemëscht huet an et beweist sech och haut, dass hien, de Wieler, deemools eng gutt Nues hat.

Ech wëll hei net d'Aussoe vum OGB-L am August 1999 a Besuch zu deene vun där neier Regierung ugekënnegte Steierreduktiounen rappeléieren. Et wär interessant, dat awer nach eng Kéier ze liesen. Ech wäert mech op e puer Aspekter vun dem rentepoliteschen Dossier beschränken.

Haut gesitt Der op der Titelsäit vum "Quotidien" eng Foto vun engem eeleren Här, deen iwwert dem Titel: "Revalorisation des pensions" d'Centen zielt. Dat Bild entsprécht net der Wourecht, well dës Regierung war dës Kéier net esou knéckeg. Dës Kéier zielen ons Rentner Schäiner.

Den Titel op der zweeter Säit an darselwechter Zeitung ass méi korrekt, do steet: "Nette revalorisation des pensions".

Dat gesot, Här President, erlaabt mer fir d'éischt deenen zwee Rapportere fir hir gutt Aarbecht merci ze soen. De Jean-Marie Halsdorf ass mer net béis, wann ech natierlech speziell den Niki Bettendorf hei ervirhiewen. Säit de Bettendorfs Niki politesch aktiv ass, huet en ëmmer hei am Haus, an der Demokratescher Partei an dobaussen, sech fir d'Renten am Privatsecteur agesat. Dat kann ech hei bezeien an ons Fraktioun och.

Gëschter Owend hunn ech e gefrot, wéi hien déi Debatt vun haut geséisch. Dunn huet e mer ganz roueg gesot: Lex, muer den Owend gi mer heem an dann hu mir eppes fir d'Leit, an haaptsächlech fir déi kleng Leit, gemaach a mir hunn dat gehalen, wat mir versprach hunn.

All politesch Parteien heibanne kënne mat deem rentepoliteschen Aspekt vun dësem Projet zefridde sinn. D'Verbesserungen, speziell vun deene kleng Renten - dat ass de Mëtteg hei gesot ginn -, vun den Hannerbliwwenerenten an d'Progressivitéit vum Steigerungsschlüssel an engem bestëmmten Alter, si richteg Orientierungen. Et bleift bei der fundamentalen Gerechtegkeet an onsem Rentensystem, dass d'Héicht vun der Rent ofhängeg bleift vun der Leeschtung vum Assuré, dat heescht vun der Héicht a vun der Durée vun der Cotisation.

No dem Rentendesch konnt ee bal op eemol fir dee Prinzip fäerten. Ech ka mech erënneren, dass onse Frënd, de Jeannot Krecké, um Radio gewot hat ze soen, dass deene Leit gehollef misst ginn, déi net cotisiéieren konnten oder net cotisiéieren wollten. Also fir déi, déi net konnten, do war een nach d'accord, mä en hat sech mat deem 'wollten' héchstwahrscheinlech verschwat, well ech mengen dat Wuert wollten, dat kann ee jo net acceptéieren.

#### **(Interruption)**

Een, deen net cotisiéieren wollt oder wëllt, do huet de Lucien Weiler virdu gesot, dass deen net soll eng Pension kréie wéi een, dee 40 Joer cotisiéiert huet. Esou einfach ass déi Äntwert, Här Krecké.

#### **(Hilarité)**

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här Krieeps, ech hunn dat gesot an ech bleiwen och dobäi, mä de Rescht vum Sall huet awer elo gelaacht, wéi Der gesot hutt, dat wier esou einfach.

**M. Alexandre Krieeps (DP).**- Déi Äntwert war einfach. Äre Standpunkt ass méi schwéier ze verrieden.

Wéi den Här Lux hunn ech och déi lescht Deeg ganz vill gelies. Ech hunn zum Beispill e ganz interessanten Artikel vum Abrëll 1999 am "tageblatt" gelies mam Titel: "Die neoliberale Rentenfälle".

Wann een déi Verbesserungen vun haut gesäit, kann een do retrospektiv nëmmen de Kapp rëselen. Ech mengen, dass den Autor vun deem Artikel ...

#### **(Interruption)**

Dir fillt lech ugesprach, Här Lux.

#### **(Interruption)**

Mir haten déi schonn am Mee 1984 fale gelooss. Mir hu jo deemools d'Kapitaldeckungsverfahren mat der CSV ofgeschafft.

Ech erënneren drun, dass an dem Steiergesetz vum 1. Januar mer d'Prévoyance personnelle virgesinn hunn, a wann do endlech deen entspreche Rëglement grand-ducal géif geholl ginn, da kënnen déi eenzel Leit fir hir Pension méi Suen zréckleeën. Dat wësst Dir esou gutt wéi ech.

Déi Leit, déi deemools vun der neoliberaler Rentefal geschwat hunn, déi gesi mir haut an därselwechter Fal setzen.

An den Här Gibéryen, dee sech elo hei opreegt a seet, wann hien an der Regierung séiz, wäeren d'Renten am Privatsektor zweemol esou héich wéi haut.

#### **(Interruption)**

Dach, dat hutt Dir ëmmer gesot.

Den Här Lux seet ähnlech. Hie seet, wann d'LSAP 1999 nach zwee Méint an der Regierung gewiescht war, da war et ganz anescht gaangen. Dat gleeft Dir jo net. Dat hunn d'Wieler lech deemools net gegleeft an haut och nach ëmmer net. Ech soen lech et.

#### **(Interruption)**

Dee Wischiwaschi, deen Dir ëmmer opgefouert hutt, dat ka jo esou net virgoen. D'Leit hätte gären eng radikal Ausso.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.**- Aha!

**M. Alexandre Krieeps (DP).**- Ech kommen nach op lech zréck, Här Gibéryen.

D'Demokratesch Partei kann houfreg sinn op hire Sozialminister Carlo Wagner, deen am Konsens mat den Assurésverrieder dëse Rentenprojekt ausgeschafft an op d'Schinn bruecht huet.

Ons Kollege vum ADR hunn an hirem Wahlprogramm, an un dat huet de Lucien Weiler schonn erënnert, Rente gefuerdert an um Rentendesch Fuerderunge gestallt, déi kee Bezuch zu der Realitéit hunn an déi dee ganze System a manner wéi zéng, zwielef Joer ruinéiert hätten. Dat ass e puermol schonn hei gesot ginn.

Opfalend ass och dem Här Gibéryen seng Attitüd, déi ënnermauert gëtt duerch déi zwou Motiounen, déi en eragereecht huet, 1 an 2. Wann hei vun de Renten am Privatsektor Rieds ass, schwätzt den Här Gibéryen vun de Pensionéierten am öffentlechen Déngscht! A wa vum öffentlechen Déngscht Rieds geet, da schwätzt en iwwert d'Renten am Privatsektor. Dir sidd iergendwéi e bëssen déphaséiert.

#### **(Interruptions diverses)**

Déi hänken net zesummen!

D'Leit dobausse wäerten dat do Spill duerchkucken.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.**- Dat hu se scho laang duerchkuckt!

**M. Alexandre Krieeps (DP).**- Mir hunn, Här Gibéryen, an net nëmme säit dem heitege Gesetz, déi héichste Renten an der Welt, absolut am héichsten, wat de Lucien Lux virdu mat engem Beispill illustréiert huet.

#### **(Interruptions diverses)**

Ech souz net an deene Regierungen. Dat ass net an deene leschte 15 Joer, dat ass scho vill méi laang. Do leie jo Berichter vun der OECD vir.

Relativ si se och am héichste par rapport zu der kotiséierter Zomm an och zu de Gehaltskarriären. Ech wollt hei nach eng Kéier dorun erënneren, well ons Rente ginn och ajustéiert, éischstens un d'Lounentwécklung vun den Aktiven, an zweetens un de Liewenskäschenindex. A kengem Land an der Welt gëtt et déi duebel Upassung a speziell schonn net bei eise franséischen Noperen, well déi ginn nëmmen un de Liewensindex ugepasst säit den Här Balladur 1993 an der Regierung war.

Bei onsen däitsche Frënn, Här Lux, wou Är Kollegee scho laang an der Regierung sëtzen, ginn d'Renten nëmmen un d'Paie vun deenen Aktiven ugepasst.

Déi Verbesserung vum haut däerfen natierlech verschidden Ängshten virun der Zukunft net verdrängen. Mä Kolleeg a Frënd Marco Schroell huet lech iwwert d'Bedenke vum BIT an d'Clignotanten erënnert. Vergiesse mer net, dass bis an d'Mëtt vun den 90er Joren an deem Land méi Leit an d'Invalidérent geschéckt gi si wéi all Joer an d'Altersrent. Dat steet an de Rapporten, ënner anerem an deene vun der Sécurité sociale.

Mir bauen och e Problem vun enger Aart monolithescher Cotisationsstruktur duerch d'Ofhängegkeet vum Finanzsektor op.

Mir hunn eng Rei politesch Parteien heibanne sëtzen, déi ganz bewusst op där enger Säit all Wuesstum refuséieren, iwwerdeems se op där anerer Säit bei de Renten ni genuch kréien, woubäi se nach wëllen d'Aarbechtszäite reduzéieren. Och déi gespléckte Perséinlechkeete wäerten eis Matbierger duerchkucken.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Vu wem schwätzt Der iwwerhaupt?

**M. Alexandre Krieps (DP).**- Dir hutt dach ëmmer d'Aarbechtszäitreduktioun gefuerdert, eng sechst Woch Congé, eng 35-Stonnewoch. Da musse mer iwwer Nuecht 35.000 Frontalieren importéieren. Dir musst awer e bëssen eng Logik hei dévelloppéieren.

Ouni Zweifel wäerten déi Deelrenten - dat huet de Kolleeg Bausch mat Recht gesot - nach eng ganz laang Zäit virubestoen duerch Divorcen an aner Evénementer am Liewen. Déi heiteg Verbesserung si virgeholl ginn ouni Erhéijung vun de Kotisationen, ouni Unhiewe vum Plafond cotisable, wéi dat 1991 de Fall war, ouni Verlängerung vun der Liewensarbeitszäit, ouni alternativ Finanzementer, an dat ass schonn eng Leeschtung.

#### **(Interruption)**

Mir deele säit deene leschte 50 Joer d'ekonomesch Evolutioun an deem Land, wou et ëmmer besser gaangen ass wéi an den Nopeschlänner, an dat war souguer scho laang virum Weltkrich de Fall, well ech hu Relatiounen

am Minett, déi gesot hunn, dass et do ëmmer besser gaangen ass wéi am Ausland.

Mir deelen natierlech guer net als demokratesch Fraktioun d'Aussoe vum Här Lucien Weiler, seng Approche vis-à-vis vum Minister Wagner elo virdrun, well dat sprécht Bänn iwwer eng gewësse Solidaritéit, wou ons Leit dann erausgaange sinn Ären Aspekt an deser Reform ze verteidegen. Dir fäert vläicht den hellege Carlo niewent dem hellege Jean-Claude.

Alles an allem ass déi hei Gesetzesvirlag eng Meeschterleeschtung vum Sozialminister Carlo Wagner a senge Mataarbechter am Sozialministère, déi de ganze Mëtteg hei souzen.

**Une voix.**- An d'Mme Jacobs?

**M. Alexandre Krieps (DP).**- D'Mme Jacobs hu mer scho gehéiert an de Kommissiounen.

#### **(Hilarité)**

Si weess dat. Si kënn jo och nach selwer heihinner. Si ass grouss an al genuch, fir sech hei ze verteidegen.

Ech bréngen lech dann och hei offiziell onse Luef, Mme Jacobs, fir déi Leeschtung, well mir sinn net esou schlecht gelaunt wéi den Här Weiler.

D'Demokratesch Partei, ënner hirem Fraktiounschef Jean-Paul-Rippinger, dréckt dem Sozialminister Carlo Wagner an der Familljeministerin Marie-Josée Jacobs an der ganzer Regierung d'Vertrauen aus.

Merci.

#### **(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)**

**M. le Président.**- Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass nach net fäerdeg. Ech géing lech bidden nach nozelauschten.

Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert gefrot.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss lech enttäuschen an ech bidden lech och mech ze entschëllegen, dass ech net capabel sinn, am Cabaretstil weiderzefueren, vun deem wat mer elo héieren hunn. Ech hat geduecht, mir wieren op enger Kapesetzung an ech wäert och net op eng ganz Rei Remarken agoen, déi wierklech geduecht waren nom Prinzip, hei kann een egal wat behaapten, et brauch ee jo näischt ze beweisen. Et kann een egal wat fir eng Polemik vum Stapel loossen, et ass jo keen, deen engem widdersprécht.

Ech muss soen, ech hunn zäitweilleg de Kapp gerëselt wann ech eleng nëmme kucken wéi eng vun eisen Hauptfuerderungen, nämlech déi vun der Joreszoulag, verwieselt ginn ass mat där, déi mer elo hunn, verwiesselt ginn ass mat engem 13. Mount.

Ech wëll nach eng Kéier kloer soen, niewent Babyjoren, Erziéungsjoren asw. hat déi Mesure haaptsächlech als



Ophänker fir deene Leit, déi sengerzäit manner Méiglechkeeten haten, sech Renterechter unzëeegnen, endlech entgéintzekommen, fir e Sockelbetrag virzegesinn, deen d'office jidderee kréich, deen iwwerhaapt an de Genoss vun enger Rent kënnt, egal wi vill Joren dass en dofir geschafft huet, an e sollt fir all Beitragsjoer nach eng Kéier 1.000 Frang kréien. Dat heescht, dass déi kleng Rente massiv vis-à-vis vun deene méi décke Renten avantagéiert gewiescht wieren. Dat war den Hannergrond an et war keen 13. Mount, wou erëm eng Kéier déi déck Renten en décke Betrag kréien an déi kleng Renten e kleng Betrag.

Ech muss och soen, dass den Här Krieps hei eng ganz Rei locker Bemierkunge gemaach huet iwwer Kapitaldeckungsverfahren an haaptsächlech dat, wat seng Partei zu deem dote Sujet an deene leschten 20 Joer erzielt huet, an dee Schlingerkurs, dee se gemaach huet. Eng Kéier ware se dofir an eng Kéier dergéint, an all Kéiers dann, wann et hinne gepasst huet, hu se d'Richtung geännert.

Mir hunn d'Richtung an där doter Saach net geännert. Här Krieps, ech wëll lech net ze no trieden, mä Dir hätt besser, Dir géingt nach eng Kéier noliese wat Är Partei am Laf vun de Joren dozou alles gesot huet.

Ech hunn awer haaptsächlech, Här President, mer d'Wuert gefrot, fir kloer ze maachen, dass mir herno beim Vote wäerten e Vote par division froen um Forfait d'éducation, net well mer einfach Neen zur Mesure als solch wëlle soen, mä well mir eng Propos abruecht hunn, déi eben en anere Virschlag ass. Dat ass dee Gesetzesvirschlag vum Här Lux.

Ech mengen och, dass et dobaussen effektiv kee Mënsch interesséiert an dass vill Leit duerchaus dierfe behaupten, et wier eng akademesch Diskussioun, ob et eng familjepolitesch oder eng rentepolitesch Moosnam ass.

Mä ech mengen, hei an der Chamber dierft een awer nach eng seriö Diskussioun doriwwer féieren. Och wann et de Bezéier net interesséiert, dierfte mir awer nach vläicht hei eng verstänneg Diskussioun kënnen doriwwer féieren, well et jo awer Konsequenze ginn an et eng gewësse Kohärenz an där ganzer Saach gëtt. A wann ech kucken, dass mir ëmmer erëm considéiert hunn, dass d'Babyjoren en Ersatz si fir en Ausfall, deen eng Fra huet, déi schafft, an dass dat hiren Nidderschlag duerch d'Cotisationsen an hirer Rent fënnt. Dann hu mer also domadder en Ënnerscheid gemaach fir eng Honoréierung vun Erzéijungsjore fir jiddereen.

Mir soe ganz kloer, mir sinn dann dofir, wa mer alleguer wëllen op dee Wee goen, dass mer jiddfer Fra eng Honoréierung brénge wëinst där Erzéiung, déi se bruecht huet. Mä kommt mir vermëschen déi zwou Saachen net.

#### **(Interruption)**

Et deet mer Leed, Här Glesener, mä mir wëllen déi zwou Saachen net vermëschen. Dat eent ass en Ausfall vun enger Cotisationsen, déi ech zegutt hätt wann ech weider

geschafft hätt, an dat anert ass Honoréierung vun Erzéiung, an ech mengen esouguer, dass och an eiser Proposition et wesentlech méi einfach wier an dass mer eng Rei Problemer, déi elo wahrscheinlech wäerten optauchen, an där Proposition net hätten.

#### **(Interruption)**

Här President, kënnt Der net dem Här Schummer soen, e soll sech ee Moment packen, wann Der wëllt!

#### **(Interruption)**

**M. le Président.**- En hält sech un d'Riedezäit. Mir si schonn a Verspéidung an et geet elo net op dräi Minutten un.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech hunn nach Riedezäit, dat wëll ech lech souwisou soen, Här Schummer. Mir haten 68 oder 69 Minutten. Wann Der net rechne kënnt, dann deet et mer Leed.

#### **(Interruptions diverses)**

**M. le Président.**- Dir hutt nach dräi Minutten zegutt.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Merci, Här President.

**M. Jean-Paul Ripinger (DP).**- Et ass jo net esou, dass Der géingt eppes Neies soen!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här Ripinger, ech erklären hei, firwat mir herno wäerten Neen zu där Proposition an deem Artikel soen a firwat dass mir eng aner Proposition erabruecht hunn, fir dass et kloer ass.

An eisem Virschlag kritt all Fra. Virdrun ass opgezielt ginn, an där Proposition, wéi se elo hei um Dësch läit vu Säite vun der Regierung, kritt nach laang net all Fra.

Et ass och gesot ginn, Dir hutt Är Proposition zimlech spéit abruecht. Ech muss soen, et ass en alternative Projet zu engem Projet vun der Regierung, oder losst mer soen, vun der CSV, deen um Rentendësch erakomm ass a wou Dir, Här Weiler, kënnt Der lech erënneren, mir op alle Fall ganz vill Froe gestallt hutt a wou d'Äntwerte lues a lues évoluéiert hunn. Dat heescht, dass lues a lues och d'Usiichte vun Ärer Partei zu deen dote Froe sech geännert hunn zum Gudden a Richtung vun deem, wat mir gär wollten, mä dass et sech op eemol kloer an daitlech erausgestallt huet, dass Der net bereet waart, esou wäit ze goe wéi mir dat gärén hätten.

#### **(Interruption)**

Här Weiler, ech ginn hei keen Uerteel of. Mä mir hunn doropshin en alternative Projet abruecht. Ech mengen, dat ass dach en akzeptable Virgank. Mir hu fir d'éischt probéiert, dat wat ofgemaach gi war um Rentendësch am Prinzipiellen esou auszeriichten, dass mir kënnten domat d'accord sinn. Wéi mer gesinn hunn, dass dat net de Fall war, hu mir en alternative Projet bruecht, a mir stinn zu deem a wäerten och higoen an dergéint stëmmen.

Mir hunn och nach Bedenke wa mer hei e Projet ofstëmmen, wou mer elo scho wëssen, dass mer gegebenenfalls riskéiere virum europäesche Gerlichsthaff Onrecht ze kréien.

Mme Minister, ech hu mer wierklech déi konkret Fro gestallt: Wat mudde mer der Steierverwaltung zou an der praktescher Ausféierung vun där Measure hei, déi doduerch, well et jo eng rentepolitesch Measure ass, muss besteeit gi wéi eng Rent? Dat gëtt immens komplizéiert. Et sinn 30.000 Dossieren. Dat mussen elo Zousazkaarte ginn, well soss geet et jo net. Well et gëtt net vun der Keess ausbezuelt, et gëtt vum Fong ausbezuelt. Dat heescht net méi an net manner, dass dat eng Steuerkaart muss sinn, soss geet dat jo guer net. Do gëtt et elo eng Zousazsteuerkaart, an ech soen, dat gëtt e Risenopwand, well do muss elo fir jiddfer vun deenen Dossieren déi Zousazsteuerkaart gekuckt ginn. Do muss gekuckt gi wat fir e Prozentsaz dorobber kënnt. Do fale ganz vill Leit, déi haut keng Steuererklärung brauchen ze maachen, ënnert déi, déi mussen eng Steuererklärung maachen.

**(Interruption)**

Do wier et vun der Pensiounskeess aus bezuelt ginn!

**(Interruption)**

Dat wier iwwert d'Keess vum Kannergeld ausbezuelt ginn.

Et huet mech gewonnert, dass déi Fro do zu kengem Moment an der Sozialkommissioun gekuckt ginn ass, well dat gëtt eng reell. Ech hätt léiwer gehat, déi Leit, déi mer an der Steierverwaltung beschäftegen, géife sech mat gréissere Steuerfraudeuren ofginn, wéi elo mat deenen Aarbechten hei.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass mir also de Vote par division froen, Här President, an dass mer dat bei Artikel 3 wäerte maachen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Den Här François Bausch huet nach d'Wuert gefrot.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech wëll dem Här Rippinger soen, meng Fraktioun huet 45 Minutte Riedezäit. Ech hu 37 Minutte geschwat, donc hunn ech nach aacht Minutte plus déi 15 Minutte vun de Motiounen, wat am Total 23 Minutte mécht, déi ech nach zur Verfügung hunn.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Dot eis dat net un.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Dir kënnt lech berouegen, esou laang wäert ech lech net belästegen.

Ech wollt just e puer Punkte klörstellen als Reaktioun op dat, wat den Här Weiler gesot huet. E sot, wann ech géing hei schwätze vun deenen 3.000 Frang an dass dat en Almose wär, dat wär maasslos iwwerdriwwen, well fir déi Fraen, déi déi 3.000 Frang kriterien, wäeren dat vill Suen.

Ech wëll dem Här Weiler soen, wann ech do geschwat hu vun Almosen, da schwätzen ech dat am Kontext vun deem, dass wann eng Fra - wat ech och a menger Haaptried gesot hunn - mat 50 Joer zum Beispill gescheed gëtt an hiert ganz Liewe virdrun net geschafft huet, déi donc am Alter keng eege Rechter huet, wann déi dann 3.000 Frang kritt, dann ass dat fir déi Fra en Almosen. Déi ka sécherlech mat 3.000 Frang, och nach mat 6.000 oder 9.000 Frang net iwwerliewen. Déi ass op Sozialhëllef ugewisen. Dofir, hunn ech gesot, géinge mir plädéieren net fir Almoseléisungen, mä fir eng generell Léisung, déi ee fir allemol déi Härtefall géing ofschaffen.

Dëst ass ee Beispill, wat elo keen Eenzelfall ass, well all d'Statistike beleeën, dass 50% vun de bestuete Leit hei am Land gescheed ginn. Dir musst lech emol virstellen, wat dat fir eng Dimensioun ergëtt, wa mer esou weiderfuere an där Logik wéi Dir mengt dass ee misst weiderfuere, an net dass all Mënsch an dëser Gesellschaft eege Rechter sech géif opbauen, dann ass et awer klar, dass Der kënnt dovun ausgoen, dass an Zukunft deen do Problem sech wäert extrem verschärfen, an dass ëmmer méi Fraen, virun allem spéider am Alter, wäerte gezwonge sinn, op Sozialhëllef zrëckzegräifen. Dofir hu mir gesot, dass amplaz vun där do Léisung mir léiwer eng Léisung gehat hätten, déi gerecht gewiescht wär, an eng uerdentlech Pensioun fir all Fra, onofhängeg vun hirem Mann, geschaffen hätt.

Deen zweete Punkt ass dee vun der Selektivitéit. Dir hutt gesot, dat wär einfach gesot a mir hätten op aneren Niveauë keng esou Propos eraginn. Ech wäert lech beweisen, dass dat net de Fall ass.

Wann ech soen, dass een duerchweegs hätt nach diskutéiere kënnen, zum Beispill iwwert d'Vergaangeneheet am wierkleche Sënn, fir dann awer wëlle selektiv virzegoen an et hätt ee sech zum Beispill d'Méi gemaach, fir sech eng Statistik ginn ze loosse an ze kucke bei deene schwätzungsweis 30.000 Fraen, déi wahrscheinlech wäerten heivu profitéieren, wéi dann do d'Witwerente wierklech sinn, dat wär dat, eiser Meenung no, en Exercice gewiescht, deen duerchweegs nätzlech a sënnvoll gewiescht wär.

Et hätt sech wahrscheinlech erausgestallt, dass, amplaz een des Measure geholl hätt, wou ee generell einfach un 30.000 Persounen déi Sue verdeelt, onofhängeg dervun ob et noutwendeg ass oder net, ee wahrscheinlech fir déi Leit, déi et wierklech brauchen, méi eppes Substanzielles hätt kënne maachen oder souguer vill méi ginn, mä dann natierlech deenen näischt ginn, déi et net brauchen. Fir eis ass an der Sozialpolitik, déi vu staatlecher Säit ausgeet, nach ëmmer den iewegte Prinzip, dass déi am meeschte solle profitéieren, déi et och wierklech brauchen. De Sozialstat soll fir déi do sinn, déi et brauchen, an net fir déi, déi et net brauchen.

Da wëll ech lech Beispiller ginn, well Der sot, op anere Gebidder géife mir ni dervu schwätzen. Beim Kannergeld

hunn ech et hei gesot. Iwwregens net ech eleng. De Här Lux huet am Numm vu senger Fraktioun datselwecht gesot, dass bei der Kanner gelderhéijung, déi kierzlech gemaach ginn ass, een hätt solle gläichzäiteg de Steuerfräibetrag fir Kanner weider zréckféieren, fir dann eng Kéier op null ze kommen, well mir net agesinn, dass, wann ee fir e Kand 1.000 Frang méi kritt, dann een aneren, dee vill verdéngt och nach zousätzlech iwwert d'Steiertabell weider Gelder anzitt duerch de Fait, dass en en Abatement fir dat Kand kritt, an dass par contre deen, dee souwéissou keng Steiere bezillt, an dat si bekanntlech déi, déi net vill verdéngen, net vun der Steiertabell ka profitéieren.

Da wëll ech lech nach soen, Här Weiler, wann Der schonn den Index hei uféiert, an ech gehéieren net zu deenen, a meng Partei gehéiert och net zu deenen, déi, am Contraire zu Ärer Partei, schonn eng Kéier versicht hunn, d'Lounupassung un den Index komplett ofzeschaffen, do sidd Dir 1982 als CSV duerch e Generalstreik hei am Land gestoppt gi virun deem Virhaben, fir d'Lounupassung un den Index ganz ofzeschaffen. Glécklecherweis!

Ech wëll lech weider soen, dass meng Partei zënter éiweg derfir antrëtt an an all Wahlprogramm, dass ee sech et sollt iwwerleeën, ob een net bei der Lounupassung un den Index e Sockelbetrag géing schafen amplaz déi prozentual Erhéijung. Dat ass eng Fuerderung zu där mir haut nach stinn. Mir sinn der Meenung, dass dat sécherlech méi gerecht wär wéi eng prozentual Opbesserung, an dat de Stat sécherlech géing manner deier ze stoe kommen, virun allem deenen am meeschten zegutt kéim, déi wierklech am mannsten hunn.

Dat heescht am Klortext, wann et ëm Sozialpolitik geet, Här Weiler, si mir, am Contraire zu lech an Ärer Partei, och geschichtlech gesinn, net ëmmer an der éischer Rei gewiescht, wann et drëm gaangen ass einfach de Sozialstat ofzeschaffen, mä mir waren nach ëmmer fir Selektivitéit a mir wäerten dat och weider bleiwen.

### **(Interruption)**

**M. Lucien Weiler (CSV).** - A bei der Rentereform?

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Ech kënnt nach weider eng Stonn mat lech diskutéieren, fir lech ze beweisen, dass et och do de Fall war, mä leider leeft d'Zäit eis den Owend fort.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Här Gibéryen, ech wëll lech signaléieren, dass Der Är Zäit schonn iwwerschratt hutt. Dir hutt duerch d'Riedezäit bei de Motiounen elo nach zéng Minutten am Ganzen zegutt.

**M. Gast Gibéryen (ADR), interpellateur.** - Dat ass richtig, Här President, an ech wëll mech dofir och ganz kuerz faassen, fir nach e puer Minute Riedezäit ze behalen, fir bei de Motiounen kënnen d'Wuert ze ergreifen.

Den Här Weiler huet zu Recht gesot, dass an der Kommissioun iwwert den Artikel 6 ofgestëmmt ginn ass. Dofir wëll ech en Amendement hei abréngen zum Artikel 6. Den Amendement 1 zum Artikel 5 hale mer awer oprecht, well et sinn d'Artikele 5 a 6, déi mir net am Gesetz wëllen.

### **Amendement 2**

*Article III. - Création d'un forfait d'éducation*

*– L'article 6 est supprimé.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombara, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Ech wëll nach kuerz eng Réplique ginn op dat, wat den Här Weiler hei gesot huet. Et ass scho bal eng Tradition, dass den Här Weiler sech eng Eier draus mécht, fir all Kéiers nom ADR opzetrieden a sech da mat eis ause-naner ze setzen. Mir si ganz frou doriwwer, well den Här Weiler eis domat ëmmer d'Geleeënheet gëtt, fir drop opmierksam ze maachen, wat déi grouss Differenzen tëschent der CSV an dem ADR sinn.

Wann den Här Weiler hei seet, dass déi Fuerderung vum ADR an eise Wahlprogramm 15, 20 Milliarde kascht, dann ass dat richtig, well eise Wahlprogramm opgesat ass, fir Rentegerechtigkeit zu Lëtzebuerg ze realiséieren. Dat beweist och, wéi wäit dass de Privatsektor hannert dem öffentliche Sektor hanndrun ass, well soss bräichte mer net esou vill an de Privatsektor ze investéieren, fir Rentegerechtigkeit ze erreechen.

A wann en da fret, wou mer déi Sue géifen hierhuelen, da musse mer automatesch zréckfroen, a wou huet Dir dann d'Suen hier fir deen deiere Regime? Dat gefällt lech net. Mä esou dacks wéi Dir hei opriet, Här Weiler, fir ze soen, wéi Der et elo grad erëm gemaach hutt: "Ech froen den Här Gibéryen, ech froen den ADR, wéi si déi Mindestpensioun vu 50.000 Frang wëlle bezuelen", do géif ech mech an Ärer Plaz schummen, fir hei op d'Chambertribün ze kommen an d'Fro opzewerfen, wéi mir Mindestpensioun vu 50.000 Frang am Land wëlle finanzéieren a gläichzäiteg als CSV hinzegoen an engem Accord salarial zouzestëmmen, wou d'Pensioun vun engem Ingénieur vun 225.000 op 236.000 Frang, also ëm 11.000 Frang de Mount gehéicht gëtt.

Stellt lech d'Fro emol, wou Dir déi 236.000 Frang de Mount hierhuet. Stellt lech d'Fro duerno, wou Dir déi Augmentatioun bei där Pensioun vun 11.000 Frang hierhuet, da wësst Der och wou mir d'Geld hierhuelen, fir d'Hongerrenten am Land ze finanzéieren.

Mir si frou, dass mer eis vun lech ënnerscheeden, Här Weiler. Triet Dir roueg weider fir déi déck Pensiounen an, mir triede weider fir déi kleng an.

**Des voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Minister Carlo Wagner.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten de Mëtteg zäiteweis ganz passionnant Debatten, déi leider laang gedauert hunn, mä ech menge bei esou engem wichtege Sujet ass dat net méi wéi normal.

Ech mengen och, dass ech dierft ze soen, dass ech frou driwwer sinn, dass, zumindest wat déi Décisioun vum Rentendesch ubelaangt, sech e breede Konsens erausgestallt huet.

Selbstverständlech hunn d'Parteien alleguer versicht, fir e Stéck vum Kuch vun deenen Décisioun vum Rentendesch sech erofzeschneiden, mä och dat ass de bonne guerre an ech hu ganz vill Verständnis dofir.

Ech muss och soen, dass et bestëmmt net u mir ass als Responsable vum Rentendesch, fir Noten auszedeelen, respektiv Zensuren auszestellen fir dat, wat déi eng oder déi aner um Rentendesch geleescht hunn. Ech wëll ganz einfach meng déif Reconnaissance all deene Parteien ausdrécken, awer och de Syndikater, déi hir Responsabilitéit um Rentendesch iwwerholl hunn. All hu se contribuëiert, jiddfereen awer selbstverständlech mat där Sensibilitéit, déi se charakteriséiert, fir zu deem Succès vum Rentendesch ze kommen.

Ech mengen, ech kënn soen, dass mer um Rentendesch en entscheidende Schrëtt gemaach hu, fir méi Konvergenz an d'Systèmes de pension ze kréien, domat och fir méi Rentegerechtigkeit gesuergt hunn, an au-delà vun deem Objectif et och erreecht hunn, fir hei zu Lëtzebuerg d'Paix sociale duerch dës Mesuren ofzesécheren.

Wann ee sollt ee Vainqueur un deem Rentendesch designéieren, da sinn et ouni Zweifel déi pensionéiert Leit a ganz besonnesch déi pensionéiert Leit mat kleng Renten, haaptsächlech Dammen, déi meeschtens keng komplett Carrière hunn.

Ech muss och soen, dass sämtlech Parteien an och d'Syndikater eng grouss Responsabilitéit à jour geluegt hunn, ass et dach drëm gaangen, e sou genannten duebelen Défi ze léisen. Fir d'éischt emol selbstverständlech d'Amélioratioun vum jetzege Pensiounssystem, zweetens awer och d'Zukunft vun de Générations futures net a Fro ze stellen.

Mir waren eis alleguer bewusst, wat an der BIT-Etüd stong. Mir wossten och déi Recommandatiounen, déi de BIT erausginn hat an déi net grad drop erausgaange sinn, fir dee System substanzuell ze verbesseren. Trotzdeem muss ech soen, dass, wa mer finalement fir de Scénario vu 4% Croissance optéiert hunn, keen um Rentendesch déi Décisioun à la légère getraff huet, mä dass déi Optioun op verschidde Reflexiounen baséiert.

Éischtens emol - an et ass ugeklungen - eng Croissance historique vun deene leschten Décennien, déi zu

Lëtzebuerg e gutt Stéck iwwer 4% long a regelméisseg iwwert der Croissance vum PIB aus dem Ausland war.

Zweetens, an et ass ganz oft net ugeschnidde ginn, d'Aféierung vum Euro, déi, an ech sinn iwwerzeegt der-vun, wäert zu méi Währungs- a Präisstabilitéit féieren, domat europawäit wäert, deelweis op alle Fall, d'Croissance stimuléieren, wouvu mir zu Lëtzebuerg misste profitéieren.

Zousätzlech d'speziell Situatioun vu Lëtzebuerg. Wéi mir ugefaangen hu mat deem Rentendesch, hate mer schonn eng éischt Steuererleichterung fir d'Personnes physiques op den 1. Januar 2001 hannerun eis. Et war schonn eng zweet Erleichterung fir d'Personnes physiques ugekënnegt, verbonne mat enger substanzueller Baisse vun der Steuerlaascht fir d'Entreprises. Och dat si Saachen, déi a Richtung Croissance ginn, doduerch dass se d'Consommation interne an enger Economie relancéieren.

An all deene Projektionen, déi an d'Zukunft gemaach gi sinn, ass net Rechnung gedroe ginn, dass mer fest wëllen hunn, eng méi aktiv Politique de placement vun de Reserven ze organiséieren, wat eis wäert erlaben, an Zukunft de Rendement op eise Reserven ze verbessern.

Wie kann haut soen, wéi an zéng, fofzéng oder och an zwanzeg Joer eis Politique de financement, net nëmmen an der Renteproblematik mä och an aneren Domänen, ass? Ech gleewen net drun, dass hei an deem Land oder an anere Länner an deenen nächsten Décennien an de Systèmes sociaux absolut näischt géif änneren. Au contraire gleewen ech un déifgrënneg Ännerungen, déi wäerten op eis zoukommen.

Ech wëll fënneftens awer och drun erënneren, dass eng vun de Mesuren, déi mer um Rentendesch ergraff hunn, dee sou genannten 93-Punktesystem, jo awer dohin tendéiert, dass mer versiche fir d'Leit méi laang am aktive Liewen ze behalen, dass mer zousätzlech zu deem Zäitpunkt schonn am Kader vun der Tripartite och d'Invalidérent souzesoen duerch haten, wou och Mesuren ergraff ginn, fir d'Leit duerch d'Reinsertion professionnelle méi laang am aktive Liewen ze halen.

Dat sinn also zwou Mesuren, wou mer sur base volontaire wäerte kucken, dass d'Leit méi laang am Aarbechtsprozess bleiwen, an dat ass och dee Moment eng Erleichterung fir eis Pensiounskeessen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass um Rentendesch och d'Responsabilitéit geholl ginn ass an dass gesot ginn ass, wann dee Bilan actuariel, dee mer all siwe Joer maachen - an och den Här Gibéryen huet et d'éinescht gesot -, sollt erginn, dass mer géife riskéieren, op ënner 1,5 mol Dépenses annuelles ze goen, dass mer da géife Mesuren ergräifen, an dat ass och an der Déclaration finale zréckbehale ginn, esou dass all Mënsch sech dozou engagéiert huet.

Am Résumé, um Rentendesch waren all Parteien, zesumme mat de Syndikater, der Meinung, dass de Sze-



nario vun der 4%teger Croissance éischer méi probabel wier wéi dee vun nëmmen 2%.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här Minister, ech wëll awer drop hiweisen, dass mir net soen, dass dee Szenario vu 4% einfach d'office méi probabel ass wéi dee vun 2%. Dat hu mir ni als gréng Partei gesot.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.**- Ech mengen awer kënnen ze soen, dass all Partei sech drop agestallt huet, dass mer kënnten déi 4% erreechen an dass fir de Fall, wou et net esou wär, mer déi Clignotanten, déi elo schonn am Code des Assurances sociales virgesi sinn, misste spille loossen.

Wat déi grouss Diskussioun ubelaangt, déi hei zu Lëtzebuerg lassgaangen ass iwwert dee sou genannte 700.000-Awunner-Stat, eosu muss ech soen, dass ech absolut net considéieren, dass d'Décisioun vum Rentendesch sollen à l'origine si vun esou engem eventuelle Stat. Ech betruichte vill éischer, dass dee 700.000-Awunner-Stat, wann en da sollt kommen, grad esou gutt wéi och déi Décisiounen, déi um Rentendesch geholl gi sinn, éischer reposéieren op där Politique économique et financière, déi an de leschte Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Et ass also d'Politique économique et financière - an ech hunn d'éinescht zum Beispill vun den Erlichterunge vum Impôt geschwat -, déi et esou wäit bruecht huet.

Ech muss awer och soen, dass, wann dat Land hei géif déi 4% Croissance am Schnëtt net erreechen, da wier et net nëmme schlecht gestallt ëm eis Pensiounen, mä da géifen et och eng ganz Rei aner Domäner, wou mer missten onbedéngt eis Gedanken a Reflexiounen maachen, an dat sinn Domäner, déi de près un de Standard de vie vun de Lëtzebuerger touchéieren a wou bis elo, entgéint de Mesurë vum Rentendesch, de Moment keng Clignotanten dofir virgesi sinn.

Ech muss op alle Fall soen, dass déi ganz Diskussioun, déi entfacht ass iwwert de 700.000-Awunner-Stat, fir mech op alle Fall d'Preuve ass, dass mer um Rentendesch un d'Limitë gaange si vun deem, wat mer effektivement als Responsabel kënnen betruichten an also financièrement supportabel ass.

Ech sinn der Iwwerzeugung, dass déi Diskussioun iwwert de 700.000-Awunner-Stat hei zu Lëtzebuerg net nëmme utile ass, mä absolut indispensable. Et geet also drëm ze kucken, dass mer an Zukunft hei zu Lëtzebuerg net nëmmen dee Standard de vie halen, mä awer och eis Qualité de vie à moyen terme, à long terme assuréieren. Dat geet iwwer vill Domäner, sief et d'Landesplanung, sief et de Logement, sief et d'Transportpolitik, Schoulinfrastrukturen, Infrastructures hospitalières asw. Ech mengen, et ass also wichteg, dass deen Débat muss lancéiert ginn.

Ech wëll awer och zur selwechter Zäit soen, dass, wa mer déi 4% Croissance net géifen erreechen a mir géifen drënner leien, a besonnesch wa mer géife méi

déif drënner leien, ech mengen, da misst ee sech awer och Gedanke maachen. A wann et beispillsweis Leit ginn, déi esou e grouse Stat net wëllen, déi also wëlle bei enger Populatioun vu 450.000 Leit bleiwen, da musse mer awer och de Leit dobausse soen, dass ënnert deenen Ëmstänn et wäert ganz, ganz schwéier sinn, net nëmmen den Niveau vun de Renten ze halen, mä dass et och wäert ganz schwéier ginn, deen Niveau de vie, dee mer de Moment hunn, ze assuréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass vill geschwat gi vun deene vereenzelte Mesuren, déi um Rentendesch décidéiert gi sinn, esou dass ech net wëll am Detail dorop zrëckkommen. Ech wëll awer onbedéngt soen, dass déi Haaptendifferenz, déi mer hu mat där Exigence vun der 7%teger linearer Erhéijung vun der Renteplattform, doranner besteet, dass mir vill méi selektiv Mesuren ergraff hunn, dass mer versicht hunn, haaptsächlech déi kleng Renten an d'Luucht ze bréngen, an dass mer also eng absolutt Prioritéit un de Renforcement vun de Majorations forfaitaires gehaangen hunn. Dat bréngt mat sech, dass déi kleng Renten en fait prozentual méi an d'Luucht gi wéi déi grouss Renten. Et huet eis och erlaabt, fir d'Pension minimum en valeur semi-nette op den Niveau vum Salaire minimum eropzesetzen. Et huet eis erlaabt, fir och d'Witwerent net méi ze kierzen op 75%, mä fir op alle Fall d'Witwerent dee Moment op d'Pension minimum eropzehiewen, wat, wéi gesot, enger spektakulärer Augmentatioun vun iwwer 30% entsprécht.

Des Weidere war och eng ganz utile Mesure d'Dispositions anti-cumules fir de Conjoint survivant, mat den Orphelinen, déi mer de Manière sensible assoupléiert hunn. Alles dat si Mesuren, déi haaptsächlech den Dammen zegutt kommen.

De Rentendesch huet awer och nach verschidden aner Mesuren approuvéiert, mä verlaangt - an Dir wësst, dass et deemools eng ganz, ganz grouss an heftig Diskussioun war -, dass déi net därften iwwert d'Rentereserve financéiert ginn, mä dass se missten iwwert de Statsbudget assuréiert ginn. Dat waren notament d'Babyjoren, wou zwou Mesurë geholl gi sinn. Éischters si se net nëmmen op déi Naissancë vu virum 1. Januar 1988 extenséiert ginn, mä zweetens hu mer se op 1,5 mol de Salaire social minimum eropgesat, fir, esou wéi d'éinescht de Rapporteur, den Här Halsdorf, et scho gesot huet, se op e Pied d'égalité mat dem Forfait d'éducation ze bréngen.

Op déi aner Mesuren, de Forfait d'éducation an och déi Mesuren, déi am Kader vun der Immunisatioun RMG geholl gi sinn, wäert meng Kolleegin, d'Mme Jacobs, agoen.

Mir hunn um Rentendesch och eng Rei Recommandations supplémentaires geholl. Dat éischt waren d'Pensions complémentaires. D'Pensions complémentaires, déi en fait elo schonn duerch d'Réforme fiscale zu

engem groussen Deel verbessert gi sinn, wat den zweete Pilier ubelaangt, duerch eng Baisse vun der Impositioun bei den Entreprisë vun 25 op 20%, an den drëtte Pilier, dee vun der Prévoyance personnelle, duerch eng sensibel Augmentatioun vum Montant déductible. Wéi gesot, fir d'Pensions complémentaires, zweeten an drëtte Pilier, si sensibel Amélioratiounen komm.

Des Weideren ass insistéiert ginn um Rentendéisch, dass missten, vu dass mer jo net d'Zäit hatten, fir alleguer déi néideg Sujeten am Fong ze traitéieren, Groupes de travail agesat ginn. An der Tëschenzäit fonctionnéiere schonn aktiv zwee Groupes de travail techniques, wat déi Groupes de travail sinn, déi sollen de Politiker an och de Syndikater an de Partenaires sociaux en général erlaben spéider Décisiounen ze huelen.

Deen éischte Groupe de travail ass dee vun der Individualisatioun vun den Droiten. Deen zweeten ass dee vun de Sources de financement, wou ech muss soen, dass elo schonn aktiv dru geschafft gëtt, fir eis Reserven op méi eng effizient Manéier ze placéieren, fir de Rendement ze verbessern. Duerno wäerte mer op alle Fall direkt d'Problematik attackéiere vun de Sources alternatives et complémentaires de financement, wou ech iwwerzeegt sinn, dass dat ganz viles ka bréngen. Finalement, en drëtte Groupe de travail, dee mer musse schaffen, ass dee vun der Carrière dynamique. Och dat wäerte mer, esou wéi mer dat zäitlech fäerdeg bréngen, esou schnell wéi méiglech an d'Weeër leeden.

Ech wëllt ofschléissend, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach just iwwert d'Entrée en vigueur vun deene verschiddene Mesurë schwätzen. Dir wësst alleguer, dass déi Mesuren all retroaktiv op den 1. März ausbezuelet ginn. An der Sécurité sociale wäerte mer à même sinn, dass mer scho kënnen elo am Juni déi meeschte Mesuren op där neier Basis ausbezuelen an dat retroaktiv op den 1. März. Beträff dovunner ass selbstverständlech den Ensemble vun de Majorations proportionnelles et forfaitaires, d'selwecht wéi och d'Pension minimum an déi Dispositions anticumules beim Conjoint survivant a bei den Orphelins.

Do wou mer nach net grad esou wäit sinn, dat ass mam System vun den 93 Punkten, well mer do effectivement op d'Programmation ugewise sinn an och d'Extension vun de Babyjoren op d'Naissance vu virum 1. Januar 1988, wat mer awer net schéngt esou schlëmm ze sinn, well bei deenen Dammen, déi d'Pension schonn hunn, ass gesot ginn, dass déi de Forfait d'éducation kréien, an déi aner wäerten de Moment nach net a Pension sinn.

Ech wëllt awer och drop hiweisen, dass, wann d'Leit elo am Juni déi nei Ausbezuelunge kréien, se wäerten, wéi den Här Glesener et gesot huet, e bësse konfus sinn, well se éischstens emol eng Augmentatioun vun der Rent kréien, zweetens och nach eng retroaktiv Augmentatioun op den 1. März an drëttens eng Indexbranche derbäi. Ech

wëll awer nach eng Kéier betounen, dass déi Leit selbstverständlech d'Allocation de fin d'année net kënnen elo scho kréien, dass déi eréischt kann um Joresenn ausbezuelet ginn, eng Allocation de fin d'année, déi ganz besonnesch wichteg ass fir déi kleng Renten. Dofir wollt ech alleguer d'Leit drop hiweisen, dass, wa se elo déi nei Rente kréien, dat net alles ass, mä dass am Dezember op alle Fall nach eng sensibel Augmentatioun, eng Prime unique, wäert dobäikommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren déi puer Saachen, déi ech lech wollt haut matdeelen. Ech si frou, dass mer et fäerdeg bruecht hunn, fir am Consensus général déi dote wichteg Reform virzehuelen. Ech si frou am Intérêt vu sämtleche Rentner. Ech sinn awer och frou am Numm vun der Politik, déi bewisen huet, dass, wann et tatsächlech drëm geet, mer bei all deene Saachen, déi ons differenzéieren, trotzdeem entscheidend kënnen zesummen halen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als lescht huet d'Familljeministesch, d'Mme Marie-Josée Jacobs, d'Wuert.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert mer Méi ginn, fir d'selwecht wéi elo de Kolleg Carlo Wagner op eng sachlech Aart a Weis eng Partie vun deenen Erklärungen ze ginn an ze soen, wéi mer eis dat virstelle mat deem Forfait d'éducation an och mat deene Moosnamen, déi beim RMG virgesi sinn.

Mir hunn de Mëtteg vun deene verschiddene Riednerinnen a Riedner hei héieren op der Tribün, wat deenen eenzelne Parteien hir Meenung dozou ass. Ech mengen duerfir net, dass et néideg, dass ech nach eng Kéier op déi politesch Kontroverse vun deenen engen oder deenen aneren aginn. Ech géing virun allem och wëllen dem President an dem Rapporteur Niki Bettendorf merci soen a selbstverständlech och dem Jean-Marie Halsdorf, fir déi wichteg an néideg Aarbecht, déi se gemaach hunn zesumme mat deenen anere Memberen an där Kommissioun, wou et heiansdo e bësselche méi kontrovers hiergaangen ass, mä wat awer ëmmer konstruktiv war a wou op ville Punkte Verbesserunge gemaach gi sinn. Ech fannen net, dass dat eng Onéier ass, dass, wann een aneren eng gutt Iddi huet, een déi dann iwwerhëlt.

Dat wat een e bësselche gewonnert huet - mech huet et eigentlech erënnert un dee Schlager, an déi vun lech, déi aus menger Zäit sinn, déi wësse sech dorun ze erënnern, " ..., denn erstens kommt es anders und zweitens als man denkt" ...

**Une voix.-** Da sangt dat emol!

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-** Oh neen, da géingt Der direkt fortlafen.

**(Hilarité)**

Ech ka schrecklech schlecht sängen. Ech géing esou gäre gutt kënne sängen, mä dat geet awer net.

Iwwert d'Renten ass no dem Rentendësch eigentlech manner diskutéiert ginn. Haaptthema war ouni Zweifel déi Erzéiungszoulag, déi 3.000 Frang. Ech mengen och, datt d'Proposition de loi vum Här Lux, déi en anere Wee geet wéi deen, deen d'Majoritéit an d'Regierung hei proposéiert, déi vun eis als Regierung net ugehall gouf, well mer gemengt hunn, se géing nei Ongerechtegkeete schafen. Et kann een dat natierlech och anescht gesinn, mä, wéi gesot, et ass awer déi Proposition zu där mer stinn an och stoe bleiwen, well et eis drëm geet fir d'Erzéiungsaarbecht eng Kéier vu jiddfer Fra oder Mann, deemno wéi et ass, unzeerkennen, awer nëmmen eng Kéier an net zwee Mol.

Et ass eng nei Leeschtung, déi der Situatioun vu ville Frae vu virun 1988 Rechnung dréit. Et ass och eng Leeschtung, déi nëmmen zur Uwendung kënnt, wa keng aner Méiglechkeet besteet iwwer Babyjoren oder Erzéiungsjoren. Eng eege Rent ass ëmmer méi interessant a besser - den Här Weiler huet e Beispill hei den Owend zitéiert - wéi déi 75 Euro oder 76,13 Euro, wéi den aktuelle Stand vun deenen neien ajustéierte Moosnamen dat ausmaachen. Am Interesse vun de Fraen huet d'Regierung ëmmer gesot, datt d'Babyjore prioritär anzesetze si virun der Erzéiungszoulag. Mir bleiwen also an där konsequenter Linn vum Opbau vun eegene Rente fir d'Fraen. Et ass kee Réckschrëtt vis-à-vis vun der Individualiséierung a virun deene Beméiungen aus deene leschte Rentereformen an de Verbesserungen, déi do fir d'Frae virgesi sinn.

Ech sinn awer och ganz frou, als Fraeministesche, iwwert déi aner Verbesserungen, déi besonnesch fir d'Fraen an där Rentereform virgesi sinn. Ech denken un d'Anticumulbestëmmungen, déi gelockert gi bei de Witwen- an de Waiserenten. Ech denken un d'Erhéijung vun de Mindestrenten a besonnesch och un d'Erhéijung vun der Majoration forfaitaire, wou besonnesch eben déi kleng Renten drënner falen. Kleng Rente kréie vill Fraen duerch onvollstänneg Carriären a virun allem och duerch méi kleng Paien.

Deen allerwichtigste Punkt ass awer ouni Zweifel d'Ausdehnung vun de Babyjore fir Kanner, déi virun 1988 gebuere goufen a wou d'Mammen nach net an der Pensoun sinn. Dës Erweiterung ass e wichtege Schrëtt um Wee vu ville Fraen, fir eng eege Rent ze kréien. Mir hunn d'Chance, dass eis finanziell Mëttelen am Budget eis et erlaben, dass och déi Fraen, déi virun 1988 Kanner kritt hunn, an de Genoss vun de Babyjore kommen. An der Vergaangenheet ass doriwwer bei deene verschiddene Rentereformen ëmmer erëm diskutéiert ginn, mä et ass um Mangel vum Geld gescheitert. Et ass och net de schlechte Wëllen, deen do gewiescht war, oder d'Reckstännegkeet vun den Astellungen, mä, wéi gesot, d'finanziell Mëttel hunn et eben déi Zäit net ausgewisen.

Dat ass eng Moosnam, déi jo ganz op de Statsbudget geet, d'selwecht wéi de Forfait d'éducation. Fir de Fraen, déi manner verdéngen, deeselwechten Ausgläich ze ginn, si mer op anerhalfe Mol de Mindestloun eropgaangen, fir datt och si op déi 3.000 Frang kommen. Ech denken och, dass déi Moosnam wichteg ass. Den Här Bettendorf huet mech gefrot, wéi et wier mat Leit, déi Zwillingen hätten oder méi Kanner hätten, déi kleng wieren. Do stelle mer d'Gerechtegkeet doduerch hier, datt mer de Montant verduebelen oder verdräifachen, deen d'Kanner géinge kréien: Bei 1,5 Mol zum Beispill mécht dat 2.049 Euro aus, sou datt mer dann op 4.089 Euro géifen eropgoen, wat also eng Unerkennung ass an een d'selwecht och behandelt wéi deen aneren. Och dat, mengen ech, ass wichteg, well doriwwer nach vill Onklarheete waren.

Och d'Referenzzeit hu mer vun dräi op sechs Joer eropgesat. Och dat ass eppes wat komplizéiert ass fir ze erklären. Mir hunn awer gemengt, well elo huet een ëmmer mussen ee Joer nach cotiséiert hunn an deene leschten dräi Joer, fir d'Babyjoren ugerechent ze kréien. Mir hunn déi Zäit op sechs Joer eropgesat, fir och domadder Leit, déi méi spët nach ee Kand kritt hunn oder vläicht erëm zrëck op den Aarbechtsmaart waren, trotzdeem et awer och ze erméiglechen, fir dovunner kënnen ze profitéieren.

Fir d'Babyjore vu virun 1988 gëtt de Minimum agesat vun 1,5 Mol de Mindestloun, mat Ausnahm wann ee ka beweisen, datt ee méi een héicht Akommes hat. De Stat bezuelt an Zukunft net méi d'Cotisationsen, mä e bezuelt den Ausgläich bei de Pensounen. Ech gesinn net, datt dat e Problem ass. D'Pensiounskeesse bleiwen och an der Zukunft zoustänneg fir d'Gestioun vun deene Babyjoren, an ob de Stat dann am Ufank oder am Schluss bezuelt, denken ech, spillt keng Roll.

Fir Fraen, wou d'Kanner virun 1988 gebuere goufen an nach net an der Pensoun sinn, ginn déi nei Modalitéiten vun de Babyjoren ugerechent. Fraen, déi an der Pensoun sinn an net vun de Babyjoren oder den Erzéiungszäite profitéiere konnten, hunn also d'Méiglechkeet, fir d'Erzéiungszoulag ze froen.

Der gesitt, dass mer eis beméit hunn a beméien, fir jiddfer Fra hir Erzéiungsaarbecht unzeerkennen, entweder iwwert d'Babyjoren, d'Erzéiungszäiten oder duerch d'Erzéiungszoulag. Dofir mengen ech och net, datt mer hei missten erëm eng Kéier dee leidleche Sträit ufänken, an ech ginn dem Här Lux Recht, datt wierklech keen dovun profitéiert huet, wa probéiert ginn ass, deen een oder deen aneren ze dividéieren. Dat ass effektiv nëmme just negativ fir jiddferen.

Ech sinn iwwerzeegt dovun, datt an Zukunft keng Fra wäert ophale mat schaffe mat der Expectative, datt se mat 60 Joer 75 Euro de Mount géing kréie fir hiert Kand. Et ass eng Moosnam, déi mer wierklech gemaach hunn, fir deene Fraen, déi zu enger Zäit hir Kanner kritt hunn, an déi bis haut nach ni eppes kritt hunn, hir Aarbecht

unzeerkennen. Ech mengen net, datt et eppes ass, wou duerch an der Zukunft d'Liewensbiller vun de Fraen, déi haut anescht si wéi viru 50 Joer, sech änneren, esou dass se wäerten ophale mat schaffen a soen: "Mir kréie jo da vläicht eng Kéier mat 60 Joer déi 75 oder 76 Euro."

Wien a wéini kritt een elo déi Erzéiungszoulag? Mä déi kritt deen Elterendeel, dee sech effektiv oder haaptberufflech ëm d'Erzéiung vu sengem Kand gekëmmert huet, engt eege Kand oder och engt adoptéiert Kand. D'Eltere mussen zu Lëtzebuerg liewen dee Moment, wou d'Kand gebuere gëtt. Eng Ausnahm sinn awer zum Beispill Leit, déi an der Ëmsiddlung waren, well mer dat ugesinn als e Cas de force majeure. Mir hunn och festgestallt, datt mer der Bezeechnung vu Papp oder Mamm verschidde Fäll net ofgedeckt wieren, an duerfir ware mer och domat d'accord fir een Amendement ze maachen an ze soen: Déi Persoun, déi sech amplaz vum Papp oder der Mamm ëm d'Kand gekëmmert huet, ob dat dann eng Tatta ass oder ob dat vläicht eng Stëfmamm ass oder wien och ëmmer déi Aufgab iwwerholl huet.

Wann ee Partner a senger Rent ewell d'Kannererzéiung ugerechent kritt huet als Baby- oder als Erzéiungszäiten, dann ass selbstverständlech déi Erzéiungszoulag net geschëld. Mir hunn den Alter op 60 Joer erofgesat, obscho mer am Ufank 65 Joer dra stoen haten a mer gesot hunn: "Dat ass den offiziellen Datum fir an d'Pensioun ze goen", ass mat ville Mëttele probéiert ginn ze beweisen, datt dat awer eng Ongerechtegkeet da wier vis-à-vis vun deene Fraen, déi d'Erzéiungszoulag géinge kréien. Du ware mer d'accord, fir dat op 60 Joer erofzesetzen. Mir sinn ëmmer elo ganz flexibel doran.

Ech erënneren drun, datt mer d'Reckkafzäiten op 60 Joer haten, an du hu mer gesot kritt: "Dat ass net richtig. Dir musst op 65 Joer eropgoen, well soss eng Partie vu Fraen net géingen dorënner falen." Do hu mer 65 Joer geholl. Hei huele mer elo 60 Joer. Ech sinn dovun iwwerzeegt, wa mer eng aner Kéier eppes anescht maachen, dann huele mer erëm eng aner Zäit. Mir sinn also ganz flexibel, wann et ëm den Interesse vun de Leit geet.

D'Erzéiungszoulag ass also ronn 76 Euro dese Moment pro Kand a pro Mount. Si gëtt ajustéiert an och un den Index ugebonnen. Virgëschter hate mer hei eng Diskussioun iwwert d'Sozialabgaben an d'Steieren an och do hu mer déi richtig Weeër fonnt, esou datt mer glécklecherweis net hu brauchen dee Projet oder deen doten Deel erauszehuelen, esou datt dat och geregelt ass. Dat mécht ongeféier 1,94 Euro pro Mount aus, déi d'Leit ofgehalen kréien, fir awer domat déiselwecht Gläichstellung ze schafe wéi vis-à-vis vun de Renten. Wann am Artikel V d'Erzéiungszäiten ugerechent goufen, fir eng Mindestpensioun ze kréien, da kann een net och nach zousätzlech d'Erzéiungszoulag kréien.

Bei dem RMG ass et esou, datt d'Erzéiungszoulag als Revenu de remplacement ugesi gëtt, an ech mengen,

datt déi Leit aus dem ADR Onrecht hätten, datt se dat wëllten ofschafen, well da fält d'Immunisatioun ewech an da kommen d'Leit méi schlecht ewech wéi se bis elo ewechkommen ënnert deem jëtzege Regime, well mer jo am RMG de Revenu de remplacement op 30% immuniséieren. Wa mer also dat dote voll urechnen an et gëtt net immuniséiert, da komme se an der Proposition vum ADR méi schlecht ewech, wéi bei eiser Proposition.

Een, deen eng auslännesch Leeschtung vun deser Kategorie kritt, dee kritt d'Erzéiungszoulag suspendéiert. Leit, déi an engem internationalen Organismus mat engem eegene ...

### (Interruption)

Jo, dat haten der gëschter och ewell hei gemengt. Et war awer net wouer.

..., déi an engem internationalen Organismus mat engem eegene Statut sinn, kréien d'Erzéiungszoulag och net. Am Fall wou d'Eltere sech net eeneg driwwer sinn, wien d'Erzéiungszoulag zegutt huet, kritt dee se, deen d'Kanner am längsten erzunn huet. Et kritt een och ëmmer eng ganz Erzéiungszoulag, a mir ginn net ufänken opzedeelen, datt dann deen ee vläicht 20 an deen anere 55 Euro géng kréien.

D'Erzéiungszoulag gëtt iwwert de Statsbudget bezuelt. D'Gestioun mécht de Fonds national de solidarité. Mir wäerten an deenen nächste Wochen - dat ass hei gesot ginn - deene Leit, déi a Fro kommen, Bréiwer eraus-schécken, wou mer e bëssen explizéieren, wat datt dat ass. Mir rechnen ongeféier, datt 30 bis 35 Dausend Leit esou eng Demande wäerte kënne stellen. Een, deen awer mengt, an dee kee Bréif kritt huet, hie géif awer drënner falen, dee ka sech selbstverständlech dee Formulaire beim Fong nofroen. Et muss een och déi Informatiounen dem Fong ginn, déi e brauch, fir dat kënnen ze maachen, d'selwecht wéi och déi aner Organismen a Verwaltungen vum Stat, fir datt dat och ënnert deene geregelte Forme ka vir sech goen.

D'Erzéiungszoulag gëtt pro Mount ausbezuelte a si gëtt virbezuelte a wéi gesot och integral, wa se geschëld ass. Den 1. Juli trëtt dat a Kraaft. Mir hunn de Mëtteg des Öfteren héieren, datt mer net dat elo kënnen op den 1. Juli selwer ausbezuelen. Mir musse Computerprogrammer kréien an och déi vill Demanden, déi erausgeschéckt ginn, musse jo herno erëm beschafft ginn, sou datt mer awer rechnen domat, datt et bis zum Enn vum Joer gëtt bis dat kann nobezuelte ginn. Wéi gesot, et gëtt alles nobezuelte, mä et ass einfach eng Fro, dass d'Leit sech e bësselche musse gedéllegen. Mir hunn och virgesi fënnef Leit anzustellen am Fonds national de solidarité, fir datt dat méiglechst séier ka funktionnéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, nach e puer Wieder iwwert d'Verbesserungen vum RMG. Dir wësst, dass an der Regierungserklärung haaptsächlech dra stung, datt



d'Hongerrente misste verschwannen. Du hu mer ganz séier gesinn, datt dee Problem net ze léise wier iwwert d'Pensiounskeessen, mä datt dat éischter ze léise wier iwwert de Wee vum RMG. Hongerrenten hunn effektiv vill Fraen duerch onkomplett Carrièren oder kleng Paien an domat och wéineg Cotisatiounen abezuelt hunn. Eege Rente sinn ouni Zweifel wichteg, mä et muss een dann awer och kucken, datt eng ganz Partie aner Konditiounen an der Zukunft och nach erfüllt bleiwen.

Ech denken, datt mer hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer Ënnerscheeder am Loun hu fir eng gläich Aarbecht. D'Deelzäitaarbecht, déi vill méi vu Frae gemaach gëtt wéi vu Männer, well d'Männer manner op hir voll Carrière verzichte wéi d'Fraen. Mir brauchen eng besser Opdeelung vun de Familljechargen zwëschent Mann a Fra. Mir müssen endlech eng Regelung kréien am Fall vun enger Scheedung, well effektiv, do ass guer keen Zweifel drun, ginn et vill Fraen, déi am Alter schlecht dru sinn. Et muss een also kucken, datt déi Garde d'enfants ordentlech organiséiert ass, datt mer d'Zréckkommen an de Beruff besser maache wéi mer dat bis haut maachen, fir datt dann och déi Individualiséierung ka geschéien, ouni datt et dann herno ëmmer nach d'Frae sinn, déi déi klengste Renten hunn.

Esou laang wéi d'Iwwerliwensrente méi héich si wéi vill eege Fraerenten, gesinn ech net an, firwat datt een déi soll ofschafen, well mir sollen de Frae keng Rechter ewechhuele goen, déi mer och soss kengem ewechhuelen. Ech sinn och iwwerzeegt, datt den Aarbechtsgrupp "individualisation" zu ähnleche Resultater kënn, a wou an där doten Diskussioun et och keen Tabuthema duerf sinn, weder wat méi kleng Léin ubelaangt, wéi d'Anticumulbestëmmungen oder aner Themen, déi haut ewell hei ugesprach goufen oder och net.

An all Regierung ass bis haut weinstens eng Kéier eng Rentereform gemaach ginn a viles ass verbessert ginn, besonnesch wat d'Fraen an deene leschten 20 Joer ubelaangt. Mir brauchen eis alleguerten dofir net ze schummen, mä mir wëssen awer och, datt nach Verbesserung méiglech an och néideg sinn.

Et ass keng Onéier fir Gesetzter ze veränneren, wann ee gesäit, dass Verbesserung méiglech oder néideg sinn. Dat zielt esou fir d'Rente wéi fir d'Erzéiungszoulag. A wann ee gesäit, dass nach Problemer an Ongerechtekeete bestoe bliwwen sinn, da kënnen déi allzäit verbessert ginn.

Ee Gesetz, wat mer bal all Joer changéieren, dat ass dat vum RMG. Wéi gesot woren all Partner um Rentendéisch d'accord mat de Propositionen déi mir vum Familljeministère aus gemaach hu fir Verbesserungen, souguer d'Patronat.

Éischters proposéiere mer der Chamber fir jiddferengem, deen eng Rent huet oder enger Aarbechtsmoosnam am Kader vum RMG noheet, eng Immunisatioun vun 20 op

30%. D'Leit behalen also 10% vun hirem Akommes méi wéi bis elo. Ech wëll lech just ee Beispill soen, fir dass een et besser versteet: E Stot mat zwee Erwuessenen huet eng Rent vun 870 Euro, wat 35.000 där aler Frangen ausmécht. Den RMG fir zwee Leit ass 1.380 Euro oder 55.610 Frang. Mat der Immunisatioun op 30% mécht dat 413 Euro oder 16.683 Frang aus.

De Plaffong vum RMG ass 1.380 minus d'Rent vun 870 a plus d'Immunisatioun - dat ass alles komplizéiert, ech ginn et gären zou - dat féiert derzou, dass mer e Complément kréie vun 924 Euro. Dat wat interessant a wichteg ass, dat ass, dass déi zwee Leit an deem neie Regime zu zwee 1.794 Euro zegutt hunn oder 72.293 Frang. Et gesäit een, dass et e groussen Ënnerschied ass vis-à-vis vun deem, wat fréier méiglech wor. Opgrond vun där Immunisatioun vun där mer elo geschwat hunn, kommen d'Leit wierklech vill besser ewech.

Zweetens behale mer zwar de Prinzip vun der Obligation alimentaire bäi, mä mir maachen awer de Krees méi kleng. Hei schloe mer vir, dass Persounen, déi méi wéi 30 Joer al sinn, net méi müssen d'Alimenter bei hir Eltere froe goen, mä dass se mat 30 Joer kënnen direkt an de Genoss vun dem RGM kommen.

Dréttens wosst Der, dass déi eeler Leit ëmmer relativ zréckhalend wore vis-à-vis vun deem Complément vum RMG, well se ëmmer gefaart hunn, wéi se sech ausgedréckt hunn: De Fong kënn herno de Kanner eist Haus huelen. Dat ass ongeféier déi Ausso, déi ëmmer gemaach gouf. Dofir hu mer déi Tauxen an d'Luucht gesat op 7,5 Milliounen där aler Frangen, respektiv op 29.747 Euro, Index 100 an der direkter Nofolleg. Bei den Tattaen an de Monnien, wéi bei mir, spillt dat beim Haus selbstverständlech net, mä bei deenen, déi an der direkter Nofolleg sinn, do gëtt op dee Montant immuniséiert.

Wéi komme mer op deen do Chiffer? Mä well dat ongeféier de Präis vun engem Haus beim Fonds du Logement duerstelt.

Eng aner Neierung ass, dass mer net méi kucken, ob déi Ierfschaft en Haus ass oder ob dat e Quartier ass oder ob dat Geld ass, d'Ierfschaft ass 7,5 Milliounen, onofhängeg vun deem, wat do ass. Esou laang wéi ee Partner oder ee vun den Direktierwen nach am Haus wunnt, kann de Fong seng Rechter op Zréckbezuelen net geltend maachen, weder wat den Immeuble nach wat de Mobilier ubelaangt. Eng Hypothék gëtt awer ageschriwwen, fir dem Fong d'Méiglechkeet se ginn, fir herno kënnen seng Rechter anzekloen.

Eng Partie technesch Regruppementer si gemaach ginn, fir deen Text méi einfach ze maachen. Ech hoffe virun allem, dass duerch d'Eropsetze vun der Immunisatioun, duerch d'Eropsetze vun den Tauxë bei der Ierfschaft an net zulescht och duerch d'Ausbezuere vun der Erzéiungszoulag iwwert de Fong, vill vun deene Préjugéë vis-à-vis

vun de Leeschtunge vum Fonds national de Solidarité kënnen aus der Welt geschaaft ginn.

De Fong ass een Organismus, dee gutt funktionnéiert, an deem seng Aufgaben an deene leschte Joren ëmmer méi grouss gi sinn duerch déi Changementer vun dem RMG, duerch d'Ausbezuule vun dem Heizkostenzuschuss, an ech hoffen, dass mat deem zousätzleche Personal, wat mer do astellen, och an deenen nächste Joren déi Aarbecht grad esou gutt gemaach gëtt a mat deemselwechten Engagement.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing lech nach eng Kéier alleguer merci soe fir déi Zesummenaarbecht, déi mer haten, an hoffe mat dësem Gesetz virun allem enger ganzer Rei vu Leit, déi et wierklech néideg hunn, ze hëllefen.

Merci villmools.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4887a stëmmen driwwer of.

#### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen I an II si gelies an ugeholl.

Den Artikel III ass gelies.

Zum Artikel III si mer mat zwee Amendementer vum ADR befaasst. Den Amendement 1 freet, dass den Absatz 5 vum Artikel III soll gestrach ginn. De Vote électronique ass verlaangt.

#### **Vote**

Déi fir den Amendement 1 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

Den Amendement 1 ass mat 34 Stëmme géint aacht mat 16 Enthaltungen verworfen.

*Ont voté oui:* MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aloyse Bisdorff.

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

*Se sont abtenus:* MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Den Amendement 2 freet, dass den Absatz 6 vum Artikel III soll gestrach ginn. De Vote électronique ass verlaangt.

#### **Vote**

Déi fir den Amendement 2 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

Den Amendement 2 ass mat 34 Stëmme géint aacht mat 15 Enthaltungen verworfen.

*Ont voté oui:* MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aloyse Bisdorff.

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Norbert Hauptert), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Marco Schroell), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

*Se sont abtenus:* MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Den Här Bausch huet d'Wuert fir d'Abstentioun vu senger Fraktioun ze begrënnen.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, mir hunn zwar engersäits Verständnis fir d'Argumentatioun vun dem ADR par rapport zu deenen Amendementer, anerersäits si mir souwéiso fir d'Sträichung vun deem gesamten Artikel III an dofir enthalen mer eis bei deenen zwee Amendementer zum Artikel III.

**M. le Président.-** Op Antrag vun de Fraktiounen vun deene Gréngen a vun der LSAP stëmme mer par division iwwert den Artikel III of.

Mir stëmmen driwwer of, ob mer fir de Virschlag vun der Kommissioun sinn, dass den Artikel III bestoe bleift oder wéi d'Fraktiounen vun deene Gréngen a vun der LSAP et froen, den Artikel III ofgeschafft gëtt.

### **Vote par division sur l'article III**

Déi fir den Artikel III sinn an där Form, wéi e vun der Kommissioun virgeschloe gëtt, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

Den Artikel III ass mat 41 Stëmme géint 18 an där Form ugehol. Wéi e vun der Kommissioun virgeschloe gëtt.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Ady Jung), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

*Ont voté non:* MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagoner;

M. Aloyse Bisdorff.

Den Artikel III ass ugehol.

D'Artikle IV bis XI si gelies an ugehol.

Mir maachen de Vote vum gesamte Projet de loi 4887.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 59 Stëmmen ugehol.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco

Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss et Mme Renée Wagoner;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

### **(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zu de Motiounen. D'Motioun si schonn explizéiert ginn, esou dass mer direkt kënnen zur Ofstëmmung iwwergoen. D'Motioun 1 ass vum Här Gibéryen abruecht ginn.

D'Wuert huet den Här Bausch.

### **Motion 1**

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt soen, dass mir als gréng Fraktioun d'Motioun 1 selbstverständlech stëmmen an zwar aus méi Grënn, ënner anerem fanne mer et immens geféierlech, dass bei der Fonction publique am neie Regime déi 8%, déi d'Fonctionnaire bezuelen, einfach esou an de Statsbudget fléissen, ouni dass laangfristeg gesinn ee weess, wat de Stat mat deene Sue mécht.

Et ass eng immens geféierlech Logik och fir d'Fonctionnaire selwer. Et wär wierklech an hirem eegenen Intérêt, dass endlech eng Keess fir d'Fonctionnaire geschafe géif ginn. Aus deem Grond fanne mir d'Motioun 1 ganz richtig a wäerten dofir stëmmen.

**M. le Président.**- Mir maachen de Vote.

### **Vote**

Déi fir d'Motioun 1 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun 1 ass mat 46 Stëmme géint eelef verworf.

*Ont voté oui:* MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

M. Aloyse Bisdorff.

## Motion 2

Mir kommen zur Motioun 2.

D'Motioun ass explizéiert ginn a läit jidderengem schrëftlech vir, esou dass mer direkt kënnen zur Ofstëmmung iwwergoen.

## Vote

Déi fir d'Motioun 2 sinn, stëmme Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 45 Stëmme géint 13 verworf.

*Ont voté oui:* MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Jean Spautz.

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Ady Jung), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

M. Aloyse Bisdorff.

Da komme mer zur Motioun 3 iwwert d'Ofschafe vum Régime transitoire am öffentlechen Dénsgscht.

## Motion 3

## Vote

Déi fir d'Motioun sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 3 ass mat 51 Stëmme géint siwe verworf.

*Ont voté oui:* MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 22.48 heures)**